


# INFO BLAT

08 18

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNGE
VUM 12. SEPTEMBER 2018
A VUM 17. OKTOBER 2018




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT .08 18


**COMPTE-RENDU DU 12 SEPTEMBRE 2018**

4–56

**COMPTE-RENDU DU 17 OCTOBRE 2018**

57–87



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE 10 000** exemplaires

© Photos Couverture: Rita Noël

**INFOBLAT,** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 08/2018,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL
# MERCREDI 12 SEPTEMBRE 2018

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Fred Bertinelli (LSAP)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communication du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Projets communaux:**
    a. Campus scolaire Niederkorn — mise en place d'une chaudière à pellets de bois et réseau de chauffage urbain — devis, article budgétaire 4/910/222100/15007;
    b. Décomptes de trois projets communaux.
3. **Plans directeurs sectoriels «Transports», «Logement», «Zones d'activités économiques» et «Paysages» — avis.**
4. **Projet de règlement grand-ducal déclarant zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle la zone Kiemerchen/Scheiergronn/Groussbësch sise sur le territoire des communes de Differdange et Sanem — avis.**
5. **Finances communales:**
    a. Première modification ordinaire de l'exercice 2018;
    b. Diverses augmentations/diminutions de crédits extraordinaires.
6. **Actes et conventions:**
    a. Acte de transfert du patrimoine professionnel en faveur de la SARL Transports Fernandez dans la zone d'activités Haneboesch;
    b. Compromis de vente avec la Banque internationale à Luxembourg pour l'acquisition d'un bâtiment à usage mixte sis dans l'avenue de la Liberté à Differdange;
    c. Compromis de vente avec la SCI Des Carrières pour l'acquisition de plusieurs parcelles d'une superficie totale de 65,93 ha situées sur le territoire de la commune de Saulnes (F);
    d. Convention entre les communes de Pétange et Differdange et l'ASBL Fond-de-Gras, parc industriel et ferroviaire;
    e. Contrat de bail et avenants au 1535° creative hub.
7. **Organigramme du personnel communal — adaptation.**
8. **Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.**
9. **Changements au sein des commissions consultatives.**

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance du 12 septembre. Il excuse M. Bertinelli et présente un nouveau collaborateur, M. Jean-François Leblond. Il travaille au secrétariat.*
*(Interruption)*
*Roberto Traversini constate qu'il est assis dans un coin derrière. Il va soutenir le secrétaire communal.*
*Le bourgmestre cède la parole à M. Ulveling pour une communication.*

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce que le budget prévu pour le hall polyvalent d'Oberkorn s'avère largement insuffisant. Actuellement, la somme de 1 051 000 € a été atteinte. L'augmentation est due au fait que les soumissions ont finalement dépassé de 30 % ce qui était prévu.*
*La transformation de la cuisine a couté 28 000 € de plus que prévu. Le capteur pour le toit plat coute 14 000 €, la paroi berlinoise 100 000 €, les frais de PAP 41 000 € et le doublage acoustique 150 000 €. Les travaux de parachèvement coutent 30 % de plus. En tout, cela représente 720 000 €.*
*La deuxième communication concerne la maison relais d'Oberkorn. Les couts ont augmenté de 750 000 €. Lors de la prochaine séance du collège échevinal, il sera question de la mise en conformité du site pour 1,2 million d'euros. En tout, le projet coutera donc deux-millions d'euros de plus que prévu. Tom Ulveling tenait à informer le conseil communal de ces augmentations, car il avait promis de le faire.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux réclamations des habitants quand ils ont appris qu'ArcelorMittal voulait incinérer des pneus.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que ce commodo est particulier puisque 482 personnes ont réclamé. Dix personnes se sont même rendues au service écologique pour demander des informations.*
*Un rapport a été rédigé pour chaque réclamation. La plupart des gens craignent qu'à côté du caoutchouc, d'autres composants puis-*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moie fir eis Sëtzung vum 12. September. Ech wëll als éischt den Här Bertinelli entschëllegen an iech matdeelen, dass mir en neie Mataarbechter hunn, den Här Jean-François Leblond, Jojo genannt. Hien huet viru Kuerzem am Sekretariat ugefaangen. Wann Der Maile kritt aus dem Sekretariat, da wësst Der Bescheed.

E sëtzt dohannen am Eck, hie wäert eisem Gemengesekretär hëllefen, ënner anerem.

Kommunikatiounen hu mer der zwou. Ech géif dem Här Ulveling Tom d'Wuert ginn. An et sinn e puer Froen ugemellt ginn. Déi stelle mer zum Schluss.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, Här Buergermeeschter, ech wollt Iech der Transparenz halber matdeelen, dass mer beim Hall polyvalent zu Uewerkuer staark iwwert deem leien, wat mer virgesinn haten.

Am Moment si mer bei 1.051.000 Euro. Déi fuerchtbar Präisdeierecht kënnt dohier, dass mer déi lescht Soumissiounen erëmkritt hu vun iwwer 30%. Déi méi deier waren, wéi dat wat virgesi war.

Ech kann Iech den Detail ginn. De Kichenëmbau wäert eng 28.000 Euro méi kaschten. De Sensor fir de Flaachdaach, dee mer brauchen, kascht 14.000 Euro. Mir mussen eng Paroi berlinoise bauen, fir de Fussballsterrain ofzestäipen. Déi net virgesi war beim Terrassement vun der Hal. Déi kascht 100.000 Euro.

Dann hu mer PAP-Käschten um ganze Site fir 41.000 Euro. En Doublage acoustique, dat ass eng Wand, déi muss baussen drop gesat gi wéinst dem Kaméidi. Wéinst dem Kommodo vun der ITM. Dat si Méikäschte vun 150.000 Euro.

An, wéi ech virdru gesot hunn, Haussen am Parachèvement vun iwwer 30%. Dat mécht zesumme bal 720.000 Euro aus. Ech wollt Iech dat soen, da wësst Der dat schonn elo.

Déi aner Saach ass d'Maison relais zu Uewerkuer. Am Moment si mer do bei enger Deierecht vu 750.000 Euro. Am nächste Conseil wäerte mer virschloen, dat aalt Gebai ze renovéieren, fir dass dee ganze Site konform ass. Do wäerte mer da bei 1,2 Milliounen Euro leien. Mä, wéi gesot, dat kënnt nach an de Conseil.

Soudass, wann een dee ganze Projet zesummerechent, dass ee mat zwou Milliounen Euro Méikäschte rechne muss.

Dat wollt ech Iech einfach elo scho soen, well ech et weess. A well ech gesot hunn, dass soubal ech eppes géif wëssen, géif ech Iech dat och matdeelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Dir wësst jo, datt e Kommodo gelaf ass iwwert d'Summerméint, datt ArcelorMittal wéilt Pneue verbrennen. An Dir hutt bestëmmt matkritt, datt ganz vill Leit reklaméiert hunn. De Schäfferot natierlech och. Den Här Liesch gëtt Iech d'Detailer, wou mer am Moment stinn. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Gudde Moien alleguerten. Ech wollt Iech iwwert dëse Kommodo méi detailléiert informéieren, well et fir eis en ongewéinleche Kommodo ass.

Gewéinlech kënnt bei Kommodoe mol déi eng oder aner Reklamatioune vu Concernéierten, mä hei hu mer e Kommodo, wou sech 482 Leit manifestéiert hunn. Zéng Leit si souguer laanschtkomm op de Büro vum Service écologique, fir Informatiounen ze froen a fir mëndlech géint dëse Projet ze reklaméieren.

Déi Reklamatioune sinn alleguerten opgeholl ginn, sou wéi dat an all Kommodo de Fall ass. An e klenge Rapport ass erstallt ginn iwwert den Inhalt vun de Reklamatiounen. Déi gréisste Saach, déi d'Leit bemängelen ass, dass se Angscht hunn, dass nieft dem Kautschuk, wat den Haaptbestanddeel vun de Pneuen ass, och en Deel mat ver-

brannt gëtt, wou een eigentlech net genau weess, wat do dran ass.

Dir wësst bestëmmt, dass d'Pneuenhiersteller e grousst Betribsgeheimnis draus maachen, wat se alles an hir Pneue bäimëschen, fir déi eng oder aner Qualitéit vu Kautschuk oder Pneu do erauszekréien. A wann een engem Betribsgeheimnis ënnerläit, da weess ee jo och net, wat herno do verbrennt gëtt.

Da kann een natierlech soen, dass dat prozentual wéineg ausmécht. Mä dat kënnen – ech soe kënnen, mussen net, awer kënnen – toxesch Stoffer sinn, déi och a klenge Quantitéite vläicht ganz bedenklech sinn.

An dat ass eng vun den Haaptsuerge vun de Leit, dass do ebe Saache mat verbrannt ginn, wou een net weess, wat et ass. Wou déi entspriechend Filteranlage jo dann net kënne genau dimensionéiert ginn.

Verschidde Leit hunn och déi Gerochsentwécklung kontestéiert, déi mer hei an der Gemeng déi lescht Méint kannt hunn. Ech mengen, dat hutt Dir bestëmmt och matkritt. Natierlech hate mer eng defavorabel Meteo-Situatioun, wou an deene leschte Méint quasi keng Loft hei am Bassin war. Wat bedéngt, dass all déi Saachen, déi aus dem Kamäin erauskomm sinn, an engem Ëmkrees vun e puer Honnert Meter erofgefall sinn an all Gerécher sech am Dall gesammelt hunn. Wouduerch d'Situatioun net besser gëtt.

Dat ass eppes, wat vill Leit reklaméiert hunn, dass et oft an deene leschte Méint hei zu Déifferdeng ganz schlecht geroch huet. Sou schlëmm, dass d'Leit souguer gesot hunn, si wéilten net méi dobausse sëtzen, mä léiwer dann am Summer dobanne sëtze mat de Fënsteren zou.

Eng Partie Leit hu sech Gedanke gemaach ëm hir Gesondheet. Well se soen, dat, wat an deene leschte Méint op hir Autoen a Gaardemiwwel erofgeriselt ass, huet een ageotemt. Dat läit och an de Gäert an op dem Geméis. Vill Froe si komm: Wat ass dat genau? A wann ech dat anootmen, ass dat toxesch oder net?

Vill Leit maache sech Gedanken, wéi een domadder muss ëmgoen. An ob een net sollt fir d'éischt emol kucken, datt déi Installatiounen, déi am Moment en cours si bei ArcelorMittal, awandfräi funktionéieren, ier een elo géif nach aner Saache mat verbrennen.

Deen een oder deen aneren huet och gefrot, wou dat alles géif stockéiert ginn. Et géif sech jo hei ëm ganz vill Pneuen handelen, déi incinéréiert ginn. Da bräicht een eng extra Plaz, wou esou grouss Quantitéite Pneue gelagert kéinte ginn. D'Fro war, ob déi Plaz schonn definéiert wär. An ob et sécher wär, dass do net awer erëm Saache kéinten an d'Grondwaasser kommen. Dat ware Froen, wou verschiddener sech awer gestallt hunn.

E puer Saache sinn erakomm, déi e bëssen hors sujet waren, wéi zum Beispill de Kaméidi. Wat e permanente Sujet ass, dass Leit reklaméieren, dass Kaméidi ass. Et kéint een elo soen, fréier ware mer alleguerte frou, wa Kaméidi war. Da wousst een, d'Produktioun leeft.

Haut ass et och méiglech, eng Produktioun esou ze maachen, dass een de Kaméidi am Grëff hält – ech wëll net soen, ewechkritt. Ech mengen, dat ass illusoresch fir ze soen, dass eng Schwéierindustrie matten an enger Stad wéi Déifferdeng kee Kaméidi mécht.

Mä do muss ech awer soen, dass mer déi lescht Méint mat ArcelorMittal reegelméisseg Kontakt haten, fir deem Kaméidi nozegoen. A si sech och do ganz vill Méi gemaach hunn a scho Mesurë geholl hunn. Also do muss ech se awer e bëssen a Schutz huelen. Do ware se ganz aktiv an eisem Service écologique, fir deem Kaméidi nozegoen. Well si oft selwer och net woussten, wou déi Sourcë waren. An do ware se ganz aktiv, fir deem entgéintzesteieren.

Wéi geet et elo virun? De Kommodo geet natierlech mat sämtleche Reklamatioune weider un déi zoustänneg Ministèren. Mir als Gemeng si jo elo net direkt kompetent, fir do eng Decisioun ze huelen. Dat ënnerläit de Ministèren. Mä mir ginn all déi Reklamatioune mat eisem Avis, deen de Chef vum Service écologique zesummegestallt huet, un déi zoustänneg Ministèrë weider.

*sent poser problème une fois brulés. En effet, les fabricants maintiennent le secret quant à la composition exacte des pneus. Par conséquent, ArcelorMittal ne peut pas savoir ce qu'il va bruler.*
*Bien entendu, on peut répondre que ces composants ne constituent qu'un petit pourcentage du pneu, mais s'il s'agit de substances toxiques, elles peuvent être dangereuses même en petites quantités.*
*Certains habitants se sont plaints des mauvaises odeurs présentes dans la commune ces derniers mois. Georges Liesch rappelle que la météo a été défavorable. Mais les réclamants ont préféré rester enfermés chez eux en plein été.*
*Certains craignent pour leur santé en voyant les particules qui se sont déposées sur leurs voitures et leurs meubles de jardin. En effet, ces poussières se trouvent aussi dans les jardins et les légumes. Une des questions consiste à savoir s'il ne faut pas d'abord s'assurer que les installations actuelles fonctionnent bien avant de commencer à bruler des pneus.*
*Plusieurs habitants ont également demandé où les pneus seraient stockés étant donné qu'il s'agit de quantités non négligeables. Il faudra aussi veiller à ce que les substances dégagées ne pénètrent pas dans la nappe phréatique.*
*D'autres ont réclamé à cause du bruit — ce qui est un peu hors sujet. À l'époque, on se réjouissait du bruit, car cela signifiait que la production était en cours. De nos jours, il est toutefois possible de maitriser les nuisances sonores. Cependant, il est illusoire de croire qu'une industrie lourde en pleine ville puisse ne pas faire de bruit. Par ailleurs, le collège échevinal a contacté ArcelorMittal à ce sujet et ils ont fait des efforts. Ils ont collaboré avec le service écologique pour trouver la source du bruit et intervenir.*
*Les réclamations vont être transmises aux ministères concernés. La commune n'est pas compétente.*

*Parallèlement à la procédure de commodo, la Ville de Differdange a aussi envoyé une lettre au directeur de l'usine concernant les poussières et les nuisances sonores. Le collège échevinal a rappelé notamment que le bourgmestre est responsable de la santé des habitants. C'est pourquoi des efforts sont absolument nécessaires pour améliorer la situation. Une copie de la lettre a été envoyée aux ministères concernés.*
*Le collège échevinal a déjà reçu une réponse, mais souhaite une entrevue pour aller au fond des choses.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *trouve normal que les citoyens se fassent du souci, car ils ne sont pas toujours au courant de ce qui se passe.*
*En revanche, il ne trouve pas normal que la commune ait déposé une opposition formelle. Après tout, il est question d'une entreprise industrielle de laquelle dépendent de nombreux emplois et autour de laquelle Differdange s'est développée. Elle fait partie de Differdange. C'est la raison pour laquelle la commune a toujours cherché le contact avec sa direction afin de résoudre les problèmes et fournir des explications à la population.*
*Erny Muller a lu plusieurs articles au sujet des pneus. Dans l'un d'entre eux, le collège échevinal s'est exprimé. Dans un autre, il y était question des avantages de l'utilisation de pneus. En effet, dans le cadre de l'économie circulaire, il faut bien se débarrasser des pneus produits au Luxembourg.*
*Pour ce qui est de la poussière, le problème est double. Si la commune interdit que les pneus soient brulés, cela ne changera rien au problème de la poussière.*
*En ce qui concerne les nuisances sonores, Erny Muller en subit personnellement les conséquences. Les gens se plaignent surtout du bruit la nuit.*
*M. Liesch a dit avoir contacté ArcelorMittal à plusieurs reprises. Il rappelle qu'il existe un comité d'accompagnement.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il s'agit d'un comité de pilotage.*

Parallel zu dësem Kommodo hu mer awer och dem Direkter vum Wierk e Bréif geschriwwe gehat, notamment wéinst deem Stëbs, dee mer festgestallt hunn an de leschte Méint. An och wéinst dem Kaméidi. Do hu mer, géif ech soen, e stramme Bréif geschriwwe gehat. Wou mer eis Doleancë ganz kloer gemaach hunn. Dass ënner anerem de Buergermeeschter zoustänneg ass fir d'Gesondheet vun de Matbierger hei zu Déifferdeng. An an deem Kontext se drop hiweisen, dass mer wäerte wierklech mussen Efforte maachen, fir déi Situatioun do definitiv ze verbesseren. Dee Bréif hu mer, parallel zu der Kommodoprozedur, an de Summerméint u si an natierlech och un déi zoustänneg Ministèrë geschéckt gehat.

Dorop hu se och scho geäntwert, mat e puer Äntwerten, déi awer nach net um Fong ukomm sinn. Wou mer nach eng Entrevue wëllen hunn, fir deene Saachen nach e bësse méi nozegoen. Déi Äntwerte sinn zum Deel e bësse flou.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Bei de Kommunikatiounen ass et jo net üüblech, doriwwer ze schwätzen. Mä ech fannen, datt dee Kommodo hei esou wichteg ass, datt mer roueg kënnen eng Ronn hei dréien.

Den Här Muller an den Här Ruckert hunn d'Wuert gefrot.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, Kolleeginnen a Kolleegen. Här Liesch, ech mengen, dass eis Bierger sech Gedanke maachen an opbruecht sinn – oft si se net en connaissance, wéi Der richteg gesot hutt, wat alles do leeft –, dat fannen ech ganz normal, dass een do sollt Bedenken hunn.

Wat ech net esou normal fannen, Dir hutt dat och haut net gesot: Dir hutt eng Opposition formelle agereecht. Schlussendlech geet et hei ëm eng Groussindustrie, wou eng Partie Aarbechtsplazen dru gebonne sinn. D'Stad huet sech am Fong ronderëm déi Schmelz entwéckelt. Mer versiche jorelaang schonn, mat där Situatioun ze liewen. Dat ass en Deel vun Déifferdeng.

An dofir hate mer jo ëmmer en intensive Kontakt, en Dialog mat deem Wierk, mat de Responsabele vun deem Wierk. Fir eventuell Problemer éischtens opzeklären. Dass d'Populatioun méi opgekläert gëtt, wat do richteg leeft. An zweetens, fir se dann och ze besäitegen, falls et der wierklech gëtt.

Ech mengen, Dir hutt elo erausghéieren, wéi ech dat am Ufank gesinn hunn. An ech hunn déi Zeitungsartikele gelies, wou Dir Är Aussoen do gemaach hutt. An et war och nach en anere ganz interessanten Zeitungsartikel an därselwechter Zeitung, wou iwwert déi ganz Problematik vun deem Pneuenasaz geschwat ginn ass.

Wou ee jo och e ganze Koup Virdeeler dra gesäit. Dir hutt et selwer gesot vun der Kreeslafwirtschaft. Wéi gi mer deene ville Pneue lass, déi mer all Joer hei zu Lëtzebuerg souguer produzéieren, déi an d'Ausland exportéiert ginn? Do geet och draus ervir, wéi se ukommen, wéi dat gelagert gëtt an esou weider.

Da gëtt et eng aner Saach, dat ass déi vun der Stëbsentwécklung. Dat hutt Der och richteg erkannt. Ech mengen, dat sinn zwee verschidde Problemer. Wa mir elo higinn a soen, mir ënnerbannen elo komplett déi Pneueverbrennung am Elektrouewen, dann hu mer deen anere Problem net geléist. Well dat ass eng ganz aner Quell, eng ganz aner Ursaach. An déi misst anescht bekämpft an ugepaakt ginn.

Da gëtt et och nach de Kaméidi, wat ech och verstinn. Ech si selwer ee vun deenen, dee ganz staark dovu betraff ass. Dass dat de Leit net gefält, haaptsächlech nuets, ass verständlech. Ech mengen, all déi Saachen do mussen ugepaakt ginn.

Dir hutt gesot, mir ware schonn ëfters mat de Leit vun ArcelorMittal zesummen. Ech wollt zréckkommen op dee berühmte Begleitcomité – wéi heescht deen?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Comité de pilotage.

**ERNY MULLER (LSAP):**

De Comité de pilotage iwwert déi dote Problematik. Et muss ee wëssen, dass Belval säit 2009 schonn d'Autorisatioun huet, fir d'Pneuen ze verbrennen. An déi hunn d'Ëmweltverwaltung an de responsabele Minister jo ginn. Dat war 2009. Elo kéint ee soen, mat der Zäit änneren d'Technologien, wéi Der gesot hutt.

Mä wat awer wichteg ass ze soen: Dee Comité de pilotage ass vertrueden aus Biergerinitiativen, der Ëmweltverwaltung, Spezialisten, Gemengen – mir op jidde Fall sinn an deem Comité de pilotage – a souguer dem Mouvement écologique. Also all déi Partner, déi eng Roll spillen an där doter Observatioun, wéi ech et emol nennen, ware mat um Dësch.

An dee Comité de Pilotage huet keng Bedenke gehat géint den Asaz vu Pneuen am Elektrostoluewen, steet an deem Artikel. A wouduerch? Majo do sinn d'Analysen, d'Wäerter, d'Miesswäerter alleguer gekuckt ginn. Et sinn och Observatioune gemaach ginn. Ech ginn dovun aus, dass souguer gekuckt ginn ass, ob et net richt. An nach aner Saache wéi, wou et gelagert gëtt an esou weider. Well dee Comité huet sech jo net nëmme beschränkt op Wäerter, déi se kritt hunn. Mä si sinn och op d'Plaz kucke gaangen.

Wou ech perséinlech, a mir als LSAP, Bedenken hunn: Souwäit meng Kenntnisser sinn, ass 2018 net ee Pneu am Elektrouewe verbrannt ginn, net een. An trotzdeem héiert een ëmmer erëm, datt Gestank ass. Majo dann ass eng aner Ursaach do. Ech mengen, da muss een där Saach op de Fong goen, well dann hu mer e weidere Problem. Well och da besteet dee Problem nach, wa mer dat hei elo maachen.

Duerfir hunn ech geduecht, wa mer eng Opposition formelle oder eng Oppositioun an iergendenger Form maachen, mer hätten et solle vläicht u Konditioune bannen. A soen, mir fuerderen dat an dat an dat. A wann déi Phas eriwwer ass, da soe mer, elo kënne mer dat do akzeptéieren oder net.

D'Informatioun vun der Populatioun ass natierlech immens wichteg. An der leschter Zäit huet déi net méi esou richteg stattfonnt. Ech wëll net nëmme soe vun eiser Säit, mä och vun de Stolpartner. An d'Leit fänken un – dat muss een och soen – ëmmer méi mësstrauesch ze ginn.

An duerfir sinn am Fong eis Servicer, de Service écologique oder anerer, déi d'Resultater kënnen interpretéieren, an d'Politiker do, fir dorop opzepassen, dass d'Liewensqualitéit an d'Gesondheet vun eise Leit erhale bleift.

Dat wollt ech zu deem Thema soen. Ech perséinlech wär frou gewiescht, wa mer et hätte kënnen u gewësse Konditioune bannen an net soen, mir sinn direkt dergéint. Well et jo och eng ganz Partie Virdeeler huet. Just well mer elo fäerten, politesch, dass esou vill Reklamante sinn. Mä déi Reklamanten, ech mengen, all deenen hir Bedenke si berechtegt, op allen Niveauen. An all déi Niveauen an déi Problemer mussen ugepaakt ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären. Merci fir d'éischt emol un den Här Liesch fir déi Informatiounen, déi en eis ginn huet. Leider muss ech soen, huet en déi scho virdrun enger Zeitung ginn, zum groussen Deel. An dat fannen ech net grad dee richtege Wee.

Dat gesot, mir hu misse feststellen, dass dee Kommodo – an dat ass an eisen Ae keen Zoufall – direkt wärend der Schoulvakanz gemaach ginn ass. Do ass wahrscheinlech drop spekuléiert ginn, dass dann d'Leit net esou opmierksam sinn. An dass dann och keng Stëmme géife kommen, déi sech dogéint géife wieren.

Well dat mat deene Pneueverbrennungen ass jo näischt Neits. Dat leeft schonn zënter Joren. Et ass een ni eppes richteg gewuer ginn. An elo soll dat an engem vill méi grousse Stil gemaach ginn.

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que le site de Belval dispose de l'autorisation de bruler les pneus depuis 2009.*
*C'est l'Administration de l'environnement qui l'a octroyée. Certes, la technologie a évolué depuis, mais le comité de pilotage est composé de citoyens, de l'Administration de l'environnement, de spécialistes, de communes et même du Mouvement écologique. Or ce comité de pilotage ne voit pas de problème à bruler les pneus dans les fours électriques de l'aciérie. Des analyses ont été effectuées – probablement aussi concernant les odeurs. Le comité s'est par ailleurs rendu sur place.*
*D'après ce que sait Erny Muller, pas un seul pneu n'a été brulé en 2018. Or les gens se plaignent malgré tout des odeurs. S'il existe un autre problème, il faut trouver lequel.*
*C'est pourquoi, si la commune veut déposer une opposition formelle, elle devrait y rattacher des conditions pour pouvoir juger par la suite si elles ont été remplies ou non.*
*Il est important d'informer la population. Or ces derniers temps, cela n'a pas été fait, ni par la commune ni par l'usine. C'est ce qui explique le manque de confiance. Or les services communaux et les hommes politiques sont là pour veiller à ce que la qualité de vie et la santé des citoyens soient assurées.*
*Erny Muller est d'avis qu'il aurait fallu élaborer des conditions avant de déposer une opposition formelle. Bruler des pneus a aussi des avantages. Mais d'un point de vue politique, autant de réclamants font peur. Par ailleurs, les réclamations sont fondées. Il faut donc essayer de résoudre les problèmes.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *remercie M. Liesch pour les informations. Malheureusement, il les a d'abord communiquées à un grand journal. Ce n'est pas la bonne façon de procéder.*
*Que le commodo ait été réalisé pendant les vacances d'été n'est pas un hasard. Il aurait dû y avoir moins de réclamants. Car bruler des pneus n'est pas nouveau. Mais on n'en parlait pas.*

*Quatre-cent-quatre-vingt-deux signatures ont été rassemblées. En effet, les communistes se sont rendus chez les habitants du quartier pour leur demander d'appuyer une opposition. En d'autres, termes, sans les communistes et sans les informations fournies par le service écologique, il n'y aurait pas eu autant de réclamations.*
*Ces signatures ne sont pas synonymes de protestation contre l'industrie de l'acier ou ArcelorMittal. Mais Ali Ruckert rappelle que l'Arbed, Arcelor et ArcelorMittal ont toujours recouru à des astuces pour ne pas installer les filtres adéquats et faire des économies. C'est pourquoi Differdange a des problèmes écologiques qu'il aurait été possible d'éviter grâce à des technologies modernes.*
*Les fours électriques de l'aciérie ont compliqué les choses. Car la ferraille qui y est jetée n'est pas propre. Et cela a des conséquences. Par ailleurs, ArcelorMittal spécule sur le fait qu'ils n'auront pas à se tenir aux mêmes conditions que le SIDOR par exemple. Autrement, il aurait suffi de vérifier si toutes les conditions sont remplies. Mais comme les grandes entreprises ont droit à des faveurs, elles n'ont pas besoin de se tenir à des conditions strictes.*
*On dit souvent que des contrôles et des analyses ont lieu. Mais Ali Ruckert se demande qui effectue ces analyses. N'est-ce pas par hasard une société dont ArcelorMittal est actionnaire? Si oui, elle leur fournit peut-être les analyses dont ils ont besoin. N'existe pas d'autres sociétés dans le pays?*
*Ali Ruckert se déclare satisfait de l'opposition formelle déposée par le collège échevinal. Il aurait cependant souhaité qu'il agisse de la sorte dans d'autres affaires aussi.*
*(Interruption de M. Liesch)*
*Ali Ruckert aurait également souhaité qu'une réunion d'urgence soit organisée comme dans d'autres cas, pour mener au préalable la discussion ayant lieu aujourd'hui.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*ne s'attendait pas à un débat puisqu'il devait s'agir d'une communication. Il faudrait mettre ce point à*

Ech wëll och soen, wéi déi 482 Ënnerschrëften zesummekomm sinn. Dat ass elo keen Zoufall, dass d'Leit dat op eemol gemierkt hunn. Mä als Kommunistesch Partei si mer, trotz der Vakanz, ganz geziilt bei d'Leit, déi an deem Quartier wunnen, higaangen an hu se gefrot, ob se net wéilten Oppositioun dergéint maachen. A mir hunn do Ënnerschrëfte gesammelt.

Dat heescht, wa mer déi Initiativ net geholl hätten – an ech wëll awer och nach eng Kéier dem Service écologique hei aus der Gemeng villmools Merci soen, well deen awer eng gutt Opklärung gemaach huet –, da wären déi Ënnerschrëften net zesummekomm. An dat wär natierlech bedauerlech. Mä wéi gesot, do ass drop spekuléiert ginn, dass Vakanz ass, dass d'Leit dat net esou matkréien.

Ech mengen net, dass dat elo e Protest wär géint d'Stolindustrie oder géint ArcelorMittal zu Déifferdeng. Mä ech wëll awer drun erënneren, dass nach ëmmer, wann eppes an der Schmelz geännert ginn ass, wann eng nei Anlag gebaut ginn ass, huet virdrun d'ARBED, duerno Arcelor an dann ArcelorMittal nach ëmmer mat Tricke geschafft, fir net déi richteg Filtere mussen anzebauen, well dat ze deier gi wär.

Well dat huet net zu hirem Invest gehéiert, dee si wollte maache fir d'Produktioun. An dat huet derzou gefouert, dass mer zu Déifferdeng ëmmer méi mat Ëmweltproblemer geplot gi sinn, obschonn et Technologië gi sinn, déi een hätt kéinten asetzen. Mä déi awer vill méi deier gi wären.

An dat huet sech natierlech verschlëmmert mam Elektrostolwierk. Well do ganz knaschtege Schrott an dat Elektrostolwierk gehäit gëtt. Et ass net esou, wéi mer ëmmer gezielt kréien, dat wär proppere Schrott. Dat ass net de Fall. Do gëtt knaschtege Schrott eragehäit. An dat huet dann och all déi Folgen, déi mer kennen.

Hei ass och erëm drop spekuléiert ginn – an dorop baséiere se sech och –, dass si net déiselwecht Oplage musse maache wéi, zum Beispill, d'Verbrennungsanlag Sidor. Wou d'Gemeng jo och dran ass. Wann dat d'Basis gewiescht wär, dass déi Oplage missten agehale gi wéi bei enger Verbrennungsanlag, dann hätt ee kéinte soen: Okay, da studéiere mer déi Saach. An da kucke mer, ob do eng Méiglechkeet wär, fir deenen d'Geneemegung ze ginn, fir dann och déi Pneuen do ze verbrennen.

Mä genau dat ass awer net gemaach ginn. Si brauche sech net un esou Oplagen ze hale wéi bei enger Verbrennungsanlag. An do spillt erëm mat, dass dat e grousse Konzern ass an dass dee Faveure gemaach kritt. Leider och um Niveau vu gewëssene Verwaltungen hei am Land.

Wa gesot gëtt, dat gëtt ëmmer kontrolléiert, do ginn Analyse gemaach, dann ass awer meng Fro: Wee mécht dann déi Analysen? Ass dat net zoufälleg eng Firma, wou ArcelorMittal och Aktionär dran ass, déi déi Analyse mécht? An och déi Analyse virleet, déi si brauchen? Ech stellen dat elo emol hei als Fro. Dat misst een emol vläicht kucken, ob et och aner Firmen hei am Land gëtt, déi do involvéiert sinn.

Also ech muss scho soen, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei sinn ech ganz zefridden, dass de Schäfferot eng Opposition formelle gemaach huet bei där Affär, oder Asproch erhuewen huet. Ech hätt mer just gewënscht, wéi dat bei aneren Affäre gewiescht wär, dass eng Drénglechkeetssëtzung aberuff gi wär, wéi dat bekannt ginn ass. An dass mer dann déi Diskussioun hei virdru gefouert hätten, amplaz dass mer elo doriwwer diskutéieren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech war elo net virbereet op eng grouss Diskussioun doriwwer, well et sollt jo eng Informatioun sinn. Ech denken och, mer sollten dee Punkt do eng Kéier op den Ordre du jour huele vun enger ordinärer Sitzung, dass mer dat kënnen a Rou eng Kéier duerchgoen.

Ech hunn awer e puer Saachen dozou ze soen, och a menger Funktioun als President vun der Ëmweltkommis-

sioun, déi jo ganz enk mam Service écologique a mam Schäfferot zesummeschafft.

An ech wëll de Rôle vun der Ëmweltkommissioun an dësem Fall beluewegend ervirhiewen, well et ware Leit aus der Ëmweltkommissioun, et war Äre Member, Här Ruckert, deen effektiv d'Initiativ geholl huet an en éischten Entworf vun engem Bréif op d'Gemeng bruecht huet. Dee mer wohlwollend, wann een dat esou ka soen, positiv mat weiderverschafft hunn.

An de Gemengesoutien vum Schäfferot souwéi vun der ganzer Verwaltung war do Gewëss. Dass do géif gehollef ginn, fir déi Ënnerschrëften zesummenzekréien. Dat war awer elo an där Hand net vun der Gemeng gesteiert. Mä dat war eben iwwert déi Biergerinitiativ, sou wéi et och soll sinn.

Duerno gëtt jo d'Gemeng hiren Avis derzou. Si ka jo net direkt partie prenante si fir deen een oder fir deen aneren. An d'Regierung wäert herno hir Konklusiounen aus deene Bréiwer, déi erakomm sinn, schonn zéien.

Hei geet et net drëm, Här Muller, fir d'ARBED an den Himmel ze luewen, d'ArcelorMittal an den Himmel ze luewen. Et geet och net drëm, fir se ze verdäiwelen an dësem Dossier. Mir brauche se. Si sinn néideg hei an der Gemeng. Se gehéieren zur Gemeng.

An ech weess och, dass ganz vill Efforten op deem Bord gemaach ginn. Den aktuellen Direkter vun ArcelorMittal Déifferdeng ass ganz kooperativ. Ech si selwer an deem Comité de pilotage, mam Här Liesch an dem Här Scacchi vun der Gemeng.

Mir hunn eis och, fir net ze domm dozestoen, heiansdo wann déi Ëmweltingenieure vun Arcelor – vun ArcelorWelt quasi – mat um Dësch sëtzen, mat sechs, siwen anere Spezialisten, e Bureau d'études, e Biomonitor mat op de Wee geholl. An och Ingenieuren, déi vun der Gemeng ugestallt sinn. Den Här Jacques Mersch, dee mat um Dësch sëtzt an dee Säint derzou bäidréit, dass mer d'égal à égal kënne mat deenen anere Fachleit vun ArcelorMittal schwätzen. Dass mer net iwwert den Dësch gezu gi mat chemeschen Donnéeën an esou virun, déi mir selwer jo net kënnen direkt interpretéieren. Dat heescht, do hu mer schonn eng gutt Basis, fir mat Arcelorsleit ze diskutéieren.

An deem Comité sinn och d'Gemenge vun Esch, Suessem a Schëffleng, d'Biergerinitiativ Stop Dioxin, de Mouvement écologique – déi ganz gutt Aarbecht doranner leeschten a mat kompletten Dossieren dohinner kommen –, den MDDI, d'Direktere vun deene verschiddene Sitte mat hire Leit.

An et ass natierlech esou, dass do Donnéeën op den Dësch kommen, Analysendonnéeën, déi ausgewäert ginn. An Här Ruckert, dat stëmmt elo net, dass mir dat eleng der Luxcontrol iwwerloossen. Déi Miessungen, déi ginn am Wierk gemaach op verschiddenen …

**ALI RUCKERT (KPL):**

Luxcontrol ass jo awer ArcelorMittal?

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn elo keen Abléck an d'Arcelor.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech soen Iech et dann.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ma dat ass gutt. Dat kënne mer jo dann eng Kéier analyséieren an diskutéieren.

Déi aner Saach ass, dass mir vun der Gemeng aus zënter Jore BioMonitor beoptragt hunn, fir Analyse vun der Loftqualitéit ze maachen. Vun dem Fallout, also vun dem, wat op de Buedem fält. Zalotenanalysen, Kabesanalysen iwwert de Wanter, fir ze kucken, wat effektiv op verschiddene Plazen, haaptsächlech am Secteur Fousbann, Richtung Zolwer, op de Buedem fält.

An déi Analyse weisen aus, wat fir en Impakt verschidden Emissiounen op d'Bevëlkerung hunn. An déi gi seriö ausgewäert. Déi sinn neutral. Dat sinn der Gemeng hir Analysen, quasi, wou mer zu all Moment kënne soen, Hoppla, do war elo eng Charge, wou ze vill

*l'ordre du jour d'une séance pour en discuter.*
*En tant que président de la commission de l'environnement, Frenz Schwachtgen salue l'action de ses membres, et notamment du membre du parti communiste, qui a préparé une ébauche de lettre pour la commune. Le collège échevinal et l'administration communale étaient donc au courant que des signatures allaient être rassemblées. L'initiative n'a pas été dirigée par la commune, mais par des citoyens, comme cela est normal. Ensuite, la commune remet un avis, car elle ne peut pas être partie prenante. Au gouvernement de tirer ses conclusions.*
*Dans ce dossier, il n'est question ni de sanctifier l'Arbed ou ArcelorMittal ni de les diaboliser. ArcelorMittal fait partie de Differdange et Differdange en a besoin. Le directeur actuel d'ArcelorMittal est coopératif et fait des efforts. Frenz Schwachtgen fait partie du comité de pilotage avec M. Liesch et M. Scacchi. Ils sont accompagnés de spécialistes, dont M. Jacques Mersch, ce qui permet à la commune de parler d'égal à égal avec les ingénieurs d'ArcelorMittal. En effet, la commune doit être capable d'interpréter les données chimiques. Les communes d'Esch, Sanem et Schifflange, Stop Dioxin, le Mouvement écologique, le MDDI et les directeurs de sites sont aussi représentés au sein du comité.*
*M. Ruckert a tort de dire que Luxcontrol est seul à réaliser des analyses.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *croit pourtant savoir qu'ArcelorMittal et Luxcontrol ne font qu'un.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *n'est pas au courant des affaires internes d'ArcelorMittal.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *l'en informe.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *propose d'en discuter une autre fois.*
*Il rappelle que Biomonitor est chargé de mesurer la qualité de l'air à travers des analyses des salades par exemple —, et ce essentiellement au Fousbann en direction de Soleuvre.*

*Ces analyses sont exploitées comme il faut de sorte que la commune sait immédiatement quand les valeurs limites de cuivre, zinc ou plomb sont dépassées.*
*Les problèmes de dioxine survenus l'année dernière sont réglés. Georges Liesch pense qu'il est temps de dire «assez». Il espère qu'ArcelorMittal a compris le message.*
*Pour ce qui est des pneus brulés, des tests ont déjà été effectués et la phase de production doit commencer. La commune attend la fin du commodo avant de réagir.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que les déclarations sont contradictoires. M. Muller dit qu'aucun pneu n'a été brulé en 2018. Mais la réalité est autre: les gens retrouvent de la poussière sur leurs voitures. D'où cette poussière provient-elle?*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se pose la même question.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute que sans cette réponse, les gens ne savent plus où ils en sont. Le rôle de la commune consiste à clarifier ces questions. Le collège échevinal aurait pu organiser une séance d'urgence et informer le conseil communal dès que possible. Pour que les conseillers communaux puissent s'investir dans l'intérêt de la commune, ils doivent disposer des informations. Or pendant les vacances, il est difficile de les obtenir.*
*C'est pourquoi Gary Diderich soutient la proposition de M. Schwachtgen de discuter de tous ces points lors d'une séance du conseil communal pour décider dans quelle direction aller.*
*Bruler des pneus est-il une bonne chose pour l'économie circulaire et compte tenu de l'emplacement de l'usine? À quelles conditions? Il a été question des technologies et des filtres employés. Les mêmes questions se sont posées pour la fabrique de laine de roche qui ne voulait pas recourir aux dernières avancées technologiques.*
*Gary Diderich répète qu'il faudrait discuter de tout cela de manière extensive. La procédure commodo se*

Koffer, ze vill Zénk, ze vill Bläi erauskomm ass.

Mir haten am leschte Joer Dioxin-Problemer. Déi sinn elo behuewe ginn. An ech mengen, mer sinn op deem Niveau, dass mer, duerch déi Initiativ hei, elo wierklech soen: Stopp. Mer mussen oppassen, dass mer méi propper ginn. Ech hoffen, dass Arcelor dee Message verstanen huet.

Wat elo d'Pneueverbrennung ubelaangt, ass et effektiv esou, dass do Tester gefuer si ginn, an dass et eben elo soll als Produktiounsmëttel benotzt ginn. An dorëms geet et jo am Kommodo. Wou mer elo op d'Enn vum Kommodo waarden, an da musse mer dorop reagéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Schwachtgen. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et ass ganz vill gesot ginn. Dat Wichtegst bei der Saach ass, dass mer emol erausfannen, wou dee Stëbs hierkënnt. Mir hunn elo ënnerschiddlech Aussoen hei. Den Här Muller seet, 2018 ass kee Pneu verbrannt ginn. D'Realitéit ass awer – oder hat ech dat falsch verstanen –, dass d'Leit Stëbs op den Autoen hunn. Vu wou kënnt dann dee Stëbs? Dat musse mer awer elo erausfannen. Soss wëssen d'Leit awer guer net méi, wat leeft, wann een emol net méi weess, wou ee Problem hierkënnt.

An ech denken, dass mer als Gemeng virun allem d'Roll hunn, esou Saachen esou schnell wéi méiglech opzeklären. Aktiv d'Leit och ze informéieren. Aktiv och emol ënner eis déi Informatiounen zirkuléieren ze loossen.

Dat eent wär eng Drénglechkeetssëtzung gewiescht. Dat anert wär och gewiescht, Informatiounen un de Gemengerot ze schécken, soubal d'Gemeng se huet. Dofir muss een net ëmmer eng Gemengerotssëtzung ofwaarden. Ech mengen, wa mer wëlle favoriséieren, dass sech d'Gemengeréit asetze fir d'Interesse vun der Gemeng, wär eng Saach emol d'Informatioune virleien ze hunn. An hei zirkuléieren, mengen ech, ënnerschiddlech Informatiounen. An et huet och net jiddereen d'Méiglechkeet, virun allem net an enger Vakanzenzäit, un all d'Informatiounen esou ze kommen.

Dofir ënnerstëtzen ech déi Propos vum Här Schwachtgen, fir dat eng Kéier op den Ordre du jour ze huelen. Wou mer all déi Informatiounen, déi do sinn, aus deem Comité de pilotage, aus deene verschiddenen Entrevuen, déi stattfonnt hunn, aus deene verschiddenen Informatiounen, déi och verschidde Gemengeconseilleren hunn, kënnen zesummendroen an eis kënnen iwwerleeën, wéi mer déi Saach uginn.

Ech mengen, et gëtt wichteg Froen ze klären: Ass dat eng gutt Saach am Sënn vun der Économie circulaire an dem Standuert vun der Schmelz hei zu Déifferdeng? Ënner wéi enge Konditiounen? A wéi eng Mëttelen hu mer, fir déi Konditiounen och ze bekräftege vis-à-vis vun enger ArcelorMittal?

Sou wéi gesot ginn ass, ass et virun allem eng Fro vun Technik a vu Filteren, déi agesat ginn. Dat war och schonn zum Deel d'Fro bei der Steewollfabrik. Wou och net op dat gesat ginn ass, wat hätt kéinten agesat ginn. An dat hei ass jo och net nei an der Geschicht vun der Schmelz, dass dat net de Fall ass.

Wa mer aus där méi kuerzer Diskussioun hei kéinten erschléissen, dass mer dat eng Kéier méi extensiv a mat Dokumentatioun kéinten diskutéieren, da wär dat gutt. Also d'Inkommodo-Kommodo-Prozedur geet jo egal wéi weider. Do komme Resultater dobäi eraus. An ech mengen, mir sollten eis wierklech domadder beschäftegen a wierklech déi Informatiounen emol zesummendroen, wat stëmmt a wat stëmmt net.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Madamm Brassel-Rausch, w.e.gl.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt dem Här Muller soen, et geet hei net drëm, d'Arcelor géint d'Bierger

auszespillen. Mä fir mech geet et ëm vill méi e grondleeënde Problem. An den Här Diderich huet en och elo ugeschwat: Wisou ass et net méiglech, an där Zäit wou mer sinn, dass Wierker an Entreprisen déi Technologien uwenden, déi um Maart sinn, och wann hiren Invest oder hire Rendement méi kleng ass, fir d'Leit an enger Gemeng oder an hirem Ëmfeld ze respektéieren? Ech mengen dorëms geet et. D'Technologië bestinn, awer d'Wierker wëlle se net uwenden.

An d'Fro, déi ee sech muss stellen, ass: Wat ass eis Prioritéit? De Rendement vun der ARBED oder eis Leit, déi hei wunnen, an hir Gesondheet ze schützen? An ech mengen, dat ass eng Fro, déi sech nach a villen anere Secteure wäert stellen.

Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Kommt mir maachen d'Ronn fäerdeg.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, et wär wichteg, datt de Comité de pilotage mat op de Wee géif kréien, fir wierklech den Domm drop ze halen, dass déi neisten Technologië géifen agebaut ginn. Dass mer souwäit kommen, dass déi Problemer esou kleng wéi méiglech gehale ginn. Dass mer dat an de Gréff kréien. Sief et mam Stëbs, deen elo scho besteet. Oder herno vläicht Problemer mat der Pneueverbrennung opkommen oder net.

Ech hätt nach eng Fro: Laut BioMonitoring sinn haaptsächlech am Fousbanner Eck, d'Cité Henri Grey, d'Wäerter vu Chrom a Bläi um ieweschte Level, loosse mer emol esou soen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass ganz richteg.

**ENG STËMM:**

Sinn déi Leit forméiert ginn? Oder gëtt dat automatesch gemaach? An der Zeitung gesäit ee jo näischt dovun. Wëssen déi Leit, dass se vläicht besser hätten, guer kee Gaart méi ze maachen? Dat wär jo vläicht déi beschte Solutioun, géif ech emol soen. Sinn déi Leit informéiert? Wëssen déi Bescheed? Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt der Madamm Rausch kuerz äntweren. Also ech sinn hei net de Vertrieder vun der ArcelorMittal. Ech sinn de Vertrieder vun der Populatioun, vun eise Biergerinnen a Bierger vun Déifferdeng.

Ech si vläicht elo falsch interpretéiert oder och verstane ginn. Ech hat vun Oplagen a vu Konditioune geschwat. Oplage vun deene Wäerter, vun der beschter Technologie, wéi Der richteg gesot hutt. Um Ëmweltministère gëtt dat alles festgehalen. Dat heescht, dat sinn déi Leit, déi d'Autorisatioun ausstellen, ënner wat fir enge Konditiounen d'Schmelz an dat Elektrostolwierk kënnen exploitéiert ginn.

Ech hunn an engems eng Fro un den Här Liesch. Ech hunn, zum Beispill, d’Informatioun, 2018 wäre keng Pneuen agesat ginn. Dir mengt, et wären der agesat ginn. Souwäit ech informéiert sinn, misst d’Gemeng, oder de Service écologique oder ween et dann eben ass, all Kéiers informéiert ginn, wann eng Testphas gefuer gëtt.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Schéi wier et.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An do ass, mengen ech, dat Vertrauen net do. Oder vläicht gëtt och net reagéiert, wéi et sollt. Op jidde Fall schéngt et mer net dat richtegt Vertrau-

*poursuit. Il est nécessaire de démêler le vrai du faux.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu’elle ne veut pas monter la population contre Arcelor. Mais comment est-il possible que de nos jours, les usines et les entreprises ne recourent pas aux technologies disponibles même si cela réduit leurs bénéfices?*
*Et quelle est la priorité de la commune? Les bénéfices de l’Arbed ou la santé des habitants?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite répondre.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *propose de conclure le tour de table.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *trouve que le comité de pilotage devrait vraiment insister pour que les dernières technologies soient employées pour maitriser les problèmes de poussière et plus tard ceux liés aux pneus.*
*D’après Biomonitor, le Fousbann et la cité Henri-Grey sont concernés par les des valeurs trop élevées de chrome et de plomb.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *confirme les propos de M. Tempels.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *voudrait savoir si les gens en ont été informés. Il n’y a rien dans les journaux. Savent-ils qu’il vaudrait mieux ne rien cultiver dans leurs jardins?*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répond à Mme Rausch qu’il n’est pas là pour représenter ArcelorMittal, mais les citoyennes et citoyens de Differdange.*
*Il a simplement dit qu’il fallait fixer des conditions. Il rappelle que le ministère de l’Environnement octroie des autorisations pour exploiter l’usine et l’aciérie électrique.*
*Erny Muller croit savoir qu’aucun pneu n’a été brulé en 2018. M. Liesch prétend le contraire. Mais normalement, le service écologique devrait être informé de chaque phase de test.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que ce serait bien beau.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate un manque de confiance certain. La communication ne semble pas se faire automatiquement. Autrement, quand cela sent mauvais, la commune saurait qu'une phase de test a lieu.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question des pneus. La commune ne sait pas avec certitude s'ils ont été brulés ou pas. Il suppose que M. Muller a ses sources. Mais au sein du comité de pilotage, il a clairement été dit que des tests étaient réalisés. M. Muller a raison de dire que la commune aurait dû être prévenue, mais elle ne l'a pas été.*
*Georges Liesch estime que le vocabulaire choisi dans la formulation de l'opposition formelle est important. C'est pourquoi il lit le texte, à travers lequel le collège échevinal s'oppose catégoriquement à l'incinération de pneus jusqu'à ce que le système de mesures de la qualité de l'air n'établisse des valeurs en dessous des normes autorisées et que la provenance des odeurs ne soit localisée et éliminée —, et ce même s'il apprécie le recyclage des déchets dans le processus métallurgique. Le collège échevinal estime qu'un assainissement préalable est nécessaire avant d'entamer une nouvelle expérience, et ceci, pour garantir la salubrité publique.*
*Georges Liesch précise qu'il n'est pas opposé catégoriquement à l'incinération de pneus. Cependant, l'incinération doit être liée à des conditions. Le collège échevinal soutient un processus circulaire pertinent, mais le cadre doit être clairement défini. Pour le moment, le processus ne semble pas bien défini. Ou alors, le collège échevinal manque d'informations. C'est pourquoi il s'oppose catégoriquement au projet en l'état actuel.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souhaite commenter la politique de communication d'ArcelorMittal. Il explique qu'ArcelorMittal dispose d'une hotline pour l'environnement. Il y a quelques mois, il a appelé, mais il est tombé sur un répondeur. Il a laissé un message concernant les nuisances olfactives présentes ce jour-là. Personne ne l'a rappelé.*

ensverhältnis ze sinn, well soss misst dat jo automatesch goen. Well da wär et och vill méi einfach ze soen, wann et eng Kéier sténkt: Ah, haut ass esou eng Testphas. Dann haalt Der emol direkt op, an da kucke mer, wat lass ass.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Zu der Fro vun der Pneueverbrennung. Sinn der verbrannt ginn oder net? Dir hutt et ganz richteg resüméiert. Mir tappen do e bëssen am Däischteren. Dir hutt da vläicht Är Quellen, déi soen, et si keng verbrannt ginn. Am Comité de pilotage ass kloer gesot ginn, dass se Tester géife maachen. Wat jo eigentlech och logesch géif schéngen, wann een e Prozess wëll opbauen, dass een dann Tester mécht, fir ze kucken, wéi reagéiert dee Prozess dann, wann ech elo eng nei Matière abréngen. Da schéngt mir awer logesch, dass Tester gemaach goufen. Dat wär och sënnvoll.

Et ass ganz richteg, wann Der sot, dass mir do sollten informéiert ginn. Dat ass awer leider net geschitt.

Et ass elo e bëssen den Tour och gemaach ginn iwwert de Vokabulär vun „Opposition formelle" an esou weider. Duerfir géif ech mer erlaben, déi véier Zeilen, déi mer als Avis am Kommodo weidergeschéckt hunn, virzeliesen. Well ech mengen, dann ass d'Fro vum Vokabulär definitiv geléist.

Mir schreiwen hei: „Le collège des bourgmestre et échevins est unanimement d'avis, même si le collège, dans un esprit d'économie circulaire, apprécie le recyclage de déchets dans le processus métallurgique, nous nous opposons catégoriquement à l'utilisation de pneus comme déchets destinés à l'incinération, notamment en regard de la quantité annuelle importante de 4500 tonnes, jusqu'à ce que le système de mesure de la qualité de l'air n'établisse des valeurs en dessous des normes autorisées et que la provenance des sources des odeurs ne soit localisée et éliminée. Un assainissement préalable de la situation actuelle est nécessaire — poussière, odeur et résultats d'analyses — avant d'entamer toute autre expérience, et ceci pour garantir la salubrité publique, notamment un air propre et sain à nos habitants."

Ech géif soen, dat resüméiert, wat vill Leit elo hei ronderëm den Dësch gesot hunn. Mir sinn net kategoresch géint d'Pneueverbrennung. Dat hunn ech, mengen ech, och net an der Press esou gesot. Ech mengen, dass ech do ganz däitlech gesot hunn, dass mer eng Oppositon formelle oder catégorique ausgesprach hätten, mä si wär liéiert u Konditiounen.

Mir sinn also schonn dofir, dass dat e sënnvollen zirkuläre Prozess kéint sinn. Mä d'Ramebedéngunge mussen awer heifir stëmmen. An do op Vertrauensbasis oder och net. Jiddefalls am Moment gesi mir, dass dat nach net zu 100% ausgeduecht ass oder mir d'Informatiounen net hunn. An dofir si mer am Moment kategoresch géint deen heite Projet.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Altmeisch, w.e.gl.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll Iech nach kuerz zu der Informatiounspolitik vun ArcelorMittal matdeelen: Wann d'Leit esou e Geroch oder Stëbs feststellen, dann huet ArcelorMittal en Ëmwelttelefon. Virun dräi, véier Méint wollt ech eng Kéier dovu profitéieren, do war deen awer net besat. Et ass e Repondeur gelaf.

Ech hu mäin Text du gesot, wat meng Bedenke wieren, vu dass et deen Dag selwer gestonk huet, d'Auerzäit an esou virun, dass si och d'Informatioun hunn, wéi de Bierger sech déi aner Säit fillt. An ech hu versprach kritt vum Repondeur, dee géif mech zréckruffen. Dat ass elo dräi Méint hier. Ech hunn nach ëmmer kee Réckruff kritt. Souwäit zur Informatiounspolitik.

Wann een et mat der Informatiounspolitik fir de Bierger esou hält, wéi dat mir do erfuer ass, brauch ee sech net ze

wonneren, dass de Spekulatiounstirang opgerass gëtt vun de Leit. Et wier net schlecht, fir sech och eng Kéier bei hinnen ze weisen, dass dat awer e wichtegt Element ass. A wann een d'Leit driwwer informéiert, wat manner Spekulatiounen opkommen. Et wier wichteg, fir dat matzehuelen an déi Sitzungen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, datt mer bal alles richteg gemaach hunn als Schäfferot. Mir hätte wierklech kéinten déi Bréiwer, déi zirkuléiert sinn, de Gemengeconseillere mathuelen. Mir mussen do kucken, wéi mer dat kënne maachen, datt Dir bei esou wichtegen Dossieren och déi sämtlech Informatioune kritt.

Ech wëll soen, datt d'Gespréicher mat ArcelorMittal nach ëmmer exzellent sinn. Mir hunn eis nach virun e puer Deeg gesi wéinst den Terrainen. Et ass net esou, datt mir net matenee schwätzen. Mir wëlle just hunn, datt d'Gesondheet vun eisen Awunner – an dat läit jo jiddwerengem um Häerz – net um Spill steet.

An d'Économie circulaire gesinn ech op alle Fall net esou, datt een herno soll Nodeeler dovunner kréien. Op alle Fall keng gesondheetlech Nodeeler. Ënner Économie circulaire verstinn ech eppes aneschters. An ech mengen, datt ArcelorMittal och verstanen huet, wat mer wëllen. Mir kucken da weider bei dësem Projet. Op alle Fall Merci fir all Är Bäitrag.

Mir géifen zum zweete Punkt kommen. Et geet ëm eng Chaudière zu Nidderkuer um Campus scolaire. Dir wësst, datt mer do eng Sportshal ugefaangen hunn. Et huet zwar e bësse gedauert, mä et ass elo lassgaangen. D'Permissions de voirie sinn all do. Mir wéilten dat Ganzt op Pelletchaudière ëmbauen. Här Liesch, ass dat esou?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ganz richteg. Et ass ee vun de leschte Sitten, dee mer nach net ëmgebaut hunn. Dir wësst, dass mer iwwerall an deene leschte Joren eis Schoulcampussen an aner Sitten op Pellets oder Holzhack ëmgebaut hunn. An hei ass elo d'Méiglechkeet an d'Necessitéit, fir dat och unzegoen.

Mir gesinn hei vir, zwee Pelletskessele vun 135 Kilowatt ze installéieren, ënnen am Gebai. Mat engem Raum och natierlech, fir d'Pellets ze lageren. Déi al Gasheizunge kommen ewech. Mir hale just nach déi an der St. Pierre. Dat ass nach e bësse méi eng rezent. Déi huet méi eng kleng Leeschtung vun 80 Kilowatt. Déi hale mer, wann eng Kéier e ganz strenge Wanter kéim a mat de Pellets net genuch Hëtzt kéint geliwwert ginn. Déi kéinten dann dee Moment eng Spëtzt ofdecken an an de Circuit erabréngen, wat nach feelt.

Mat där Heizung hei géifen dann déi zwee Schoulsitten an, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, déi nei Sportshal mat gehëtzt ginn. Domadder hätte mer dann all eis Schoulen ëmgebaut op Holz an op Pellets.

Dir gesitt, eise Klimaberoder huet e klengen Erklärungstext geschriwwen, wat een do gewënnt. Mir spueren 51.000 Meterkibb Gas. Op där anerer Säit musse mer 110.000 Tonne Pellets verbrennen. Dat gesäit op den éischte Bléck aus, wéi wann et dat Duebelt wär. Mä de Brennwäert vum Gas a vun de Pellets ass en aneren. Dat kann een net esou direkt vergläichen. Wat awer wichteg ass, ass, dass mer eng CO2-Reduzéierung vun 117 Tonne pro Joer mat dëser Mesure hei erreechen.

Ech wäert Iech och an enger vun den nächste Gemengerotssitzungen de Bilan maache vun all eisen Ëmbauten, wat dat elo scho bedeit un CO2. Wat mer elo an deene leschte Joren hei an der Gemeng erreecht hunn, andeems mer op Pellets an op Holzhack iwwergaangen sinn.

De Käschtepunkt heivunner ass 470.000 Euro, fir dee ganzen Ëmbau ze maachen. De Subsid hu mer ugefrot. Dee kréie mer natierlech och. Dee wäert an enger Gréisstenuerdnung vun 20 bis 30%, vläicht souguer bei 40% leien. D'Demande ass eran. Do hu mer awer nach kee Retour, wéi vill mer do genau wäerte kréien.

*Que la population soit inquiète dans ces conditions n'a rien d'étonnant. Il faudrait rappeler à ArcelorMittal que la communication est un élément important pour éviter les spéculations.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *estime que le collège échevinal n'a pas commis d'impair majeur. Toutefois, il aurait pu remettre les lettres aux conseillers communaux, car ceux-ci doivent être informés dans des dossiers aussi importants.*
*Il signale que les relations avec ArcelorMittal sont excellentes. Des discussions ont lieu régulièrement. Mais la santé des Differdangeois ne peut pas être en jeu. L'économie circulaire ne peut pas engendrer des désavantages sanitaires.*
*Roberto Traversini pense qu'ArcelorMittal a compris la position de la commune. Il remercie les conseillers communaux pour leurs prises de position.*
*Il passe au point suivant: une chaudière pour le campus scolaire de Niederkorn. Il rappelle qu'une salle de sport y est construite.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *signale qu'au cours des dernières années, des chaudières à pellets et copeaux ont été installées sur les autres campus scolaires. À Niederkorn, une chaudière de 135 kW est prévue. Elle remplacera les anciens chauffages à gaz. Seule l'école Saint-Pierre a encore un chauffage à gaz de 80 kW assez récent. Il est censé servir en cas d'hiver rude.*
*La chaudière dont il est question aujourd'hui doit chauffer les deux sites scolaires et la salle de sport.*
*Le conseiller climatique de la commune a rédigé un texte explicatif. La commune va économiser 51 000 m³ de gaz et consommer 110 000 t de pellets, mais la capacité calorifique des deux éléments n'est pas comparable. Les émissions de $CO_2$ vont baisser de 117 t par an.*
*Prochainement, Georges Liesch présentera un bilan des économies en $CO_2$ réalisées ces dernières années grâce au passage aux pellets et aux copeaux de bois.*
*Les couts se montent à 470 000 € pour les transformations.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *mentionne les subsides.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que la commune a demandé un subside, qui devrait se situer entre 20 % et 40 %.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *félicite la commune et en particulier M. Jungmann pour ces résultats.*
*Il se souvient qu'il y a 15 ou 20 ans, on se moquait des écologistes quand ils disaient qu'il fallait remplacer le mazout par des copeaux de bois. Désormais, le passage du gaz au bois contribue à améliorer le problème climatique que tout le monde ne reconnait pas encore. Differdange joue un rôle de pionnier dans le pays. Frenz Schwachtgen a même l'impression que parfois, Differdange va plus loin que d'autres pays européens. Il se réjouit de chaque homme politique soutenant ces projets.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient ces transformations. Le bois est une ressource renouvelable.*
*Il constate cependant qu'à cause de la demande croissante en pellets, les forêts sont décimées. Mais Differdange aménage toutefois des ilots, où le bois n'est pas touché. Il voudrait savoir d'où proviennent les pellets.*
*(Interruption)*
*Gary Diderich constate que pour produire les pellets, les arbres sont coupés dans d'autres forêts. Tous les bois peuvent servir à produire des pellets, ce qui a des conséquences négatives sur la biodiversité.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Diderich s'il a une autre solution.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *répond qu'il faut savoir d'où proviennent les pellets.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *est d'accord. Mais la commune doit bien chauffer ses bâtiments. Par ailleurs, la commune a déjà recours à l'énergie solaire.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll einfach felicitéieren, wat mer do fäerdegbruecht hunn. Och eisem Ëmweltmann, dem Här Jungmann aus dem Service écologique.

Ech erënnere mech, viru 15, 20 Joer, wann ee gesot huet, mer musse vum Mazout erofkommen, mer maachen Holzhackschnitzel an esou virun, ass een ausgelaacht ginn. A mer sinn elo mëttlerweil iwwert de Gas zum Holz komm, wat eis Schoulen ubelaangt, op jidde Fall.

Domat leeschte mer e ganz grousse Bäitrag zu deem Klimaproblem, dee mer vläicht hunn, oder vläicht nach ëmmer net hunn, mä och vläicht nach net erkennen. Mir sinn doranner eng Virreidergemeng hei am Land. An ech mengen, souguer europawäit gëtt net esou wäit geduecht wéi heiansdo hei an der Gemeng Déifferdeng. An dofir sinn ech ganz frou iwwer all d'Politiker, déi mat op dee Wee gaange sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Prinzipiell ënnerstëtzen ech deen do Ëmbau. All d'Virdeeler si genannt ginn. Holz selwer ass eng Ressource, déi regenerativ ass. Et ass elo net CO2-fräi, am Endeffekt awer, well et jo nowiisst.

Just, wat ech eng Kéier gelies hunn, dat ass, dass duerch déi grouss Nofro u Pellets, déi sech entwéckelt huet an de leschte Joren, dat zum Deel och dozou féiert, dass Bëscher wierklech bis op dat Lescht eidel geraumt ginn. Bon, mir maachen et net esou an eise Bëscher. Mir hunn Inselen, wou mer d'Holz einfach leie loossen. Ech wollt einfach emol nofroen, wou déi Pellets do hierkommen. Ob mer Informatiounen hunn iwwert d'Source vun deene Pellets.

Well dat in der Tat ënner anerem dozou féiert, dass op anere Plaze Bëscher esou eidel geraumt ginn, dass d'Biodiversitéit ofhëlt. Soss ass jo ëmmer just dat Holz geholl ginn, mat deem ee wierklech eppes konnt maachen. Mëttlerweil kann ee mat all Holz eppes maachen, eben duerch d'Pellets. All Léisung huet och heiansdo seng negativ Konsequenzen. Mä do kann een awer virbauen, wann ee weess, wou déi genee hierkommen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, erlaabt mer eng Fro: Hutt Der eng Alternativ dozou?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech mengen, d'Alternativ ass eben, dass mir mol sécherstellen, vu wou déi Pellets kommen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass richteg, dat ass eng berechtegt Fro. Mä mir musse jo hëtzen. An am Moment ass dat, mengen ech, eng vun den eenzegen Alternativen zum Gas an zum Pëtrol. Quitte, datt mer och scho Solar hunn. Mä dofir meng Fro.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dir sot, Solar hu mer alles. Ech mengen, fir d'Hëtzt gi jo net d'Photovoltaiksolaranlage genotzt, mä déi, wou ebe waarmt Waasser produzéieren. Wéi nennt een déi elo nach méi?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Thermesch Solaranlagen

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech weess et elo net, mä ech mengen net, dass mer déi ergänzend zu där heite

Saach zum Beispill asetzen an eise Schoulen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat geet net.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat kéint emol sinn, fir op d'mannst de Konsum dovunner ze reduzéieren. Technesch misst dat a priori méiglech sinn. Mir sinn natierlech elo net dat Land mat der meeschter Sonn. Mä fir déi doten Asätz ass dat eng Méiglechkeet. Grad d'Solaranlage verbrauche ganz aner Ressourcë wéi d'Photovoltaiksolaranlagen, déi si vill manner problematesch.

Ech stellen net a Fro, dass mer dat maachen. Ech ginn ze bedenken, dass wa mer dat maachen, dass mer eis eben och iwwert d'Konsequenze musse Gedanke maachen. An do kënne mer Saache virbeugen. Wa mer dat aus Bëscher huelen – wéi aus eisem Bësch –, wou mer op déi Saachen oppassen, dann ass dat manner problematesch.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, dat versiche mer. Mä och eise Bësch, well mer en esou bewirtschaften, wéi Dir sot, huet do seng Grenzen. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech kann drop äntweren, wou eis Pellets hierkommen. Déi kommen aus enger Pelletsfabrik vu Virton. Dat ass wierklech net ganz wäit ewech. Eis Pellets sinn natierlech FSC gekennzeechent. Déi hunn den FSC-Label wéi och an eise Bëscher. Dat heescht, do gëtt nohalteg an deem Bësch geschafft. An dat ass fir eis d'Garantie, wa mer Pellets kafen, dass do kee Raubbau gemaach gëtt, sou wéi Dir dat sot. Dorobber passe mer natierlech op. Mir probéieren eis do de Maximum ofzesécheren, dass déi Nuisancen, déi Dir elo sot, net optrieden.

Déi aner Energiequellen, déi Der genannt hutt, hu mer ënnersicht. An dësem Fall geet dat awer leider net duer. Ech wär immens frou gewiescht, wa mer dat hätte kéinte maachen. Mä mat de Kollektere kënns de net iwwert de Wanter. Da muss een awer vill Recours op Gas oder aner Ressourcen huelen. Wou sech dann d'Fro stellt, ob et dann nach sënnvoll ass.

Well iwwert d'Summerméint ass d'Schoul zou, zum Beispill. An da brauche mer keng thermesch Energie. Dat hate mer analyséiere gelooss. A mir sinn awer do zum Schluss komm, dass dat net sënnvoll wär. Déi Analyse si scho virun enger hallwer Dose Jore gemaach ginn, wéi mer ugefaangen haten, eis Chaudièrë mat Mazout a Gas ëmzebauen op Pellets. Do hate mer eis déi Fro gestallt, wat huele mer amplaz. An do war ganz kloer, dass Pellets awer am beschten dofir gëeegent wären. Wann déi Konditiounen, wéi Dir se och elo richteg gefuerdert hutt, agehale ginn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Jo, Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Just eng kleng Fro dozou. Sinn déi Emissioune mat agerechent fir den Transport an esou weider? Déi Emissiounsminderung?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn Iech dann d'Fro zréck: Ass déi vum Ueleg bis heihinner matagerechent? Vum Mazout oder vum Gas? Déi kann een natierlech dann och stellen. Dat ass awer eng ganz interessant Fro.

Et ginn Analyse gemaach, zum Beispill vu cradle to wheel. Oder vu cradle bis zu der Heizung. Wou da gekuckt gëtt, wat kascht e Joule als Wärmeenergie vun der Source bis bei de Verbraucher. Déi Berechnunge si gemaach ginn. Pellets ass nach ëmmer ganz attraktiv par rapport zu Gas.

Wann een elo Gas hëlt – mä et ass immens schwéier, well et hänkt dovun of,

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *croit savoir que les installations photovoltaïques ne produisent pas de chaleur.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *mentionne les capteurs solaires thermiques.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ne pense pas que la commune ait recours à ces capteurs dans les écoles.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que ce n'est pas possible.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *estime que cela permettrait de diminuer l'utilisation des pellets. Le Luxembourg n'est pas le pays le plus ensoleillé, mais les capteurs solaires thermiques sont moins problématiques que les installations photovoltaïques.*
*Gary Diderich n'est pas contraire à l'utilisation de pellets, mais il faut tenir compte des conséquences et faire attention à leur provenance.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que la façon dont Differdange exploite ses forêts a des limites.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *précise que les pellets proviennent d'une fabrique de Virton. Les pellets disposent du label FSC, ce qui garantit que les forêts ne sont pas exploitées de manière effrénée.*
*La commune a réfléchi au recours à d'autres sources d'énergie. Mais les capteurs solaires ne permettent pas de chauffer les bâtiments en hiver. La commune serait donc forcée de recourir au gaz. En plus, les écoles sont fermées en été. C'est pourquoi les analyses effectuées lors de l'abandon du mazout et du gaz il y a quelques années ont montré qu'installer des capteurs solaires n'était pas pertinent. C'est là que la décision a été prise de choisir les pellets. Mais il faut respecter les conditions énoncées par M. Diderich.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *demande si la commune tient compte des émissions liées au transport dans ses calculs.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'elle devrait alors aussi tenir compte de l'énergie nécessaire pour transporter le mazout et le gaz. La question est intéressante.*
*Des calculs de ce type, c'est-à-dire de la source au consommateur, sont parfois réalisés et les pellets restent économiques. Mais cela dépend aussi de la provenance du gaz, qui peut arriver de Russie, du Canada ou de la mer du Nord. Les pellets, quant à eux, peuvent provenir d'Amérique du Sud ou de Virton.*
*Ce qui est sûr, c'est que le camion de pellets voyage tout autant que celui transportant du mazout. C'est pourquoi la commune n'a pas réalisé ces calculs. Ils ne serviraient pas à grand-chose.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *est content des transformations entreprises. Dans l'école préscolaire de Niederkorn, les problèmes liés au chauffage étaient nombreux. C'est pourquoi les investissements pour l'installation d'une centrale thermique sont pertinents. Ils permettent de réduire les émissions de $CO_2$.*
*Jerry Hartung ajoute que les bâtiments construits sur le campus scolaire sont bien isolés, ce qui permet de réduire massivement la consommation énergétique.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *rappelle que des particules fines sont produites lorsque les pellets sont brulés. Qu'est-il prévu? La commune devrait montrer le bon exemple — notamment à ArcelorMittal.*
*(Rires)*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que les problèmes de particules fines causés par les pellets sont limités, surtout si on les compare à ceux causés par les cheminées à bois dans les maisons. Ces cheminées brulent le bois à basse température. Les pellets en revanche sont brulés à haute température, ce qui limite la production de poussière. Mais cette production n'est pas nulle et la poussière contient des particules fines. La combustion de gaz est la plus propre.*
*(Vote)*

wou de Gas hierkënnt. Ass et Gas aus Russland? Huelen ech dee Wäert? Huelen ech deen aus dem Gasfracking aus Kanada? Da sinn d'Wäerter jo exorbitant héich. Oder huelen ech deen aus dem Nordmier? Da sinn d'Wäerter vläicht erëm e wéineg besser.

Et ass enorm schwéier. Bei de Pellets natierlech och. Huelen ech elo Pellets aus Südamerika oder huelen ech déi hei vu Virton? Also et ass schwiereg. Dir fannt do Analysen an déi eng wéi an déi aner Richtung, fir dat ze berechnen.

Mä de Camion mat de Pellets fiert genau sou wéi dee fir de Mazout. Fir de Gas ze transportéieren, fiert zwar elo kee Camion, mä do brauch een och Energie. Also misst een déi och mat arechnen. Duerfir, déi Rechnung ass net gemaach ginn. Ech mengen, si géif eis och net weiderbréngen.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Okay, Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, mir si frou, datt dës Ëmbauten ugaange ginn. Besonnesch an der Spillschoul zu Nidderkuer hu sech d'Problemer mat der Heizung geheeft. Déi Heizzentral gëtt gebraucht. Dofir mécht deen Invest hei wierklech Sënn, fir eng nei Heizzentral fir dee ganze Site ze installéieren, déi niewebäi och d'Emissioune vun CO2 soll reduzéieren.

E wichtegen Aspekt am Ganzen ass ze präziséieren, datt déi nei Gebailechkeeten, déi do um Schoulcampus ronderëm gebaut ginn, gutt isoléiert sinn. Wouduerch den néidege Verbrauch massiv erofgeet. Soudatt mer manner Ressourcë verbrauchen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Ech hunn eng Fro: Laut mengen Informatiounen entsteet beim Verbrenne vu Pellets relativ vill Feinstaub. Wéi sinn eis Heizungen agestallt? Ass do eppes virgesinn? Ech mengen, et wär gutt, wa mer géife mam gudde Beispill virgoen am Hibléck op ArcelorMittal.

(Gelaachs)

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dat ass effektiv ee vun de Problemer bei Pellets oder iwwerhaapt bei Holzverbrennung. Also Pellets geet eigentlech nach. Wierklech problematesch ass et bei de Kamäiner, wou normaalt Holz verbrannt gëtt, déi d'Leit doheem hunn, déi eng flott Atmosphär maachen. Mä dat sinn eigentlech ganz bedenklech Holzquellen, well déi mat niddregen Temperature verbrennen an d'Stëbsentwécklung do wierklech enorm ass.

Bei Pellets ass et e bëssen aneschters. Déi verbrenne quasi stëbslos, net ganz. Et entsteet natierlech Stëbs. Do si Filteren dran, mä op Null kritt ee se natierlech och net reduzéiert. Et bleift natierlech méi en héije Stëbswäert, wéi wann ee Gas verbrennt. Dat soll een net verleegnen. Beim Mazout ass et och bedenklech. Do huet een och Feinpartikelen dran. Beim Gas, muss ee soen, ass d'Verbrennung am proppersten.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Mir géifen dann zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la mise en place d'une chaudière à pellets de bois au campus scolaire de Niederkorn.*

Da komme mer zu dräi Dekonte vu Projeten, déi ofgeschloss sinn. Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert, fir eis déi dräi ze erklären.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, Här Buergermeeschter, ech huelen alles zesummen. Deen éischten Dekont ass eng Remise en état vum Terrain um Thillebierg. Dir gesitt, dat ass schonn eng Partie Joren hier, dass mer dat gemaach hunn. Dat war 2010 an 2011. Dat war nach sengerzäit den Här Lorgé.

Do war anscheinend den Terrain ganz verstengert. An d'Federatioun wollt se net méi drop spille loossen. Dofir hate mer deen Terrain renovéiert. Déi Renovatioun war als Provisorium geduecht. Wéi Dir gesitt, huet de Provisorium gedauert. An et kann haut nach drop gespillt ginn. Deen Dekont weist aus, dass mer eng Depense hate vun 285.000 Euro.

Deen zweeten Dekont ass en Amenagement vum Terrain multisport am Péitenger Wee. Wou mer jo éischtmoleg mat de Bierger zesummen dee Park nei gestalt hunn.

Do hu mer net nëmmen eng Spillplaz opgeriicht fir grouss a méi kleng Kanner, mir hunn och e Multisport fir Fussball a Basket opgeriicht, en Dëschtennis, eng Petanquespist souwéi Turngeräter. Dass d'Leit sech kënnen do e bësse sportlech betätegen. Ursprénglech war virgesinn, dass et sollt 400.000 Euro kaschten. Finalement huet et 410.000 Euro kascht. Fir deen dote Projet krute mer e Subsid an Aussiicht gestallt vu 25.000 Euro.

Deen drëtten Dekont ass de Lunasterrain vum Stade Jean Jaminet. Dat war sengerzäit den Här Bertinelli, deen dee ganze Stadion renovéiere gelooss huet. Dir hutt eng ganz Oplëschtung vun allen Ausgaben, déi do getätegt si ginn. Do hu mer eng Depense vu ronn 1.658.628 Euro.

Am Libellé ass vergiess ginn, de Subsid anzeschreiwen, deen am Ufank mat 151.000 Euro ugeduecht war. Mä op Nofro an op Presentatioun vun all eise Rechnungen an deem ganze Projet hu mer 351.000 Euro zougesot kritt. Dat ass méi wéi dat Duebelt vun deem, wat mer virgesinn haten. Soudass mer do awer, mengen ech, gutt geschafft hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengen- a Schäfferot. Ech hätt eng Fro betreffend de Lunasterrain. Den Initial war 1.080.000 Euro. An d'Dépense effective beleeft sech op 1.658.000 Euro. Wat war de Grond fir déi Käschtenexplosioun? Déi Zäit war ech nach vläicht net hei. Et ass scho vläicht eng Kéier erkläert ginn. Mä Dir hutt bestëmmt deen een oder anere Grond, fir mir do ze nennen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, ech mengen, dat war schonn erkläert ginn. Et stoung esou am Budget, an et ass am Gemengerot gestëmmt ginn. D'Augmentatioune ware gestëmmt ginn. Ech weess net méi alles, mä et war d'Geliits, verschidden Aarbechte ronderëm d'Vestiairen, …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Buvette war net virgesinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

D'Buvette an och nach verschidde Parkingen. Mä mir haten deen Dossier am Gemengerot. An dee war och hei gestëmmt ginn. An deemools ass och gesot ginn, mengen ech, vu mir selwer, wa mer gewosst hätten, datt de Präis dorëmmer géif leien, da wier sech

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à trois décomptes et cède la parole à M. Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que le premier concerne la remise en état d'un terrain au Thillenberg. Les travaux remontent à 2010 et 2011, à l'époque où M. Lorgé était échevin aux bâtisses.*
*Le terrain était couvert de pierres et la fédération ne permettait plus d'y organiser des rencontres. La rénovation entreprise constituait une solution provisoire qui a finalement duré longtemps.*
*Les dépenses se montent à 285 000 €.*
*Le deuxième décompte concerne l'aménagement d'un terrain multisport dans la route de Pétange. Le parc a été réalisé en concertation avec les habitants. En plus de l'aire de jeux pour les petits, la commune a aussi aménagé un terrain multisport pour le football et le basket, une table de pingpong, un terrain de pétanque et de l'équipement de gymnastique.*
*Le devis se montait à 400 000 €, mais finalement, les travaux ont couté 10 000 € de plus que prévu. Le subside pourrait s'élever à 25 000 €.*
*Le troisième décompte porte sur le terrain Luna du stade Jaminet. M. Bertinelli a fait rénover le stade. Les dépenses s'élèvent à 1 658 628 €. Le subside n'a pas été inscrit dans le libellé. Il se monte à 351 000 € au lieu des 151 000 € prévus au départ, soit plus du double. Le collège échevinal a donc bien travaillé.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *a une question concernant le terrain Luna. Le devis initial était de 1 080 000 €, mais les dépenses effectives s'élèvent à 1 658 000 €. Comment s'explique cette explosion des couts? François Meisch suppose qu'une explication a déjà été fournie, mais il n'est pas au courant.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *confirme que les explications ont été fournies et que le conseil communal a approuvé les augmentations. Il ne se souvient plus de tous les détails.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que la buvette n'était pas prévue.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute les parkings. Il répète que le dossier a été approuvé par le conseil communal. Si à l'époque il avait su quels étaient les prix, il aurait préconisé un terrain synthétique. D'un autre côté, ce qui compte, c'est que le terrain ait été réaménagé.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un point qui explique pourquoi cette séance a lieu avant la fin des grandes vacances. La commune doit remettre son avis quant aux plans sectoriels. Ceux-ci sont importants non seulement pour Differdange, mais pour tout le sud et le pays.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *va essayer de présenter le dossier. Il en profite pour remercier l'architecte communale, Véronique Grün, qui a rassemblé les avis des différents services communaux en un seul document. Elle a réalisé un travail cohérent.*
*La Ville de Differdange est surtout concernée par les plans sectoriels des paysages et des transports et quasiment pas par ceux du logement et des zones d'activités économiques.*
*Georges Liesch commence par le plan sectoriel des paysages. Les structures existantes y sont répertoriées avec par exemple le Fond-de-Gras, la Ferme rouge, le Bache Jang et le Vesquenhaff. Si le plan «paysage» était approuvé tel quel, ces sites seraient soumis aux mêmes restrictions que les autres terrains avec des conséquences néfastes pour les exploitants. C'est pourquoi le collège échevinal demande des précisions quant à ces sites qu'il faudrait distinguer des zones naturelles protégées.*
*D'autres projets ont été lancés il y a longtemps. Georges Liesch mentionne le parc éolien et l'école forestière. La commune travaille aussi à la réalisation d'une serre. Mais le texte est flou. Il est dit que «toute fragmentation nouvelle par des installations linéaires est interdite». Or «installation linéaire» est une expression particulièrement vague. C'est regrettable pour un texte cen-*

vläicht iwwerluecht ginn, fir e Syntheteschen dohinner ze maachen, well awer do vill drop gespillt gëtt. Dat ass dee Moment net gemaach ginn. Mä ech mengen, et ass awer och wichteg, datt deen Terrain elo esou ass, wéi en ass. Mä dat waren d'Haaptgrënn fir d'Augmentatioun.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Geliits an d'Buvette, jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Kéinte mer déi dräi Dekonte mateneen ofstëmmen? Jo.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les décomptes de trois projets communaux.*

En drëtte wichtege Punkt an, am Fong geholl, de Grond, firwat mer dës Sitzung elo den 12. September gemaach hunn an net d'Vakanz ofgewaart hunn. Mer hu mussen eis Avisen an d'Plan-sectoriellen eraginn. Eppes ganz Wichteges. Net nëmme fir d'Stad Déifferdeng a fir dee ganze Süden, mä fir d'ganzt Land.

Mir hunn en Avis ausgeschafft. An ech ginn elo d'Wuert dem Här Liesch, dee sech déi lescht Méint ganz intensiv mat deene Plan-sectoriellen do auserneegesat huet. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech probéieren Iech duerch den Dossier ze féieren. Virop soen ech e grousse Merci un eis Architektin, d'Véronique Grün, wat dësen Dossier chaperonnéiert huet. Wat déi sämtlech Avise vun alle Servicer hei op der Gemeng agesammelt huet an dat an den Avis afléisse gelooss huet. Wat do eng ganz kohärent a gutt Aarbecht gemaach huet.

Dir gesitt bei deene véier Plan-sectorielle si mer haaptsächlech betraff vum Plan „Paysages" a vum Plan „Transports". Vun de „Zones d'activités économiques" quasi guer net a vum „Logement" och net. Duerfir ginn ech op déi an, wou mir betraff sinn a wou mer eis Avise formuléiert hunn.

Ech fänken u mam Plan sectoriel „Paysages". Do gëtt et eng Partie Structure-existanten, déi mir hei alleguerte kennen. Déi hu mer opgelëscht. Vläicht hu mer nach dat eent oder dat anert vergiess. Mä op jidde Fall weist déi Lëscht hei ganz vill Saachen op, wéi de Fond-de-Gras, de rouden Haff, de Bache Jang, de Vesquenhaff an esou weider, déi am Plan sectoriel net ernimmt ginn an och net ervirstiechen. Mir fannen dat net gutt.

Wann de Plan „Paysages" esou géif gestëmmt ginn, géifen op deene Sitten déiselwecht Restriktioune leie wéi op deenen aneren Terrainen. Wat fir déi Leit déi Exploitant si vun deene Gebailechkeeten, natierlech net evident wär.

Mir wäre frou, wann do Präzisioune géifen drakommen, wéi e mat deene Structures existantes muss ëmgesat ginn, respektiv, dass een déi Structures existantes géif an de Plan „Paysages" mat eranhuelen. A se dann awer vläicht ausklamere vun deenen Exigenzen, déi op Naturschutzgebidder an esou weider ronderëm iwwerall leien.

Dann hu mer eng Partie Projeten, wou mer scho méi laang dru schaffen oder dru geschafft hunn. Beispiller sinn eise Wandpark oder eis Bëschschoul, déi mer gemaach hunn. Dir wësst, dass mer nach ëmmer un deem Projet vun den Zäre schaffen. Och do ass den Text flou. Dozou sinn och eng ganz Partie Avisen erakomm. Op déi kommen ech nach zréck.

Den Text schreift hei: „Toute fragmentation nouvelle par des installations linéaires est interdite". Dee Begrëff „installation linéaire" hu mer nogeschloen. Mir hu probéiert erauszefannen, wat dat bedeit. Mir sinn do awer net schlësseg ginn. Dat heescht, dat ass e bëssen e Lastiksbegrëff, wou een eigentlech alles kann drënner verstoen oder näischt. An dat ass awer bedenklech an engem Text, dee jo awer immens contraignant soll sinn, wann e Wuert drasteet, wat net gräifbar ass an net schwaarz-wäiss ka getrennt ginn.

Mir fuerderen, dass deen Text däitlech misst nogebessert ginn an entweder de Vokabulär geännert gëtt oder wéinstens eng wäiss Lëscht oder eng schwaarz Lëscht gemaach gëtt, wat dorënner fält a wat net. Esou wéi et elo do steet, kann ee jiddefalls net domadder schaffen, well een et net weess.

Vläicht kann ech do e bësse virgräifen. Dir gesitt, bei den Avisen hu mer e puer Reklamatioune vun de Bierger kritt, vu concernéierte Leit. An et ass een Affekotebüro, dee fir den Exploitant vum Wandpark geschriwwen huet, deen dat op deem heite Punkt op e puer Säiten ausgebreet huet. Am Resumé seet en, wa mer deen heiten Term esou stoeloossen, dass eigentlech hei am Land iwwerhaapt kee Wandpark méiglech wär, well net kloer ass, ob e Wandpark eng Structure linéaire ass oder net. A wann et eng wär, da wär hei am Land eigentlech kee Wandpark méi méiglech. Also do muss, mengen ech, däitlech nogebessert ginn.

Ech kommen elo op de Punkt vun den Delimitatiounen. Och do hu mer Bedenken. Wann Der d'Kaart kuckt vum Plan „Paysages", déi och op der Cloud ze fannen ass, ass Iech vläicht opgefall, dass déi Strécher, déi do gezu ginn, net parzelleschaarf sinn. Wat mat sech bréngt, dass dann heiansdo eng Parzell zu engem Deel ënnert dee Plan „Paysages" fält an eng zum Deel net. Dat kann dann zu cocassë Situatioune féieren.

Ech gräifen nach eng Kéier op déi Structure linéaire zréck. Stellt Iech vir, et ass een, dee wëll eppes bauen an en dierf dat dann an där enger Halschent vum Terrain net, well dat dann eng Structure linéaire ass. Ma da réckelt en dat ganz einfach zéng Meter eriwwer an déi aner Halschent vu sengem Terrain an dierf et dann do bauen.

Also iergendwéi bäisst dat sech. Entweder ass en Terrain dran oder net. Entweder ass e Bësch ganz dran oder en ass net ganz dran. Mir denken, dass do muss nogeschafft ginn. Dass déi Delimitatioun vun där Zon parzelleschaarf misst gemaach ginn, fir awer kënnen an Zukunft domat ze schaffen.

Fir net bei all Parzell, déi geschnidden ass, zu engem Sträitfall um Geriicht mussen ze landen, déi da mussen tranchéieren, ob deen Terrain däerf benotzt ginn, fir datt ee säi Projet däerf maachen oder eben net. Dat ass am Moment net de Fall. An dat ass fir eis net gutt.

Am nächste Punkt reklaméiere mer, dass eppes feelt. Nämlech gëtt am Plan „Paysages" net vum Rattem a vum Korsprong geschwat. Mir sinn der Meenung, dass awer grad an engem Grand ensemble paysager de Korsprong misst dra sinn. Ech mengen, Dir kennt deen alleguerten, dat ass awer wierklech e Merkmal vun eiser Géigend zu Uewerkuer. An dat misst onbedéngt hei mat afléissen an dee Plan „Paysages", dass dat also och dësem Schutz muss ënnerleien. Mir fuerdere ganz kloer, dass déi Zon soll vergréissert ginn. Dass de Rattem an de Korsprong mussen an dee Plan „Paysages" mat erageholl ginn.

Den Text schwätzt dann och guer net iwwer Waasser. Waasser ass keen Thema am Plan „Paysages". Elo hätt ee sech kënne virstellen, dass vläicht en extrae Plan nach gemaach gi wär fir Waasser. Dat ass awer net de Fall.

Da bleift eigentlech just, d'Waasser ze thematiséieren an engem vun deene véier Pläng, déi et de Moment gëtt. An ech mengen, et misst dann hei mat drakommen. Dat ass deen eenzegen, wou et passt.

An do si mer der Meenung, dass d'Protektioun vun eise Quellen, déi mer hunn, misst iergendwou thematiséiert ginn an dësem Plan paysager. Dat sinn der eng ganz Rei, och d'Chiers, déi awer nationale Charakter huet. An dat ass net dran. Dofir fuerdere mer, dass dat misst nogeholl ginn. De Quelleschutz vun eise sëlleche Quellen, déi mer hunn, misst awer hei dra figuréieren.

Do si mer natierlech net eleng. Aner Gemenge ralliéiere sech zum Deel un eis Avisen, respektiv mir ralliéieren eis un hir Avisen.

Da géif ech bei de Plan sectoriel „Transports" kommen. Do gëtt et och eng Partie Saachen, déi mer de Ministèrë mat op de Wee wéilte ginn. Dat éischt ass: Mir hunn nach ëmmer gefuerdert hei am Gemengerot, eng Verbindung ze kréien tëschent Nidderkuer a Suessem, déi iwwert d'Gadderscheier

*sé être contraignant. C'est pourquoi le collège échevinal demande que le texte soit amélioré à travers un terme plus clair ou une liste des éléments inclus.*

*Des citoyens concernés ont introduit des réclamations. L'avocat de l'exploitant du parc éolien s'inquiète notamment du fait que si les installations linéaires incluent les parcs éoliens, il ne serait plus possible de construire de tels parcs au Luxembourg.*

*Georges Liesch passe aux délimitations. Les lignes sur le plan ne correspondent pas toujours aux délimitations des parcelles. Par conséquent, certaines parcelles ne sont incluses que partiellement dans le plan «paysages». Cela peut poser des problèmes pour quelqu'un voulant construire sur un terrain dont la moitié pourrait être considérée une structure linéaire. Pour Georges Liesch, la situation doit être clarifiée. Soit une forêt fait partie du plan «paysage», soit elle n'en fait pas partie. C'est pourquoi les délimitations devraient correspondre exactement aux parcelles. Autrement, il est possible qu'un tribunal doive décider si un terrain peut être utilisé ou pas.*

*Georges Liesch constate ensuite que le plan «paysage» ne contient pas le Rattem et le Korspronk. Or le Korspronk est vraiment caractéristique d'Oberkorn et doit être protégé. Le collège échevinal demande donc que la zone soit agrandie.*

*La question de l'eau n'est pas abordée non plus. Or il n'existe pas de plan spécifique pour l'eau. Georges Liesch pense par conséquent que l'eau devrait faire partie du plan «paysage». Il estime que les sources de la ville ainsi que la Chiers, qui a un caractère national, doivent être thématisées dans le plan paysager. En tout cas, les sources devraient être protégées. D'autres communes se rallient d'ailleurs à la position de Differdange.*

*En ce qui concerne le plan sectoriel des transports, le collège échevinal a aussi quelques objections.*

*Tout d'abord, il demande un raccordement de Niederkorn à Sanem passant par le Gadderscheier. Cela permettrait de soulager les localités. Or le plan ne prévoit ce raccor-*

*dement que pour 2030. Cela est d'autant plus regrettable qu'une décharge doit être aménagée sur ce terrain. Comme le terrain appartient à l'État, le collège échevinal craint que le projet de raccordement ne soit réalisé que lorsque la décharge sera en fin de vie. Pour Georges Liesch, la construction du raccordement devrait être classée comme priorité 1 et être réalisée en même temps que la décharge. La route pourrait aussi faciliter l'exploitation de la décharge.*

*Le plan sectoriel précédent prévoyait une déviation entre la route de Pétange et la route de Bascharage. Cette déviation se trouvait en direction de Käerjeng avant le garage Collé, là où la commune veut construire le nouveau CID. À l'époque, la commune s'était opposée à la réalisation de cette route, car elle avait besoin du terrain. La route ne figure plus dans le plan sectoriel des transports actuel. Georges Liesch souhaite proposer au ministère de reculer légèrement la déviation — à hauteur du transformateur de Creos entre la route de Pétange et la route de Bascharage. En effet, la commune est en train de viabiliser un terrain et d'y réaliser des centaines de maisons. Or les futurs habitants n'auront d'autre choix que de passer sous le pont ou de remonter la route de Pétange jusqu'au carrefour. C'est pourquoi le collège échevinal estime qu'un contournement est nécessaire à l'endroit mentionné par Georges Liesch. Le lotissement serait relié directement à la Collectrice et les automobilistes n'auraient pas besoin de passer par Pétange ou Niederkorn.*

*Ce tracé serait vraiment utile. En plus, une piste cyclable pourrait être créée à côté.*

*La doléance suivante n'est pas nouvelle non plus. Il s'agit d'un arrêt CFL dans le quartier Fousbann. Georges Liesch rappelle que de nombreuses personnes vivent dans le quartier Neuwies, aussi bien du côté de Differdange que du côté de Belvaux. Ces personnes devraient pouvoir accéder directement à une gare. Il a déjà été question de déplacer légèrement la gare de Belvaux, mais la Ville de Differdange conti-*

géif goen. Wat eis géif erlaben, den Trafic aus den Uertschaften erauszekréien.

Déi ass am Plan sectoriel „Transports“ net virgesinn, respektiv si ass virgesinn, awer ganz spéit. Si huet eng Prioritéit 2, mam Horizont 2030, wat immens laang ass. Mir fannen dat immens schued. Notamment, well mer wëssen, dass op deem Terrain eng Deponie vun Terre inerte geplangt ass, déi berühmten Deponie Cloos.

Den Terrain, wou déi Strooss soll hikommen, gehéiert dem Staat. A mir fäerten e wéineg, dass mer mat där Prioritéit, déi mer am Moment hei hunn, riskéieren, dass herno gesot gëtt, déi Deponie leeft elo an déi muss emol fir d'éischt bis zum Enn exekutéiert ginn, ier mer de Projet vun der Strooss ufänken. Da kéint den Timing vun där Strooss nach no hanne rutschen. An dat fanne mer net gutt.

Mir hätte gären, dass déi Verbindungsstrooss als Prioritéit 1 géif klasséiert ginn a quasi parallel mat där Deponie déi do geplangt ass, géif realiséiert ginn. Dann hätte mir jiddefalls de Benefice vun där Strooss vill méi laang a si kéint och der Exploitatioun vun där Deponie déngen.

An deem leschte Plan sectoriel – dat huet zwar net Plan sectoriel geheescht, dat, wat verworf gouf, huet aneschters geheescht – war eng Deviatioun agezeechent tëschent dem Péitenger Wee an dem Käerjenger Wee. Wann der Iech gutt erënnert, war déi Deviatioun am Fong, wann ee vun Nidderkuer Richtung Käerjeng fiert, nach virun dem Garage Collé. Do wou mer eisen neie CID plangen.

Mir haten eis deemools gewiert, dass déi Strooss net sollt dohinner kommen. Well mer deen Terrain gebraucht hu fir eis eege Saachen a mer dat och net op där richteger Plaz gesinn hunn.

Dat ass net méi an deem neie Plan sectoriel „Transports“ dran. Mir wëllen de Ministèren eng Propos mat op de Wee ginn, dass een dës Deviatioun e bësse méi wäit hanne kéint maachen, op der Héicht vun der Trafo-Statioun vun der Creos. Hannert dem Collé ass an der Wiss eng Trafo-Statioun. Op där Héicht, oder vläicht souguer nach méi hannen, kéint een eng Deviatioun tëschent dem Péitenger an dem Käerjenger Wee maachen.

De Grond ass deen: Dir wësst bestëmmt, dass d'Firma Eucosider, déi zu Péiteng lokaliséiert war, scho viru Jore geplënnert ass. An d'Péitenger Gemeng ass am Gaangen, deen Terrain do ze viabiliséieren. Dat ass jo och sënnvoll. Do entsteet e relativ grousst Lotissement mat e puer Honnert Haiser.

A wann ee sech d'Fro stellt, wou déi Leit, déi do wunne kommen, mat hiren Autoen erausfueren, da bleiwen am Fong just zwou Méiglechkeeten: Entweder si knéchelen ënnert der Bréck erduerch duerch Péiteng op d'Haaptstrooss oder si fueren de Péitenger Wee bis op d'Kräizung an erëm zréck. An da kann ee sech jo ausmolen, wou den Trafic wäert higoen.

Duerfir fanne mer, dass déi Ëmgeeungsstrooss op där Plaz Sënn géif maachen. Well da géif se eigentlech dëst neit Lotissement direkt un d'Collectrice uschléissen an den Trafic géif weder duerch Nidderkuer nach duerch Péiteng goen.

Mir mengen, dass dësen Tracé hei, deen iwwregens och vill méi kuerz wär, wierklech profitabel wär. En plus kéint ee laanscht deen Tracé eng Mobilité-douce-Verbindung schafen, wou een déi Leit mam Vëlo direkt kéint mat bedéngen.

Dann hu mer eng Doleance, déi och net nei ass, déi scho laang vun eis gefuerdert gëtt. Dat ass en zousätzlechen CFLs-Arrêt am Quartier Fousbann. Dee ganze Quartier Neiwiss, wou am Moment jo awer vill Lotissementer entstinn. Souwuel op eiser Säit, mä och op Bielesser Säit si Saache geplangt. Hei wär op jidde Fall en Arrêt um Fousbann gerechtfäerdegt. Fir dass déi Leit, déi do wunnen, en direkten Accès op eng Gare hätten.

D'Iddi war deemools, fir déi Bielesser Gare e bëssen ze réckelen, a Bieles eran, fir dass d'Arrêten net ze no beienee leien. D'Déifferdenger Gemeng fuerdert nach ëmmer, dass en zousätzlechen Arrêt CFL um Fousbann misst realiséiert ginn. An dass deen och misst am Plan sectoriel «Transports» stoen.

E leidegt Thema, wat mer scho méi laang diskutéiere mat den zoustännegen Instanzen, ass eis Gare zu Déifferdeng, wann een dat esou däerf nennen. Mir mengen nach ëmmer, dass déi drëttgréisst Stad am Land eng Gare verdéngt hätt a kee Busarrêt. Op jidde Fall eppes Besseres wéi dat, wat am Moment do steet.

Mir reechen nach ëmmer zwou Hänn un all d'Instanzen, fir am Kader vun der Entrée en ville, wou nach vill Developpement geschitt, eppes ze maachen, wat enger Stad wéi Déifferdeng würdeg ass. A wat de Passagéier, déi den ëffentlechen Transport notzen, op dee mer se jo gär hätten, wierklech géif zegutt kommen, wa se am Wanter, am Hierscht, am Fréijoer an och soss, net am Wand an am Ree géife stoen.

A mir mengen, dass esou eng Gare och am Plan sectoriel misst stoen. Fir dat nach eng Kéier ze verdäitlechen, dass mer dat gären hätten.

Zum BHNS, dat ass de Bus à haut niveau de service: Dir wësst jo, dass dee geplangt ass duerch dee ganze Süden. Uganks war e geplangt vun Diddeleng bis op Déifferdeng. Doduerch, dass mer zu Déifferdeng kee Rondpoint hunn, kéinte se net hei dréien. Den Tracé ass du weidergefouert gi bis op Nidderkuer, wou se schlussendlech am Haneboesch géifen dréien an erëm zréckfueren.

Als Provisorium kann ee soen ass dat okay. Mir sinn awer der Meenung, wann de BHNS scho bis op Nidderkuer an den Haneboesch fiert, da géif et awer och Sënn maachen, dass e géif weiderfuere bis op d'Biff, fir de Raccord mat Käerjeng a Péiteng ze fannen an do ze dréien. An dat sollt dann och am Plan sectoriel vermierkt ginn. An enger éischter Phas kéint een et wuel maache bis op Nidderkuer, mä d'Zil sollt sinn, dass e méi wäit fiert, fir déi zwou aner Gemengen och un de BHNS unzeschléissen.

Dann hu mer zwou Remarke gemaach zu de Piste-cyclablen aacht an néng. Dir wësst, dass opgrond vun der Initiativ vun der Gemeng Déifferdeng, déi jo och den Tracé Bieles-Uewerkuer mat Bieles zesumme finanzéiert huet – wou mer keng Subside kritt hunn –, mer de weideren Tracé, dee jo virgesi war duerch d'Gemeng Déifferdeng an duerch Nidderkuer, fir Richtung Käerjeng ze goen, dem Staat iwwerginn hunn als nationale Projet. Dat heescht, de Staat ass am Gaangen, déi Aarbechten ze maachen.

Et gëtt jo scho geschafft bei der aler Déifferdenger Gare, fir deen Tracé weiderzeféieren. Et gëtt do Diskussiounen, wann een zu Nidderkuer ukomm ass, bei der Héicht vun der Bréck vum Mattendall, ob een do sollt Richtung Käerjeng fueren oder, zum Beispill, uewen iwwert de Péitenger Wee. Fir d'Leit direkt op d'Péitenger Gare ze bréngen, wou een eng Schnellverbindung an d'Stad huet.

Mir hunn elo nach eng Entrevue mam zoustännege Mann vum MDDI, fir dat ze klären. Ech perséinlech sinn éischter der Meenung, wann een de Choix hätt, an déi zwou Alternative gutt sinn, da sollt een déi zwou realiséieren. Well ech mengen, déi hunn allen zwou hir Daseinsberechtegung. Dass ee schnell op d'Péitenger Gare géif komme mam Vëlo, wéi och, dass ee schnell mam Vëlo bis op d'Biff kënnt, fir do seng Akeef oder wat och ëmmer ze maachen.

Mir fuerderen och an deene Plan-sectoriellen, dass eng kleng Verbindung gemaach gëtt, fir den Déifferdenger PC8 unzeschléissen un déi bestoend Piste cyclable vun Zolwer.

Beim ZolwerEck, 200 Meter weider erop, lénker Hand geet e Vëloswee eran. Dat muss een allerdéngs wëssen. Et steet e klengt Schëld do, mä dat ass awer bal onscheinbar. Do ass een op der Piste cyclable sechs. Et feele just e puer Honnert Meter, fir Déifferdeng un déi Vëlospist unzeschléissen. An et wär flott, wann déi am Plan sectoriel «Transports» wär. Dass d'Zil sollt sinn, déi Verbindung ze sichen.

Mir sinn do schonn a Gespréicher mat de Proprietären – wat zum Deel ArcelorMittal ass – a mat der Gemeng Bieles, fir dat ze maachen. Mä dat soll och an de Plan-sectorielle virgesi sinn.

En Thema, wat mer och schonn hei am Gemengerot diskutéiert hunn, ass d'Suppressioun vun eisem leschte Bahnübergang, dem PN15 hei zu Déifferdeng. Mir hätten och gär, dass den Tracé, wéi mer e schonn definéiert

*nue à exiger un arrêt supplémentaire des CFL au Fousbann.*
*Pour ce qui est de la gare de Differdange, Georges Liesch estime que la commune mérite mieux qu'une espèce d'arrêt de bus. Le collège échevinal fait tout ce qu'il peut auprès de toutes les instances pour améliorer la situation de la mobilité douce dans le cadre du développement de l'entrée en ville.*
*Le bus à haut niveau de service est prévu à travers le sud du pays. Au départ, il devait circuler de Dudelange à Differdange, mais comme il n'y a pas de rondpoint à Differdange, le tracé se prolongera jusqu'au Haneboesch. Pour le collège échevinal, il s'agit d'une solution provisoire. Le BHNS devrait en effet circuler jusqu'au Biff et relier Käerjeng et Pétange. Dans un premier temps, Niederkorn peut suffire, mais l'objectif final doit être de faire circuler le BHNS dans les deux autres communes également.*
*Viennent ensuite deux remarques concernant les pistes cyclables. Georges Liesch rappelle que la commune a contribué au financement du tracé entre Belvaux et Oberkorn. En revanche, c'est l'État qui s'occupe du tracé entre Differdange et Käerjeng. Les travaux ont commencé à l'ancienne gare de Differdange. Des discussions sont en cours pour savoir si le tracé doit passer par le Mathendahl ou par la route de Pétange pour rejoindre directement la gare de Pétange.*
*Une entrevue est prévue avec le MDDI. Georges Liesch préconise de réaliser les deux pistes. En effet, elles sont toutes les deux pertinentes et permettent d'atteindre la gare de Pétange et le Biff rapidement.*
*Le collège échevinal exige également un raccordement de la PC 8 à la piste cyclable de Soleuvre. Il existe une piste 200 m à gauche du Zolwereck, mais la signalisation est mal faite. Le plan sectoriel des transports devrait prévoir le raccordement à cette piste cyclable. Le collège échevinal est en pourparlers avec les propriétaires, c'est-à-dire ArcelorMittal entre autres, et la commune de Belvaux.*
*Un autre sujet important est la suppression de la PN 15. Le tracé, tel qu'il a été défini, devrait figurer*

*dans le plan sectoriel. Il s'agit de montrer clairement quelle solution a été retenue.*
*En ce qui concerne le tram rapide, Georges Liesch a toujours compris qu'il devait rallier Cessange à Räemerech pour desservir Belval. Or le plan sectoriel de la commune de Belvaux fixe un arrêt à Belvaux. Ce n'est pas à Georges Liesch de trancher s'il s'agit d'une décision pertinente. Mais il se demande pourquoi, alors, le tram rapide ne rallie pas aussi la troisième ville du pays, Differdange. Le collège échevinal demandera que cette possibilité soit analysée dans le cadre du plan sectoriel. Peut-être n'est-ce pas une bonne solution, mais il faudrait au moins l'évaluer.*
*Pour ce qui est du plan sectoriel des zones d'activités, la commune n'est pratiquement pas concernée. Elle demande simplement de disposer d'un droit de préemption sur les terrains en question, si les entreprises industrielles décidaient un jour de quitter Differdange.*
*Georges Liesch n'entend pas par là qu'ArcelorMittal risque de disparaitre du jour au lendemain. Mais il se pourrait que l'un ou l'autre terrain se libère. Le collège échevinal veut disposer d'un droit de préemption pour que la commune ait son mot à dire dans son développement.*
*Differdange n'est pas représentée dans le plan sectoriel du logement. Le collège échevinal n'a donc aucune objection à faire.*
*Les citoyens ont introduit quelques petites réclamations.*
*Un citoyen s'est plaint que la Chiers et le Korspronk ne figurent pas dans les plans sectoriels.*
*D'autres estiment que le plan sectoriel des paysages ne permet pas la construction d'un parc éolien. Georges Liesch a abordé tout à l'heure la question des structures linéaires. Le collège échevinal exige que ce terme soit clarifié.*
*Creos trouve certaines conditions trop restrictives pour permettre l'aménagement de conduits, l'installation de transformateurs, etc. Les procédures vont s'allonger et Creos demande plus de flexibilité. Leur avocat s'est manifesté.*
*ArcelorMittal a également réclamé comme attendu. Ils ne veulent pas*

hunn, an de Plan sectoriel stoe kënnt. Deen ass net dran. Mir fannen awer, dass deen Tracé esou wichteg ass, dass dee muss dra sinn. Fir ze weisen, dass dat deen Terrain, déi Alternativ ass, déi zréckbehale gëtt, fir de PN15 da schlussendlech och ze realiséieren.

E leschte klenge Punkt, deen eis opgefall ass, wéi mer net nëmmen d'Plan-sectorielle vun eiser Gemeng, mä och d'Plan-sectorielle vun eisen Nopeschgemenge gekuckt hunn. Do hu mer um Plan sectoriel vun der Gemeng Bieles gesinn, dass de schnellen Tram, dee geplangt ass tëschent Zéisseng a Raemerech – sou hunn ech et emol zumindest bis dohinner verstane gehat, dass et eng schnell Verbindung wär tëschent Zéisseng a Raemerech, fir de Belval ze connectéieren –, e Stéch mécht bis op Bieles erop.

D'Fro ass, firwat do nach e Stéch gemaach gëtt. Et ass net u mir, fir déi ze tranchéieren. Do gëtt et bestëmmt gutt Grënn. Allerdéngs kann ee sech dann d'Fro stellen: Wann den Tram effektiv bis op Bieles fiert an do e Stéch mécht, firwat deen net och un déi drëttgréisst Stad am Land, Déifferdeng, uschléissen?

Jiddefalls froe mir am Plan sectoriel, dass dat soll mat iwwerluecht an analyséiert ginn. Vläicht kënnt een dann zum Fait, dass et awer net sënnvoll wär. Mä zumindest sollt et awer mat an d'Plans sectoriels iwwerluecht ginn. Dat waren déi grouss Punkten aus dem Plan sectoriel „Transports".

Vun de Zones d'activités si mer quasi net betraff. Just mat engem Punkt. Mir hätte gär, dass déi industriell Terrainen, déi Zones d'activités, déi mer hunn, sollte klasséiert ginn an den Droit de préemption.

Dat heescht, mir fuerderen, wann – wat mer jo all net hoffen – d'Industrie hei an Déifferdeng eng Kéier net ze hale wär an iergendwann eng Kéier géif verschwannen, dass dann d'Gemeng en Droit de préemption op d'Terrainen hätt, och vläicht partiell Terrainen.

Ech denken elo guer net drun, dass d'ArcelorMittal vun haut op muer komplett verschwënnt. Mä ech kéint mer awer schonn Zeenarie virstellen, wou déi eng oder déi aner Terraine fräi géife ginn, well se net méi gebraucht ginn, well den Terrain méi rationell genotzt kéint ginn. A fir déi Terrainen, déi dee Moment géife fräi ginn, hätte mer natierlech gären den Droit de préemption. Fir dass mer do awer Matsproocherecht hunn, wat den Developpement vun eiser Gemeng ugeet.

Wéi gesot zum „Logement" hu mer keen, well mer do néierens dra sinn. Déifferdeng ass do an de Plan-sectorielle guer net vertrueden. An och ronderëm hu mer gekuckt, mir hunn do näischt fonnt, wou mer eppes kéinte schreiwen. Dofir hu mer keng Awänn zum Plan sectoriel „Logement" formuléiert.

Et sinn e puer Reklamatioune komm vu Bierger. Ee Bierger reklaméiert, dass de Korsprong mat der Chiers net dran ass. Eng Remark, déi mir och gemaach hunn, déi mer absolutt deelen.

Et si Reklamatioune komm géint de Wandpark vu Leit, déi der Meenung sinn, dass de Wandpark net am Aklang wär mat dem Plan sectoriel „Paysages". Zum Deel ass et richteg. Vu dass deen Term Structure linéaire drasteet. Wann een dat esou liest, kann een natierlech soen, dat ass net an Aklang mat engem Wandpark. Well ass dann elo e Wandrad eng Structure linéaire oder net? A genau dat fuerdere mer jo, dass deen Term muss opgekläert a präziséiert ginn. An da kréie mer eng Äntwert, ob et méiglech ass oder net.

Et sinn och Reklamatioune vu Creos komm. Déi fannen, dass a verschiddenen Zonen d'Oplagen ze vill restriktiv sinn, wat hir deeglech Aarbecht ugeet, fir Leitungen ze verleeën, fir Trafo-Statiounen ze realiséieren. Wat si natierlech beanträchtegt. Hir Prozedure ginn esou e gutt Stéck méi laang, wa se grad an esou eng Zon falen. A si wëllen do iergendwéi e gewësse Lastik kréien, datt hir Projeten och an deenen Zonen déi quasi, wéi hiren Affekot schreift, no un eng Utilité publique kommen, géifen e bësse méi zügeg virugoen.

Da krute mer, wéi ze erwaarden, eng Reklamatioun vun ArcelorMittal. Genau dat, wat mir wëllen, nämlech den Droit de préemption, wëlle si net. Ech mengen, et ass kloer, wann Terraine fräi ginn, wëlle si als Proprietär vun den Terrainen déi vläicht valoriséieren an

den Droit de préemption net op d'Gemeng iwwerginn. Mir sinn eben do anerer Meenung.

Eng Reklamatioun kënnt vu Solarpower. Dat ass den Exploitant vun eisem Wandpark-Projet. Ech muss soen, déi Reklamatioun ass ganz interessant ze liesen, mä si ass zu iwwer d'Halschent eng Envergure nationale a méi philosophescher Natur. Do gëtt vill geschwat, dass déi Plan-sectorielle géint d'Constitutioun wären an esou weider. Ech mengen, dat ass net un eis, um Gemengerot oder un de Servicer, fir dat ze tranchéieren. Wann dat esou ass, mussen aner Niveauen ageschalt gi wéi mir.

Ee Punkt, deen een awer kann zréckbehale bei dëser Reklamatioun, ass eben och erëm deen Term Structure linéaire, deen net kloer weist, wat da schlussendlech méiglech ass a wat net.

Ech hunn elo den Tour de table gemaach vun deem, wat mir als Gemeng als Avis formuléiert hunn an un d'Instanze weiderreechen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Mir riskéieren eis elo ze widderhuelen, mä ech mengen, et misst een elo awer eppes soen. Well soss hätt Dir elo gesot, okay, et ass alles gesot, hale mer op. Mä mir hunn eis awer mam Dossier beschäftegt. An ech mengen, et sinn och vläicht verschidden aner Meenungen hei um Dësch nach wéi dat, wat d'Avise sinn.

Allgemeng kënne mer, am Géigesaz zu deenen éischte Plans sectoriels, soen, dass sech bei deenen neie Pläng fir Déifferdeng am Wesentlechen net vill geännert huet. Ofgesinn emol vum PST, dem Plan directeur sectoriel „Transports“. Dir wësst, dass ech mech mat deenen éischte Plans sectoriels och ganz intensiv beschäftegt hunn. Dofir fannen ech hei vill Froen a Kapitelen an Detailer erëm, déi ech och deemools scho gesinn hat. A mir haten eis Objektiounen och deemools schonn agereecht.

Dann awer zum Detail: Éischtens zum Plan directeur sectoriel „Paysages“ dem PSP. Hei solle grouss Ensembele vu Landschaften erhalen a geschützt bleiwen. Dat betrëfft och dee Grénggürtel ronderëm eis Gemeng, e ganz grousse Beräich, de sougenannten Dogger.

Wéi scho gesot gouf, gëtt et eng ganz Partie divers Infrastrukturen an dëse Landschaftsdeeler, wéi de Patrimoine culturel industriel am Fond-de-Gras a Lasauvage, de Bëschkierfecht, d'Bëschcrèche an d'Bëschschoul, d'Spillplazen, d'Hondsterrainen, de Bache Jang, den Terrain vun der Efco an esou weider.

Et ass vun absoluter Wichtegkeet, dass d'Existenz vun dësen Infrastrukturen an deem neie PSP ofgeséchert an den Ausbau, dat heescht eng Weiderentwécklung, méiglech bleift. All dës Gebailechkeeten oder Aktivitéiten, déi zu eisem kulturelle Patrimoine gehéieren, wéi Blues Express, de Steampunk an eng Partie anerer, si jo och am Avis opgelëscht.

Datselwecht gëllt fir d'Halen, d'Gebaier an d'Gleiser am Kader vun den Aktivitéite vum Train 1900, der Minièresbunn am Fond-de-Gras a Lasauvage. Dat heescht, dem Développement touristique eng Chance ginn.

Am Avis vun der Stad Déifferdeng geet och vun deenen dräi méi rezente Projete rieds: dem Wandpark, der Bëschschoul a Bëschcrèche an den Zären. Wat d'Wandmillen ubelaangt, déi jo an der Schutzzon opgeriicht ginn, plädéiert d'Gemeng, fir dëst zouzeloossen. Well si jo scho länger Zäit do geplangt sinn an all primär Aarbechten ofgeschloss sinn. A si och keng direkt Empreinte op deen Terrain hätten.

Mir froen eis, firwat den Ëmweltministère net scho längst e Plang fir d'Implantatioun vu Wandmillen an deene verschiddene Regiounen hei am Land opgestallt huet.

Wat den Déifferdenger Wandpark ubelaangt, sou ass d'LSAP weiderhin der Meenung, dass dës Wandrieder d'Liewensqualitéit vun den direkten Anrainer net däerfe beanträchtegen. Et muss een d'Statiketüden ofwaarden, well den Ënnergrond jo mat Stollen duerchsat ass.

*de droit de préemption. C'est compréhensible, car en tant que propriétaires, ils veulent pouvoir valoriser les terrains qui se libèreraient. SolarPower, l'exploitant du parc éolien de Differdange, a déposé une réclamation intéressante de nature philosophique. Les plans sectoriels ne respecteraient pas la Constitution. Pour Georges Liesch, ce n'est pas au conseil communal ou aux services communaux de décider. Il se contente de répéter que le terme de «structure linéaire» n'est pas clair et qu'il ne permet pas de définir ce qui est autorisé et ce qui ne l'est pas.*
*Georges Liesch constate qu'il a abordé tous les points formulés dans l'avis de la commune.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *risque de répéter ce qui a déjà été dit. Mais d'un autre côté, les socialistes ont analysé le dossier et ne sont pas toujours d'accord avec ce qui a été retenu dans les avis.*
*Par rapport aux premiers plans sectoriels, peu a changé pour Differdange. Erny Muller s'est beaucoup occupé de ces plans et les connait donc bien.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *en convient.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que les objections avaient déjà été envoyées.*
*Le plan directeur sectoriel des paysages a pour objectif de protéger les grands ensembles de paysages, et notamment la ceinture verte autour de Differdange. Pour Erny Muller, il est essentiel que l'existence de structures comme le parc industriel du Fond-de-Gras, le cimetière en forêt, le campus scolaire forestier, le Bache Jang ou le terrain d'Efco soit retenue dans le plan sectoriel et qu'un développement de ces sites reste possible. Les activités faisant partie du patrimoine culturel comme le Blues Express ou le Steampunk sont aussi énumérées dans l'avis.*
*La même chose est vraie pour les halles, les bâtiments et les rails du Train 1900 et de la Minièresbunn.*
*Pour ce qui est des éoliennes, la commune souhaite les autoriser, car elle travaille depuis longtemps*

*sur ce projet. Les socialistes se demandent pourquoi le ministère de l'Environnement n'a pas encore réalisé un plan pour l'implantation d'éoliennes dans le pays. Ils sont d'avis que le parc éolien de Differdange ne doit pas impacter la qualité de vie des riverains. Des études de statique doivent être réalisées.*
*Le Rattem, qui a été déclaré zone verte récemment, le cours d'eau et les étangs doivent être intégrés aux plans directeurs.*
*Les pistes cyclables et les chemins de promenade doivent pouvoir être aménagés avec l'Administration des forêts.*
*M. Liesch a abordé la question des délimitations des parcelles.*
*Le plan sectoriel des transports contient des nouveautés. La desserte interurbaine de Sanem est classée priorité 2, ce qui n'est pas suffisant.*
*Les plans prévoient un nouvel axe de raccordement le long du Scheierhaff en direction de la Collectrice, ce qui est intéressant pour Differdange.*
*Le raccordement de la route de Bascharage à la rue de Pétange a été abandonné.*
*Le plan directeur du logement reprend le grand lotissement à Pétange sur l'ancien site d'Eucosider.*
*Un raccordement de la route de Pétange en direction de la Collectrice du Sud est absolument nécessaire.*
*Il faut une vraie gare à Differdange ainsi qu'un arrêt dans la rue de Belvaux à proximité des Woiwerwisen.*
*Si Erny Muller a bien compris ce qui était écrit dans les journaux, l'échevin aux transports et le ministre des Transports ne sont pas du même avis à ce sujet.*
*Le PN 15 à Oberkorn doit absolument être supprimé et le nouveau tracé doit figurer dans le PDST.*
*Le collège échevinal a abandonné l'idée d'un raccordement direct à Luxembourg-ville en passant par Pétange et Käerjeng. Cela est sans doute lié au tram rapide.*
*Le tracé du BHNS est une des nouveautés du PDST.*
*L'avis mentionne la PC 8 en direction de Käerjeng, le raccordement à la PC 6 à Käerjeng et la PC 9 en direction de Sanem.*

De Rattem, dee mer virun enger Zäit als Zone verte klasséiert hunn, soll selbstverständlech mat erageholl ginn, wéi och eis Gewässer an eventuell Weieren.

Mir si frou, dass de Korsprong hei opgeléscht ass. D'Vëlospisten an d'Spadséierweeër solle weiderhin zesumme mat der Forstverwaltung kënnen amenagéiert ginn.

Wat d'Delimitatioun vun de Grands ensembles ubelaangt, déi un d'Agglomeratioun stoussen – den Här Liesch hat et scho gesot –, fanne mir et gutt, wann dës, wéi am Avis uginn, virun de Parzelle vum Bebauungsplang ophalen.

Zweetens, zum Projet Plan directeur sectoriel „Transports“, PDST. An dësem si wuel fir eis Gemeng déi interessantst Neierungen agefloss. Ech fänken u mat der Desserte interurbaine Sanem. Dat heescht vum Fousbann eriwwer op Nidderkuer a Richtung Suessem.

Dës Ëmgeeungsstrooss ass fir de Moment leider nëmmen ënner Prioritéit 2 ze fannen. Si soll onbedéngt, a wann technesch machbar, op d'Prioritéit 1 agestuuft ginn.

Unhand vun de Pläng kënne mir eng nei Verbindungsachs vun der Bielesser Strooss laanscht de Scheierhaff a Richtung Collectrice gesinn. Dës ka fir eis Gemeng ganz interessant ginn.

Déi geplangte Verbindungsstrooss vun der rue de Bascharage Richtung rue de Pétange ass fale gelooss ginn. Hei hate mir jo als Gemeng de PAG geännert.

Am Plan directeur sectoriel „Logement“, wou fir Déifferdeng näischt Spezielles ufält, kënne mir ganz kloer en neit gréissert Lotissement zu Péiteng erkennen um Site vun der fréierer Eucosider.

Eng nei Verbindungsstrooss vun der CR175, route de Pétange, praktesch laanscht d'Eisebunnsbréck a Richtung Collectrice, wéi vun der Stad Déifferdeng am Avis opgefuerdert, ass onbedéngt ubruecht.

Am Kader vum CFL ass e gewënschten Arrêt vun der Bielesser Strooss, no beim Quartier Woiwerwise gefrot, grad esou wéi e Gebai fir eis Déifferdenger Gare. Ëmmerhin drëttgréisst Stad.

Wann ech déi zwee Zeitungsartikele vun eisem Transportschäffen an dem Transportminister richteg interpretéiert hunn, da sinn déi zwee, obwuel vun därselwechter Partei, op dësem Punkt getrennter Meenung.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat hu mir och, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Fir den CFL ass onbedéngt d'Suppressioun vum PN15, der Uewerkuerer Barrière, virzehuelen an deen neien Tracé selbstverständlech, wéi och hei am Avis gefrot, mat an de PDST ze huelen.

De Schäfferot huet a senger Analys op déi an der éischter Versioun vun de Plans sectoriels gefrot Direktverbindung mat der Stad Lëtzebuerg Richtung Péiteng an dann direkt Käerjeng verzicht. Mir huelen un, dass dëst duerch déi nei Approche vum Tram rapide zustane koum. Ech gi méi spéit drop an.

Nei un de Pläng vum PSDT ass den Tracé vum BHNS, Bus à haut niveau de service, a wou hie soll zu Déifferdeng zirkuléieren.

Am Avis geet rieds vun de Pistes cyclables, dem PC8 Richtung Käerjeng, der Verbindung PC6 zu Käerjeng souwéi dem PC9 Richtung Suessem. Mir wäre frou, wann et endlech emol mam PC8 géif virugoen.

Zum Tram rapide: Wou den Tracé elo vu Gaasperech respektiv Zéisseng kommend Richtung Esch/Belval a Bieles definéiert ass, freet eis Gemeng, fir dëse bis op Déifferdeng weiderzeféieren. Wat sécherlech eng gutt Saach ass.

D'LSAP wollt mat op de Wee ginn – well mir jo an eise Reien e Spezialist hunn, wat déi schinnebezunne Gefierer ubelaangt, nämlech den Här Goffinet –, d'Eisebunnsbréck vun der ARBED, déi jo vum Fousbann a Richtung Belval

verleeft, an dës Iwwerleeungen eranzehuelen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ënner „Divers“ sinn am Avis opgezielt den Transport transfrontalier, wou mir jo nach ëmmer hei zu Déifferdeng betraff sinn, trotz der Liaison Micheville. Dann d’Reservatioun vun Terraine fir Park & Ride. Mir wäre frou, wann d'CFL do emol géif eng Ausso maachen, wéi dat zu Déifferdeng ausgesäit. Awer dës kéinten och definitiv opgeholl ginn an de PDST. An och selbstverständlech déi Mesures antibruit, déi mer ganz ënnerstëtzen, zemools wat d'Nuetszich ubelaangt.

Drëttens, de Projet de plan directeur sectoriel „Zones d'activités économiques“, de PSZAE. E laangen Numm. An der Partie graphique sinn déi bestoend Zonen betreffend Haneboesch agedroen. An et gëtt eng nei Zon, dee sougenannte Schlakentipp op Gadderscheier ausgewisen, wou en droit de préemption soll drop kommen.

Véiertens, de Projet de plan directeur sectoriel „Logement“, PSL. Ech hat scho gesot, dass et an dësem Kader näischt Spezielles fir Déifferdeng gëtt. Iwwer Eucosider zu Péiteng hunn ech geschwat.

Interessant ass ze gesinn, dass den Terrain zu Zolwer, beim Scheierhaff, wou e gréissert Areal als Bauterrain sollt ausgewise ginn, elo nodeem d'Gemeng Suessem selwer dat net wollt, fale gelooss ginn ass. Wat, mengen ech, och fir Déifferdeng wichteg ass.

D’Reklamatiounen hutt Dir opgelëscht, Här Liesch. Ech ginn elo net weider drop an. Déi hu mer eis selbstverständlech ugekuckt. Just, beim Wandpark hu mer 41 Reklamante gezielt, am Dossier steet 37. Mä dat ass en Detail.

Alles an allem stëmme mir dësen Avis. Mir fannen, dass eng ganz Partie interessant Iwwerleeungen dra sinn, déi wichteg si fir eis Stad. Ech wëll nach eiser Architektin, der Madamm Véronique Grün, e grousse Merci soen. An alleguer deenen, déi un dëser Analys, un deem Rapport geschafft hunn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der CSV ginn ech op den Transport an. Den Här Tempels seet spéider eppes zu deenen anere Punkten.

Lëtzebuerg wiisst. Et gëtt ëmmer méi Wunnraum an Aarbechtsplaze geschaaft. Wat och gutt ass. Dëst bréngt mat sech, datt sech all Dag méi Leit vun A op B deplacéieren. Meeschtens nach zu deeneselwechten Zäiten. Schonns elo sinn eis Stroossen an den ëffentlechen Transport iwwerlaf.

Dofir ass et extrem wichteg, d'Mobilitéit weiderzedenken an uerdentlech ze plangen, datt mer duerno kee Verkéierskollaps erleiden. Den ëffentlechen Transport gratis maachen, ass eng interessant Initiativ. Léist awer net de Problem, wann d'Verbindungen ze laang brauchen, iwwerlaf sinn oder ee guer net d'Méiglechkeet huet, en ze notzen. Dofir sinn ech frou, an dësem Dokument Iddien erëmzegesi wéi een, ënner anerem, den Zuch méi attraktiv kéint gestalten.

Eng Haltestell um Fousbann, wou mat Neiwiss a Biensel weider Wunnquartiere geplangt sinn an e Vëloswee laanschtgeet. Eng uerdentlech Gare am Zentrum, wou ee sech och emol kann ënnerstellen, mat weideren Annehmlechkeeten, wann ee muss waarden.

Park-&-Ridë mat engem méi séieren Zuch sinn elo hei leider keng virgesinn, wären zu Déifferdeng awer méiglech, zum Beispill mam bestoende Parkhaus beim Aquasud. Oder wa mer elo dat neit Parkhaus um Contournement bauen, wou d'CFL sech da kéinten dru bedeelegen. D’Park-&-Ridë vun eisen Nopeschgemenge si méi wéi iwwerfëllt.

*La commune demande que le tram rapide passe par Differdange. Ce serait une bonne chose.*
*Les socialistes comptent dans leurs rangs un spécialiste des trains, M. Goffinet. Erny Muller suggère d’intégrer dans les différentes réflexions le pont ferroviaire de l’ARBED au Fousbann en direction de Belval.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *est du même avis.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que Differdange est concerné par le transport transfrontalier malgré la liaison Micheville. Les CFL feraient bien de communiquer à Differdange ce qu’il en est d’un «Park & Ride». Des mesures antibruits sont aussi nécessaires en raison des trains de nuit.*
*Le plan sectoriel des zones d’activités économiques reprend le Haneboesch et Gadderscheier.*
*Differdange n’est pas concernée par le plan sectoriel du logement. Le terrain à Soleuvre près du Scheierhaff ne sera pas transformé en terrain constructible.*
*M. Liesch a énuméré les réclamations. Erny Muller constate que 41 portent sur le parc éolien, même si le dossier n’en mentionne que 37.*
*Les socialistes approuveront l’avis. Plusieurs réflexions qui y sont faites sont intéressantes pour Differdange. Erny Muller remercie Mme - Véronique Grün, l’architecte de la commune, pour son rapport.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que le Luxembourg croît. Il faut de plus en plus de lotissements et d’emplois. Les gens sont donc forcés de se déplacer d’un point A à un point B — en général au même moment. Or aujourd’hui déjà, les routes et les transports publics sont bondés. C’est pourquoi la question de la mobilité doit être planifiée comme il faut.*
*Le transport public gratuit constitue une initiative intéressante. Mais il ne résout pas les problèmes s’il est bondé, si les connexions ne fonctionnent pas ou si l’on n’a pas la possibilité d’y recourir. Heureusement, le document contient des idées pour rendre le train plus attractif: un arrêt au Fousbann, où*

*des lotissements sont prévus, une véritable gare dans le centre-ville… Des «park & ride» ne sont pas prévus, mais seraient envisageables, par exemple avec le parc de stationnement d'Aquasud ou le nouveau parking du contournement. Les «park & ride» des communes voisines sont saturés.*
*Prolonger le tracé du tram rapide jusqu'à Differdange est une excellente idée*
*Le transport en commun ne peut pas résoudre tous les problèmes et la voiture continuera à jouer un rôle important. Les routes doivent permettre de sortir rapidement de Differdange en évitant les quartiers résidentiels.*
*Le PN 15 sera remplacé par un passage souterrain.*
*Deux contournements permettraient de soulager certains quartiers résidentiels: un raccordement de Sanem à Niederkorn le long du centre de recyclage et un raccordement de Pétange à Käerjeng. Ce deuxième contournement est d'autant plus important qu'un grand lotissement est prévu à Pétange. Des pistes cyclables sont envisageables le long de ces routes. Les pistes cyclables existantes devraient être reliées.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le dossier des plans sectoriels n'a rien de nouveau. La procédure dure depuis longtemps. Tout ne s'est pas passé comme prévu, car l'ancien gouvernement n'a pas mis en place un cadre légal permettant d'agir plus rapidement. Les plans sectoriels sont importants pour le développement du pays. Malheureusement, plusieurs années ont été perdues.*
*La commune a déjà remis des avis, mais entretemps, il aurait fallu avancer sur ce dossier, tenir compte de la situation sur les routes et influencer la réalisation des plans sectoriels.*
*Certaines idées sont intéressantes, mais la commune ne semble pas avoir une vision claire. Gary Diderich mentionne le raccordement au tram, la gare du Fousbann, le tracé ferroviaire entre le Fousbann et Belval. La topographie entre Räemerech et Differdange est-elle adaptée au passage du tram? La*

Eng ganz interessant Iddi aus dem Avis ass et, fir den Tram rapide, deen aus der Stad bis op de Belval geplangt ass, bis op Déifferdeng ze verlängeren. Esou hätt Déifferdeng quasi eng Direktverbindung an d'Stad.

Den ëffentlechen Transport kann awer net alles léisen. Zukünfteg wäert den Auto nach eng Roll spillen. Dofir mussen eis Stroossen esou geplangt ginn, datt ee séier aus der Gemeng kënnt an d'Wunnquartieren evitéiert an esou entlaascht.

De Bunniwwergang PN15 soll duerch eng Ënnerféierung ersat ginn. Wat villen Automobilisten an Awunner aus deem Quartier zegutt kënnt.

Zwou Ëmgoungsstroosse géife verschidde Wunnquartieren entlaaschten. Dat eent – den Här Liesch sot et schonn –, ass eng Verbindung vu Suessem op Nidderkuer. Quasi laanscht deen neie Recyclingszenter.

An déi aner eng Verbindung vu Péiteng bis op Käerjeng. Wou dee ganzen Trafic aus Richtung Péiteng direkt Uschloss un d'Collectrice hätt, ouni duerch de Péitenger an de Käerjenger Wee mussen ze fueren. Dës Strooss wier ëmsou méi néideg, vu datt de Péitenger Plan sectoriel an dëser Regioun eng gréisser Urbanisatioun virgesäit.

Laanscht dës Stroosse kéint een och nach gutt d'Vëlosweeër plangen. Ënner anerem do, well do huet een déi néideg Breet. A bestoend Lücken tëscht de Vëlosweeër sollen och endlech verbonne ginn. Soudatt dat ee Ganzt géif ginn an déi verschidde Gemenge besser verbonne wären. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och Här Hartung. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, d'Plan-sectoriellen sinn en Dossier mat laangem Otem. Mir haten déi schonn hei. Déi sinn elo laang an der Prozedur.

Do sinn eng Rei Saache schif gelaf, wou déi viregt Regierung de legale Kader net esou gemaach huet, dass een déi Saache matzäiten a méi schnell hätt kënnen iwwert d'Bün bréngen. Déi sinn immens wichteg fir d'Entwécklung vun eisem Land. Mir hunn do eng Rei Jore verpasst, dat ass gewosst. Dat ass awer de Kontext, an deem sech dat heite beweegt.

Mir hunn d'leschte Kéier Avise ginn, mä ech mengen, mir hätten entretemps misste weider dorunner schaffen. Eis Verkéierssituatioun iwwer eis Grenzen eraus méi kucken a probéieren, op déi Ausaarbechtung vun deene Plan-sectoriellen hei anzewierken.

Et sinn eng Rei Froen dran, wou net oninteressant Iddien zesummekommen. Mä wou mir als Déifferdenger Gemeng net onbedéngt eng kloer Visioun hunn. Ech mengen do, ënner anerem, den Uschloss vum Tram – bon, mir wousste jo och net, dass dee bis dohinner geet. Respektiv mengen ech déi vun enger Fousbanner Gare an elo d'Iddi, déi och scho méi laang virgeschloe ginn ass, vun der Zuchstreck Fousbann-Belval, déi ee kéint benotzen.

Ech mengen, dat si Froen, déi een zesumme muss kucken. Wann den Tram vläicht, einfach duerch d'Topographie, net kann déi Bierger erop- an eroffueren, déi awer existéieren tëscht Raemerech an Déifferdeng. Dat weess ech elo net, dat misst een awer kucken.

An et huet een eng Zuchstreck do leien. Da kéint een iwwert den Tram an déi Zuchstreck, ouni vill Opwand, awer eng Verbindung zum Fousbann kréien. Ouni dass ee fir déi bestoend Zuchlinn en zousätzlechen Arrêt mécht.

En zousätzlechen Arrêt wär och am Mattendall net oninteressant. Mä wann een onendlech Arrête mécht, da gëtt eng Zuchstreck, déi elo schonn iwwerlaascht ass an immens laang brauch, manner attraktiv. Dat heescht, et misst een am Fong analyséieren, wéi deen Tram ausgebaut gëtt an ob déi Zuchstreck, déi besteet, interessant a complementaire dozou wär.

Wann ech beim Zuch sinn, kann ech d'Fro vun enger Gare zu Déifferdeng nëmmen ënnerstëtzen. Dass mer eis dofir sollen asetzen, dass do eng anstän-

neg Gare hikënnt an dat am Avis och ënnerstëtzen.

Wat d'Vëlosweeër ugeet – och wann hei bal kee méi nolauschtert, mä dann ass et ebe fir déi, déi dobaussen nolauschteren oder noliesen –, do ass et esou, dass ech mech, an déi Lénk sech dofir asetzen, dass déi zwee Vëlosweeër ab der Bréck Mattendall solle gemaach ginn, Richtung Péiteng a Richtung Käerjeng. Käerjeng, net nëmme fir do akafen ze goen, mä well ee vun do en Uschloss op de Vëloswee iwwer Lénger op Stengefort kritt, dee fräizäitméisseg wichteg ass. An déi aner zwee Uschlëss sinn am Alldag wichteg.

Wou ech anerer Meenung si wéi den Här Liesch, dat ass den Uschloss op de PC6. Dat heescht déi Vëlospist, déi laanscht d'Collectrice du sud op Esch féiert, an awer och Richtung Suessem. Wou zwar kee wierklechen Uschloss ass Richtung Stad, mä vläicht eng Kéier esou eppes kéint entstoen, iwwer Lampech an esou weider.

Deen Uschloss, deen am Moment duerch d'Felder do zu Zolwer geet, ass immens hiwweleg. Op der Kaart gesäit dat schéin no engem Uschloss aus. Mä fir de Vëlosfuerer, dee vläicht op Esch wëll schaffe fueren, oder Richtung Stad wëll fueren, ass dat wierklech net interessant. Et ass ganz schéin, ganz pittoresk, duerch d'Felder ze fueren, mä et kënnt ee schéin un d'Schweessen. A fir den Alldag ass dat net gemënzt.

Woubäi laanscht déi Streck, déi elo ass Richtung Kronospan, ganz op engem Niveau en Uschloss méiglech wär. Dat soen ech schonn zënter, dass ech am Gemengerot sinn. A virdrun hunn ech scho mat anere Leit u Vëloswee-Connectioune geschafft. An et muss een natierlech och elo kucken: Dee Contournement, dee gemaach ginn ass, do ass keen Uschloss mat Vëloswee agebaut ginn. An der Zolwerstrooss muss een dat awer jiddefalls maachen. Do muss een anstännegen Uschloss hikommen.

A laanscht d'Streck Kronospan oder laanscht déi Desserte interurbaine, wann do eppes Neies gebaut gëtt, misst se op jidde Fall virgesi ginn. Ech weess elo net genau um Plang, wéi déi verleeft. Mä et misst een awer spéitstens do kucken, deen Uschloss esou hinzekréien, dass een net biergop a biergof muss fueren, fir op déi Vëlospist ze kommen.

Da wollt ech nach op déi aner Aspekter vun de Plan-sectoriellen agoen. Et ass jo net alles Transport.

Just beim Transport nach eppes, wat iwwert d'Grenzen erausgeet. Dat betrëfft eis net direkt, mä wa Péiteng wierklech dee grousse Logementsprojet mécht, misst een hinnen awer vläicht mat op de Wee ginn, dass dee Logementsprojet ganz no bei der Gare ass an et wéineg Sënn géif maachen, do vill op den Auto ze setzen.

Dat heescht, wann een deen Amenagement vun deem Logementsprojet esou géif maache wéi zu Olm, wou d'SNHBM e risege Projet plangt an net virun all Haus eng Garage mécht, da géif een do e Logement kreéieren, dee manner op den Auto setzt a wou d'Leit déi beschten Zuchstreck vum Land kéinte benotzen. Well Péiteng-Stad ass mam Auto net ze toppen. A wann een esou no wunnt, da wär alles aneres net sënnvoll.

Wat „Paysages“ ugeet, ënnerstëtzen ech den Avis am Sënn vum Quelleschutz a vun de Cour-d'eauen. Wat d'Wandrieder ugeet, denken ech, dass een in der Tat déi Fro muss klären, déi do gestallt gëtt, vu wege kloer Definitioun: Wat ass méiglech a wat net? Dat betrëfft jo net nëmmen Déifferdeng.

An ech mengen, mir brauchen awer regenerativ Energien zu Lëtzebuerg. Dat muss op alle Fall geklärt ginn. Dat ass awer onofhängeg elo dovunner, ob dëse Projet hei zu Déifferdeng gebaut gëtt oder net. An ech schléisse mech den Aussoen un, dass d'Etüde mussen transparent an éierlech klären, ob dat doten eng gutt Plaz ass oder net.

Esou wéi den Avis elo virläit, ënnerstëtzen ech en, obwuel eng Rei Saachen, déi ech elo gesot hunn, hätte kéinten nach anescht gemaach respektiv agebaut ginn. Et ass ebe schued, dass mer eis mat esou Avisen, déi awer zënter Abrëll an der Prozedur sinn, hätten am Fong éischter kéinte befaassen.

Hei leien och keng Avise vun iergendwelleche Kommissioune bäi. Firwat ech d'Fro wëll opwerfen: Sinn déi Plan-sec-

*voie ferrée existante peut-elle être utile dans ce contexte? Un arrêt supplémentaire pour le train serait-il alors nécessaire? Ne faut-il pas prévoir aussi un arrêt de train au Mathendahl? Mais tous ces arrêts ne risquent-ils pas de rendre le train moins attractif? Comment le tram et le train peuvent-ils devenir complémentaires?*

*Gary Diderich soutient la demande du collège échevinal pour une vraie gare à Differdange.*

*Il constate que personne ne l'écoute, mais il va poursuivre quand même. Déi Lénk soutient la création d'une piste cyclable entre le pont du Mathendahl et Käerjeng pour rejoindre ensuite Linger et Steinfort.*

*Gary Diderich ne partage pas l'avis de M. Liesch concernant la PC 6 entre la Collectrice du Sud et Esch. Un jour, cette piste cyclable ralliera peut-être Luxembourg-ville.*

*Le terrain à travers champs à Soleuvre est vallonné. Sur un plan, cela ressemble à un beau raccordement, mais dans la pratique, il est difficile de l'utiliser pour aller travailler à Esch par exemple. Le site est pittoresque, mais peu pratique au quotidien.*

*Gary Diderich estime cependant qu'un raccordement serait possible à hauteur de Kronospan. Il en parle depuis qu'il est conseiller communal.*

*En outre, le contournement qui vient d'être construit n'est pas non plus relié aux pistes cyclables. Un raccordement dans la route de Soleuvre est pourtant nécessaire. Lors de la construction de la desserte interurbaine, il faudrait prévoir un raccordement moins vallonné.*

*Pour ce qui est du grand projet de lotissement à Pétange, il faudrait peut-être signaler à la commune qu'il se situe à proximité d'une gare et qu'il est donc inutile de miser sur la voiture. Si on n'aménageait pas une place de stationnement devant chaque maison, les habitants seraient amenés à privilégier le train pour se rendre à Luxembourg-ville.*

*En ce qui concerne les paysages, Gary Diderich soutient l'avis sur la protection des cours d'eau et des sources.*

*Une définition claire est nécessaire pour les parcs éoliens. Cette ques-*

*tion ne concerne pas seulement Differdange, mais tout le pays, qui a besoin d'énergies renouvelables indépendamment de ce qui arrivera à Differdange. Les études pour évaluer le site devront être transparentes et honnêtes.*
*Gary Diderich soutient l'avis de la commune même si tout n'est pas parfait. Il trouve cependant que ce point aurait pu être abordé plus tôt. Il constate par ailleurs que le dossier ne contient pas d'avis des commissions. Celles-ci ont-elles débattu des plans sectoriels? Cela aurait peut-être permis de développer certains points comme le raccordement de Differdange aux autres communes et de les traiter plus en détail dans l'avis.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rappelle que les plans sectoriels constituent une histoire sans fin. Il en était déjà question il y a 15 ans. Il y a dix ans, ils étaient censés être terminés, mais ils n'ont jamais été présentés. C'est pourquoi Ali Ruckert ne comprend pas pourquoi le collège échevinal a dû tout à coup avancer une séance du conseil communal. Y a-t-il une explication?*
*Ali Ruckert est d'accord avec la plupart des propositions du collège échevinal. Il trouve ridicule que le Rattem et le Korspronk ne figurent pas dans les plans alors qu'on travaille à leur réalisation depuis 15 ans.*
*Il salue le fait que le collège échevinal demande une gare à Differdange. Cette revendication figurait dans le programme électoral des communistes il y a 12 ans.*
*Il est regrettable que les considérations se limitent à Differdange, car ce qui arrive dans les autres communes a un impact direct sur la circulation à Differdange.*
*Ali Ruckert estime qu'une jonction directe est nécessaire entre la ligne de chemin de fer Esch-Differdange et la ligne de Pétange. Cela permettrait à certains trains de contourner Pétange et de rejoindre directement la ligne de Dippach.*
*Ali Ruckert n'est pas d'accord avec les considérations sur le tram rapide. Ce tram n'est rapide qu'entre Cessange et Foetz. Pour le reste, il se traine péniblement à travers les localités. En plus, Ali Ruckert*

toriellen an de Kommissiounen traitéiert ginn? Well dann hätt ee verschidden Iddien, déi elo hei opkomm sinn an déi ech och elo ugeschwat hunn, vläicht méi an der Déift kéinten adresséieren.

Fir dass ee méi eng kloer Visioun kéint an den Avis nach schreiwen, virun allem, wéi een Déifferdeng uschléisst un aner Gemengen. Well dat jo awer och en Afloss huet op de Verkéier, deen an eiser Gemeng stattfënnt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass en interessanten Avis, deen hei virgeluecht gëtt. Mä ech wëll awer uganks fir d'éischt feststellen, dass déi Plan-sectoriellen eng onendlech Geschicht ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Souwäit ech mech erënneren, ass scho viru 15 Joer doriwwer geschwat ginn. A virun zéng Joer ass scho gesot ginn, dass se fäerdeg wären. Mä si sinn ni presentéiert ginn. Dofir verstinn ech net, firwat Dir onbedéngt hutt missen eng Gemengerotssitzung virverleeën. Oder gëtt et dofir e spezifesche Grond? En Datum? Dann hätt ee sech awer e bëssen éischter kéinte begannen, fir iwwer esou en Avis nozedenken.

Ech muss soen, ech si mat deene meeschte Virschléi, déi elo hei gemaach gi sinn, d'accord, well se mer vernünfteg schéngen. Et ass jo eigentlech lächerlech, wa jorelaang un esou engem Plang gedoktert gëtt an da stellt een op eemol fest, dass am sektorielle Plang fir Landschaft, de Rattem an de Korsprong net dra sinn. An dofir brauch ee 15 Joer, fir dat festzestellen, dass déi och musse geschützt ginn. Ech fannen dat enorm, wéi hei geschafft gëtt.

Ech hu gesot, ech sinn als Vertrieder vun der KPL mat deene meeschte Virschléi averstanen. Ech begréissen, dass de Schäfferot och elo vertrëtt, dass eng richteg Gare op Déifferdeng soll kommen. Ech wëll drun erënneren, dass d'Kommunistesch Partei dat scho virun zwielef Joer an hirem Wahlprogramm stoen hat. An ech si frou, wann aner Parteien esou Fuerderungen iwwerhuelen.

Wat mer e bëssen hei feelt dat ass, dass guer net, oder bal guer net iwwert d'Grenze vun eiser Gemeng erausgekuckt gëtt. Well och do spille sech Situatiounen of, déi een direkten Impakt hunn op d'Transportsituatioun vun eiser Gemeng, zum Beispill.

Ech mengen, wat ganz nëtzlech wär fir eis Gemeng, dat wär, wann och en direkten Uschloss géif kommen, eng Jonctioun tëscht der Esch-Déifferdenger Streck an der Péitenger Streck. Dat wär eng Saach vun e puer Honnert Meter. Do leien deelweis souguer scho Gleiser. Dat wär ganz nëtzlech, wann een dat kéint maachen. Wou eng ganz Rei Zich Péiteng kéinten ëmgoen. Soudass déi direkt op d'Dippecher Streck kéinten eriwwerfueren.

Woumat ech absolutt net d'accord sinn, dat ass, wann hei vun deem schnellen Tram geschwat gëtt. Éischtens ass dee schnellen Tram net schnell oder séier op där ganzer Streck, vun där hei geschwat gëtt. Maximal ass e séier vun Zéisseng op Féiz. An da scharjeekelt en duerch Uertschaften. An der Stad ass dat genau esou. Also esou séier ass deen dann och net méi.

An zweetens mengen ech, dass et vill méi géif bréngen, wann een amplaz esou e séieren Tram géif eng Zuchlinn bauen. Eng direkt Zuchlinn, déi d'Stad Lëtzebuerg an Esch direkt géif verbannen an doriwwer eraus kéint weidergeluecht ginn. Well och dee séieren Tram léist kaum e Problem, well d'Capacitéite sinn einfach ze kleng.

Dat eenzegt Transportmëttel, wat wierklech vill méi héich Capacitéiten huet, dat ass den Zuch. Dofir mengen ech, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei, dass absolutt Prioritéit misst op

d'Schinn geluecht ginn. Haut an an Zukunft.

D'Gemeng Déifferdeng wär gutt beroden, fir eben an déi Richtung ze argumentéieren an net mat modernste Projeten, déi op eemol duergestallt ginn, wéi wann dat d'Léisung vum Transportproblem wär, wat et iwwerhaapt net ass. Dat ass vläicht eng schéin Iddi, déi an d'Welt gesat gëtt, mä et dréit net derzou bäi, d'Problemer, déi mer am Verkéier hunn, ze léisen.

Déi zweet Saach sinn d'Wandrieder, wat ugeschwat ginn ass. Am Text heescht et, dass et eigentlech keng Problemer géife ginn, fir déi ze implantéieren. Dat maach sinn. Et muss een nach déi lescht Etüden ofwaarden, ob dat esou ass. Mä och wann dat esou wär, da stellt sech nach ëmmer d'Fro, a wat fir engem Mooss dat negativ Auswierkungen huet op déi Leit, déi méi no derbäi wunnen.

A wat fir Auswierkungen et iwwerhaapt op de Bierg insgesamt huet. Well bei där Héicht vun deene Masten do, wär och zimlech vill Terrain, dee ronderëm misst gespaart ginn. Do däerf ee jo dann net bis u fënnef Meter erugoen, mengen ech.

(Interruptioun)

Okay, ech weess awer net, ob dat esou ass. Ech menge schonn, dass een do muss e gewëssene Sputt loossen, dass d'Leit dann net en masse kënnen duerch dee Park goen.

Mä allgemeng muss ee kucken, ob dat keng negativ Auswierkungen op deen Deel vun der Bevëlkerung huet, deen am noosten derbäi wunnt. Do muss ee sech dann awer ganz gutt iwwerleeën, ob ee wierklech esou ee Wandpark do baut. Well déi Reklamatiounen, déi do gemaach gi sinn, sinn a mengen Aen, an an den Ae vun der Kommunistescher Partei, awer fundéiert. An dat misst een nach ganz genau kucken.

Ech hu gesot, ech si mat deene meeschte Virschléi, déi hei gemaach gi sinn, absolutt d'accord. Mä déi puer Saachen, déi ech elo gesot hunn, do sinn ech net dermat d'accord. An dofir wäert ech net fir deen Avis do stëmmen. Ech wäert mech enthalen. Quitte, dass eng ganz Rëtsch vu positive Saachen dra sinn.

Et ass och nëmmen en Avis, muss ee soen. Et ass net, wéi wann d'Regierung gebonne wär, sech dorun ze halen. Do kann een natierlech, deemno wéi d'Zesummesetzung vun der Regierung ass oder wéi d'Interesse sinn, déi d'Regierung vertrëtt, nach ganz schéin Iwwerraschunge kréien. Mä wéi gesot, bei der Ofstëmmung iwwert déi Plan-sectoriellen an iwwert dee Bréif vun der Déifferdenger Gemeng, deen un d'Regierung geet, géif ech mech enthalen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, d'Zäit fir déi Honnerte Säiten an e puer Deeg ze analyséieren, war net do. Trotzdeem hu mer parteiintern, sou wéi déi aner och, hoffen ech emol, sou gutt et goung, driwwer gekuckt.

Déi meescht Detailer betreffend den Avis iwwert déi véier Projets de plan directeur sectoriels notamment „Paysages“, „Transports“, „Zones d'activités économiques“ a „Logement“, goufe scho kommentéiert. Ech komme just op e puer Notizen zréck an deem Kader.

Mam Avis vun der Gemeng Déifferdeng, deen eis virläit, kënne mer a groussen Zich liewen. De Plan directeur sectoriel „Paysages“ gesäit grouss Deeler vun eisem Territoire als sougenannt Zone de préservation des grands ensembles paysagers. Do falen effektiv, wéi scho gesot, bestoend Strukturen dran. Awer och Plazen, wou scho Projete geplangt sinn, an eng Rei Sitten, déi reegelméisseg fir gréisser Evenementer genotzt ginn. Do ass et sécher richteg drop hinzeweisen, dass mer eis do net wëlle komplett aschnüren a riskéieren, dass an esou Zone guer näischt méi méiglech wär.

Fir eis gëllt dës Remark awer net, wat de geplangte Wandpark ugeet, dee scho méi oft hei betount ginn ass. De Site,

*pense qu'une ligne de chemin de fer reliant directement Luxembourg-ville et Esch serait bien plus rapide. De toute façon, le tram ne permettra pas de résoudre les problèmes, car les capacités sont trop réduites. Pour les communistes, le train doit être prioritaire. La Ville de Differdange ferait bien d'argumenter dans ce sens au lieu de soutenir des projets modernes, présentés comme une solution aux problèmes de transport, mais ne résolvant rient du tout.*

*Pour ce qui est des éoliennes, le texte stipule qu'elles peuvent être installées. Mais il faut attendre les dernières études. En plus, il faut tenir compte des éventuelles conséquences négatives sur les personnes habitant à proximité et sur la colline en général. Ali Ruckert croit savoir qu'il est interdit que s'approcher à plus de cinq mètres des éoliennes.*

*(Interruption)*

*Ali Ruckert n'en est pas sûr, mais il suppose qu'il faut laisser une certaine marge.*

*En tout cas, il faut s'assurer que les éoliennes n'auront pas de conséquences négatives sur les habitants. Pour les communistes, les réclamations sont fondées.*

*Ali Ruckert est d'accord avec la plupart des propositions du collège échevinal. Mais il s'abstiendra lors du vote en raison des quelques points qu'il vient d'énoncer.*

*Il rappelle que de toute façon, ce n'est qu'un avis et que le gouvernement n'est pas forcé de s'y tenir. Des surprises sont donc encore possibles. Il répète qu'il s'abstiendra lors du vote.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *n'a pas eu le temps d'analyser plusieurs centaines de pages en quelques jours. Les démocrates ont cependant fait de leur mieux.*

*La plupart des détails ont déjà été commentés. François Meisch ne reviendra que sur quelques points.*

*Il est d'accord avec une grande partie de l'avis de la Ville de Differdange.*

*Le plan directeur sectoriel des paysages considère une grande partie du territoire de Differdange comme une zone de préservation des grands ensembles paysagers. Plu-*

*sieurs structures existantes en font partie, ainsi que des sites où des projets sont prévus ou des endroits où de grandes manifestations sont déjà organisées. Il faut éviter que rien ne puisse plus être organisé dans ces zones.*
*Pour ce qui est du parc éolien, les démocrates considèrent que le site choisi n'est pas idéal. Ils sont curieux de voir si le sol est assez stable pour accueillir des structures aussi gigantesques.*
*L'avis souligne le fait que le texte ne définit pas ce qui est possible dans les différentes zones. Peut-on y aménager une aire de jeux, un parking, une piste cyclable, etc.? Les structures existantes peuvent-elles être agrandies, rénovées ou restaurées?*
*François Meisch trouve que les différents partis politiques peuvent accepter une grande partie de ce qui est écrit dans l'avis et notamment en ce qui concerne la desserte interurbaine Differdange-Sanem, l'arrêt de train dans le quartier du Fousbann, la gare de Differdange, le raccordement des pistes cyclables aux communes voisines, la suppression du passage à niveau 15 à Differdange, les «park & rides»… Tous ces points figuraient d'ailleurs tels quels dans le programme électoral des démocrates.*
*Pour ce qui est de la déviation du CR 175 en direction de la Collectrice du Sud, il faut veiller à ne pas morceler le dernier terrain de Differdange pouvant accueillir des entreprises.*
*François Meisch passe aux mesures antibruits. Il signale le chantier des CFL entre Esch et Pétange. Le matériel est stocké à Oberkorn et depuis des semaines, les machines circulant en marche arrière émettent des bips 24 heures sur 24. La qualité de vie des riverains s'en ressent. Que des entreprises fassent du bruit à des heures normales est acceptable, mais les nuisances sonores ne cessent de se développer. D'autres communes ont introduit un règlement pour la protection contre le bruit. Il y va de l'intérêt de la santé des habitants.*
*François Meisch remercie tous ceux qui ont collaboré à la rédaction de l'avis.*

wou e virgesinn ass, ass net ideal. Mir hätte besser Alternative gehat. Gespaant dierf een an deem Kader sinn, ob den initial geplangte Site d'Stabilitéit vum Ënnergrond ka garantéieren, fir esou gigantesch, awer néideg Bauwierker.

Gutt fanne mer, dass am Avis bemierkt gëtt, dass aus dem Text net ervirgeet, wat an esou definéiert Zonen herno nach méiglech ass. Däerf een do eng Spillplaz, e Parking, eng Vëlospist an esou weider uleeën? Däerf ee bestoend Strukturen ausbauen oder einfach nëmme renovéieren oder restauréieren an esou weider an esou virun? Déi Froe sinn och schonn opgegraff ginn.

Wat de Plan directeur sectoriel „Transports" ugeet, mengen ech, dass mer parteiiwwergräifend villem an dësem Avis zoustëmme kënnen. Virun allem, wat d'Desserte interurbaine Déifferdeng-Suessem, also eng Verbindungsan Entlaaschtungsstrooss tëscht dem neie Woiwer Rondpoint bis bei d'Autobunnsafaart zu Suessem ugeet.

Notamment fir dofir déi héchst Prioritéit ze fuerderen. Awer och d'Fuerderung no engem Zucharrêt fir de Quartier Fousbann, eng adequat Déifferdenger Gare, d'Ubannung vun aktuelle Vëlosweeër un d'Nopeschgemengen, d'Ofschafe vun der Barrière, also dem Passage à niveau 15 hei zu Déifferdeng, verschidde Park-&-Riden an esou weider. Dat stoung och alles 1:1 an eisem Wahlprogramm d'lescht Joer.

Wa mer eng Deviatioun vum CR175 a Richtung Collectrice fuerderen – ähnlech Gedanke goufe scho länger gefuerdert oder gemaach –, sollt just drop oppgepasst ginn, dass quasi eise leschten Terrain, fir Entreprisen unzezéien, net doduerch ongléckelech zerschnidde gëtt.

Zu den zwee leschte Plans sectoriels steet quasi näischt am Avis. Do hu mer och näischt derbäizefügen.

Ech kommen zum Schluss an hunn eng Remark ze maachen, wat d'Fuerderung „Mesures antibruit causé par les trains" ugeet, déi am Avis vun der Gemeng ze fannen ass.

Bedéngt duerch den aktuellen CFL-Chantier am Süden, haaptsächlech op der Linn tëscht Esch a Péiteng, wou eng Haaptbasis fir Material zu Uewerkuer direkt ënnert dem Korsprong ass, wou Tonnen an Tonne vu Material ëmgeluecht ginn, do piipst et säit Wochen. 24 Stonnen den Dag riicht duerch um Stéck. Fir déi betraffe Leit tendéiert d'Liewensqualitéit am Moment zu Uewerkuer géint null.

D'Piipsen ass extrem haart an ass bedéngt duerch d'Maschinnen, déi permanent hannerzeg musse fueren. Wann d'Betriber zu normalen Zäiten dee Kaméidi maachen, da kann een domadder liewen an dat vertrieden. Awer déi aktuell Lärmverschmutzung hëlt ëmmer gréisser Ausmoossen un.

Masseg Uewerkuerer hu mech dorop ugeschwat. A mir zielen d'Deeg, bis zumindest emol dee Chantier dann d'nächst Woch hoffentlech fäerdeg ass.

Et sollt een driwwer nodenken, sou wéi et och an anere Gemenge scho geschitt ass, e Règlement pour la protection contre le bruit anzeféieren, fir verschidde Lärmpegelen ze limitéieren an der Intensitéit an an der Zäit. Dat, virun allem am Interêt vun der Gesondheet vun eise Bierger.

Ofschléissend wéilt ech nach alle Leit Merci soen, déi un deem Avis matgeschafft hunn. Mir kënnen dat esou matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Meisch. Den Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt emol e Merci un de Georges Liesch. Hien huet déi verschidde Problemer scho ganz gutt erkläert. Dofir faassen ech mech, wéi gewinnt, kuerz.

De Plan sectoriel ass e risegen Dossier. Haut geet et drëms, en Avis ze stëmmen, wat déi verschidde Problemer respektiv Verbesserungsvirschléi ugeet, déi eis Gemeng betreffen. Et war fir mech net ganz einfach, fir mer an esou kuerzer Zäit en Iwwerbléck iwwert dee ganzen Dossier ze verschafen. Ech pro-

béieren elo dat Bescht draus ze maachen.

Zum Plan directeur sectoriel „Paysages“. Hei ass et ganz wichteg, dass mir net verschidde geplangte Projete blockéieren. Wéi zum Beispill déi geplangte Wandmillen an déi geplangten Zären. Bestoend Sitten oder Gebaier musse kënnen erhale bleiwe respektiv valoriséiert ginn. Verschidde gréisser Organisatiounen, déi um Bierg respektiv am Fond-de-Gras stattfannen, däerfen net mat Oploen d'Liewe schwéier gemaach kréien.

De Rattem, de Korsprong an eis aner Quelle si vergiess ginn. Hei muss nogebessert ginn.

Et kënnt e Corridor vert duerch Nidderkuer a Péiteng. Wat op dëser Plaz eng gutt Saach ass oder Sënn mécht.

Bei de Zones d'activités économiques kënnt zu Déifferdeng en Deel bäi, wou scho Betriber ugesidelt sinn. Dat ass tëscht der rue Pierre Gansen an der Gadderscheier. Wat op Arcelorsterrain läit. Déi och hei en Asproch gemaach hunn iwwert den Droit de préemption, deen op hirem Terrain virgesinn ass.

Wat de Logement ugeet, ass et esou, wann ech richteg gesinn, dass zu Déifferdeng keng gréisser Ännerunge wäerte kommen. Dozou ass da weider näischt ze soen.

Et ass wichteg, dass mir all dës Suggestiounen an eisen Avis afléisse loossen. D'CSV stëmmt den Avis mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl. Wann Der wëllt.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ganz gär, Här Buergermeeschter. Ech hu mech express elo e bëssen zréckgehalen, well den Här Liesch jo bei deene Gréngen ass an deen Dossier in extenso presentéiert huet. Wou ech als gréngе Vertrieder hei am Gemengerot net in extenso nach eng Kéier brauch drop anzegoen.

Ech selwer, an eis Leit hei och, hunn all déi Interventioune matkritt. Dat ass deckungsgläich mat deem, wat ech och wëlles hat ze soen. Dofir probéieren ech ganz kuerz ze sinn.

Zur Consultatioun wëll ech soen, ech schwätzen elo erëm eng Kéier als President vun der Ëmweltkommissioun, dass mer ganz fréi a ganz intensiv zesumme mam Service écologique d'Méiglechkeet haten, an enger ëffentlecher Informatiounsversammlung, zu Esch um Belval, Informatiounen ze kréien.

Wou vill Leit do waren aus dem ganze Süden, leider net genuch Conseilleren aus eiser Gemeng, muss ech soen. Och Membere soss aus Kommissioune waren der leider net genuch do, muss ech och soen. An déi Informatiounsversammlunge sinn awer do, fir d'Grondbasis ze ginn, fir ze verstoen, wat mat engem Plan-sectoriel-ABC gemengt ass.

Och an eiser Ëmweltkommissioun ass x-mol driwwer geschwat ginn. An eise Chef vum Service écologique ass Dag an Nuecht bereet, all Dossier op den Dësch ze leeën, wann een en ufreet. Den Här Tempels, deen och an der Ëmweltkommissioun ass, kann dat bezeien.

Dat gëllt net nëmme fir den Dossier vun de Plans sectoriels, dat gëllt och beispillsweis fir den Arcelorsdossier, dee mer och schonn traitéiert hunn. A wou dat anert, Gott sei Dank, och duerch den Asaz vu Leit aus der Ëmweltkommissioun, zustane komm ass.

An ech invitéiere jiddwereen, vun deene Matsproochméiglechkeeten, oder Decisiounsméiglechkeete quasi, och ze profitéieren. Mat dësem Schäfferot ass dat méiglech. An och mat dëser Regierung ass dat méiglech.

Et si geschwë Wahlen. Dat wësse mer alleguerten. Mer kucken a mer hoffen, dass et net nach 15 Joer dauert, fir déi Dossieren dann zu engem Ofschloss ze bréngen.

Zum Plan directeur sectoriel „Paysages“ wëll ech dat heite soen: Déi grouss Philosophie derhannert ass, fir e generelle Wildwuchs hei am Land, e Run op d'Terrainen an op d'Lotissementer ze verhënneren.

**GUY TEMPELS (CSV)** *remercie M. Liesch pour les explications qu'il a fournies. Il va donc se montrer bref.*
*Les plans sectoriels constituent un dossier important. Aujourd'hui, le vote porte sur l'avis de la commune. Guy Tempels n'a pas réussi à étudier tout le dossier en aussi peu de temps. Cependant, il a fait de son mieux.*
*En ce qui concerne le plan directeur sectoriel des paysages, il est important de ne pas bloquer les projets planifiés. Il ne faut pas non plus compliquer inutilement l'organisation de manifestations dans le Fond-de-Gras.*
*Le Rattem, le Korspronk et les sources ont été oubliés.*
*Un corridor vert passera par Niederkorn et Pétange.*
*Entre la rue Saint-Pierre et le Gadderscheier, un terrain est ajouté aux zones d'activités économiques. ArcelorMittal ne veut pas que la commune détienne un droit de préemption sur ses terrains.*
*En ce qui concerne le logement, Differdange n'est pas touchée par des modifications.*
*Guy Tempels estime que toutes les suggestions doivent être incluses dans l'avis de la commune. Le CSV approuvera l'avis.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *constate que M. Liesch, qui fait partie de déi gréng, a présenté le dossier en détail. Il n'a donc pas besoin de revenir sur tout ce qui a été dit, d'autant plus que les déclarations se recouperaient. Il va se montrer bref.*
*En tant que président de la commission de l'environnement, il rappelle qu'une réunion d'information a eu lieu très tôt à Esch-Belval. Malheureusement, peu de conseillers communaux et de membres de commissions differdangeois y ont assisté.*
*La question a aussi été abordée au sein de la commission de l'environnement plusieurs fois. Le responsable du service écologique est par ailleurs disposé à discuter de ce dossier à tout moment — et d'ailleurs aussi du dossier sur ArcelorMittal. Frenz Schwachtgen suggère à chacun d'en profiter. Il est également possible de discuter avec le*

*collège échevinal et le gouvernement.*
*Frenz Schwachtgen sait que les élections auront lieu bientôt. Il espère qu'il ne faudra pas 15 ans de plus pour clôturer les dossiers.*
*Le plan directeur sectoriel des paysages a pour objectif de limiter les constructions sauvages dans le pays. Frenz Schwachtgen signale qu'il y a certainement des gens pensant par exemple pouvoir ouvrir un restaurant ou un hôtel sur la colline de Differdange. Il a déjà même été question d'un terrain de golf et d'une piste de formule 1.*
*(Interruptions et rires)*
*Frenz Schwachtgen est âgé. Il se souvient l'avoir empêché. Il reviendra dessus tout à l'heure à propos des paysages.*
*Il constate que les plans sectoriels ont pris du retard, mais qu'ils contiennent de nombreuses idées. Il faut cependant veiller à ne pas bloquer les différents sites et conserver la flexibilité nécessaire au tourisme doux, aux pistes cyclables et aux chemins de randonnée. L'objectif est de protéger les paysages.*
*Frenz Schwachtgen ne va pas revenir sur tous les éléments. Il est content de voir que les citoyens demandent l'inclusion du Rattem et du Korspronk.*
*Les autres réclamations seront introduites auprès du gouvernement. Comme toutes les communes débattent des plans sectoriels, le ministère devra traiter de nombreux points.*
*Une discussion objective devra être menée pour répondre à certaines questions. Qu'adviendra-t-il du parc éolien? Sa réalisation est-elle possible à Differdange? Dans le pays? Peut-on en construire dans le respect de la nature, de l'homme et du sol? Pour le moment, il n'y a pas de réponse. Frenz Schwachtgen estime que le plan sectoriel ne doit pas les interdire, mais les autoriser là où c'est possible.*
*Certaines réclamations, comme celles de Creos, portent sur des questions nationales. Il faut avoir étudié le droit pour comprendre la lettre de l'avocat, mais de toute façon, cela dépasse le cadre de la commune.*
*Frenz Schwachtgen est d'accord avec l'avis de la commune sur le*

Ween huet net schonn doru geduecht oder dovun héieren, dass och souguer hei an der Gemeng interesséiert Leit wieren, fir do uewen um Bierg e klengt Lotissement, e klengen Hotel oder iergendwéi aner Infrastrukturen iergendwann eng Kéier ze plangen? Mer hate scho Golfterrainsdiskussiounen hei zu Déifferdeng. Mir hate scho Formel-1-Pist-Diskussiounen hei zu Déifferdeng.

(Gelaachs)

Vergiesst dat net. Ech si schonn e bësse méi al. Ech hunn déi matgemaach a mer hunn dat verhënnert. Ech kommen herno beim Landschaftsgebitt nach eng Kéier drop zréck.

Dat heiten ass en Instrument vun der Landesplanung. Leider mat ganz vill Verspéidung elo en neit, mat neien Iddien. Et däerf awer an deem Plang hei net zu enger Erstarrung vun eise Landschaftsgebidder kommen. Dofir si jo all déi Punkten opgelëscht, mat Hëllef vun eise Kommissiounen a mat Hëllef vu jiddwerengem, dee wollt dru schaffen.

Dass mer net verschidde Sitte blockéieren, dass do näischt méi méiglech ass, wat de Patrimoine ubelaangt, wat eise sanften Tourismus ubelaangt, wat eis Vëlosweeër a Spadséierweeër an esou weider ubelaangt.

D'Zil dervun ass, dass d'Gesamtbild vun eise Paysagë kee Schued kritt. An an deem Sënn och den Naturschutz respektéiert gëtt. Dat ass dee grousse Punkt, deen ech, oder mir als Gréng, dorausser zéien.

Ech ginn net op déi eenzel Elementer an, déi sinn all ernimmt ginn. Ech wëll just kuerz Stellung huelen. Et koumen e puer Awänn. Ee ganz positiven ass, dass Bierger sech Gedanke maachen, fir de Rattem an de Korsprong eranzehuelen. Ech verstinn net, firwat d'Landesplanung esou Plaze vergiess hat. Mir setze se jo dann elo derbäi.

Déi aner Awänn oder Aspréch komme jo an d'Stad bei d'Regierung. Si wäerten där der méi kréien, vun alle Gemengen. Well déi Plans sectoriels paysages gi jo am ganze Land diskutéiert, an do wäerten eng Hellewull där Saachen op den Dësch vum Ministère kommen a mussen traitéiert ginn.

Déi dräi Projete si bei eis an der Maach. Ob se kommen oder net, dat gesi mer an der Diskussioun. An dat muss eng fachlech Diskussioun sinn. Fir Froen ze beäntwerte wéi: Wat geschitt mam Wandpark? Ass e prinzipiell méiglech? Ass en iwwerhaapt iergendwou am Land prinzipiell méiglech? Ass e méiglech am Respekt vun der Natur, vum Mënsch a virun allem vum Ënnergrond? Dat, mengen ech, sollen eis Dossiere weisen. Do kënne mer elo zu dësem Moment nach keng Äntwert ginn.

De PSP soll se op jidde Fall a priori net ausschléissen, mä méiglech maachen, wann et da méiglech sollt sinn.

Da geet et och ëm nationalpolitesch Froen an deenen aneren Aspréch vu Creos an esou virun. Ech hu probéiert, déi Affekotebréiwer ze liesen. Do muss ee Juristerei gemaach hunn, et muss een d'Verfassungstexter kennen, et muss een d'Autonomie vun de Gemenge verstoen an esou weider. An et muss een einfach soen, dat iwwerschreit eisen Horizont als normale Gemengerot a Gemengeconseiller. Do loossen ech de Sträit léiwer um Niveau, wou en dann och higehéiert.

Zum Plan directeur sectoriel „Paysages“. Ech si mat all deem d'accord. An ech si ganz frou, dass jiddwereen zu deene Punkte steet.

Wat mer e bëssen op de Wecker geet, loosse mer et esou soen, ass, dass verschidde Saache vergiess gi sinn an deem Dossier. Eis Landschaft ass gepräägt vun de Flossdäller.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass am Naturschutzgebitt.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Jo, et kënnt am Naturschutzgebitt erëm, mä trotzdeem. D'Cours d'eau, d'Crosnière an d'Kor musse mer endlech an e grousse Flossprojet kréien, bis hin op d'Meuse.

Eis Landschaft, den Doggerplateau ass vum Mier geformt ginn. Déi Landschaft hu mer dofir Gott sei Dank hei

am Eck. An dat muss onbedéngt en Haaptelement vun engem Plan „Paysages“ sinn.

Eis ass och opgefall, dass den Transfrontalier dra feelt. Dorun ass net geduecht ginn. Dir hutt vun eiser Associatioun, eiser Gemengenassociatioun quasi, vum Territoire naturel transfrontalier, eng Invitatioun kritt, fir op Herserange ze kommen, fir en neien Eck kennenzeléieren. 10 Kilometer vun Déifferdeng.

Ech denken, do misst een eng Ouverture kréien iwwert de Plan „Paysages“, dass een déi Territoiren do als Ganzt gesäit an op d'Fro kann äntweren: Wéi ass den Transport, den Trafic transfrontalier an de Grëff ze kréien?

Wat mech dann derzou féiert, op den Transport ze kommen. All déi Saachen, déi hei in extenso opgeléscht sinn, sinn ze begréissen a mat Nodrock ze ënnerstëtzen.

Wat mer opgefall ass an den Avisen, déi vläicht net jiddwereе consultéiert huet, mä déi Der awer heem geschéckt kritt hutt vum Mouvement écologique, wat am Fong national e bësse méi geduecht war, mä wou awer Déifferdeng och ernimmt ass: De Mouvement écologique an Natur an Ëmwelt, déi si kategoresch géint eng Desserte interurbaine Gadderscheier, also vu Suessem op d’Zolwerstrooss. Et entzitt sech menger Kenntnis, firwat. Well et ware grad si, déi an den 80er an an den 90er Jore fir déi Desserte urbaine ugetruede sinn.

Wann een dat Gebitt haut kucke geet – mer ware mat der Ëmweltkommissioun e puermol do uewen, och a klenge Gruppen do uewen –, do gesäit et de Moment aus wéi op enger Moundlandschaft. Et ass leider net méi vill vun Natur do ze gesinn. Dat Gebitt muss e Gesamtkonzept kréien, wat dermadder geschitt, wann d'Bauschuttdeponie voll ass, wann d'Arcelordeponie voll ass, wéi deen Terrain gestalt gëtt.

Als Fräizäitraum vläicht, als Raum fir klenger a gréisser Entreprisen. Awer och mat Verbindungsweeër, déi eis et géifen erliichteren, fir vum Woiwer Portal op Suessem ze kommen. Dat muss keng Schnellstrooss ginn, mä dat sollt awer eng Strooss, e Wee ginn, dee befuerbar ass. En plus hu mer d'Bunn do leien. Wat jo vläicht och Horizonter kéint opmaachen, déi de Schinnestrang kéinten dohinner verlängeren.

Wat feelt, sinn effektiv déi Anti-bruitsgeschichten. Ech begréissen dee Virschlag, dass do sollten Etüde gemaach ginn, respektiv Institutioune geschaaft ginn, déi déi Saache géifen am Grëff halen.

Dat ass am grousse Ganzen dat, wat mir als gréng dozou ze soen hunn. Wéi gesot, mir ralliéieren eis un den Avis, deen de Schäfferot proposéiert huet, dee jo mat der Ënnerstëtzung, mengen ech, vun alle Parteien hei wäert gestëmmt ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Goffinet, ganz gären.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci. Éischtens emol Merci fir dee flotten Avis, deen do ausgeschafft ginn ass. Ech wollt soen, et si 14 Joer hier, wou ech mam Mouvement, mam Wampachs René a mam Frenz, e Projet ausgeschafft hu fir de Kordall. Mir hate souguer duebel sou vill Iddie wéi iwwerhaapt elo hei am Avis sinn. Ech wëll verschidde Saachen ernimmen, déi déizäit schonn ausgeschafft gi sinn a wou mer nach ëmmer stinn. Mir stinn nach ëmmer um Nullstand. 14 Joer duerno. Esou schnell leeft hei d'Auer.

Mir haten déi Linn, wéi de Kolleeg vun der KP gesot huet, Nidderkuer-Suessem ugedeit. Fir vun Nidderkuer op Suessem iwwer eng Bréck, fir dass mer net ze vill Terrain verbrauchen, direkt op d’Schnellstreck. Déizäit war se nach net ausgebaut op zwee Gleiser. Fir déi ze bauen a fir déi Streck bis op den Arrêt Käerjeng ofzeschléissen.

Datselwecht hätte mer kéinte vun Nidderkuer iwwer Déifferdeng iwwert de Fousbann maachen. Just déi Streck Nidderkuer-Al Gare Déifferdeng hätt missen dräigleiseg gebaut ginn. Déi hätt da kéinten iwwert de Fousbann weider laanscht den Ancien Soanni, ënnert dem Tunnel vun der Bieleser Gemeng Richtung Belval fueren. An do och als

*plan directeur sectoriel des paysages. Il regrette que certains éléments aient été oubliés dans le plan sectoriel.*
*Les paysages differdangeois sont marqués par des vallées fluviales et Frenz Schwachtgen est d’avis que les cours d’eau, la Crosnière et la Chiers doivent être intégrées dans un projet de fleuve jusqu’à la Meuse.*
*Le dogger a été formé par la mer. (Interruption et rires)*
*Frenz Schwachtgen estime que ces paysages doivent être une partie intégrante du plan des paysages.*
*Le territoire national transfrontalier ne se trouve pas non plus dans le document. Frenz Schwachtgen rappelle que l’association gérant ce territoire a envoyé une invitation pour aller visiter Herserange, à dix kilomètres de Differdange.*
*Il trouve que ce territoire devrait être vu comme un tout, ce qui permettrait d’apporter des réponses aux questions sur le transport par exemple.*
*Il constate ensuite que le Mouvement écologique est catégoriquement contraire à la construction de la desserte interurbaine Gadderscheier entre Sanem et la route de Soleuvre. Il rappelle que dans les années 80 et 90, le Mouvement écologique y était pourtant favorable. En plus, le site ressemble à un paysage lunaire — sans nature. Il faudra y développer un concept global lorsque les décharges seront pleines. Frenz Schwachtgen pense à une zone de repos ou à un espace pour les entreprises. Il faudrait aussi prévoir un raccordement du portail du Woiwer vers Sanem. Le chemin de fer passe aussi à proximité.*
*Pour ce qui est des mesures antibruits, Frenz Schwachtgen salue la proposition de réaliser des études et de créer des institutions s’en occupant.*
*Déi gréng se rallie à l’avis du collège échevinal comme les autres partis.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *remercie le collège échevinal pour l’avis. Il signale qu’il y a 14 ans, il a élaboré un projet pour le bassin de la Chiers avec Frenz Schwachtgen et René Wampach. Ce projet contenait deux fois plus d’idées que*

*l'avis d'aujourd'hui. Quatorze ans plus tard, rien n'a été fait.*
*À l'époque, il était déjà question de la ligne directe Niederkorn-Sanem, avec la construction d'un pont pour ne pas perdre trop de terrain. La ligne Niederkorn-ancienne gare de Differdange aurait dû être construite sur trois voies et passer par le Fousbann et Belvaux pour atteindre l'actuelle gare de Belval-Université.*
*Serge Goffinet répète que rien de tout cela n'a été réalisé. Un jour, Ben Fayot, lui a dit que les projets d'autoroutes ne sont jamais supprimés contrairement aux lignes de chemin de fer, qui le sont toujours.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que les choses ont changé depuis quatre ans.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *réplique que les choses ont changé pour le tram, mais pas pour le train.*
*L'arrêt des CFL «Bretifeld» s'appelle désormais «Neiwiss». La gare de Belvaux et Soleuvre est déplacée légèrement. Et la gare de Differdange figurait déjà au programme à l'époque.*
*Le bus à haut niveau de service circulera-t-il sur des routes normales ou sur une voie à part? Il va se retrouver dans les embouteillages entre Dudelange et Käerjeng.*
*Serge Goffinet est un usager assidu du train, qui a une capacité unique. Mais le tram connait un grand succès à Luxembourg-ville. On mise donc moins sur le train.*
*Serge Goffinet remercie M. Liesch pour sa présentation de l'avis.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *souhaite rectifier l'un ou l'autre point. Il constate que chacun est libre de changer d'avis, mais il rappelle que tous les partis étaient d'accord concernant l'emplacement du parc éolien, qui a été choisi il y a six ans. De toute façon, le collège échevinal a toujours dit que ce parc ne serait pas construit s'il engendrait des nuisances pour les habitants. Mais Roberto Traversini estime que le vent est une des seules sources d'énergie à avoir un avenir. En ce qui concerne la planification du territoire, une réunion a eu lieu avec les ministres à Belval. Les con-*

Gare-Terminus mat där grousser Gare Belval-Universitéit verbonne ginn.

Dat ass net gemaach ginn. Mir si geleeft ginn, si hunn an d'Hänn geklappt, mir wären déi bescht an déi schéinst, mä et ass awer näischt gemaach ginn. De Ben Fayot huet mer eng Kéier gesot: Eng Autobunnslinn gëtt ni gestrach. Eng Eisebunnslinn gëtt ëmmer gestrach.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Zënter véier Joer net méi.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Bei der Eisebunn net. Beim Tram, jo. Also den Tram gëtt gebaut. Mer sinn elo richteg schaarf op den Tram.

Den CFL-Arrêt Fousbann-Neiwiss ass jo och schonn … soss hu mer dee Breitfeld genannt, elo gëtt en Neiwiss genannt. D'Gare Belval, also d'Gare Bieles-Zolwer, déi sollt e bësse geréckelt gi Richtung Zentrum Bieles. An d'Gare Déifferdeng war och deemools am Programm.

Ech hunn nach eng Fro: Dee Bus à haut niveau de service, fiert deen op der normaler Strooss? Oder kritt deen eng extra Bunn? Dee fiert jo dann eigentlech am Stau vun Diddeleng op Käerjeng? Oder wéi ass dat virgesinn?

Zum schnellen Tram: Ech als Eisebunner sinn en Zuchverwennten. Et huet keen déi Capacitéit wéi en Zuch. En Tram huet ëmmer eng gewësse limitéiert Capacitéit. Bei mir an der Partei sinn déi meescht Leit net där Meenung, well den Tram ebe momentan lokal an der Stad e Succès ass. An eben dann net onbedéngt op en Zuch gesat gëtt.

Mä och déi Eisebunnsstreck sollt schonn 20 Joer an Ugrëff geholl ginn. An do gëtt et och déck Zäit. Ech wollt dat just dozou bemierken. Awer Merci un de Georges Liesch fir deen uerdentlechen Avis. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Fir d'éischt soen ech Merci fir dat flott Gespréich. Ech wëll just zwou, dräi Saache richtegstellen. Et kann een natierlech ëmmer d'Meenung änneren, do ass jiddweree fräigestallt. Ech wëll awer u verschidde Saachen erënneren.

D'Implantatioun vum Wandpark: Ech mengen, do souz bis elo bal all Partei mat um Dësch, fir d'Implantatioun dohin ze maachen. Dat war sou gutt mat der DP, mat der LSAP a mat der CSV zesummen. Déi Implantatioun ass scho viru sechs Joer zesummen erausgesicht ginn. Ech wollt just dorun erënneren, datt jiddwereen dat weess. Et kann een natierlech seng Meenung änneren.

A wat de Wandpark ugeet, ass nach ëmmer gesot ginn, vum Schäfferot virdrun, wéi och vun deem heite Schäfferot: Wann do eng Nuisance ass fir een Awunner oder eng Awunnerin, da wär deen net gemaach ginn. Am Moment si mer awer nach net esou wäit. Mir setzen natierlech alles drun, well mer wierklech dru gleewen, datt dat nach eng vun den eenzege Forme vun Energie ass, déi nach Zukunft huet.

D'Landespläng si kritiséiert ginn. Mir haten eng grouss Versammlung mat de sämtleche Ministeren um Belval. Den Här Schwachtgen huet dat ganz gutt erkläert. Do si se virgestallt ginn. Do hätt all Conseiller an all Persoun kéinte Froe stellen.

Mir hunn d'Sitzung op den 12. September gemaach, fir se net matzen an der Vakanz ze maachen. Well ech gekuckt hunn, datt de Gemengerot komplett wär. Wa mer se eng oder zwou Wochen éischter gemaach hätten, da wär de Sall vill méi eidel gewiescht. Dofir hu mer se op den 12. gesat. Wëll ech awer fannen, datt jiddweree soll ronderëm den Dësch sëtzen, fir den Avis da matzestëmmen oder och net.

Déi extra Strooss fir de schnellen Tram ass natierlech net op där normaler Strooss. Dat weess den Här Muller och, well mer déi Pläng schonn am viregte Schäfferot diskutéiert haten. Dorun hat den Här Muller ganz vill geschafft. Datt dat extra Linne ginn.

Fir d'Entrée en ville hu mer eis mat der ArcelorMittal gëeenegt, fir an déi Strooss, wou mer am Gaange sinn, esou e klengen Encoche ze maachen. Datt een net brauch an zwee, dräi Joer erëm frësch opzerappen. Si hunn eis deen Terrain ginn. Well mir sinn am Gaangen, drun ze schaffen.

D'Presentatioun vun deem neien Transportmëttel fir de Süden war um Belval vum Minister, mat senge Leit, virgestallt ginn. Firwat en Tram? Firwat net en Zuch? Do gëtt et natierlech Argumenter. Et ass nach eng Versammlung virgesinn no de Wahlen. Wou de Minister selwer an d'Aalt Stadhaus kënnt. Dann hoffen ech, datt dann och all Mënsch do ass an och säin Avis ofgëtt.

Ofschléissend soen ech Merci eise Servicer, dem Véronique souwéi och dem Georges. Merci, datt se alles zesummebruecht hunn, wat dee leschte Schäfferot an deen neie Schäfferot gemaach hunn.

An da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention d'émettre un avis concernant les plans directeurs sectoriels «Transports», «Logement», «Zones d'activités économiques» et «Paysages».*

---

Villmools Merci. Da géife mer zum véierte Punkt kommen. Mir kréien en Naturschutzgebitt an der Gemeng bäi. Natierlech, wann Der den Avis favorabel wäert stëmmen. Ech menge schonn, well am grousse Ganzen ass et eng flott Saach. An da wäre mer am Fong geholl eng Gemeng, déi zwee Naturschutzgebidder hätt. Här Liesch, ass dat esou?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ganz richteg. Ech mengen och, laut menge Recherchen, déi eenzeg Gemeng, déi iwwer zwee Naturschutzgebidder wäert verfügen.

Zwee Wuert als Introduktioun: 1991 ass d'Naturschutzgebitt an d'Réserve naturelle Giele Botter um Prënzebierg ausgeruff ginn, mat enger Gréisst vun 255 ha. Wat en extrem schéint a grousst Gebitt ass. Abee elo, wa mer déi hei Prozedur duerchlaf hunn – mir sinn an der Ligne droite –, kënnt en zweet Naturschutzgebitt bäi. Vun enger Gréisst vu bal 400 ha, also net grad duebel sou grouss wéi de giele Botter. Fir dass Der Iech e bësse kënnt virstellen, wat d'Envergure vun deem Terrain ass, vun deem mer hei schwätzen. Dat ass also wierklech substanziell, wat hei gemaach ginn ass.

Mir waren direkt frou doriwwer, wéi mer viru bal zwee Joer kontaktéiert gi waren, ob mer Interessi hätten, esou en Naturschutzgebitt bei eis an der Gemeng ze installéieren. Ob mer mat op dee Wee géife goen. Den deemolege Schäfferot hat natierlech gesot: Jo, op jidde Fall. Mir hunn och gehollef, un deenen Dossieren e wéineg ze schaffen. Elo si mer an der Ligne droite, nodeem d'Enquête publique gelaf ass, fir dann elo eisen Avis ofzeginn zu dësem neien Naturschutzgebitt.

E puer kleng Remarken hu mer ze maachen, déi mer hoffen, vläicht nach kënnen e bësse geännert ze kréien. Net d'Naturschutzgebitt u sech a senger Form, mä méi d'Gesetzgebung ronderëm, wat dann elo an deem Naturschutzgebitt däerf oder net däerf gemaach ginn. Do sinn e puer Saachen dran, déi och vum Vokabulär net gléckleech sinn an déi vläicht net esou sinn, wéi de Legislateur sech dat virstellt. Mä wann een den Text liest, kënnt een awer zu deem Resultat.

Ech ginn e puer Beispiller: D'Recherche vu Fossillen, vu Champignonen, vu Kraider, alles dat ass verbueden. Wann do elo eng Entreprise géif kommen, déi am grousse Stil wéilt Champignone sammelen oder Fossillen eraushuelen, da géif ech dat jo verstoen. Ech mengen awer net, dass de Gesetzgeber domat mengt, wann d'Famill sonndes op de Bierg geet, e klengen Himmerche mathëlt a mat de Kanner no e puer Fossille sicht. Oder wann een am Hierscht, am Oktober, November op de Bierg geet an op seng Plaze Champignone siche geet, well ee weess, dass déi do sinn. Mir mengen, dass dat net de Sënn war vun dësem Text.

*seillers communaux auraient pu y assister.*
*Le collège échevinal a choisi la date d'aujourd'hui pour ne pas organiser une séance du conseil communal en pleines vacances. Roberto Traversini est d'avis que tous les conseillers communaux doivent pouvoir approuver l'avis.*
*Le tram rapide circulera sur une voie à part. M. Muller le sait puisqu'il a travaillé sur les plans. Pour ce qui est de l'entrée en ville, ArcelorMittal a donné du terrain à la commune. Une encoche est prévue de sorte qu'il ne faudra pas démolir à nouveau la chaussée dans quelques années.*
*Le ministre des Transports a présenté le tram pour le sud à Belval. Après les sélections, le ministre participera à une réunion à l'Aalt Stadhaus pour exposer les avantages du tram.*
*Roberto Traversini remercie Véronique et Georges pour leur travail.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au point 4, une nouvelle zone naturelle protégée. Differdange en compterait alors deux.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que Differdange serait alors la seule commune avec deux zones naturelles protégées.*
*La première réserve naturelle, le Giele Botter, a été créée en 1991 au Prënzebierg. Elle fait 255 ha. Celle dont il est question aujourd'hui atteint 400 ha, soit presque le double du Giele Botter.*
*Il y a deux ans, le collège échevinal était content d'apprendre qu'une deuxième réserve naturelle allait être créée à Differdange. Il a contribué à élaborer les dossiers. Le projet a désormais atteint la dernière ligne droite puisque l'enquête publique est terminée.*
*Le collège échevinal a cependant quelques remarques à faire. Le vocabulaire ne correspond peut-être pas toujours à ce que le législateur souhaite. Il est notamment interdit de rechercher des fossiles, des champignons et des herbes. Georges Liesch comprend qu'une telle restriction puisse s'appliquer à une entreprise. Mais un enfant doit pouvoir chercher des fossiles et une famille cueillir des champignons en*

*automne comme elle a toujours fait. D'après le règlement, tel qu'il se présente actuellement, un procès-verbal pourrait être dressé dans ces situations.*
*Il est également interdit de modifier un lit de ruisseau. Mais pour Georges Liesch, tout dépend de l'envergure. Il rappelle qu'il y a quelques années, la commune a légèrement dévié la Crosnière à Lasauvage pour sauver l'étang.*
*Un projet semblable est prévu pour l'étang de l'usine de Hussigny, qui se situe en grande partie sur le territoire luxembourgeois. Dans ce cas aussi, il sera nécessaire de dévier la Crosnière. Ce type d'interventions devraient rester possibles en concertation avec les ministères compétents.*
*Rouler à vélo ou faire du cheval ne sera possible que sur les chemins balisés à cet effet. Cela signifie que ces activités ne seront autorisées que sur des chemins spécialement signalisés. Or les chemins sont déjà connus et Georges Liesch ne pense pas qu'il faille installer des panneaux supplémentaires. Il propose de parler de «chemins existants» au lieu de «chemins balisés». Il est clair que l'on ne peut pas faire du vélo ou du cheval n'importe où. Mais les chemins existants doivent pouvoir être utilisés même s'ils ne sont pas signalisés.*
*Les chasseurs exigent ensuite l'interdiction complète de l'appâtage du gibier. Georges Liesch n'a jamais soutenu l'appâtage et trouve que les arguments des chasseurs sont pertinents. Mais d'un autre côté, l'appâtage permet de maitriser le nombre de sangliers. C'est pourquoi il estime que l'appâtage doit rester possible sous le contrôle d'un garde forestier compétent – et ce y compris dans une réserve naturelle.*
*Une famille a écrit au collège échevinal pour lui signaler que le parc éolien n'est pas compatible avec la nouvelle réserve naturelle. Or le parc ne se trouve absolument pas dans la réserve naturelle. Il y a donc une erreur.*
*Certaines mesures d'intérêt touristique ou des activités comme l'apiculture pourraient aussi être interdites. Une ruche, par exemple, constitue une installation. Or ce*

Mä da muss een dat awer kloerstellen. Well wéi et elo am Reglement steet, kéint een dofir protokolléiert ginn. An ech mengen, dat sollt een awer evitéieren.

Eng aner Saach: Et ass verbueden, e Lit de ruisseau ze änneren. Och do kéint ee sech virstellen, wa mer elo géifen d'Kor am grousse Stil ëmleeden oder eng Baach géifen ëmleeden, do wär d'Envergure natierlech problematesch. Ech wëll awer drun erënneren, dass mer virun e puer Joer zu Lasauvage d'Crosnière e bëssen deviéiert haten, fir dee Weier erëm un d'Liewen ze kréien.

A mir hunn en aneren ähnleche Projet am Eck, wou nach e Killweier vun der Héisenger Schmelz ass, deen awer zum gréissten Deel op Lëtzebuerger Terrain läit. Dee wëlle mer och erëm beliewen. Also esou kleng Agrëffer muss een awer kënne maachen, och an d'Crosnière. Esou Saache mussen awer zumindest méiglech sinn, mat Récksprooch vun de kompetente Ministèren natierlech. Mä wann awer hei steet, se wäre verbueden, da muss een deen Text awer e bësse corrigéieren.

Eppes anescht, wat drasteet, ass, dass verschidde Saachen, wéi zum Beispill Vëlo fueren oder mam Päerd reiden, nëmmen erlaabt sinn op „Chemins balisés à cet effet“. Dat heescht also, dass ech mech mam Vëlo oder mam Päerd nëmmen op extra dofir gekennzeechente Weeër däerf beweegen. Ech mengen, dat geet e bësse wäit. Eis Weeër si bekannt. Jiddweree vun eis kennt se. Ech géif dovunner ofgesinn, fir elo um Bierg do e Schilderwald opzeriichten an alles ze baliséieren, fir dass deen, dee sech do mam Vëlo oder mam Päerd beweegt, kee Protokoll kritt.

Do muss um Term geschafft ginn. Mir proposéieren éischter eppes aus dem Däitschen, de Begrëff „bestehende Wege“. Dat heescht Weeër, déi existent sinn. Dass een op deene bleift. Et ass kloer, dass een net mam Vëlo oder mam Päerd ratsch duerch d'Natur geet. Ech mengen, dat wëll keen. Mä et kann awer net sinn, dass een op bestoende Weeër, och wann do net explizit e Schëld ass, net mam Vëlo oder mam Päerd dierf doriwwer goen. Do misst nach e wéineg um Vokabulär geschafft ginn.

Dann eng Fuerderung vun de Jeeër, déi diskutabel ass: D'Jeeër bemängelen, dass d'Kirrung vum Wëld, also net d'Fidderung, mä den Appatage mat dësem neien Naturschutzreservat do komplett verbueden ass. Ech si kee Frënd, an ech war ni e Frënd vun der Kirrung. D'Jeeër soen – an hir Argumenter sinn net falsch –, mir hunn eng Surpopulatioun vun de Wëllschwäin. An et ass nun och emol bewisen, dass et net esou einfach ass, e Wëllschwäin ze schéissen. Soudass d'Kirrung e Mëttel wär, fir deem entgéintzewierken, fir zum Beispill de Bestand vun de Wëllschwäin ënner Kontroll ze halen.

Wéi gesot, ech si kee grousse Frënd vun der Kirrung. Ech mengen awer, dass ech domadder ka liewen, wann dat ënner Opsiicht vun engem kompetente Fierschter geschitt. Déi Plaze mussen ugemellt ginn. Wann dat seriö kontrolléiert gëtt, ënner enger seriöer Wirtschaft vum Fierschter gemaach an autoriséiert gëtt, kann ech mech ralliéieren, fir Kirrungen an engem Naturschutzgebitt ze erlaben. Fir eben de Wëldbestand, notamment vun de Wëllschwäin, ze reguléieren.

Mir hunn e Bréif kritt vun enger Famill, déi gesot huet, dass deen neie Wandpark net kompatibel wär mat deem neien Naturschutzgebitt. D'Äntwert ass, e läit jo och net dran. Ech mengen, do ass en Iertum geschitt, well de Wandpark läit net an deem Naturschutzgebitt. Soudass dat eigentlech non substantiel ass.

An dann hu mer e Problem: Déi Mesuren, déi d'Intérêt touristique sinn, oder och d'Apiculture wären eigentlech verbueden. Wann een et streng hëlt, ass eng Beiekëscht, eng Ruche eigentlech eng Installatioun a wär elo hei verbueden. Och do si mer iwwerzeegt, dass dat vum Gesetzgeber net gewollt war. Well wat mécht méi Sënn, wéi an engem Naturschutzgebitt Beien unzesidelen? Dat ass jo genau dat, wat ee gären hätt.

Och do muss den Text nogebessert ginn. Dass déi Saachen erausgeholl ginn. Oder explizit drasteet, dass déi Saache mussen erlaabt sinn.

Des Weidere wësst Der, dass mer an enger Prozedur sinn, dass dee ganzen Terrain UNESCO-geschützt gëtt. An deem

Kader sinn awer vläicht déi eng oder déi aner touristesch Saachen, déi mer wëlle maachen. Ech soen als Beispill, en Aussiichtsturm bauen, do uewen um Bierg. Wou een op en Tuerm geet, wou een eng super Vue huet.

Natierlech ass dat en Agrëff. Dofir bräicht een all déi Autorisatiounen, déi een haut och scho brauch. Mat deem heiten Text vum Naturschutzgebitt wär dat awer eigentlech direkt vum Dësch. Do soe mer awer, esou Saachen, déi en Intérêt touristique doux hunn, missten och an engem Naturschutzgebitt méiglech sinn. Dat ass jo dat, wat mer eigentlech wëllen, net de Massentourismus.

Natierlech ass den éischte But vun engem Naturschutzgebitt ëmmer nach, d'Natur ze schützen. Mä mir mussen et awer fäerdegbréngen, dass d'Leit an dat Naturschutzgebitt ginn, déi Natur déi do ass, kenneléieren, fir se dann och herno ze respektéieren an aner Gebidder. Ech mengen dat ass awer fundamental.

A wa mer hei de Rigel an de Rimm esou fest zouzéien, da kéint dat e Schoss no hanne ginn. Dass d'Leit soen, da wëlle mer keen Naturschutzgebitt méi, well do sinn esou vill Restriktiounen, do däerfe ee jo emol net eragoen oder sech dra beweegen. An dat ass awer d'Zil.

D'Zil ass wierklech, d'Leit dohinner ze bréngen. Sou wéi een all Sonndeg oder Samschdeg an de Giele Botter geet, wou ee bei guddem Wieder Honnerte Leit gesäit, déi d'Natur do genéissen an déi se och respektéieren. Natierlech gëtt et der ëmmer e puer, déi se net respektéieren. Duerfir mussen et och Reegelen a Sanktioune ginn. Mä hei ass vläicht an e puer Termen de Rigel awer ze vill fest zou.

Dat sinn am Fong déi eenzeg Remarken, déi mer ze maachen hunn. Soss si mer extrem frou doriwwer, dass mer dat Naturschutzgebitt hei an eis Gemeng kréien. An an der Zomm 650 ha Land als Naturschutzgebitt hei an eiser Gemeng hunn. Dat ass phenomenal.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci Här Liesch. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Elo wëll ech awer emol deen éischte sinn. Här Muller, entschëllegt.

Ech sinn immens frou, dass mer dat doten erreecht hunn. A vu dass ech scho laang derbäi sinn, wéilt ech kuerz den Historique dozou soen, firwat de Kiermerchen, firwat de Grandbois elo Naturschutzgebitt gi sinn.

Den Ausgangspunkt war wéi ëmmer an den deemolegen 80er an 90er Jore vum leschte Joerhonnert eng Defensiv. De Ronnebierg ass zougaangen. Am ganze Land ass no engem neien Tipp gesicht ginn. Ech nennen Iech d'Nimm, déi an der Selektioun waren hei am Land: De Pafewee zu Suessem, Eilbuer zu Réiser an deem Eck, Haebecht zu Mamer.

Als véierten oder fënneften op der Lëscht war de Kiermerchen, d'Maison Schneider. Deen Eck, dee mer elo als Naturschutzgebitt ausweisen. An aus där Zäit ass et komm, dass mer aus defensiv och dann intensiv no Molche gesicht hunn an no Argumenter, firwat dat aalt Tagebaugebitt net verfüllt sollt ginn.

Well deemools war nach d'Theorie a Politik an a Wirtschaft, datt déi Tagebaugebidder vum Mënsch geschaaft gi sinn a predestinéiert waren, erëm verfüllt ze ginn. Dass déi Verfüllung mat Müll sollt stattfannen, dat ass am Ufank emol guer net gesot ginn. Mä Bauschutt hätt ee jo och kënnen draschëdden.

Dohier am Fong de Gedanke vum Schutz vun deene Gebidder a vun deenen herrleche Biotopen, déi doranner sinn. Wou Insekten-, Vullen- a Planzenaarte virkommen, Orchideeën, déi soss am Süde vu Frankräich virkommen. Dat mécht eist Gebitt jo esou räich an esou exzeptionell a ganz Europa. Et ass net fir näischt. An ech hunn d'Éier mat derbäi ze sinn an engem Gremium, wou en Dossier opgestallt gëtt, wou dee ganze Minett, vun Diddeleng bis op Rodange als UNESCO-Biosphär-Gebitt

*n'est probablement pas ce que veut le législateur. Dans ce cas aussi, le texte devrait donc être adapté pour exprimer clairement que l'apiculture par exemple est autorisée.*
*Une procédure a par ailleurs été lancée pour faire protéger tout le terrain par l'UNESCO. Dans ce cadre, il est notamment question de construire un belvédère. Bien entendu, des autorisations sont nécessaires aujourd'hui déjà. Mais avec le nouveau texte, un tel belvédère serait tout simplement interdit. Pour Georges Liesch, la promotion du tourisme doux doit rester possible, y compris dans une réserve naturelle. Le but d'une réserve naturelle est de protéger la nature. Mais il faut aussi s'assurer que les gens se rendent dans la réserve et découvrent la nature. Si les restrictions sont trop nombreuses, les citoyens pourraient finir par être contraires à l'implantation de réserves naturelles. Georges Liesch signale que tous les samedis et dimanches, des centaines de gens se promènent dans le Giele Botter. Bien sûr, certains ne respectent pas la nature. C'est pourquoi il faut des règles et des sanctions — mais sans aller trop loin.*
*À l'exception de ces remarques, le collège échevinal se réjouit de l'implantation d'une deuxième réserve naturelle. En tout, cela représente 650 ha. C'est phénoménal.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *souhaite expliquer pourquoi le Kiermerschen et le «Grand Bois» doivent faire partie d'une réserve naturelle.*
*Il rappelle que dans les années 1980 et 1990, le Ronnebierg a fermé. Le Luxembourg cherchait une nouvelle décharge. Parmi les sites considérés figuraient le Pafewee à Sanem, Ailbuer à Roeser, Heebecht à Mamer et le Kiermerschen.*
*À l'époque, on cherchait des arguments pour ne pas remplir les anciennes mines à ciel ouvert. Car la théorie était que ces mines avaient été créées par les hommes et qu'elles étaient prédestinées à être réutilisées. Au départ, on ne parlait pas encore de décharges, mais on voulait y déverser des gravats.*

*C'est là qu'est née l'idée de protéger ces biotopes exceptionnels. Frenz Schwachtgen est fier de faire partie du comité élaborant un dossier pour que les Terres-Rouges intègrent le programme des biosphères de l'UNESCO. Les chances sont bonnes.*
*Par ailleurs, il s'agit d'éviter la reconstruction de l'ancienne piste de l'Arbed. Pour Frenz Schwachtgen, il est inutile de déterrer des tonnes de déchets. En plus, il s'agit désormais d'un magnifique chemin de promenade et d'une piste cyclable pour les parents et leurs enfants. Heureusement, les quads n'y seront plus autorisés.*
*Il y a 10 ou 15 ans, les Ponts et Chaussées considéraient la piste de l'Arbed comme un possible raccordement entre la route de Hussigny et la liaison Micheville. Bref, ils prévoyaient de construire une autoroute sur la colline. Cela aurait détruit le canyon de mines à ciel ouvert. Si le site devient une réserve naturelle, tous ces plans tomberont définitivement à l'eau.*
*En même temps que la discussion autour du Kiermerschen a aussi eu lieu celle concernant le Grand Bois. Malheureusement, les gardes forestiers de l'époque ont coupé de nombreux arbres en commençant par les plus grands et les plus beaux. Les gardes forestiers actuels devront attendre trois générations avant de pouvoir profiter à nouveau d'arbres de ce type. Differdange dispose toutefois encore de quelques beaux ilots de bois mort.*
*La protection comprendra la forêt à Lasauvage, le Bache Jang, la Maison Schneider, le Rollesberg, le Galgenberg à Belvaux, etc. Frenz Schwachtgen estime qu'un panneau indiquant qu'il s'agit d'une réserve naturelle à l'entrée devrait suffire à régler ce qui y est permis ou pas puisque les zones vertes sont soumises à la loi sur la protection de la nature. Ainsi l'article 2 stipule que l'on ne peut pas déposer de déchets et de matériaux dans les réserves naturelles. Mais c'est aussi le cas dans les zones vertes ou dans la rue. C'est pourquoi il faut rendre le texte moins restrictif et prendre ensuite des mesures drastiques le cas échéant. Il ne sert à rien de multiplier les interdictions. Car théori-*

deklaréiert gëtt. D'Chance ass grouss, dass mer dat kréien. Déi Dossiere sinn effektiv an der Maach. Dat ass emol deen een Ausgangspunkt.

En aneren Ausgangspunkt ass, datt mer elo mat dësem Schrack déi ARBEDs-Pist verhënneren, déi jo theoretesch souguer hei am Text virgesinn ass, fir zréckgebaut ze ginn. Wat mir awer wéineg sënnvoll fannen, fir dat alles erëm erauskrazen ze goen, wat do vun Tonne Material läit. En plus ass et en herrleche Spadséierwee a Vëlo-Léierwee fir vill Eltere mat hire Kanner an esou weider. Leider sinn heiansdo och Quaden a Motoen do ze gesinn. Mä bon, dat si jo Saachen, déi och elo scho verbuede sinn.

Dat heescht, déi ARBEDs-Pist war virgesinn a Pläng vu Ponts et Chaussées virun 10, 15 Joer als Liaisoun tëscht der Héisenger Strooss an der Liaison Micheville, bis op de Belval, op d'Thionviller Autobunn.

Dat heescht, mir hätten eng Autobunn uewen iwwert de Bierg kritt. Wéi leider zu Micheville geschitt. Dee ganze Canyon vum Tagebaugebitt, wann Der deen elo eng Kéier fuert. Dat herrlecht Naturgebitt mat Uhu dran an esou virun ass op éiweg hypothekéiert. A wa mer dat hei elo kréien, ass déi Diskussioun héchstwahrscheinlech aus deene Pläng oder aus deene Käpp eraus, déi déi nach ëmmer dran hunn.

Déi Diskussioun Kiermerchen ass 20 Joer hier. Gläichzäiteg war och zu Déifferdeng d'Diskussioun Grandbois. Déi deemoleg Fierschtergeneratioun hat sech als groussen Abbauforstpolitiker gesinn. Si hunn déi déckste Beem, déi schéinste Beem als éischt geholl.

Mam Resultat, dass mer haut am Grandbois leider nëmmen nach Staangenholz hunn. An eise Fierschter oder déi nächst dräi Fierschtergeneratioune mussen drop waarden, dass nach deen éischten décke Bam als Stammholz ka gefällt ginn.

Et ass awer esou, dass mer nach e puer ganz flott Altholzinselen hunn, déi heimadder elo definitiv och geschützt ginn. Déi wierklech monumental sinn an och eng Visitt wäert.

An dee ganze Schutzstatus geet vu Lasauvage ronderëm dee ganze Bierg iwwer Baache Millen, Baache Jang, Schneider, Tunnel Redange eriwwer op de Rollesbierg, Gaalgebierg, Bieles, bis hei op d'Spëtzt vum Metzkimmert. Dat gëtt geschützte Gebitt, d'ganzt Gebitt Ränkert an esou virun.

An ech mengen, et muss een et am Kapp hunn. Et wier och flott, wann dat elo zustane kënnt, wa mer e puer Visitte kéinten organiséieren, fir dat Gebitt bei de Leit méi bekannt ze maachen.

Schutzstatus ass natierlech dat, wat de Lëtzebuerger, an och verschidde Leit, direkt am Kapp hunn. Obschonn dass a mengen Ae fir esou Gebidder einfach eng Ausweisung als Naturschutzgebitt op den Entréesweeër misst duergoen.

Mir hunn en Naturschutzgesetz, mir hunn eng Zone verte. Dat heescht, d'Zone verte regléiert alles, wat net däerf gebaut ginn, wat däerf gebaut ginn, wéi grouss an esou virun. D'Naturschutzgesetz reegelt alles dat, wat géint d'Natur ass. Wann ech hei den Artikel 2 huele vun deenen 19 Verbuetsartikelen: „Dans la réserve naturelle sont interdits: le dépôt de déchets et de matériaux". Ass dat net iwwerall de Fall an der Zone verte?

An esou kéint een dee ganzen Dossier duerchgoen a soen, dat do ass am Fong selbstverständlech a logesch, net nëmmen an engem Naturschutzgebitt. Och hei virun der Gemeng ass et verbueden, Déchets et matériaux ofzelageren, wann ee se net méi brauch.

Ech mengen, dat misst een effektiv, den Här Liesch huet dat gutt erkläert, e bëssen entschäerfen. An herno, wou et néideg ass, kënne mer nach ëmmer méi drastesch Moossnamen ergräifen am Kader vum Naturschutz.

Net de Leit direkt mat Honnert Verbueter kommen, dass se fäerte mam Klengkand, mam Vëlo iwwerhaapt nach an de Giele Botter ze goen. A wann dat klengt Kand zoufälleg um Vëlo steet, da misst laut Gesetz de Fierschter deem Kand de Vëlo beschlagnamen. An ech mengen, dat däerft einfach net sinn. Mer mussen einfach e bëssen ëmdenken an do strikt virgoen a konsequent virgoen, wou et néideg ass.

Et huet kee Wäert, Gesetzer ze maachen an herno ze soen, mir kucken duerch d'Fangeren. Nee. Dann hält kee sech méi u Gesetzer. D'Gesetzer mussen do sinn, fir befollegt ze ginn. An do, wou se sinn, soll dann och sanktionéiert ginn.

Mat de Fierschter si mer jo eens ginn. Et war jo eng ëffentlech Reunioun do iwwer, wou de Projet vum Ministère virgestallt ginn ass. Wou ech och erëm eng Kéier bedaueren, dass net genuch Leit do waren. Do waren d'Jeeër vertrueden duerch den Här Dentzer, de Chef am Fong vun de Jeeër hei am Eck. Do ass mat de Leit vum MDDI diskutéiert ginn an do sinn Ouverturen, déi herno och fonctionnéieren.

Ëm 2001 huet och de Staat d'Schéinheet vun deem Gebitt erkannt, a Persoun vum José Kungs, zesumme mat eisem Service écologique a mat enger nei opgestallter Fierschterei. Well mëttlerweil sinn eis Fierschter, Gott sei Dank, virbildlech Natur- an Ëmweltschützer. D'Forstverwaltung, also d'Administration des eaux et forêts huet sech wierklech ganz restrukturéiert an ass wierklech e gudden Aarm vun der Ëmweltverwaltung ginn.

Den Avis vun der Ëmweltkommissioun ass positiv. Deen Dossier hu mer dacks diskutéiert. An ech sinn zouversiichtlech, dass eis dat heite vill méi wäit bréngt.

D'Fro war nach gestallt: Mir hunn erëm eng Kéier deen Territoire naturel transfrontalier. Do hu mer Projete mat Héiseng, Projete mat Lasauvage a mat Zounen. Mer hunn do wëlles, Vëlosweeër ze maachen. Mer hu wëlles, den ale Killbaseng vun der Héisenger Schmelz ze renaturéieren an zougänglech ze maachen. An do sinn nach al Galerien- a Stollenagäng vun de franséische Minnen eriwwer. Do musse mer einfach d'Méiglechkeet behalen, dran ze schaffen. Dat ass jo och dat, wat hei gesot ginn ass.

Fazit: 20 Joer Asaz fir dat Gebitt Grandbois / Rollesbierg / Kiermerchen. Déi hu sech haut gelount, fir mech perséinlech a fir all déi, déi benevole an de leschten 20, 30 Joer do geschafft hunn. Ech denken u Verstuerwener wéi den Armand Limpach déizäit. Ech denken och un Aktueller nach, de Mackels Johny an de Braquet Jeannot, déi wierklech hiert ganzt Liewen do uewe verbruecht hunn. Haut hu mer d'Recolte dervunner. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Schwachtgen. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäffen- a Gemengerot, Dir Hären, de Projet op Entscheedung vun eiser Regierung, Zounen, Kiermerchen, Scheiergronn a Groussebësch an e groussen Areal – eng Fläch vu ronn 392 ha, deelweis op Déifferdenger a Suessemer Terrain – als Schutzzon ze deklaréieren, ënnert der Form vun enger Réserve naturelle, kënne mer als Demokratesch Partei begleeden. Et geet an déi Richtung vum Giele Botter, wat schonn eis éischt Schutzzon ass.

Sous réserve, dass d'Restriktiounen am Reglement mat engem Effort vum Staat un d'Propositioune vun der Gemeng adoptéiert ginn. Op Remarken, Recommandatiounen a Crainten hin, vu dass dëst Reglement wäit geet a staark restriktiv ass.

Dës Zone sinn do a ginn aktiv vun der Déifferdenger Populatioun a ronderëm opgesicht, fir ze entspanen, vun der Natur ze profitéieren, Sport ze maachen, ze spadséieren, an den 1. Mee, eng Traditioun, e Meekranz ze maachen.

D'Freed ass fort duerch de Verbuet, sech ausserhalb vun den ugeluechte Weeër ze beweegen. Ech gesinn dëst als Restriktioun vu menger Beweegungsfräiheet. Sou wéi verschidde Sitten am Perimeter, déi opgesicht gi vun de Familljen, wéi scho gesot, op der Sich no Fossillen, no Champignonen oder Kraider a fir weiderhin op der aler ARBEDs-Pist spadséieren ze goen. Nach haut e Wee, wou Famillje gäre benotzen, fir hire Kanner Vëlofuere bäizebréngen.

Verschidde Restriktioune schützen natierlech virum Zoubauen oder viru Mülldeponien an dësen Zonen. Am Artikel 3 (Dans la réserve naturelle sont

*quement, le garde forestier serait en droit de confisquer le vélo d'un enfant selon l'endroit où il se trouve. Cela va trop loin. D'un autre côté, si l'on fixe des lois, mais que l'on se montre laxiste, plus personne ne les respecte. C'est pourquoi il faut sanctionner les personnes qui ne s'y tiennent pas.*
*Frenz Schwachtgen rappelle qu'une réunion publique a eu lieu. Le ministère a présenté son projet. Frenz Schwachtgen regrette que peu de gens y aient participé. Les chasseurs y ont assisté.*
*L'État a reconnu la beauté du site en 2001 ensemble avec le service écologique de Differdange et les gardes forestiers qui réalisent, entretemps, un travail exemplaire. L'Administration des eaux et forêts s'est restructurée et travaille désormais avec l'Administration de l'environnement.*
*L'avis de la commission de l'environnement est positif.*
*En ce qui concerne le Territoire naturel transfrontalier, un projet de pistes cyclables est en cours avec Hussigny et Saulnes. Il s'agit de renaturer l'ancien bassin de refroidissement de l'usine de Hussigny. Mais il subsiste encore d'anciennes galeries des mines françaises qu'il s'agit de préserver.*
*Frenz Schwachtgen constate que pendant vingt ou trente ans, des gens comme Armand Limpach, Johny Mackel, Jeannot Braquet et lui-même se sont battus pour le Grand Bois, le Rollesberg et le Kiermerschen. Aujourd'hui, leurs efforts sont récompensés.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *soutient la décision du gouvernement de protéger le Kiermerschen, le Scheiergronn et le Grand Bois sur le territoire de Differdange et de Sanem. Elle rappelle que le Giele Botter est lui aussi classé réserve naturelle.*
*Cependant, elle trouve que le règlement est trop restrictif et demande que les propositions de la commune soient adoptées. Les Differdangeois se rendent dans ces sites pour se relaxer, faire du sport ou se promener. On y fête le Premier Mai. Limiter l'accès aux seuls chemins balisés est une atteinte à la liberté de mouvement. Il arrive que des familles recherchent des fossiles, des*

*champignons ou des fines herbes. L'ancienne piste de l'Arbed est encore utilisée aujourd'hui pour apprendre aux enfants à faire du vélo. L'article 3, reprenant les interdictions, énumère 19 points. Ces points doivent être clarifiés. Les propositions de la commune doivent être adoptées.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *remercie Mme Saeul avant de constater qu'elle n'a pas fini.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *demande où en est le projet de territoire naturel transfrontalier.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *salue à son tour la création d'une réserve naturelle du Kiermerschen, Scheiergronn et Grand Bois. Il soutient les propositions de la commune pour améliorer le texte.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *salue à son tour le projet. Les inquiétudes de la commune sont justifiées. Les socialistes soutiennent le projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se réjouit que la zone en question devienne une réserve naturelle. Il constate qu'il ne serait plus possible d'y aménager une conduite de Sotel raccordant le Luxembourg à l'énergie nucléaire française. Mais c'est trop tard.*
*Le conseiller communal soutient le projet ainsi que les modifications proposées.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime que le projet de protection du Kiermerschen, du Scheiergronn et du Grand Bois vise essentiellement à protéger les mines à ciel ouvert et les forêts autour.*
*Il s'agit de 392 ha appartenant en large partie à la commune et à ArcelorMittal. Ces sites ont été créés par l'homme et il faut les préserver. À l'époque, la nature a été détruite pour créer de la richesse.*
*Aujourd'hui, il faut éviter l'embroussaillement de ces sites, chose réalisée en partie grâce aux moutons.*
*En ce qui concerne l'exploitation des forêts, peu va changer.*
*Guy Tempels espère que les restrictions ne pousseront pas les gens à*

interdits) stinn 19 Punkten, déi schonn zur Sprooch komm sinn. Dës Punkte sollte kloergestallt ginn, a mir proposéieren, d'Propositioune vun der Gemeng am Reglement unzehuelen oder d'Reglement ze adaptéieren. Merci.

Ech hätt nach eng Fro zum Projet Territoire naturel transfrontalier, wou den Här Schwachtgen elo grad schonn driwwer geschwat huet. Ech wollt froen, wéi wäit dëse schonn ass? A kéint ee vläicht drun denken, dëse Projet an den nächste Joren drun unzeschléissen? Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Ruckert, ganz gären.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei begréissen ech, dass dat neit Naturschutzgebitt Kiermerchen / Scheiergronn / Groussebësch soll kommen. An ech ënnerstëtzen och déi Virschléi, déi hei vun der Gemeng gemaach ginn, fir dat nach e bësse besser ze gestalten.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent, Här Ruckert. Dir gitt ëmmer besser. Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Mir begréissen dat natierlech och. Déi Bedenken, déi erakomm sinn, si berechtegt. Et ass wonnerbar virgedroe ginn. Also mir si fir dee Projet. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et ass alles extensiv gesot ginn. Et ass ze begréissen, dass déi Zon endlech Réserve naturelle gëtt. Wann een elo kuckt, no wéi enge Reegelen, da wär do wuel eng Sotelsleitung, wou Atomstroumuschloss a Frankräich direkt gemaach ginn ass, elo net méi méiglech. Déi ass awer elo schonn do.

Et ass ze begréissen, dass dat kënnt. Déi Ännerungen, déi elo virgeschloe gi sinn, ënnerstëtzen ech. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Den Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, an deem geplangten nationalen Naturschutzgebitt Kiermerchen / Scheiergronn / Groussebësch wëlle mir haaptsächlech d'Tagebaugebidder an déi Bëscher ronderëm ënner Naturschutz stellen. Hei falen 392 ha drënner, déi zum gréissten Deel an der Hand vun eiser Gemeng an ArcelorMittal sinn.

Et geet dorëm, sech déi néideg Mëttelen ze ginn, fir dës eemoleg Sitten, déi viru Jore vu Mënschenhand geschaaft goufen, ze erhalen. Deemools gouf d'Natur futti gemaach fir de Räichtum vun eisem Land. Entstanen ass eppes, wat et haut esou weider net méi gëtt. Bei den Tagebaugebidder soll d'Verbuschung verhënnert ginn, wat jo schonn elo mat de Schof gemaach gëtt. An de Bëscher wäert sech net vill un der Bewirtschaftung änneren.

Ech hoffe just, dass mir de Leit net mat verschiddene Restriktiounen d'Loscht huelen, an d'Natur ze goen. Hei ass et wichteg, de Leit mat Panneauen eventuell ze erklären, firwat se net op verschidde Plaze sollen oder dierfe goen.

Verschidde Reklamatioune sinn erakomm. Mat de Jeeër, dat schéngt geklärt ze sinn. Et ass mer do ganz wichteg ze soen, dass eng Kirrung an den Tagebaugebidder bal net ze ëmgoen ass. Ech géif jiddwereen invitéieren, Allerséilen un der Juegd deelzehuelen a mat klappen ze goen, da gesi se, wéi kompliziéiert et ass, fir d'Schwäin – déi deelweis e grousse Problem bei eis sinn, well se immens vill Schued maachen – do erauszekréien.

Wat d'Wandmillen ugeet, wär et wichteg, déi Leit, déi reklaméiert hunn, mat an d'Boot ze kréie fir dee Projet, dee mer wëllen duerchzéien. Ech mengen dat leeft jo, mä hei muss Transparenz op éischter Plaz stoen.

Mir vun der CSV sinn der Meenung, dass dëst Naturschutzgebitt, mat senger eenzegaarteger Flora a Fauna, muss geschützt ginn an eise Kanner esou soll erhale bleiwen. Och als eng Plaz, fir sech ze erhuelen, ouni dass ee muss mat der Angscht liewen, iergendwéi en Avertissement ze kréien, duerch déi Oploen, déi hei deelweis iwwerdriwwe sinn. Natierlech stëmme mir mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. D'Fro iwwer den TNT. Här Liesch, wéi wäit si mer do?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir hate jo scho virun e puer Méint hei d'Adhesioun vun der Gemeng Herserange, déi elo och Member ass vum TNT. Dat heescht, de Moment ass et dann Héiseng, Zounen, Herserange an Déifferdeng. Mir sinn a Gespréicher mat der Gemeng Péiteng, déi am Gaange sinn ze iwwerleeën, ob se och an deen TNT eraklammen.

Ech ka vläicht nach soen, dass mer eng Ballade familiale organiséiert haten, dat war eng kleng Aktivitéit vun der Asbl TNT. Eng kleng Aktivitéit, déi awer bal 400 Leit zesummebruecht huet, sech duerch d'Bëscher, an notamment och déi heiten, ze beweegen. Wat natierlech impressionnant ass, 400 Leit op en Trëppeltour ze kréien. Dat sinn der net wéineg. A mat Catering. Alles war vun der Asbl organiséiert ginn. Dat war wierklech e ganz flotte Succès.

Méi spéit um Ordre du jour komme mer nach op e Punkt, wou ech dann nach eng Kéier wéilt den TNT mat an d'Boot bréngen, wou et ëm d'Acquisitioun vun engem Terrain geet. Wou mer iwwert déi Asbl ewech souguer nach Terraine wäerte matenee verbannen.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Fir nach eng Kéier ze widderhuelen: Dat heescht, wann ech elo alles richteg verstanen hunn, Här Liesch, da wäerte mer an Zukunft 6,5 Quadratkilometer Naturschutzgebitt an eis Gemeng kréien.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis concernant le projet de règlement grand-ducal déclarant zone protégée sous forme de réserve naturelle la zone «Kiemerchen/Scheiergronn/Groussbësch» sise sur le territoire des communes de Differdange et Sanem.*

Merci. Deen nächste Punkt ass een, deen all Joers erëmkënnt. Dat ass eng Modifikatioun vum Ordinären an en Extraordinären. Dir gesitt, datt et bal eng Nulloperatioun ass. Dat heescht, mir behalen e bësse weider. Wann dozou Froe wieren, sinn ech ganz gäre bereet dorop anzegoen, haaptsächlech mam Sigi. Et ass am Fong esou: Wou mir de Budget opgestallt haten, hate mer net déi lescht Zuelen. Respektiv déi Zuelen, déi mer haten, hu mer falsch agesat. Dat anert si lauter Klengegkeeten, wat mer nach brauchen, respektiv Budget iwwreg hunn.

Kéinte mer déi zwou Saachen zesummen ofstëmmen? Merci.

*ne plus aller dans la nature. Grâce à des panneaux, il faut expliquer aux gens pourquoi ils ne peuvent pas aller sur certains sites.*
*Des discussions ont eu lieu avec les chasseurs. Dans les mines à ciel ouvert, l'appâtage est pratiquement inévitable. La chasse aux sangliers est particulièrement difficile.*
*Pour ce qui est des éoliennes, il faudrait essayer de convaincre les gens qui ont réclamé.*
*Les chrétiens sociaux sont d'avis qu'il faut protéger cette zone avec sa faune et sa flore uniques, mais sans qu'il faille avoir peur à cause des nombreuses restrictions.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'une question a été posée au sujet du TNT.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que la commune de Herserange a adhéré au TNT il y a quelques mois. Hussigny, Saulnes, Herserange et Differdange en font donc partie. Des discussions sont en cours avec Pétange.*
*La balade familiale organisée récemment par l'association a rassemblé 400 personnes. C'est impressionnant.*
*Tout à l'heure, il sera question de l'acquisition d'un terrain dans le cadre du TNT.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *remarque que s'il a bien compris, Differdange disposera bientôt d'une réserve naturelle de 6,5 km$^2$.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à une modification des budgets ordinaire et extraordinaire.*
*Si les conseillers communaux ont des questions, il y répondra. En fait, lors de la réalisation du budget, il y a eu une erreur dans l'inscription de certains chiffres. Le reste concerne de petites sommes.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à une entreprise en nom personnel au Haneboesch. La propriétaire souhaite en faire une société. Le collège échevinal n'y voit pas d'inconvénient.*

*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un compromis. Si une majorité de conseillers communaux est d'avis que la commune ne doit pas acquérir le bâtiment de la BIL, la commune peut en informer le notaire et le propriétaire.*
*La BIL est en vente depuis un moment. L'endroit est stratégique. Le collège échevinal voulait acheter l'immeuble, mais le prix demandé de 1 150 000 € était trop élevé. Finalement, un accord a été trouvé pour 825 000 €, soit 3000 € le m².*
*Que va faire la commune du bâtiment? Roberto Traversini tient à rassurer M. Bertinelli: le CIGL n'occupera pas les lieux. Comme le centre médicosocial, où se trouvent notamment l'ADEM et des services communaux, doit être rénové, la commune a besoin de bureaux.*
*L'autre idée concerne l'office social, qui a recruté du personnel.*
*La commune devra réfléchir à ces questions au cours des prochains mois. Il faudra voir notamment si l'office social restera dans cet immeuble de façon permanente. Autrement, un magasin pourrait y ouvrir. L'immeuble pourrait aussi accueillir un appartement.*
*Roberto Traversini trouve que la commune doit saisir sa chance. Comme le prix est désormais raisonnable, il demande au conseil communal d'approuver l'acquisition.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme que le prix est raisonnable si on le compare à ce qui était demandé au départ: plus d'un-million d'euros.*
*Il est content de cette acquisition, mais aussi triste, parce qu'aucun commerçant ne veut acheter un local de 300 m² dans une zone piétonne dans le centre-ville.*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la première modification ordinaire de l'exercice 2018.*

---

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver diverses augmentations/diminutions de crédits extraordinaires.*

---

Deen nächste Punkt hate mer nach net oft hei. Dat ass e Betrib bei eis am Haneboesch am Nom personnel. Déi Madamm wëll eng Societéit draus maachen. Natierlech muss si eis froen, ob mer domadder averstane sinn. Mir fannen, datt dat eng gutt Iddi ass, datt se dat wëll maachen.

Kéinte mer zum Vott kommen?

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de transfert du patrimoine professionnel en faveur de la SARL Transports Fernandez dans la zone d'activités Haneboesch.*

---

Merci. Deen nächste Punkt ass och nei. Normalerweis hu mer d'Notairesakte mat an de Gemengerot geholl. Hei hu mer gesot, datt et vläicht wichteg wier, e Compromis matzehuelen. Dat heescht nach ëmmer, datt een, wann eng Majoritéit der Meenung wier, mir sollen dat Gebai vun der BIL net kafen, kann dem Notaire dat soen an dem Proprietär och.

D'Banque BIL ass schonn e bësse méi laang am Verkaf. Si ass geplënnert virun e puer Méint. Natierlech ass dat eng strategesch wichteg Plaz, wou déi Bank ass. Mir waren am Ufank zimlech schnell drun interesséiert. Mä de Präis war net deen, dee mer eis virgestallt haten. Well mer awer mengen, datt ee muss oppassen, wat een dofir ausgëtt. De Präis war 1.150.000 Euro. A mir hunn eis gëeenegt op 825.000 Euro ongeféier fir iwwer 300 m². Dat sinn ongeféier 3000 Euro de m². D'Gebai ass nei. Oder sou gutt wéi nei. Do brauch een net vill dran ze schaffen.

An d'Fro wäert elo kommen: Wat mécht d'Stad Déifferdeng dann elo mat deem Gebai? Den Här Bertinelli hat ech haut berouegt, de CIGL geet do net dran.

Et ass awer esou, eist grousst Gebai an der Groussstrooss, dat mat deene ville Stäck, wou d'ADEM dran ass, wou eis Servicer dra sinn, dat muss renovéiert ginn. De Medico-social, wéi mir et nennen. Fir deen anstänneg ze renovéieren, musse mer fir d'éischt emol Büroen zur Verfügung stellen, datt een dat kann anstänneg maachen. Dat ass déi éischt Iddi.

Déi aner Iddi ass: Den Office social ass am Moment am Gaangen – a Gott sei Dank –, ganz vill Leit bäizekréien. Déi brauchen nach Büroen. Dat ass nach eng Iddi, dass déi sollen dohinner kommen.

Do muss dann elo an deenen nächste Méint gekuckt ginn, wéi mer virginn. Sief den Office social oder d'Renovéierung vum Gebai vum Medico-social.

Dat ass emol virgesinn. Wann dat dann alles fäerdeg ass, muss ee kucken, ob den Office social permanent do bleift – et ass eng flott Plaz – oder zréckgeet an dat grousst Gebai. A mir da wäerte versichen, e Geschäft dohinner ze kréien. Respektiv e Geschäft an eng Wunneng. Well iwwert de Guicheten ass eng ganz flott Wunneng. Dat muss een da kucken.

Mir sinn der Meenung, datt mer déi Chance net solle verpassen. A vu datt de Präis awer elo verstänneg ginn ass, wäre mer frou wann Der dem Kaf vum Gebai kéint zoustëmmen.

Den Här Altmeisch, w.e.gl.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, selbstverständlech ass de Präis verstänneg, wa mer ausgi vun engem Präis, deen ufanks iwwer eng Millioun eenhonnert war, wéi Der erkläert hutt.

Ech si frou, dass d'Gemeng sech investéiert, fir esou Gebailechkeeten unzekafen. Mat engem A sinn ech awer och e bëssen traureg. Wann ech e Geschäfts-

lokal vu bal 300 m² Wunnfläch an enger Foussgängerzon gesinn, zentral Lag, ass d'ganz Geschäftswelt net interesséiert fir dat ze kafen? Wa mir iwwer e Präis schwätzen, dee mer 300.000 Euro méi bëlleg kréien, ass dat jo e Bewäis, dass net vill Interessenten do waren. Soss hätt en dat fir deen do Präis jo net kritt. Verhandlunge fir 300.000 Euro, wann zéng Interessenten do wären, ass jo bal net méiglech.

Dofir sinn ech e bëssen traureg. An dat muss Iech scho skeptesch kléngen. An dat muss eis och wierklech waakreg maachen, wa mer keng Geschäftsleit oder Investore fannen, déi wierklech an d'Geschäftswelt vun Déifferdeng investéiere wëllen.

A spéitstens elo musse mer dorop reagéieren an do aktiv ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Meisch Fränz, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, prinzipiell fanne mer et gutt, wéi schonn oft hei gesot, dass eidel Lokaler am Stadzentrum opkaf oder gelount ginn, zu korrekte Konditiounen, an dann erëm weiderverlount ginn. Dat gouf jo och scho mat der Demokratescher Partei an der Verantwortung virun enger Zäitche lancéiert.

Leider feelt et eis nach ëmmer un enger klorer Iddi, engem Konzept, wat am Déifferdenger Zentrum genau entstoe soll. Mir hate schonns d'lescht Joer proposéiert, eis boomend Kreativindustrie an de Stadkär ze bréngen. Dat zur Beliewung an och als kloert Zeechen, dass mir voll derhannert stinn.

Leider ass näischt esou ze erkennen. Well och Projeten, déi a vun der Gemeng verlounte Raimlechkeeten am Moment stattfannen an och ënnerstëtzt ginn, sinn net onbedéngt vu Succès gekréint. Au contraire.

Nichtsdestotrotz stëmme mir dëse Compromis mat. Um éischte Stack kéint een déi néideg Vergréisserung vun eisem Office social virhuelen oder wärend de Renovéierungsaarbechten. A wat um Rez-de-Chaussée soll geschéien, do ass eis Iddi jo bekannt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Meisch. Den Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir ënnerstëtzen de Kaf vun dësem Gebai. Et ass wichteg, dass d'Gemeng d'Méiglechkeet notzt, et zu deem Präis ze kafen an domadder Afloss ze huelen. Wat awer nach ëmmer opsteet dat ass, dass mer eis e klore Kader ginn, fir esou Afloss ze huelen.

Hei ass elo mol an éischter Instanz, déi temporär oder vläicht och permanent Ariichtung vu Büroe virgesinn. Dat muss ee sech dann nach iwwerleeën. Mä allgemeng denke mer, an dat ass jo och hei scho gesot ginn, wann et ëm de Kaf geet, a virun allem ëm d'Usiidlung vu Commercen an esou Gebaier, déi d'Gemeng da wëll kafen, da misst een dat in der Tat méi diskutéieren.

An do ass jo eng Kommissioun virgeschloe ginn. Dovunner ass awer elo erëm eng Zäitchen näischt méi ze héiere vusäite vum Schäfferot. Wat awer wichteg wär. Mir hunn als Oppositioun eng Propos gemaach gehat. An do ass kee Suivi méi komm. Fir eben esou Saachen anstänneg kënnen ze diskutéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, mir als CSV ënnerstëtzen de Kaf. Et ass e ganz gudde Präis. D'Präisser leie mëttlerweil wäit driwwer. Do mécht d'Gemeng eng gutt Affär. Mä et geet net nëmmen drëm, fir eng gutt Affär ze maachen. Et geet eben och drëm, an den Här Altme-

*Que le prix ait baissé de 300 000 € démontre qu'il y avait peu de gens intéressés. Autrement, il n'aurait pas été possible de négocier autant. La commune doit s'inquiéter si aucun commerçant ne veut investir à Differdange. Il est temps de réagir.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *est content en principe lorsque la commune achète des immeubles dans le centre-ville à des conditions correctes. Les démocrates ont lancé ce type d'initiatives il y a à un moment.*
*Malheureusement, il n'existe toujours pas de concept pour le centre-ville. François Meisch a proposé dès l'année dernière d'implanter l'industrie créative dans le centre. Mais rien n'a été fait dans ce sens. Les locaux que la commune loue à des commerçants ne rencontrent guère de succès.*
*Malgré tout, le DP approuvera le compromis de vente. Le premier étage pourra servir à agrandir l'office social ou du moins à l'accueillir pendant les travaux de rénovation. Pour ce qui est du rez-de-chaussée, l'idée des démocrates est connue.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient l'achat de l'immeuble. La commune doit profiter du prix demandé.*
*Il reste à définir un cadre pour l'acquisition d'immeubles. Dans ce cas-ci, il est question d'y aménager des bureaux de façon temporaire ou permanente. Mais d'une façon générale, l'implantation de commerces dans les bâtiments que la commune veut acheter doit être le sujet d'une discussion. Il a été question de créer une commission. Mais le collège échevinal n'en a plus parlé depuis un moment.*
*Gary Diderich rappelle que l'opposition avait fait une proposition.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *soutient l'acquisition de l'immeuble à un bon prix. La commune réalise une bonne affaire.*
*Mais il s'agit surtout de dynamiser les magasins vides comme l'a dit M. Altmeisch. Jerry Hartung rappelle qu'après-demain aura lieu l'ouverture du «Vëlosbuttek» dans le centre — dans un local acquis par la commune.*
*C'est une façon d'élargir l'offre commerciale à Differdange.*

*Jerry Hartung se réjouit en outre de disposer de locaux pour les services communaux lorsque le centre médicosocial sera rénové.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *donne raison à M. Altmeisch. Il est tout le temps question de magasins. Mais où est le pouvoir d'achat à Differdange? La commune peut acheter tous les locaux qu'elle veut: si les gens n'ont pas d'argent, il y a un problème.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *propose d'augmenter les retraites pour que les gens aient du pouvoir d'achat.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de M. Meisch selon lesquels les locaux loués par la commune ne connaitraient pas de succès. À quels magasins fait-il allusion?*
*Georges Liesch se rend régulièrement dans les magasins que la commune loue dans l'avenue de la Liberté et dans la rue de l'Usine. Il n'a pas l'impression que les gens soient mécontents. La commune demande des loyers acceptables. Quelles sont les sources de M. Meisch?*
*Le «Vëlosbuttek» n'a pas encore ouvert et pourtant il a déjà plein de visiteurs curieux. Bientôt, le magasin n'aura plus assez de place pour accueillir tous les vélos. Georges Liesch ne pense donc pas que les initiatives de la commune ne soient pas couronnées de succès.*
*Il profite de l'occasion pour lancer un appel aux conseillers communaux: il faut arrêter de présenter les choses de manière plus négative que nécessaire. À force de répéter qu'aucun commerçant ne veut investir à Differdange, le message finira par passer. Georges Liesch trouve que le message devrait être bien plus positif. Au cours des 10 ou 15 dernières années, les partis rassemblés au sein du conseil communal ont réussi à sortir Differdange du trou dans lequel la ville se trouvait. Il est dommage d'agir de la sorte.*
*Georges Liesch est d'avis que les conseillers communaux devraient plutôt jouer le rôle d'apôtres et faire du marketing pour la ville au lieu de se plaindre qu'il n'y ait que trois*

isch huet et scho gesot, fir déi eidel Geschäfter ze beliewen.

Iwwermuer ass d'Ouverture vum Vëlosbuttek hei am Zentrum vun Déifferdeng. An enger Gebailechkeet, wou d'Gemeng viru Kuerzem kaf huet, fir eben deenen eidele Verkafsflächen entgéintzewierken. An esou fëlle mer se mat komplementaren Offeren zu eiser normaler Geschäftswelt. An ech denken, dat ass och gutt fir Déifferdeng.

Natierlech freeë mer eis driwwer, dass mer eng Ausweechméiglechkeet fir de Centre médico an déi Servicer hunn, wann dat alles renovéiert gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Hartung. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech muss leider e klenge Wehrmutstropfe bäifügen. Ech ginn dem Här Altmeisch a senger Analys absolutt recht. Mir schwätzen ëmmer vu Geschäfter. Wou ass d'Kafkraaft hei zu Déifferdeng? Dat ass meng grouss Fro. Mir kënne Geschäfter kafen a lounen, sou vill mer wëllen, wa keng Leit do sinn, déi d'Suen hunn, fir se auszeginn, dann hu mer de Problem.

Méi wëll ech net dozou soen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ma da musst Der Iech dofir asetzen, dass d'Léin an d'Rente gehéicht ginn. Dann ass Kafkraaft do.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, Dir hat d'Wuert. Merci. Den Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt eng Erklärung froen. Här Meisch, Dir hutt gesot déi Lokaler, déi mer als Gemeng elo kaf a verlount hunn, wären net vu Succès gekréint. Ech wollt just froen, wat fir eng Geschäfter, dass Der do mengt. Mir hunn an der Avenue de la Liberté e Geschäft verlount, an der Wierkstrooss hu mer e Geschäft gelount. Ech gi reegelméisseg bei déi Leit eran, ech héieren do net, dass déi net zefridde wären. Au contraire. Déi sinn am Fong ganz zefridden iwwert déi Loyeren, déi mer hinne proposéieren. Dat si Loyeren, mat deenen e Geschäftsmann liewe kann.

Ech weess net, wou Dir Är Sourcen do hierhuelt, vun deene Saachen, déi Der sot, déi net vu Succès gekréint wären.

De Vëlosbuttek geet eréischt op. Do ware scho méi Leit era wéi an anere Geschäfter, an et ass emol nach net op. Well jiddwereen do virwëtze gaangen ass, wéi dat ausgesäit. A gespaant ass, wann et op ass, fir sech do e Vëlo ze kafen. Mir ginn iwwerrannt vu Leit, déi Vëloe ginn. A mer fanne keng Plaz geschwë méi, fir se ze stockéieren. Also ech gesinn dat net esou, dass mer hei Saache géife maachen, déi net vu Succès gekréint wären.

An ech mengen och, an dat ass en Appell un all Conseiller hei ronderëm den Dësch, mir sollten awer ophalen, eis Stad méi schlecht ze maachen, wéi se ass. Wa mir de Creneau no baussen ëmmer ginn, dass hei zu Déifferdeng kee Geschäftsmann wëll investéieren, dann ass dat de Message, dee mer no bausse ginn.

Ech fannen, et läit awer och un eis, de Message positiv no baussen ze dréien. Dass hei an Déifferdeng déi lescht zéng Joer, ënner verschiddene Parteien, an ech maachen do wierklech keen Heel draus, et ass net eng Partei, déi e Merite dorunner huet, dat ass bal all Partei hei ronderëm den Dësch, déi an de leschten 10, 15 Joer dru geschafft huet, fir Déifferdeng aus deem Lach erauszehuelen, wou et war.

An do hu mer all dru geschafft. A wa mer permanent dorunner fréckele ginn, da fréckele mer un eisem eegene Kuch, dee mer gebak hunn. Ech fannen dat e bësse schued.

Ech mengen, mir sollten éischter awer als Apostelen doruechter goen – obwuel de Begréff Apostel mir elo net zousteet –, an eis Stad positiv vermaar-

ten a soen: Hei, zu Déifferdeng ass eng Liewensqualitéit do. Mir hunn eng Geschäftswelt, déi ufänkt, lues ze dréien. Déi nei Geschäfter, déi mer verlounen, déi fänken un, Fouss ze faassen.

Well et ass nëmmen esou, wéi mer aus Déifferdeng e positiivt Bild eriwwer kréien. An net, andeem mer hei um héijen Niveau kregéilen, wa mer mengen, et wäre just dräi Leit an en fait misste fënnef Leit an e Geschäft goen. Also fir ze soen, eis Geschäfter wären net vu Succès gekréint, ech fannen dat net korrekt. An ech wollt dat net esou stoe loossen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci Här Liesch. Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Här Liesch, ech wollt awer nach kuerz dorop zréckkommen. Ech kann Iech drun erënneren, datt hei an enger netëffentlecher Sitzung viru Kuerzem eis e Lokal presentéiert gouf, ech nennen den Numm net, mä e Restaurant zu Déifferdeng am Zentrum, wou an engem Lokal ass, wou vun der Gemeng gelount gëtt. Déi ass a ganz, ganz schlechten Dicher. Et ass dat, wat Dir eis selwer hei erzielt hutt. Detailer ginn ech elo natierlech net an der ëffentlecher Sitzung.

Natierlech sollte mer op deen Zuch sprangen, vun deem, wat am Moment gutt leeft zu Déifferdeng. Dat ass eis boomend Kreativbranche. An eis Iddi war et nach ëmmer, fir déi och mat an den Zentrum ze huelen.

Dat, wat mir vermëssen, ass e Gesamtkonzept. Mir lounen eppes, mir wurschtelen iergendeppes, mir maachen eppes dran. Mä d’Gesamtiddi, wat mer mam Déifferdenger Stadkär wëlle maachen, vermësse mer e bëssen. Et ass dee Message, deen ech wollt eriwwerbréngen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Ech wëll just drun erënneren, datt d'Iddi vun der Commission économique net vun der Oppositioun komm ass, mä vun der haiteger Majoritéit. Déi haiteg Oppositioun wollt en Aarbechtsgrupp, e Comité de patronage am 1535° organiséieren. Dat war d’-Motioun, déi Der zur Ofstëmmung ginn hutt. An ech, de Buergermeeschter, hunn Iech d'Propos gemaach, fir déi Kommissioun ze kreéieren. An déi Kommissioun wäert gemaach ginn.

Ech wëll awer, datt d'Saachen och richteg duergestallt ginn. Ech hunn absolutt kee Problem, datt ee mat gudden Iddie kënnt. Mä da soll een, w.e.gl., mat sengen Iddie kommen. An net d'Iddie vun aneren huelen an op eemol soen, et wiere seng.

Mir géifen elo zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le compromis de vente avec la Banque internationale à Luxembourg pour l’acquisition d’un bâtiment à usage mixte sis dans l’avenue de la Liberté à Differdange.*

Den nächste Punkt ass och eppes, wat net alldeeglech ass. D'Stad Déifferdeng an d'Gemeng Péiteng wëllen en Terrain a Frankräich kafen. Et ass awer elo e bëssen aneschters, wéi virun e puer Joer d'Gemeng Käerjeng Terrainen um Territoire vun der Gemeng Suessem kaf huet. Déi haten net matenee geschwat. Mir hunn eis mat den Nopeschgemengen ofgeschwat. An den Här Liesch erkläert Iech, firwat mer deen Terrain onbedéngt kafe wëllen. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. De Kreckés Heng deelt Iech nach e Plang aus, well ech fannen et méi parlant, wann een och nach e Plang huet wéi nëmmen en Text viru sech.

Ëm wat geet et hei? Fir Iech ze situéieren: Uewe beim Roudenhaff, wann ee Richtung Rodange fiert, op der lénker Säit, sinn eng ganz Partie Lännereien. An ënnert deene Lännereie si lénks a riets Bëscher. Déi eng Säit, wann een erof op Lasauvage fiert, rietser Hand, déi Bëscher, dat ass scho Frankräich. An op

*clients au lieu de cinq. En tout cas, il est injuste de dire que les magasins de Differdange ne connaissent aucun succès.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle à M. Liesch que lors d’une réunion non publique récente, le collège échevinal a expliqué aux conseillers communaux qu’un restaurant du centre, dont il taira le nom, se trouve dans de sales draps.*
*Ce qu’il faut faire, c’est profiter de ce qui fonctionne bien: la branche créative. Les démocrates proposent de l’implanter dans le centre.*
*En fait, il manque un concept. Le collège échevinal tente des choses, mais ne sait pas quoi faire du centre-ville. C’est ce message que François Meisch voulait communiquer.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que l’idée d’une commission économique vient du collège échevinal et non de l’opposition. Celle-ci demandait un comité de patronage pour le 1535°. Roberto Traversini a suggéré la création d’une commission et ce sera fait.*
*Il tient à clarifier les choses. Il apprécie les bonnes idées, mais ne veut pas qu’on présente comme siennes les idées des autres.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au point suivant: l’acquisition d’un terrain en France par Differdange et Pétange.*
*Il y a quelques années, la commune de Käerjeng avait acheté des terrains sur le territoire de Sanem sans en discuter au préalable. Cette fois-ci, des discussions ont eu lieu avec Pétange.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que M. Kreck é va distribuer un plan pour rendre les choses plus explicites.*
*Il est question de terrains à proximité de la Ferme rouge, en direction de Rodange du côté gauche. Il y a aussi des forêts des deux côtés. Les forêts à droite, quand on descend en direction de Lasauvage, et celles Um Klopp à Rodange se trouvent en territoire français.*
*Il y a un an, il avait été question de déverser des terres inertes dans le fond de talus en direction de Saul-*

*nes. Il s'était avéré plus tard qu'il s'agissait en fait de matériaux douteux. À l'époque, Differdange, Saulnes, Herserange et Pétange ont lutté contre ce projet. Pour Georges Liesch, un des mérites du TNT est celui des contacts permanents avec les communes françaises voisines.*
*En fait, le propriétaire souhaitait valoriser ses terrains. C'est pourquoi les communes de Differdange et Pétange se sont adressées à lui pour lui dire qu'elles voulaient acquérir les terrains s'il était disposé à faire une offre. Saulnes et Herserange ne sont entrées en jeu que plus tard.*
*Les négociations ont été difficiles à cause du prix, mais aussi parce que le propriétaire souhaitait conserver une partie des terres. Or Differdange et Pétange voulaient acheter tout le terrain ou rien du tout.*
*Finalement, un accord a été trouvé. Les terrains se trouvent à proximité de la Ferme rouge en direction de Lasauvage. Il s'agit des bois du côté droit et de la carrière le long de Lasauvage et Saulnes. Ce site constitue une sorte de Giele Botter miniature, c'est-à-dire beaucoup plus petit, mais d'une qualité écologique comparable. Georges Liesch ne peut que recommander aux personnes qui ne connaissent pas les lieux de s'y rendre. Le site se trouve cent mètres derrière le terrain de football de Saulnes. C'est magnifique.*
*Du côté de Rodange et de Pétange se trouve un talus avec des forêts.*
*En tout, il est question de 66 ha de carrières et de forêts.*
*Pour les communes de Differdange et de Pétange, il s'agit d'empêcher la réalisation de projets douteux sur ce site. En outre, lorsqu'on se trouve sur ce site, peu importe que la forêt soit du côté français ou luxembourgeois. Georges Liesch pense que ce sont des Luxembourgeois qui en profiteront le plus.*
*Il n'existe pas de plans directeurs. L'important est que ces bois soient publics. Ils seront exploités dans le respect du label FSC comme les autres forêts de Differdange.*
*Les communes n'ont rien prévu pour la carrière. Il s'agit d'une zone naturelle à laisser comme elle est.*
*Sur le plan distribué aux conseillers communaux figure encore le projet*

där anerer Säit vun där Wiss, déi Bëscher sinn och a Frankräich, um Klopp, zu Rodange.

Dir wësst, virun engem gudde Joer hate mer eng grouss Affär lafen, dass dee Fond de talus, Richtung Zounen, Lasauvage sollt zougetippt gi mat dubiéise Stoffer. Wou geschwat ginn ass vun Terres inertes. Wou sech awer herno erausgestallt huet, dass et och nach ganz aner Saache waren. Do hätt also sollen e Färderband vu Rodange queesch duerch déi ganz Lännereie bis hanne laanscht déi Rodanger Leit gebaut ginn. Bis an deen Talus erof, fir deen dann opzefëlle mat Honnertdausende Meterkibb Buedem a soss Saachen.

Mir hunn eis deemools – an dat ass och ee Merite vun deem TNT, dass mer déi Connectioune mat de franséische Gemenge wierklech ganz aktiv fleegen a vill Kontakt mat hinnen hunn –, virun engem Joer mat de Gemengen Zounen, Herserange, Péiteng an Déifferdeng géint dee Projet gewiert. An zwar mat Succès. Dee Projet ass gescheitert an ass vum Dësch. Ee Gléck.

Mir hunn eis doropshi gesot, et gëtt jo eng Ursaach, firwat de Proprietär vun deenen Terrainen esou e Projet wëll maachen. An d'Ursaach war, dass en déi Terrainen do iergendwéi wollt valoriséieren. Mir sinn dunn un de Proprietär erugetrueden an hu gesot, lauschtert, mir waren elo hei Géigner an engem Projet, wou mer Iech e Stréch duerch d'Rechnung gemaach hunn, mä mir sinn awer bereet, iwwer e Kaf vun dësen Terrainen ze diskutéieren.

D'Gemengen Zounen an Herserange waren dunn nach net mat am Boot. Péiteng an Déifferdeng haten also d'Hand ausgestreckt a gesot, wann e prett wär, fir eis eng Offer ze maachen, fir déi Terrainen do ze kafen, da wäre mer bereet, doriwwer ze diskutéieren.

Dat ware laang an zéi Verhandlunge mat dem Proprietär, dat kann ech Iech verroden. Dat war net esou einfach. Natierlech vum Präis an och vun deene Stécker, déi en dann awer net wollt mat verkafen, déi e wollt halen. Wou mer eis awer manifest gewiert hunn a gesot, entweder alles oder näischt.

Haut si mer um Punkt, dass mer Iech déi Terraine kënne proposéieren, déi mer wëlle kafen. Et sinn also déi Terrainen, wann ee vum Roudenhaff op Lasauvage eroffiert, déi ganz Bëscher op der rietser Säit. Dann ënnen déi Carrière, déi hanne laanscht Lasauvage an Zounen läit, déi jo sollt opgefëllt ginn.

Wat eigentlech e Mini-Giele-Botter ass, wann een dat esou ka soen, oder e Mini-Kiermerchen. Vun der Envergure ass et natierlech méi kleng. Mä vun der ökologescher Qualitéit steet et deem awer an näischt no. Dat muss een awer soen.

Ech mengen, hei um Dësch war nach net jiddwereen an deem Eck. Ech kann Iech wierklech invitéieren, gitt eng Kéier sonndes dohinner trëppelen. Wann Der zu Zoune bei de Fussballsterrain gitt, 100 Meter hannendru sidd Der an deem Gebitt. Verléiert Iech einfach e bëssen do an deene Weeër. Dat ass ganz wonnerschéin.

Op där anerer Säit, op Rodange-Péitenger-Säit, hu mer och en Talus mat Bëscher. Insgesamt schwätze mer hei vu 66 ha Land, also haaptsächlech Carrière a grouss Bëschdeeler, déi mer géife kafen.

Mat deem Kaf, wou mer als Gemeng Péiteng a Gemeng Déifferdeng wëlle maachen, géife mer all Projet verhënneren, deen iergendwann eng Kéier kéim, mat wéi engen dubiéisen Iddien och ëmmer, wat een heirauser kéint maachen. Déi Terraine wären an ëffentlecher Hand. An och, wa se op franséischem Terrain leien, mengen ech, ass et awer kaum en Ënnerscheed, ob ech lénks oder riets vun der Stroossesäit ginn. Et ass e Bësch, an et sinn awer d'Lëtzebuerger, mengen ech, déi am meeschten dovunner wäerte profitéieren, vun deenen Naturerhuelungsgebidder, déi mer hei kréien.

Et gëtt kee Masterplang, wat mer mat deenen Terraine wëlle maachen. Et geet eis drëm, dass d'ëffentlech Hand dës Terraine kritt. Natierlech wäerte mer kucken, déi Bëscher ze bewirtschaften, ënnert deeneselwechten FSC-Labelen, wéi mer dat mat eise Bëscher maachen. D'Carrière selwer wäerte mer kaum upaken. Et ass net geplangt, iergendeppes do ze installéieren, an d'Rei ze setzen oder wat och ëmmer. Et ass e won-

nerbart Naturschutzgebitt, wat eigentlech esou ka bleiwen, wéi et elo ass.

Dir gesitt op deem Plang, deen Dir d'éinescht ausgedeelt kritt hutt, do ass deen ominéise Projet agezeechent, wou déi Zone de stockage hikomm wär, mat deem Tapis roulant, deen duerch déi ganz Natur gefouert hätt. Mat allen Nuisancë vu Stëbs a Kaméidi, déi dat mat sech bruecht hätt, och fir Lasauvage, fir dee ganzen Talus do opzefëllen. En irrwitzege Projet. An ech mengen, mir hunn et richteg gemaach, andeem mer de Projet verhënnert hunn an et elo fäerdegbréngen, déi Terrainen ze kafen.

Et ass e bëssen Neiland, dass eng Lëtzebuerger Gemeng an Nopeschgebidder, Nopeschlänner Terrain keeft. Elo kann ee soen, fir eis Déifferdeng ass et net onbedéngt Neiland, well de Lasauvager Kierfecht läit säit eh und je a Frankräich. Och de Weier zu Lasauvage ass komplett a Frankräich. Dat heescht, mir sinn eigentlech un esou Situatioune gewinnt.

Dee ganzen ënneschten Deel vu Lasauvage, d'Halschent vum Park, de Weier läit ganz a Frankräich. A mir hunn do e super Projet gemaach. Mat de Fransousen zesummen hu mer dat fäerdegbruecht. An ech mengen, dat bréngе mer och hei fäerdeg, fir dëst wonnerbart Naturschutzgebitt e bësse bekannt ze maachen. Deen een oder aneren Trëppelwee doranner anzezeechnen, dass d'Leit e kenneléieren. Dat ass wierklech e ganz flotten Accès.

Den Accès, wann Der wëllt dohinner goen, fënnt een zu Lasauvage hannert dem Petanquesterrain. Zéng Meter hannert dem Boulenterrain sidd Der schonn an deem dote Gebitt. Da sidd Der a Frankräich. Vun do aus kënnt Der an déi Weeër eriwwergoen, da sidd Der an deem Gebitt. An da kënnt Der Iech do e puer Stonnen dra verléieren.

Ech hoffen, Dir kënnt mat dëser Aart a Weis liewen. Mir hunn eis duerfir decidéiert, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, schonn de Compromis heihinner ze bréngen. Fir Iech elo schonn, an dësem Stadium, ze informéieren, wat mer wëlle maachen. Well et jo awer e bëssen aussergewéinlech ass. Et ass net eng Wiss, déi mer iergendwou hei an der Gemeng kafen. Mä vun der Envergure an och vun der Lokalitéit ass et schonn e bësse speziell.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Huet ee Froen oder eng Ureegung? Den Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir als LSAP begréissen déi Initiativ. Mir ware jo iwwert déi Initiativ informéiert, déi sech do ugebahnt huet. Dat wär den Doud gewiescht fir Zounen. Well d'Activité-touristiquen an där Géigend si jo un eise Minettpark ralliéiert. Mir hunn eng ganz gutt Kollaboratioun. Zounen gëtt ëmmer méi e Bestanddeel vum TNT an och dem Minettpark selwer. An deem Sënn ass dat hei scho gutt.

Well ech weess net, wéi esou eng kleng Gemeng wéi Zounen, mat deem Budget, dat fäerdegbruecht hätt, fir zum Beispill esou een Terrain opzekafen. Kann ech mer net virstellen. Mir begréissen allerdéngs, dass mer mat Péiteng e Konsens fonnt hunn. Well au départ war Péiteng staark involvéiert an deem Projet, wou et wierklech drëm gaangen ass, deen ze vermeiden. Esou en Deel Natur bäizekréien ass natierlech flott. Obwuel et am Ausland läit. Et gëtt jo ëmmer gesot, an Europa gëtt et a sech keng Grenze méi. Fir de Paysage gëtt et souwisou keng.

Mir begréissen dat Ganzt a wäerten dat och stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll och mäi Pefferkär bäileeën. Ech sinn immens frou, dass et elo op deem do Wee ass, wou mer eis erhofft haten, hin ze kommen. Et muss een natierlech elo den Avis vum Här Macron senge Préfeten ofwaarden, wann hien e Stéck Frankräich u Lëtzebuerg verkeeft. Et bleift awer ëmmer franséisch Gesetzgebung do. D'Naturschutzgesetz ass franséisch.

*d'un tapis roulant en pleine nature pour remplir le talus. Il aurait occasionné toutes sortes de nuisances et il fallait s'y opposer.*
*Qu'une commune luxembourgeoise achète des terrains dans un pays voisin est relativement nouveau, même si le cimetière, l'étang et la moitié du parc de Lasauvage se trouvent en France. Georges Liesch se dit convaincu qu'ensemble avec les communes françaises, Differdange et Pétange parviendront à faire connaitre ce site magnifique. L'accès se trouve à Lasauvage, derrière le terrain de pétanque. Il y a des chemins de promenade.*
*Comme l'a expliqué le bourgmestre, le vote porte sur le compromis de vente. Le collège échevinal voulait informer le conseil communal dès ce stade, car le projet est un peu particulier. Ce n'est pas un simple terrain que la commune achète à Differdange.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue l'initiative au nom du LSAP. Le projet dont a parlé M. Liesch aurait signifié la mort de Saulnes, dont les activités touristiques sont ralliées à celles du Minettpark.*
*Erny Muller ajoute que Saulnes est un membre du TNT, mais aussi de plus en plus du Minettpark. Il ne croit pas que cette commune aurait réussi seule à acquérir ces terrains.*
*Il salue l'accord trouvé avec Pétange. Le site se trouve à l'étranger. Mais comme on dit, il n'y a plus de frontières en Europe. Et pour les paysages, il n'en existe pas de toute façon.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de ce projet. Il ne reste qu'à attendre l'avis des préfets de M. Macron, car la France est censée céder une partie de son territoire au Luxembourg.*

*La loi sur la protection de la nature en vigueur sera celle française.*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen estime que l'État luxembourgeois et l'État français arriveront à résoudre les questions administratives. Aujourd'hui, il s'agit de faire le premier pas.*
*Pour ce qui est du TNT, ceci constitue son troisième grand succès. Frenz Schwachtgen espère que Pétange rejoindra rapidement l'association. Parmi les missions retenues dans la charte, figure «la préservation et la reconnexion écologique transfrontalière des écosystèmes». Ce projet est comparable à celui du Kiermerschen. Differdange craint depuis toujours que les Français n'implantent une fabrique dans la mine à ciel ouvert de Saulnes. Car en général, ils implantent ce qui est sale à l'est. Frenz Schwachtgen mentionne Cattenom.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *ajoute Niederkorn.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *est du même avis.*
*Il estime que les zones naturelles doivent être préservées et être rendues accessibles aux visiteurs. La faune et la flore doivent pouvoir se développer.*
*Le plan dont disposent les conseillers communaux montre l'encoche française sur le territoire luxembourgeois de la Ferme rouge au lieudit Um Klopp à Rodange. C'est inhabituel, car pour le reste, le versant ouest de Lasauvage rejoint la Crosnière. C'est précisément cette encoche que Differdange et Pétange veulent acheter. Les deux communes rectifient en quelque sorte la frontière luxembourgeoise.*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen ajoute que la même situation cocasse se retrouve au Bache Jang. La France commence juste derrière le mur de sa cour. Il s'agit de l'ancien crassier de l'usine de Hussigny. Ce territoire est intéressant, car représentatif du patrimoine industriel de l'époque.*
*Frenz Schwachtgen constate que le TNT est le premier territoire en possession de trois communes. Petit à petit, il s'agira de mettre en place*

Mir hunn dat awer emol färdegbruecht. Ech denken, dass do déi administrativ Hürden no uewen, souwuel vum Lëtzebuerger Staat wéi vum franséische Staat nach kënne gereegelt ginn. Dat bleift eben elo nach op verschiddenen Niveauen ze geréieren. Dat hei ass emol en éischte Schratt.

Kuerz zum TNT: Hei wëll ech einfach soen, dass dat schonn deen zweeten, drëtte grousse Succès ass, dee mer dermat hunn. Well an eiser Charte, déi jo déi Gemengen ënnerschriwwen hunn – wou mer hoffen, dass Péiteng elo ganz schnell bäikënnt –, steet: „Préservation, reconnexion écologique transfrontalière des écosystèmes“. Ech mengen, dorënner fält et.

Et ass ähnlech am Fong wéi d'Geschicht mam Kiermerchen. Just, dass et elo vill méi schnell gaangen ass. Mer hate scho viru Joren e Risiko fir dat Gebitt. Mir haten eis ëmmer virgestallt, wat zu Lasauvage an der Naturschoul an och mam Minettpark geschitt, wann d'Fransousen eis zu Zounen an dat Tagebaugebitt beispillsweis eng Goudronsfabrik setzen. Dat hätt kënne virkommen. Well meeschtens setzt ee jo seng Knaschtsaachen an de Westwand op d'Grenz.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Oder op Nidderkuer.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Jo, genau. Oder Cattenom, beispillsweis.

An dat war am Fong eng vun de Gronddiddien, dass mer déi herrlech Naturgebidder musse preservéieren, de Leit zougänglech maachen als Loisirsgebidder. An och fir Flora a Fauna sech weider developpéiere loossen.

Dir hutt eng Kaart, déi mer elo ronderëmginn hunn. E Plang, wou ee gesäit, wat fir eng Encoche de franséischen Territoire op Lëtzebuerger Dallsäit mécht, quasi vum Roudenhaff u bis op de Klopp Rodange ass Frankräich. Ongewinnt. Well op Lasauvager Säit geet de Versant ouest vun Déifferdeng ëmmer bis bei d'Crosnière erof, ebe just do net, déi Zong, déi do op deem enge Plang ass.

Do hutt Der d'Bild, d'Vue vun Zounen, Richtung Roudenhaff, Richtung Déifferdeng, Péiteng op deenen zwou Fotoen, déi ech ronderëmginn hunn. A justement déi Encoche kafe mer elo mat Péiteng zesummen. Dat heescht, loosse mer soen, mer begradegen d'Proprietéit vum Lëtzebuerger Land indirekt.

**ENG STËMM:**

Mer annoncéieren dat elo net.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Mir annoncéieren et net esou haart, well soss kréie mer se net.

Iwwregens hu mer déiselwecht cocasse territorial Situatioun ënnerhalb vum Baache Jang. Dir kennt de Baache Jang alleguer. Beim Baache Jang sengem Haff, bei senger Haffmauer, vun do un ass Frankräich. Dat war deen ale Crassier vun der Héisenger Schmelz. Do läit d'Schlak vun der Héisenger Schmelz. An deen Territoire interesséiert eis och ganz vill, well e ganz voll ass mat Patrimoine industriel vun deenen alen Zäiten.

Wéi gesot, mir hunn dee Schrëtt do gemaach. Et wäerten nach aner Schrëtt nokommen. Mir stellen eis vir, datt déi Leit vum TNT, déi Zounener Gemeng an och Héisenger Gemeng, dass mer dat éischt Gebitt am Fong hunn, en Territoire naturel transfrontalier, deen a Besëtz vun dräi Gemengen ass. An dass mer lues a lues do dann nëmme wierklech exklusiv ekologesch Projeten zouloossen an ekologesch Modellsituatiounen doranner an Zukunft maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Schwachtgen. Här Altmeisch, w.e.gl.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, wat net ervir-

geet aus deem Schreiwes an den Erklärungen hei, wéi ass et prozentual opgedeelt? Ass et 50% Péiteng, 50% Déifferdeng? Dat wär meng éischt Fro.

Dat Zweet ass: Wéi mäi Kolleeg Erny Muller dat beschriwwen huet, ënnerstëtzen ech dee Projet zu 100%. Wat mer awer net gefält, ass, als Informatioun, déi d'Conseillere kréien, fir e Projet vun 1.300.000 Euro, eng Kaart ronderëmgoen ze loossen. Ech géif et begréissen, wa mer dat an Zukunft e bëssen am Virfeld géife kréien. Net zwou Minutte just eng Kaart, Fotoe kucken, an dann iwwer 1,3 Milliounen Euro decidéieren.

Well mer wëssen, et ass e Compromis de vente pour Acte. Wa mir iwwert de Compromis ofstëmmen, da si mer gebonne mat deene Konditiounen, déi am Compromis ebe stinn. Dofir wier ech frou, wa mer déi Informatiounen e bëssen éischter kéinte kréien. Wou ee sech dann och emol vläicht sur place kéint déi Saach ukucke goen a sech dann e Bild maachen. Wat ëmmer besser ass wéi eng Foto an en neutrale Plang. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Altmeisch. Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Dir Dammen an Hären, Här Buergermeeschter, d'CSV ënnerstëtzt de Projet vum Kaf vun deenen heiten Terrainen.

Menges Wëssens sinn déi Terrainen do 1989 verkaf ginn un deen Här, dee se exploitéiert. Virdrun huet dat der Arcelor oder der ARBED gehéiert. 1989, ëm deen Dréi, hunn déi déi Terrainen do kaf.

Den Tapis roulant – ech hunn nach aner Projete gesinn, well ech de Mann kennen, deen dat do kaf hat. Do waren eng Hellewull vu Projeten, déi do sollte gemaach ginn, vu bis. Dee schlëmmste war elo vläicht deen zum Schluss, dee mat deem Tapis roulant. Deen dann duerch deen heite Kaf net méi wäert kënnen ausgefouert ginn.

Wat mech den éischte Moment e bësse schockéiert hat, dat war de Präis. Ech sinn och e bëssen am Coup. Déi franséisch Präisser si fir esou Terraine wéi deen do net grad esou héich. Et schéngt mer awer esou ze sinn. Ech hat virdru mam Här Liesch rieds, hien huet mer e bëssen erkläert, wéi dat Ganzt soll oflafen. Soudass mir awer domadder kënne liewen. Ech soe Merci. Mir stëmme mat Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Tempels. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Als déi Lénk begréisse mir deen dote Kaf. Ech verstinn dat net einfach als e Kaf vun engem Terrain. Deen ass entstanen aus enger Kooperatioun, déi interkommunal ass, déi iwwert d'Grenzen ewech geet. Dat ass zum Deel eng Ausnam. Wou mer zu Lëtzebuerg vill ze wéineg iwwert d'Grenzen ewech denken an zesummeschaffen. Hei ass dat de Fall. Dat ass ganz positiv.

Dat ass ökologesch sënnvoll. Ass awer och sënnvoll vun deem ganze Projet TNT. Wou mer net nëmmen deen ekologesche Benefice wäerten hu fir eis Leit, fir d'Natur, mä eben och dee vu méi engem Zesummewuessen iwwert d'Grenzen ewech. Wou ebe vill méi zesummegeschafft gëtt an den Horizont e bëssen erweidert gëtt. Wou mer am Fong wierklech net vill wëssen iwwert déi kleng Gemengen, déi hei ronderëm eis sinn. Déi awer wierklech guer net wäit ewech sinn. Dat ass eng Grenz, déi nach ëmmer am Kapp ass. An ech mengen, et wär interessant, esou Demarchen aus de Käpp e bëssen ze kréien a sech méi zesummenzefannen.

Eng Fro, déi ech mer stellen: Dat ass dann op franséischem Terrain. Mir kafen deen Terrain als déi zwou Gemengen. Mir mussen eis jo dann un dat franséischt Gesetz do halen. Awéiwäit wäerten do Steieren ufalen? A Frankräich sinn aner Grondsteiere wéi zu Lëtzebuerg. Déi si vill méi héich. Meng Fro ass, ob Der dat scho virausgesinn hutt a wat do u Käschten op eis duerkommen. Ech soen Iech Merci.

*des projets exclusivement écologiques.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *voudrait savoir comment est répartie la propriété. Le territoire appartient-il 50 % à Differdange et 50 % à Pétange?*
*Comme M. Muller, Guy Altmeisch soutient ce projet à 100 %. En revanche, il trouve que les informations communiquées aux conseillers communaux sont insuffisantes pour un projet de 1,3 million d'euros. À l'avenir, il faudrait éviter de distribuer un plan et quelques photos deux minutes avant la présentation. En effet, la commune devra se tenir aux conditions retenues dans le compromis. C'est pourquoi les informations devraient être communiquées à temps. Cela permettrait par exemple aux conseillers communaux de se rendre sur place.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *annonce que le CSV soutient l'acquisition du terrain.*
*Il croit se souvenir qu'ils appartenaient à l'Arbed, qui les a vendus en 1989 à l'exploitant actuel.*
*Il a été question du tapis roulant. Mais Guy Tempels, qui connait le propriétaire, a entendu parler de beaucoup d'autres projets. Celui du tapis roulant était le pire.*
*Le prix a quelque peu surpris Guy Tempels. En France, le prix des terrains est généralement moins élevé. Mais M Liesch a fourni les explications tout à l'heure et le CSV peut approuver le projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *considère qu'il ne s'agit pas seulement de l'acquisition d'un terrain, car il est question d'une coopération intercommunale dépassant les frontières luxembourgeoises. Le Luxembourg n'a pas l'habitude de ce type de collaborations. Cet aspect est donc positif.*
*Gary Diderich mentionne le TNT qui offre des avantages écologiques, mais aussi pour les habitants et en matière de collaboration transfrontalière. Car souvent, les petites communes autour de Differdange sont méconnues. Elles se trouvent juste à côté, mais dans la tête des gens, il reste une frontière.*

*C'est pourquoi les démarches visant à supprimer ces frontières sont intéressantes.*
*Le terrain acheté se trouve sur le territoire français et les propriétaires devront se tenir à la loi française. L'impôt foncier est plus élevé en France qu'au Luxembourg. Le collège échevinal a-t-il des chiffres?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question de la répartition du territoire. Les discussions sont en cours à Pétange, mais la division sera faite à 50 % à peu près. Évidemment, Differdange prendra possession des terrains à proximité de Lasauvage et Pétange de ceux «Um Klopp». Étant donné que les deux communes se répartiront les parcelles, il est possible qu'une des deux communes possède finalement un peu plus de la moitié. Les informations détaillées figureront dans l'acte de vente.*
*L'autre possibilité aurait consisté à acquérir les terrains en copropriété. Mais finalement, les deux communes ont préféré créer une situation claire.*
*Sur le plan, les terrains en rouge sont ceux appartenant à Saulnes.*
*Le prix est toujours le résultat d'un compromis. Differdange payera 200 € par are. Au Luxembourg, les prix s'élèvent plutôt à 300 €, 400 € ou 500 € tandis qu'en France ils se situent à 150 € ou 180 €. Bref, le prix demandé est correct pour la forêt et peut-être un peu élevé pour la carrière.*
*Comme l'a dit M. Diderich, ce projet permet aussi aux communes de développer leur collaboration. Georges Liesch profite de l'occasion pour rappeler que le bourgmestre de Herserange, M. Didelot, invite les membres du TNT à découvrir sa commune. Certains ne la connaissent probablement que parce qu'ils y passent quand ils roulent de Saulnes vers Longwy. Mais elle a du charme et vaut le détour.*
*M. Didelot propose une visite guidée le 28 septembre à 16 h. Georges Liesch y invite tous les conseillers communaux. Comme l'a dit M. Diderich, il vaut la peine d'apprendre à connaitre les communes voisines et de supprimer les frontières dans nos têtes.*
*(Vote)*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och Här Diderich. Den Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et waren zwou, dräi Froen. Déi eng war d'Opdeelung, ech mengen déi koum vum Här Altmeisch. Mir hunn e Plang ausgeschafft, dee mer mat der Gemeng Péiteng am Gaang sinn ze kucken. Et kënnt bal op e Kif-Kif eraus. Ech mengen, Péiteng muss och elo nach kucken. Mä et ass evident, dass déi Terrainen, déi méi no zu Lasauvage leien, d'Gemeng Déifferdeng géif huelen. Dat heescht d'Bëscher an d'Carrière.

An alles, wat Richtung Klopp geet, éischter d'Péitenger Gemeng kritt. Ech hunn nach gëschter mam Buergermeeschter vu Péiteng doriwwer geschwat. Also et leeft drop eraus, dass et bal hallef-hallef gëtt. Awer mir huelen dat op Parzellen. Dat heescht, et ka sinn, dass et bësse méi an déi eng oder an déi aner Richtung geet. Herno am Akt fënnt een erëm, wat fir eng Parzelle schlussendlech der Gemeng Déifferdeng a wéi eng der Gemeng Péiteng gehéieren.

Et wär nach een aneren Zeenario méiglech gewiescht, mir hätten alles zesumme kaf an enger Koproprietéit. Do war awer éischter de Wëllen, fir ze soen, mir maachen et glaskloer: Déi eng Parzelle gehéieren der Gemeng Péiteng, déi aner der Gemeng Déifferdeng. Déi, wou rout agezeechent sinn, dat sinn déi, wou d'Gemeng Zounen haut schonn huet. Dann ass et och méi kloer an Zukunft.

Da war d'Saach vum Präis. Et ass natierlech ëmmer e Kompromëss. Mir bezuelen hei 200 Euro den Ar. Wann een d'Präisser hei zu Lëtzebuerg kuckt, do läit een ëm déi 300, 400, 500 Euro den Ar. Dat heescht vill méi driwwer. Wann ee Richtung Frankräich geet, fënnt een tëschent 150 an 180 Euro den Ar. Mir leien hei bei 200 Euro den Ar. Elo kann ee soen, fir d'Carrière ass et vläicht e bëssen deier. Fir d'Bëscher ass et ubruecht.

Mä vun deem Präis, wou mer gestart waren, deen de Proprietär wollt hunn, si mer awer däitlech erofkomm. Well do louche mer bei iwwer 350 Euro den Ar. Elo si mer op 200 Euro den Ar. Iergendwou muss ee sech jo och fannen. An hei waren déi zwou Gemenge bereet, dëse Präis ze bezuelen.

Den Här Diderich huet ganz interessant gesot, dass et och e Projet ass, deen d'Gemengen zesummewuesse léisst. Ech géif vun der Geleeënheet profitéieren. Dir fannt eng Invitatioun op Ärem Dësch, wou de Buergermeeschter vun Herserange, den Här Didelot, eis invitéiert, als neie Member vum TNT, seng Gemeng e bësse kennenzeléieren.

Herserange kenne vläicht verschidde Leit just, well se vun Zounen Richtung Lonkech einfach duerchfueren. Mä Herserange huet Charme. Et ass eng Klengstad, déi derwäert ass, entdeckt ze ginn. Den Här Didelot invitéiert eis den 28. September um 16 Auer fir eng kleng Visite guidée vu senger Uertschaft, déi hien och selwer mécht. Ech invitéieren Iech alleguerten, dohinner ze kommen. Et ass derwäert, fir eis Nopeschgemengen, wéi den Här Diderich ganz richteg gesot huet, kennenzeléieren an déi Barrièren aus dem Kapp ze kréien.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le compromis de vente avec la SCI des Carrières pour l'acquisition de plusieurs parcelles d'une superficie totale de 65,93 ha situées sur le territoire de la commune de Saulnes (F).*

Merci. Deen nächste Punkt ass eng Konventioun vum Fond-de-Gras an dem Parc industriel et ferroviaire. An dofir géif ech dem President vun där Asbl, dem Här Mangen, d'Wuert ginn, fir eis dat ze erklären.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Déi Association sans but lucratif Fond-de-Gras këmmert sech ëm d'Gerance vum Site, mécht Reklamm, kuckt, wéi dat alles ofleeft, organiséiert gëtt. Do sinn zwou Gemengen dran, an de Staat ass dran. D'Minièresbunn an den Train 1900 këmmere sech ëm de Site, datt dat touristesch gutt exploitéiert gëtt. Datt och dee ganze Site iwwert d'Grenzen an hei am Land gutt duergestallt gëtt. Si këmmere sech ëm d'Promotioun vum Site.

D'Gemenge Péiteng an Déifferdeng leeën eng gewëssen Zomm pro Awunner bäi. De Präis gouf dëst Joer e bëssen an d'Luucht gesat. Péiteng bezilt ongeféier 63.000 Euro a mir als Gemeng Déifferdeng 88.000 Euro.

Déi Sue gi genotzt fir d'Exploitatioun. Dovu ginn d'Paie bezuelt vun deene Leit, déi sech drëm këmmeren. Dat sinn dräi Persounen, déi ugestallt sinn, fir Aktivitéiten ze organiséieren. Den Train 1900 an d'Minièresbunn maachen dat selbstverständlech benevole.

Déi Associatioun këmmert sech ënner anerem drëm, datt d'Suen agezu ginn, organiséiert Bildunge fir Kanner. Eemol am Joer hu se ëm déi 250 bis 300 Kanner, déi een Dag dohinner kommen, fir de Site ze besichen. Do hate mer dëst Joer e puer Problemer, datt sech net méi esou vill Schoulmeeschteren dofir interesséieren. Déi Eeler, déi all zwee Joer mat de Klasse komm sinn, déi sinn a Pensioun gaangen. An et komme keng Jonker méi no.

Ech maache Werbung, zumindest hei an der Gemeng. A mir versichen och zu Péiteng an iwwert d'Gemengen eraus, vun där Offer ze profitéieren. Mir kucken, wann d'Demande do ass, datt een dat erweidere kéint. Datt d'Kanner géife mat der Minisèresbunn op Lasauvage an d'Naturschoul gefouert ginn. Wou een déi zwee Sitte kéint verbannen, déi se kéinten erkläert kréien.

Des Weidere si se responsabel fir d'Organisatioun vum Blues Express, dem Steampunk, all déi Organisatiounen, déi um Site oflafen. Et sinn och Privatleit, déi wëllen dohinner kommen an de Site benotzen. Wat och alles organiséiert gëtt.

Am Moment hu mer Problemer mam Parking. Mir sinn am Gaang, no enger Léisung ze sichen. Vläicht mat den Autoen dohinner ze kommen oder mat Bussen. Dat musse mer nach kucken, wéi mer dat realiséieren. An et gëtt en Toilettëproblem.

An Zukunft ass e Besucherzentrum do virgesinn. Ech hoffen, datt mer dee fir 2020 fäerdeg kréien. Do kéimen dann och Toiletten hin an en Ënnerdaach, wou d'Leit kéinte picknicken. Datt se do Raimlechkeeten hätten, fir dat ze maachen. Wat am Moment net de Fall ass.

An der Konventioun ass festgehalen, datt mir als Gemeng kënne kontrolléieren, datt déi finanziell Mëttelen, déi se kréien, ausgenotzt ginn. Net, datt déi gebunkert ginn oder einfach op engem Kont gehale ginn. Mä datt se ausgi ginn, fir de Site ze promouvéieren. Datt mir als Gemeng eng Kontroll hunn, ob d'Suen ausgi ginn. An och eng Kontroll eben op d'Aktivitéiten, déi se maachen. Also dat ass an der Konventioun festgehalen.

D'Konventioun gëtt vu Joer zu Joer verlängert. Soudatt, wann iergendwéi Problemer wären, datt mer als Gemeng kënnen agräifen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Muller, Dir hutt d'Wuert.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Ech mengen, den Här Mangen an ech kennen eis jo iwwert déi Aktivitéit an haten och Echangen, wéi hien déi nei Missioun ugeholl huet. Ganz positiv Echangen, muss ech soen.

Mir kenne jo alleguer dee Site. Dat ass ee vun deenen attraktiivsten um Niveau vum Land. A souwisou um Niveau vum Minett. Ouni déi enorm Aarbecht vun de Benevollen wär et net méiglech, dass do en Zuch oder eng Minièresbunn fiert. An et muss een awer soen, wéi iwwerall, wou esou vill Benevolat erfuerdert ass, stéisst een u seng Grenzen.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention concernant le parc industriel et ferroviaire.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que l'ASBL Fond-de-Gras s'occupe de la gérance du site. Deux communes et l'État y sont représentés. La Minièresbunn et le Train 1900 s'occupent de l'exploitation touristique du site et veillent à une promotion nationale.*

*Les communes de Pétange et Differdange participent aux frais à hauteur d'un certain montant par habitant, soit quelque 63 000 € pour Pétange et 88 000 € pour Differdange. La somme a augmenté cette année. L'argent sert entre autres à régler les salaires des trois employés. Le Train 1900 et la Minièresbunn travaillent de manière bénévole.*

*L'ASBL s'occupe de collecter les fonds et organise par exemple la formation de quelques 250 à 300 enfants par an. Malheureusement, cette année, moins d'instituteurs se sont intéressés au projet. Ceux qui y participaient systématiquement sont partis à la retraite. Robert Mangen essaie d'en faire la promotion. Si la demande est forte, l'offre pourrait être élargie. Les enfants peuvent être amenés à Lasauvage en Minièresbunn. On leur expliquerait alors la valeur des différents sites.*

*L'ASBL est aussi responsable de l'organisation du Blues Express, du Steampunk et d'autres évènements. Les particuliers peuvent aussi profiter du site.*

*Il faut faire face à la pénurie en places de parking. Le bus pourrait être une solution.*

*Pour ce qui est des toilettes, un centre pour visiteurs doit être construit pour 2020. Il y aurait aussi un abri où les gens pourraient piqueniquer.*

*La convention stipule que la commune pourra contrôler que les moyens financiers soient utilisés pour la promotion du site. Il ne s'agit pas de les stocker sur un compte bancaire.*

*La convention est prolongée d'une année à l'autre.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique qu'il a eu des échanges intéressants avec M. Mangen.*
*Le Fond-de-Gras est un des sites les plus attractifs du pays et le site le plus attractif des Terres-Rouges. Sans l'énorme travail des bénévoles, il n'y aurait ni Train 1900 ni Minièresbunn. Mais le bénévolat a des limites et il est donc nécessaire de disposer aussi de professionnels.*
*Le site doit être administré et promu. C'est pourquoi il faut des moyens financiers. L'augmentation de cette année est justifiée. Erny Muller espère que l'État augmentera aussi sa participation, car sa convention ne sera renouvelée que l'année prochaine.*
*Il était prévu de changer le nom de l'ASBL. Est-ce toujours le cas?*
*M. Mangen a parlé du centre pour visiteurs. Ce projet tient particulièrement à cœur à Erny Muller. M. Mangen peut-il lui dire où on en est?*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que les statuts sont anciens et doivent être modifiés. Pour le moment, les conseillers communaux font tous partie de l'association. Or cela n'a pas de sens.*
*Lors de la prochaine assemblée générale, le nom de l'ASBL sera changé.*
*Pour le moment, les deux communes ont pratiquement doublé leurs participations, mais pas l'État. Or les moyens financiers sont limités. Une fois les salaires payés, il ne reste pas beaucoup pour l'organisation des activités.*
*Le projet d'un centre pour visiteurs avance. Le collège échevinal s'est entretenu avec M. Sanavia des Sites et Monuments. Les discussions portent actuellement sur l'emplacement du centre.*
*Robert Mangen espère que le centre sera terminé au plus tard en 2020.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe au 1535°. Quelques baux sont modifiés. Certains locataires demandent des locaux plus grands, d'autres des locaux plus petits.*
*Le seul nouveau bail concerne Sonic Invasion. Ils font de la production audiovisuelle. Leur candida-*

Dofir ass et wichteg, dass och Professioneller, also ugestallte Leit mat a Funktioun kommen, och am operative Geschäft. Dat ass dann nei. Dat heescht, et ass och eng Persoun am operative Geschäft hei mat figuréiert ënnert deene Leit, déi do ugestallt sinn. A selbstverständlech d'Administratioun an d'Vermaartung, wéi och hei gesot ginn ass. D'Vermaartung verlaangt e bësse méi finanziell Mëttelen. Soudass et op jidde Fall berechtegt ass, fir déi Zomm eropzesetzen.

Mir hoffen elo just, dass de Staat nozitt. Well ech mengen, dem Staat seng Konventioun leeft nach dëst Joer. Mir hunn eng nei gemaach. Elo ass et wichteg, dass déi hei Konventioun emol an enger richteger Form ass, dass déi aner och ka gemaach ginn.

Ech hunn e puer Froen un den Här Mangen. D'Asbl, do soll jo den Numm geännert ginn a Minettpark Fond-de-Gras Asbl. Ass dat nach ëmmer virgesinn? Dir hat de Besucherzentrum ugeschnidden. Dat läit mer besonnesch um Häerz. Ech wär frou, wann een emol konkret géif wëssen, ech froen Iech dann elo ënnert der Kap vum Schäffen hei aus der Stad Déifferdeng, wou si mer dru mam Besucherzentrum? Wat leeft fir de Moment, a wéi ass d'Entwécklung? Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Keng Froe méi? Da géif ech dem Här Mangen d'Wuert ginn, fir d'Äntwerten.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Et sinn e puer Problemer. D'Statute si mer am Gaang ëmzeänneren. Déi si relativ al. Zum Beispill si mir do all als Gemengerot an där Associatioun. A mir sinn am Gaang dat ëmzeänneren. Et ass jo net Zweck dervun, datt jiddwer Conseiller vun all Gemeng an där Asbl ass, mä datt verschidde Leit just do sinn. Dat si mer am Gaang ëmzeänneren. Den Numm gëtt och ëmgeännert. Bei där nächster Assemblée générale soll dat erfollegen. Dat si mer am Gaang.

Mir hunn d'Suen an d'Luucht gesat. De Staat net. A mir hunn e Bréif geschriwwen, datt si nozéien. Ech mengen, mir hunn de Präis bal verduebelt, datt si dat och op därselwechter Basis maachen, datt mer do finanziell gehollef kréien. D'Mëttele si relativ begrenzt. D'Paie si schonn direkt fort vun deene Leit, déi agestallt sinn. Da bleift net méi vill fir aner Aktivitéiten, fir dat auszenotzen.

De Besucherzentrum leeft. Mir haten Entrevuë mat Sites et Monuments, mam Här Sanavia. Et sinn nach Diskussiounen, wou den Emplacement soll kommen a wéi dat sollt erfollegen. Et sinn och Demanden op deene jeeweilege Sitten, Sites et Monuments an Ëmweltverwaltung ugefrot ginn, fir déi Plazen, wou mer dee Besucherzentrum kéinten opbauen.

Also dat leeft. An ech hoffen, datt mer dee spéitstens fir 2020 fäerdeg kréien.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention entre les communes de Pétange et Differdange et l'ASBL Fond-de-Gras, parc industriel et ferroviaire.*

Dee leschte Punkt vun den Akten ass iwwert de 1535°. Vun deene véier Baile sinn der dräi schonn do, si wiessele just. Déi eng wëlle méi e klenge Sall, déi aner wëlle méi e grousse Sall. Dat sinn Avenante vum Kontrakt. Nei ass Sonic Invasion. Si maachen haaptsächlech Productions audiovisuelles. Deen ass selbstverständlech duerch de Comité gaangen. Si schloen deen och vir. Déi aner dräi si just Avenanten, datt se gär aner Lokaler hätten am 1535°.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Däerf ech eppes soen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz gären, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir begréissen de Rapport vum Comité de sélection. Deen ass dës Kéier detailléiert dran. Mir hu gesinn, wéi déi Kritäre sinn, wat sech do u Gedanke gemaach ginn ass iwwert déi Aktivitéite vun deenen Entreprises créatives. Si hu sech och Gedanke gemaach, wéi de Bâtiment B soll gestalt ginn.

An do kommen ech zréck op eis Motioun vun den Oppositiounsparteien, wou mer gesot haten, et wär interessant, wann och déi politesch Vertrieder heibanne kéinten hir Iddie mat erabréngen. Dat ass jo hei verworf ginn doduerch, dass d'Majoritéit dee Comité d'accompagnement net wollt. Elo ass awer leider nach näischt anescht en place.

Dat heescht et ass keen, wéi Dir gesot hutt, Comité économique, deen eventuell de 1535° géif matabezéien. An och déi aner Entreprisen an Aktivitéiten, déi mer hei an eiser Gemeng hunn. Wa mer do eng aner Solutioun gesinn, déi eis iergendwéi kéint passen, da stëmme mer selbstverständlech erëm mat, mä en attendant wäerte mer eis weiderhin enthalen. Well mer awer elo keng Differenz erkenne kënnen tëschent eiser Approche a wéi et elo ass. Duerfir enthale mer eis bei deenen Avenanten an och bei deene Kontrakter.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Absolutt kee Problem, Här Muller. Mir halen eis strikt un déi Konventioun mam Ekonomiesminister. An dat anert hunn ech jo gesot, datt mer dat wäerte maachen. Kee Problem.

Kann ech déi véier zum Vott bréngen? Merci.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 3 abstentions d'approuver le contrat de bail et les avenants au 1535° Creative Hub.*

Villmools Merci. Am siwente Punkt geet et ëm e Posten aus dem Service culturel, deen einfach ëmgeswitched gëtt an eng Carrière C1. Et ass e Mataarbechter, dee seng Aarbecht extrem gutt mécht. Vu datt e ganz no un der Pensioun ass, hat e gefrot, fir d'Carrière ze wiesselen. Mir sinn der Meenung, datt wann een esou gutt fir d'Stad Déifferdeng schafft an esou eng Ufro mécht, an et huet een d'Méiglechkeet, fir engem Merci ze soe fir seng Aarbecht, da soll een dat och maachen. Dofir proposéiere mer eng Adaptatioun vum Organigramm an eng Carrière C1.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation de l'organigramme du personnel communal.*

Villmools Merci. Här Liesch, fir d'lescht kritt Der haut d'Wuert fir d'Règlements de circulations.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt alles am Dossier. Dat meescht sinn Haiser, wou d'Fassad frësch gemaach gëtt. Dat anert ass an der Entrée en ville. Ech géif proposéieren, vu dass et scho méi spéit ass, wann een eng spezifesch Fro zu engem Reglement huet, beäntwerten ech déi. Wann net, Dir hutt alles am Dossier. Et sinn déi üblech Reglementer, wéi mer se all Kéiers am Gemengerot hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vott kommen.

*ture a été avisée positivement par le comité.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue le rapport détaillé du comité de sélection. Les membres s'occupent des questions concernant les activités des entreprises et réfléchissent à l'affectation à donner au bâtiment B.*
*Erny Muller rappelle que dans sa motion, l'opposition avait demandé que des représentants politiques fassent partie de ce comité. Or la majorité avait rejeté cette motion. Le résultat est que pour le moment, il n'existe pas de comité économique s'occupant du 1535° et des autres entreprises et activités à Differdange.*
*En tout cas, les socialistes approuveront toute solution qu'ils jugeront acceptable. Mais en attendant, ils s'abstiendront, car ils ne voient pas de différence entre leur approche et la situation actuelle.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *n'y voit pas d'inconvénient, mais rappelle que le collège échevinal ne fait que se tenir strictement à la convention avec le ministre de l'Économie.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au point 7. Un collaborateur du service culturel proche de la retraite a demandé à entrer dans la carrière C1. Comme il réalise de l'excellent travail, Roberto Traversini estime que la Ville de Differdange doit lui octroyer cette adaptation de carrière.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux règlements de circulation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que les règlements concernent essentiellement des rénovations de façades. Un règlement porte sur l'entrée en ville. Si les conseillers communaux ont des questions spécifiques, Georges Liesch y répondra.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux commissions.*
*Le LSAP remplace Mme Alexandra Marcelet par Mme Carmen Kayser au sein de la commission des finances.*
*La commission des finances a une nouvelle secrétaire. Il a fallu du temps, mais pour Roberto Traversini il faut des gens motivés, qui ne se sentent pas obligés.*
*Déi gréng proposent de remplacer Mme Julie Werecki par Mme Stéphanie Scaccia au sein de la commission des enfants et Mme Petit par M. Michael Soares au sein de la commission des jeunes.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux questions.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *voudrait savoir si le collège échevinal est au courant de l'évolution de l'Association des commerçants. Le collège échevinal a-t-il une influence quelconque sur le processus?*
*Gary Diderich a entendu dire que les membres ne sont pas d'accord sur la possible adhésion d'Opkorn. Il n'est pas clair s'il faut considérer Opkorn comme un seul magasin ou comme un ensemble de commerces.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que les équilibres vont se déplacer en fonction de cette décision.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute que les négociations ne se passent pas bien du tout.*
*Pour lui, le défi consiste à dynamiser le centre-ville. On peut douter du fait que le centre commercial puisse jouer le rôle de moteur, mais il est trop tard pour ces questions. La commune a donc tout intérêt à accompagner ce processus.*
*Apparemment, une assemblée générale est prévue pour discuter de l'adhésion de nouveaux membres. En attendant, les activités de l'ACOMM semblent être suspendues. Il est notamment question d'une braderie le 13 octobre. Gary Diderich n'était pas au courant, car la braderie d'Halloween a généralement lieu plus tard.*
*(Interruption)*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation*

Merci. Dee leschte Punkt an der ëffentlecher Sitzung sinn eis Kommissiounen. D'LSAP huet eraginn, datt se d'Madamm Alexandra Marcelet duerch d'Madamm Carmen Kayser ersetzen an der Finanzkommissioun.

Eng Nouvelle: Mir hunn eng nei Sekretärin an der Finanzkommissioun. Déi Fro ass jo reegelméisseg opkomm. Dat heescht, dee Posten ass elo besat. An ouni Leit ze forcéieren. Ech mengen, et ass nëmmen op deem Wee, wéi een d'Leit motivéiert kritt. Dat hu mer dann elo fäerdegbruecht. Déi Kommissioun huet dann elo eng Sekretärin.

Déi gréng proposéieren d'Madamm Julie Werecki duerch d'Madamm Stéphanie Scaccia an der Kannerkommissioun ze ersetzen. An déiselwecht Partei proposéiert och d'Madamm Petit ze ersetzen duerch den Här Michael Soares an der Jugendkommissioun. Heimat wär dat dann esou ugeholl.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Ier mer déi ëffentlech Sitzung zoumaachen, ware Froen ugemellt. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir hate virdru schonn e bëssen iwwert d'Geschäftswelt geschwat. Et hätt een et vläicht och do kéinten opbréngen. D'Fro, déi ech wollt stellen ass: Wéi de Schäfferot au courant ass vun den Entwécklunge beim Geschäftsverband? Awéiwäit de Schäfferot dorobber reagéiert an déi Entwécklung och beaflosst?

Et ass u mech erugedroe ginn, dass et Oneenegkeet gëtt am Geschäftsverband, iwwert d'Ophuele vum Opkorn an dee Geschäftsverband. Well et muss ee jo och soen, sou wéi ech dat verstanen hunn, ass et eng Statutefro, ob een Opkorn als ee Geschäft gesäit oder all eenzelt Geschäft do opgeholl gëtt, wat dann zu enger Machtverschiebung féiert.

Jiddefalls, sou wéi ech gesot kritt hunn, leeft dat wierklech net gutt of. Soudass souguer déi, déi eng gewëssen Ouverture haten, fir eng Statutenännerung ze maachen an eng Léisung fir déi Machtverschiebung do ze fannen, elo staark ofgeneigt sinn.

Ech hat dat ëmmer ugeschwat, wann et ëm den Opkorn gaangen ass. Den Challenge ass, wéi mer de Stadzentrum belieft kréien. Et ass hei vu ville Parteie gesot ginn, den Opkorn soll als Motor fir de Stadzentrum gëllen a funktionéieren. Do kann ee seng Zweiwelen drun hunn, mä et muss een et emol probéieren, well dee Geschäftszentrum ass eben elo do.

An ech denken, dass et als Gemeng ganz wichteg ass, dat doten ze begleeden, dass dat positiv leeft. Dat schéngt awer elo net de Fall ze sinn. Eng vun de Saachen, déi do eben opgeworf ginn ass, dat ass, dass eng extraordinär Generalversammlung dowéinst usteet. Well se sech am Comité eben net eens sinn, wann et ëm déi Opnam vun neie Membere geet.

An do hunn déi Leit och un de Schäfferot erugedroen, dass se d'Aktivitéite vun der Acomm en suspens halen an och d'Autorisatiounen en suspens halen, bis déi Saachen intern bei hinne gekläert sinn. An anscheinend wär eng Braderie den 13. Oktober virgesinn. Wat mir och elo nei ass, dass mir ëm déi Zäit eng Braderie organiséieren. Ausser dat wär déi Halloween-Braderie. Mä déi ass awer soss ëmmer méi spéit gewiescht, wann ech mech net iren.

(Interruptioun)

Jo, ech fannen dat och abstrus, dass ee grad den Dag viru Wahlen eng Braderie soll organiséieren.

Dat waren déi Froen, déi ech wollt opwerfen. Ech mengen, dat weist, wéi wichteg et ass, dass mer als Gemeng an als Gemengerot eis méi concertéieren iwwer esou Entwécklungen. Dat do zitt

sech elo schonn iwwer e puer Méint. Ech sinn awer elo eréischt domadder befaasst ginn als Member vum Gemengerot. Ech hätt léiwer gehat, et hätt een hei eng Kéier kéinten doriwwer schwätzen, wéi no esou laanger Zäit gewuer ze ginn, datt vill Saachen, wéi et schéngt, schif gelaf sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Ech wäert kuerz drop äntweren. Mä ech wier frou, wa mer dee Punkt kéinten an der netëffentlecher Sitzung weider diskutéieren. Well och verschidde Saachen iwwer Affekote scho lafen. Ech fannen, den Här Liesch huet do ganz gudde Kontakt.

Mir versichen als Stad – an dat nach ëmmer –, dem Geschäftsverband esou gutt wéi méiglech ze hëllefen. An dat maache mer och. Mä wou ass dann do déi Messerschneid, wou s de op eemol net wëlls a verschidde Saache dech mat implizéieren oder Decisiounen huelen, wou am Fong geholl um Geschäftsverband ass. Dat ass net evident.

Här Diderich, Dir sot souwisou bei allem, dat hätt ee scho kéinte virdrun decidéieren. Ech mengen, datt dat wierklech vill méi komplex, vill méi kriddeleg ass, wéi Dir dat ëmmer schildert. Bon, dat ass eben Är Manéier, Politik ze maachen. Meng ass et net. Meng ass et, ze versichen, zesumme Léisungen ze fannen. An ech wier frou, wa mer an der Netëffentlecher kéinten an d'Detailer goen. Ech wëll elo net an enger ëffentlecher Sitzung driwwer schwätzen. Wann Der domadder averstane sidd? A wann net, maachen ech et awer.

Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech hu just eng kleng Fro. Beim Busarrêt vis-à-vis vum Auchan, ass et do méiglech eng Encoche ze maachen? Well deen hält de Verkéier zimlech un. Dat ass just e Gedanken. Wa vill Trafic ass zu de Spëtzenzäiten, wann s de vun Nidderkuer iwwert d'Kräizung Richtung Uewerkuer wëlls, hält de Busarrêt dee ganze Verkéier un. A wann de Floss zimlech grouss ass, da steet d'Kräizung zou, well de Bus ebe muss halen um Arrêt a well keen Auto laanscht kënnt. Wär dat iwwerhaapt méiglech, an deem Projet nach eng Encoche ze maachen, fir dass d'Zirkulatioun besser virugeet?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn dem Här Liesch d'Wuert, well hien eise Representant am T.I.C.E. ass. Mä ech weess, datt et eng Fro vun der Sécherheet war vum T.I.C.E., wéi dat viru Joren agefouert gi war. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech kann dat eng Kéier op de Pläng nokucken, fir elo keng Dommheet ze soen. Mir si jo do direkt um Talus vun der Eisebunn. Ech mengen, dass mer do net méi no erukënnen. Do gëtt et jo eng Mindestgrenz, ech mengen 20 Meter, déi mer mussen ewech bleiwen. Ech kucken dat awer gär no. Mä ech mengen, dass mer do keng Plaz méi hunn, fir nach eng Encoche ze maachen, well mer ze no un den Talus kommen. Mä, ier ech elo eng Dommheet soen, kucken ech et léiwer no an ech ginn Iech da Bescheed.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Okay, Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll just soen, datt dat vum T.I.C.E. esou verlaangt gi war, fir dem Bus Prioritéit ze ginn. Datt deen net muss laang waarden, fir erëm erauszefueren. Dat ass eng Politik, déi den T.I.C.E. viru Joren agefouert huet. Ob déi elo richteg ass oder net, doriwwer kann een diskutéieren. Mä dat war eng Saach vu Sécherheet. Well verschidden Autoen d'Busser net méi eraus gelooss hunn, wa se do stoungen. Fir esou dem ëffentlechen Transport Virrang ze ginn. Mä et soll een awer iwwer alles kënnen diskutéieren.

Här Goffinet, w.e.gl.

*Gary Diderich trouve bizarre d'organiser une braderie le jour avant les élections.*
*En tout cas, il est important que le conseil communal discute de ces questions. Ce problème dure depuis plusieurs mois. Mais Gary Diderich n'en a entendu parler que maintenant. Il aurait préféré savoir plus tôt que les choses se passaient mal.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *préfèrerait en discuter dans la séance à huis clos, car des avocats ont été contactés.*
*M. Liesch a un bon contact avec l'association. La commune la soutient comme elle peut. Et parfois, elle se retrouve impliquée dans des histoires qui ne la regardent pas vraiment. La situation n'est pas évidente.*
*M. Diderich semble penser que les décisions auraient dû être prises plus tôt. Or la situation est plus complexe que ce que M. Diderich laisse entendre. Roberto Traversini essaie plutôt de chercher un consensus. Mais si M. Diderich est d'accord, il donnera les détails tout à l'heure.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *constate que vis-à-vis d'Auchan, le bus stoppe tout le trafic quand il est à l'arrêt en direction d'Oberkorn. Aux heures de pointe, la situation est difficile. Serait-il possible d'aménager une encoche pour fluidifier la circulation?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à M. Liesch, le représentant de Differdange auprès du TICE. Il croit savoir qu'il s'agit d'une question de sécurité.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *doit vérifier les plans. L'arrêt se trouve à côté du talus de la voie ferrée et il pense qu'il faut respecter une distance de vingt mètres. Par conséquent, il n'y a pas de place pour une encoche, mais il vérifiera.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute que la commune a respecté ce que lui a demandé le TICE pour éviter que le bus ne perde du temps quand il quitte l'arrêt.*

*Il ajoute que cette politique a été introduite il y a plusieurs années pour donner la priorité aux transports publics. Mais on peut en discuter.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *se posait la question parce qu'il y va aussi de la sécurité.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *a une question concernant les subsides aux clubs sportifs. Les jeunes Differdangeois faisant du sport dans une autre commune ont-ils aussi droit au subside sur la carte de membre?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le règlement ne le prévoit pas. Mais la question est pertinente et il faudra y réfléchir.*
*La même chose est vraie pour les enfants habitant ailleurs et faisant du sport à Differdange.*
*D'un autre côté, si on fait partie du cadre du COSL, on a droit à une aide que l'on habite dans la commune ou pas. C'est pourquoi Roberto Traversini trouve que la commission des sports doit mener cette discussion.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *revient sur l'ouverture des commissions aux citoyens. Les gens ont-ils déjà été prévenus?*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen ne pensait pas qu'ils aient été prévenus.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que les nouveaux membres doivent être invités dès qu'une nouvelle réunion aura lieu.*
*Il clôture la séance publique.*

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Et war just eng Fro, well déi Kräizung och eng Sécherheetsfro ass. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Ech hätt eng ganz kleng Fro betreffend déi nei Subside fir d'Veräiner am Sportsberäich. Gëtt et déi maximal honnert Euro Zouschoss op der Memberskaart och fir d'Déifferdenger Kanner oder Jugendlecher, déi an eng aner Gemeng an e Veräin ginn, well et hei zu Déifferdeng déi Offer net gëtt?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Am Moment ass dat net am Reglement virgesinn. Et ass just fir déi Kanner, déi hei wunnen an hei an eis Sportsveräiner ginn. Mä et gëtt awer driwwer nogeduecht, fir déi Sportsaktivitéiten, déi s de net hei an der Gemeng hues a wou s de d'Gemeng muss wiesselen, eventuell e Subsid ze ginn. Dat ass eng berechtegt Fro. An dat ass eng Iwwerleeung, déi muss gefouert ginn.

Mä am Moment ass et esou, datt et restriktiv fir déi Kanner ass, déi hei wunnen. D'selwecht fir déi Kanner, déi vun auswäerts heihinner an e Veräin kommen. Déi kréien dat och net. Am Fong geholl ass et just fir d'Awunner aus eiser Gemeng. Mä et soll een awer roueg kënnen driwwer schwätzen. Well mer et jo deelweis schonn opgemaach hunn. Wann s de an engem Kader bass vum COSL, do gëtt och net onbedéngt gekuckt, ob s de hei an der Gemeng wunns. Do kucke mer de Veräin. Dofir mengen ech, datt dat eng Diskussioun ass, déi soll an der Sportskommissioun gefouert ginn. An d'Sportskommissioun soll eis do e Virschlag maachen, géif ech proposéieren. Okay?

Den Här Schwachtgen nach.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ganz kuerz, eng Fro zu den neie Kommissiounsbesetzunge vun de Bierger: Ass en Zäitpunkt fixéiert, wou déi Leit forméiert ginn? Oder si se schonn informéiert ginn? A si se scho geruff ginn oder nach net?

**ENG STËMM:**

Dat leeft schonn.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Dat hunn ech dann nach net matkritt. Dat heescht dat leeft? Gutt, Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et ass esou, dass se duerch de Gemengerot genannt gi sinn. An déi Leit sinn, w.e.gl., gebieden, soubal erëm eng Kommissiounssitzung ass, op déi agelueden ze ginn. Deelweis war dat och scho geschitt.

Da géif ech déi offiziell Sitzung zoumaachen.

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 17 OCTOBRE 2018

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Tom Ulveling, 1er échevin (CSV), Laura Pregno, échevine (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: application de l'article 20 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain «interdictions pouvant frapper les immeubles pendant la période d'élaboration d'un PAG» — prolongation.**
3. **Enseignement fondamental: organisation et occupation des postes 2018-2019.**
4. **École de musique: organisation définitive 2018-2019.**
5. **Finances communales:**
   a. Deuxième modification ordinaire de l'exercice 2018;
   b. Fixation du taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2019;
   c. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2019.
6. **Actes et conventions:**
   a. Vente du 21 septembre 2018 d'un immeuble en copropriété situé au lieudit «avenue de la Liberté» à Differdange;
   b. Vente du 26 septembre 2018 de trois parcelles d'une superficie totale de 150,73 a aux lieudits «Zwischen Lanterbaennen, Route de Pétange et Hinterst Lanterbann» à Niederkorn;
   c. Constitution de servitude du 21 septembre 2018 au lieudit «Grand-rue» à Differdange;
   d. Convention relative à la gestion d'une installation mBox à Differdange-gare;
   e. Avenant à la convention avec la Bibliothèque nationale de Luxembourg;
   f. Contrat de bail de locaux de la Villa Hadir;
   g. Contrat de bail et avenants au 1535° Creative Hub.
7. **Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.**
8. **Changements au sein des commissions consultatives.**

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *excuse Mme Pregno et M. Ulveling. Il demande aux conseillers la permission d'enlever le point 2 de l'ordre du jour. La loi sur les immeubles protégés n'entrera en vigueur qu'après l'approbation du ministre. Cela laisse un peu de temps à la commune.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répond que les socialistes sont d'accord sur le principe. Il constate cependant que le PAG n'est toujours pas terminé. Il rappelle que récemment, un bureau d'architectes a présenté le document au conseil communal et aux commissions concernées. Malheureusement, la plupart des gens sont repartis frustrés. Les architectes ont recouru à un jargon technique et en plus, ils n'ont rien dit de concret de crainte que trop d'informations ne soient communiquées au public.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *en convient.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que la commune a obtenu une année supplémentaire pour terminer son PAG. En tout, Differdange travaille à son PAG depuis probablement plus de dix ans. Cela a couté beaucoup d'argent.*
*Le SUP constituait un des freins. Où en le dossier? Quand le PAG définitif sera-t-il prêt?*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souhaitait poser la même question.*
*Il a aussi une question pour la fin de la séance.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moie fir eis Oktobersëtzung. Ech wëll zwee Leit entschëllegen. D'Madamm Pregno an den Här Ulveling.

Mir wollten iech froen, ob mer de Punkt 2 vun der Dagesuerdnung kéinten huelen. Et kënnt zu enger Verzögerung vun eisen Immeuble-protégéen. Mir hunn deemno nach e bëssen Zäit dofir. Et ass esou, datt dat eréischt a Kraaft getrueden ass, wou de Minister dat ugeholl huet. Dofir hu mer nach e puer Méint Zäit, fir dee Punkt drop ze setzen. Mir géifen dann an e puer Méint erëm domat zréckkommen. Wann der domat averstane sidd.

Jo, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, am Prinzip sinn ech domadder d'accord. Mir hunn do keng Awänn.

Ech hätt awer eng Fro, wat wierklech akut ass. Dir weist drop hin, dass dat eng Prozedur war. Dee Punkt ass op den Ordre du jour komm, well mer de PAG souwäit nach net ausgeschafft hunn. En attendant, dass deen da fäerdeg gëtt. An do hunn ech eng Fro zum PAG.

Virun net allze laanger Zäit hate mer eng intern Presentatioun. De Gemengerot an all déi concernéiert Kommissioune waren deemools präsent, wou d'Architektebüroen eis de PAG virgestallt haten. Ech muss soen, vill Leit ware frustréiert. A wann net frustréiert, dann hate se zumindest de Sall ganz onzefridde verlooss.

Ech mengen, mir kennen dat. D'Architektebüroen huelen en zimlech technesche Jargon. Et ass och relativ komplex, wat se eis virstellen. An dat ëmmer ënnert dem Deckmantel, dass een net kéint méi konkret gi wéinst eventuelle Manipulatiounen, déi da kéinten entstoen, doduerch dass ze vill an d'Ëffentlechkeet géif geroden.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Elo awer zum PAG selwer. Mir hunn ee Joer méi laang Zäit kritt. Dat ass emol ee Fait.

Mä op déi aner Manéier wësse mer, dass mer elo bal iwwer zéng Joer – ech weess net genee den Zäitraum –, un deem PAG schaffen. An dat huet och an där Zäit eng ganz Partie Gelder verschlongen. An och well mer musse fäerdeg ginn aus anere Grënn. Notamment eis Servituden op den Eefamilljenhaiser, d'Fassaden...

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Menges Wëssens war jo ee vun de Facteuren d'SUP, d'strategische Umweltprüfung, déi dat Ganzt e bëssen ausgebremst huet. Dofir wollt ech de Ressortschäffen emol froen, wéi wäit deen Dossier ass. Si mer do virukomm? An zweetens, wéi gesäit d'Agenda aus, fir den definitive PAG op d'Schinnen ze bréngen fir d'Gemeng Déifferdeng?

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller.

Den Här Diderich hat d'Hand gehuewen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt u sech datselwecht froen. Wou mer dru si mam PAG.

Ech wollt awer och eng Fro umelle fir zum Schluss.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Absolutt kee Problem.

Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Genau déiselwecht Wierder fir mech.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Okay. Super. Unanime.

Här Liesch, Dir hutt d'Wuert, wegl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, dat misst den Här Schwachtgen eis erklären. D'Fro ass berechtegt. Wéi den Här Muller richteg gesot huet, war jo de Knackpunkt d'SUP, déi eis do wierklech ausgebremst huet. Wouriwwer dee leschte Schäfferot net zefridde war an och dëse Schäfferot net frou driwwer ass. Mä et ass awer nun emol esou.

De PAG, a senger technescher Form, ass eigentlech fäerdeg. D'SUP ass awer nach net ganz ausgeschafft. Dat wäert also nach daueren. Déi wäerte mer ongeféier Dezember/Januar an der voller integraler Versioun erakréien.

Duerno muss nach d'Aarbecht gemaach ginn, wat d'SUP ausseet iwwert de PAG, fir ze kucken, ob et nach Kontradiktioune gëtt. Dat heescht, de PAG u sech ass fäerdeg. An elo gëtt déi Couche vun der SUP nach driwwer geluecht, fir ze kucken: Gëtt et do Konfliktpotential op verschiddene Parzellen? Wann dat de Fall ass, muss de PAG vläicht plazeweis adaptéiert ginn. Dat ass en Exercice, dee mer musse maachen. Duerno kënne mer déi ganz Ëffentlechkeetsaarbecht ulafe loossen.

Et ass net esou, dass mer waarden, bis d'SUP heibannen ass. Et gëtt schonn un Deeler, déi fäerdeg sinn, gekuckt, ob déi an der Rei sinn oder net. Soudass déi Upassunge kënne fléissend geschéien. Dat misst relativ schnell goen. An da musse mer eis iwwerleeën, wéi mer de PAG an der Ëffentlechkeet dobausse presentéieren, wéi mer dat maachen. Do hu mer am Moment e puer Pisten. Dat wäert dann am Fréijoer d'nächst Joer ulafen. Soudass mer prett si fir Mee/Juni, wéi mer gesot haten, et och an de Gemengerot ze bréngen.

Dat ass den Timing, souwéi de Schäfferot e sech am Moment virstellt. A mer hoffen, dass keen eis do erëm eng Kéier iergendwéi dann ausbremst.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Dee Punkt wäerte mer an e puer Méint erëm op den Ordre du jour huelen.

Ech muss do awer dem Här Muller Recht ginn. Déi Presentatioun war net ze verdauen. Mä mir schaffen drun, Här Muller.

Da géife mer zum drëtten, respektiv haut zum zweete Punkt kommen, dem Enseignement fondamental. Well d'Madamm Pregno net kann hei sinn, huet de fréiere Schoulschäffen déi grouss Éier, dat an hirer Plaz ze maachen.

Här Liesch, kucke mer, ob Der dat nach kënnt.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech muss soen, ech sinn e bësse kal erwëscht ginn. Mä ech maache mäi Bescht, fir dat gutt hinzekréien.

Et ass dat, wat mer eigentlech all Joer hunn. Dat heescht, d'Schoulorganisatioun gouf am Juli hei am Gemengerot gestëmmt. Iwwert d'Summervakanz gi Schüler fort. Schüler komme bäi. An op där anerer Säit ass och d'Personal, dat aneschters affektéiert gëtt. Da mussen d'Chargéen erëm ugepasst ginn.

Dat hei ass am Fong dat Dokument, dat mer an der Rentrée an de Gemengerot bréngen. Déi definitiv Schoulorganisatioun mat allen Upassungen, déi an der Vakanz geschitt sinn, wat der virun iech leien hutt. Dir hutt also d'Lëscht mat de Leit, déi detachéiert sinn, op aner Plaze ginn an déi, déi bei eis mussen ersat ginn.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *n'y voit pas d'inconvénient.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *voulait poser la même question.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il y a unanimité.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve la question pertinente. La commune a perdu du temps à cause des SUP. Le collège échevinal n'en est pas satisfait.*
*Dans sa forme technique, le PAG est prêt, mais le SUP n'est pas finalisé. Il faudra attendre décembre ou janvier pour une version intégrale. Ensuite, il faudra voir s'il n'y a pas de contradiction entre le PAG et le SUP, et procéder aux adaptations nécessaires le cas échéant. Finalement, la commune s'occupera des relations publiques.*
*Plusieurs parties du SUP sont terminées et sont en train d'être évaluées. Les adaptations seront réalisées de manière fluide et devraient aller vite. Ensuite, il faudra réfléchir à la façon de présenter le PAG au public. Le collège échevinal dispose de plusieurs pistes. Ce travail commencera au printemps 2019. Le PAG devrait pouvoir être approuvé par le conseil communal en mai ou juin. En tout cas, c'est le calendrier que le collège échevinal s'est fixé et Georges Liesch espère qu'il n'y aura plus de contretemps.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'il sera à nouveau question de ce point dans quelques mois.*
*Il donne raison à M. Muller: la présentation du PAG était indigeste.*
*Il passe au troisième point: l'enseignement fondamental. Comme M^me^ Pregno est absente, M. Liesch fournira les explications nécessaires.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *avoue avoir été un peu pris de court, mais il va faire de son mieux.*
*Il rappelle que le conseil communal a approuvé l'organisation scolaire en juillet. Or pendant les vacances d'été, le nombre d'élèves évolue et les enseignants peuvent être déplacés. Le vote d'aujourd'hui porte sur*

*l'organisation définitive avec toutes les adaptations.*
*Les conseillers communaux disposent des listes d'enseignants et d'élèves. Georges Liesch ne connait pas l'évolution en détail, mais les effectifs des classes n'ont en tout cas pas été dépassés. Bref, Georges Liesch ne voit pas de raison de ne pas approuver l'organisation scolaire.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe au point suivant, qui devrait être présenté par M. Ulveling. Comme il n'est pas là, M. Mangen va le remplacer.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *n'est pas convaincu de pouvoir le remplacer entièrement.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *plaisante sur le fait que c'est pratiquement impossible.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *constate que l'école de musique de Differdange se porte bien sous la houlette de M. Rudi De Bouw.*
*Le nombre d'élèves a augmenté de 34 % en un an. Sur les 752 inscrits, 3/4 ont moins de 25 ans. 16 % ne sont pas Differdangeois.*
*Robert Mangen profite de l'occasion pour remercier les enseignants qui ne seront plus là l'année prochaine: Salima Ben Guigui, Tammy Reichling et Alain Graf. Les nouveaux enseignants s'appellent Chrystel Wautier, Sarah Kertz, Leroy Vandivinit, Niels Engel, Bastien Lorgé, Antoine Leclercq et Ben Konen. L'organisation de l'école est assurée par 35 enseignants sous la houlette d'un directeur et d'une secrétaire administrative. Robert Mangen les remercie.*
*Le directeur a développé des activités en plus des cours. Robert Mangen cite les ateliers musicaux dans les structures d'accueil, la collaboration avec l'école internationale, les projets dans les crèches… Il mentionne ensuite les «Jazz Days» en décembre, le concert forestier le 13 décembre, la collaboration avec la chorale municipale le 3 février, un projet pédagogique avec le Leopoldinum Chamber Orchestra et*

Dann hutt der och nach déi aktualiséiert Lëschten – et ass jo e risegt Dokument – wivill Kanner wou an a wéi eng Schoul ginn. Ech hunn elo d'Differenzen net, mä ech mengen dat hält sech an den normale Grenzen. Dir gesitt, dass d'Zuelen – d'Élèvë pro Klass – néierens depasséiert goufen. Dat heescht, dat hält sech alles am normale Beräich. Soudass fir mech elo eigentlech kee Problem besteet, fir dës Schoulorganisatioun an de Gemengerot ze bréngen an driwwer ofzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier les modifications apportées à l'organisation scolaire 2018-2019.*

Merci. Deen nächste Punkt géif eigentlech vum Här Ulveling virgedroe ginn. Dee ka leider och net hei sinn. Do hu mer awer e ganz gudden Ersatz fonnt.

Här Mangen et ass un Iech.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech weess net, ob ech en esou definitiv ganz ersetze kann. Mä ech versichen emol.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass jo bal onméiglech.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, wéi der an ären Ënnerlage kënnt gesinn, geet et onser Museksschoul ënnert der Féierung vum Här Rudi De Bouw ganz gutt mat engem Zouwuess vu 34% u Schüler am Verglach zum leschte Joer. Vun deene 752 ageschriwwene Schüler sinn zirka 3/4 ënner 25 Joer. Ongeféier 16% kommen net aus onser Gemeng.

Ech wëll kuerz de verschiddenen Enseignanten, déi d'nächst Joer net méi derbäi sinn oder dëst Joer fortgaange sinn, Merci soe fir hiren Asaz. Dat sinn: Salima Ben Guigui, Tammy Reichling an den Här Alain Graf. Et sinn och nei Enseignanten derbäi komm. Dat sinn d'Chrystel Wautier am Chant, Pop an Jazz, d'Sarah Kertz am Éveil musical, de Leroy Vandivinit am Éveil musical, den Nils Engel am Drumset, de Bastien Lorgé och am Drumset, den Antoine Leclercq am Theater fir Kanner an am Art de la scène an zulescht de Ben Konen am Éveil musical an am Atelier an der Primärschoul.

Déi ganz Organisatioun gëtt vu 35 Enseignante gedroen ënnert der Féierung vun engem Direkter an enger administrativer Sekretärin. Hinnen all vun onser Säit aus e grousse Merci fir hiren Asaz an der musikalescher Ausbildung vun onser Gemeng.

Onsen dynameschen Direkter huet niewent deenen üblech Coursen nach aner Aktivitéiten developpéiert, wéi Atélier-musicauxen an onse Structures d'accueil, d'Zesummenaarbecht mat der internationaler Schoul, Museksprojeten an de Crèchen an och nei Klassen, d'Bléiserklass an d'Percussioun.

Als kommend Aktivitéiten zielen ech just déi markantst op fir déi nächst zwee Joer: am Dezember d'„Jazz Days". Dat ass e Workshop a Concert an Zesummenaarbecht mat der Musekschoul Péiteng a mat der École de musique d'Evere zu Bréissel.

De Bësch-Concert den 13. Dezember. Den 3. Februar, d'Zesummenaarbecht mat der Chorale municipale vun Déifferdeng. Ufanks Mäerz ass e Projet pédagogique a Concerte mam Leopoldinum Chamber Orchestra vu Polen an der Musekschoul Diddeleng. Souwéi verschidde Concerte vun Enseignanten iwwert d'Joer verdeelt. An de Museksconcourse sinn dëst Joer 60 Schüler ageschriwwen.

Fir dat kommend Schouljoer sinn e puer Investitioune virgesinn: d'Kreatioun vun enger Museksbibliothéik, wou déi verschidde Partitiounen archivéiert ginn, de Kaf vun engem neie Pia-

no, d'Anstandsetze vun den Instrumenter, déi a Locatioun ginn. Dat sinn zirka 65 Instrumenter. An déi Instrumenter ginn och an engem Fichier festgehalen, datt ee weess, wou se higinn a wien déi Instrumenter huet.

Dee ganzen Detail vun deene verschiddene Klassen, samt den Enseignanten an de Schüler läit am Dossier. Ech géif iech bieden, déi Date fir iech ze behalen an net erauszeginn aus Dateschutzgrënn. Mir missten ons och vläicht iwwerleeën, datt mer an Zukunft déi Detailer an den Dossieren aginn. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Mangen. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt mech am Numm vun deene Gréngen de Wierder vum Här Mangen uschléissen. Mir begréisse mat vollem Häerzen de Succès vun där Musekschoul, vun hirer Dynamik an hirer Initiativ. A mir wënschen dem Direkter a senger ganzer Equipe Succès op der ganzer Linn fir dës Saison.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

D'LSAP felicitéiert dem Direkter an der ganzer Equipe fir déi Aarbecht, déi si maachen.

Mir hunn zwou Saachen. Ee vun de Projete war d'Zesummenaarbecht mat eise lokale Gesellschaften, de Museksgesellschaften oder de Gesangsveräiner, fir do méi en intensive Kontakt ze hunn an och Projeten ze maachen, d'Musekschoul mat hinnen zesummen. D'Fro ass: Wat ass do scho gelaf? Oder: Wat leeft nach? Dat geet net direkt aus dem Dossier ervir. Dat ass déi eng Saach.

Déi zweet Saach ass – an dat hunn ech nach selwer materlieft –, wéi ech gesinn hunn, wéi den Här Ulveling an ech selwer dem Direkter a senge Leit virgestallt hunn, dass mer wéilten d'Musekschoul erweideren. Si waren hell begeeschtert. Well mer wëssen, hie weist ëmmer drop hin, dass hien net Espace genuch huet.

Eis Ureegung un de Schäfferot ass, fir emol ze kucken, ob mer net awer kéinten eppes fannen. Well et schéngt jo, wéi wann dee Projet op der Place Mandela net esou séier virukënnt. Dat ass nun ebe wéi mat alle Projeten. Heiansdo geet et ze séier, heiansdo geet et guer net séier. Dass trotzdeem gekuckt gëtt, dass mer eppes kéinte maachen, fir wann de Besoin méi grouss ass. Dass d'Musekschoul nach méi Leit kéint ophuelen oder méi Aktivitéiten entwéckelen. Dass mer awer géife versichen, Raimlechkeeten op enger anerer Plaz zur Verfügung ze stellen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech soen och der Direktioun ënnert der Leedung vum Rudi De Bouw Merci fir d'Engagement. Un de Schülerzuelen, déi säit 2014 konstant staark an d'Luucht ginn, gesäit ee gutt, wat de Bau vum Kulturzentrum der Musekschoul bruecht huet. Endlech adequat Raimlechkeeten, wouduerch de staarken Zouwuess awer och schonn erëm un d'Grenze stéisst. Mir hunn et elo just héieren.

Den Niveau vun de Klassen an den eenzelne Schüler ass ganz positiv ze gesinn. Mer musse just nach kucken – den Här Muller huet et schonn ugedeit –, dass déi ausgebilte Museker méi staark de Wee an eis lokal Veräiner fannen.

Zum Schluss wëll ech nach allen Enseignante Merci soen an eng glécklech Hand wënsche fir dat neit Schouljoer. D'DP stëmmt déi definitiv Schoulorga-

*l'école de musique de Dudelange en mars, etc.*
*Parmi les investissements prévus figurent une bibliothèque musicale, l'acquisition d'un piano, la réparation d'instruments…*
*Robert Mangen constate que tous les détails figurent dans le dossier des conseillers communaux. Il demande à ceux-ci de ne pas divulguer les données personnelles.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'associe aux paroles de M. Mangen. Elle salue le succès de l'école de musique et félicite le directeur et son équipe.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *félicite à son tour le directeur et son équipe.*
*Un des projets était de renforcer la collaboration avec les associations locales, les sociétés musicales, les chorales, etc. Où en est ce projet? Y a-t-il des projets en cours? Le dossier n'est pas explicite.*
*Erny Muller se souvient de l'enthousiasme du directeur à l'idée d'agrandir l'école de musique. Il signale souvent qu'il n'y a pas assez de place. Les socialistes se demandent s'il ne faudrait pas trouver une solution. En effet, le projet de la place Nelson-Mandela semble prendre du retard. Ce sont des choses qui arrivent, mais compte tenu des besoins de l'école de musique et de ses nombreux projets, il faudrait lui mettre des locaux à disposition.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *remercie la di+rection de l'école de musique pour son engagement.*
*L'augmentation constante du nombre d'élèves depuis 2014 souligne l'importance de la construction du centre culturel pour l'école de musique. Les nouveaux locaux ont permis cette forte croissance. Mais aujourd'hui, les capacités atteignent leurs limites.*
*Le niveau des classes et des élèves est excellent. Il faut juste veiller à ce que ces nouveaux musiciens intègrent les associations locales.*
*François Meisch remercie les enseignants et leur souhaite bonne chance pour la nouvelle année scolaire.*

*Les démocrates approuveront l'organisation définitive de l'école de musique.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie à son tour le directeur et les enseignants.*
*Il tient à souligner l'offre vaste de l'école de musique ainsi que sa collaboration avec les structures d'accueil.*
*L'école a besoin de plus de place.*
*Le CSV approuvera l'organisation.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue lui aussi l'organisation de l'école de musique ainsi que le travail réalisé par toute l'équipe.*
*Malheureusement, l'organisation ne rend pas forcément justice à tous les projets réalisés parallèlement.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *donne raison à M. Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *mentionne les concerts et la collaboration avec les associations locales. Pour lui, ces éléments sont plus importants que les données personnelles figurant dans le dossier. Ces données contribuent à gaspiller du papier et en plus, leur distribution est critique.*
*Présenter les projets constitue une augmentation du travail administratif, mais il s'agirait d'une reconnaissance pour l'école de musique.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *salue les efforts accomplis pour améliorer l'école de musique tant quantitativement que qualitativement. La renommée de l'école de musique de Differdange dépasse les frontières communales et beaucoup d'élèves viennent de l'extérieur. C'est une véritable «success story». Ali Ruckert approuvera l'organisation.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *souhaite revenir sur deux ou trois points.*
*La collaboration avec les associations locales a déjà lieu. M. Mangen a parlé de la chorale. Par ailleurs, M. De Bouw est en contact permanent avec les autres sociétés de musique.*
*Il est vrai que l'école de musique a besoin de plus de place. Mais il ne faut pas oublier que le nombre*

nisatioun vun der Musekschoul natierlech mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Meisch.

Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, och am Numm vun der CSV soe mer e grousse Merci un den Direkter an d'Enseignanten. Souwéi all deenen, déi elo ophalen.

Wann ee vun eiser Musekschoul schwätzt, muss een déi ganz grouss Offer ervirsträichen, wéi mer an eisem Dokument hei gesinn, an déi gutt Zesummenaarbecht mat eise Betreiungsstrukturen, wat ville Kanner zegutt kënnt.

Dat mat der Plaz ass schonn ugeschwat ginn. D'CSV stëmmt dat heite mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Och vun déi Lénk aus begréisse mir d'Organisatioun vun der Musekschoul. Déi ganz Aarbecht, déi do geleescht gëtt vun der ganzer Equipe.

Wat een an der Organisatioun manner gesäit, sinn all déi extra Projeten, déi gemaach ginn. D'Concerten, déi organiséiert ginn, déi lokal Zesummenaarbechten, déi stattfannen. Dat ass am Fong méi wichteg ze ernimme wéi all déi privat Donnéeën, déi hei dra stinn. Wat mer onbedéngt missten evitéieren, well déi zousätzlech Pabeier verbrauchen, well se einfach u jidderee ginn. Dat ass, mengen ech, ganz kriddeleg.

Dat bedeit fir eis natierlech zousätzlech administrativ Aarbecht, fir dat iergendwéi erëm opzeschaffen. Mä et géif der Aarbecht vun der Musekschoul awer eng wichteg Reconnaissance ginn, wann een dat eng Kéier géif zesummestellen an no baussen droen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Ruckert, wegl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Kommunistescher Partei en häerzleche Merci un all déi Beméiungen, déi gemaach ginn, fir eis Musekschoul, net nëmme quantitativ, mä qualitativ ze verbesseren. Mer wëssen, dass se an der Tëschenzäit e ganz gudden Numm am Land huet an dass ëmmer méi Leit hihinner kommen. Dat ass wierklech eng Erfolleggeschicht.

Ech wäert als Vertrieder vun der KPL fir déi Organisatioun stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Ruckert.

Et waren zwou oder dräi Froen opkomm, wou ech wéilt drop äntweren. D'Zesummenaarbecht mat de Veräiner, wann der gelies an héieren hutt, wat den Här Mangen gesot huet, geschitt dat och scho mat der Chorale. Ech weess och, datt den Här Rudi De Bouw intensive Kontakt mat de Museksveräiner huet. En ass vill amgaangen, drun ze schaffen.

Wat d'Espacen ubelaangt, hutt Der vollkomme Recht. Et muss een awer bedenken, datt d'Musekschoul sech bannent zwee Joer méi wéi verduebelt huet. Dat konnt ee viru sechs, siwen oder aacht Joer, wou déi Musekschoul zesummegesat ginn ass, net virausgesinn. Mir sinn amgaangen, ze kucken, fir déi eventuell mam Sonotron, well do Raim zur Verfügung stinn, opzefänken, bis eben op der Plaz Mandela eng Erweiderung ka kommen.

Et ass richteg, datt den Zouwuess mam Ale Stadhaus ze dinn huet. En huet

awer, mengen ech, méi domat ze dinn, datt mer en onheemlech dynameschen a gudden neien Direkter kritt hunn. Eng Decisioun, déi mer zesummen heibanne geholl hunn, vun enger hallwer Tâche op eng ganz Tâche erop ze goen an e Fulltime-Direkter fir eis Musekschoul ze kréien. Wat och eng richteg Decisioun war, déi mer all zesumme geholl hunn. An dat mierkt ee jo elo um Resultat. Vun 300 Schüler ass se mëttlerweil op iwwer 800. Esou eng grouss Musekschoul muss en haaptamtlechen Direkter hunn.

Här Ruckert, et ass ganz richteg, wat Der gesot hutt. Mir si wäit iwwert d'Grenzen ewech bekannt. Dat ass wierklech duerch déi Aktivitéiten, déi den Här Diderich opgezielt huet. Hien huet ganz Recht huet, datt mer dat och sollen erfaassen. Datt mer dat sollen opstellen. An den Direkter mat senge gudde Professere ronderëm droen op alle Fall ganz vill zum Succès bäi. Well et ass net nëmmen de Steen.

Da géife mer elo zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive 2018-2019 de l'école de musique.*

---

Da komme mer zu enger klenger Modification budgétaire. Dat war d'lescht Joer vergiess ginn. Dann huele mer dat elo no. An deem engem oder deem anere Service hate mer e puer Responsabeler mat Gesondheetsproblemer. Déi si bal erëm all fit. Dat si kleng Zommen. Mä déi brauche mer haaptsächlech fir Saachen a Stand ze setzen. Wann der dëser Modifikatioun kéint är Zoustëmmung ginn – dir gesitt, op där enger Säit spuere mer 70.000 Euro an op där anerer Säit gi mer der aus –, wier ech frou.

Ech soen iech villmools Merci. Da géife mer zum Vott kommen

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la deuxième modification ordinaire de l'exercice 2018.*

---

Villmools Merci. De Punkt b) an c) hate mer schonn an de leschte Joren. Dat sinn den Impôt foncier an den Impôt commercial. Mir géife virschloen, déi dëst Joer esou sinn ze loossen. Virun e puer Joer, Här Muller – dat misst virun zwee oder dräi Joer gewiescht sinn –, hate mer d'Terrains à bâtir schrecklech an d'Luucht gesat. Déi aner géife mer esou loossen. An natierlech den Impôt commercial op 350%.

Dat ass am Fong geholl dat, wat de Schäfferot iech wéilt zum Vott proposéieren. Dozou gëtt et bestëmmt Froen? Nee.

Här Diderich.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Wéi all Joers, wäert ech mech beim éischte Vott enthalen, well ech denken, dass do Saachen nach musse gemaach ginn, wat d'Grondsteier, wat eidelstoend Haiser an eidelstoend Terrainen ugeet. Ech denken, dass mer eng Tax missten aféieren op deene Saachen, déi wierklech laang eidel stoe gelooss ginn. Mir hu jo e Beispill hei zu Déifferdeng, wat matzen am Zentrum ass, wat scho selwer ugefaangen huet mat schwätzen. Dofir enthalen ech mech am Respekt virun deem.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent. Merci.

Här Ruckert.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Buergermeeschter huet eis elo grad gesot: „Mir loossen dat nach eng Kéier esou, wéi et ass". Mä hutt Der Iech Gedanken driwwer gemaach, wéi dat an Zukunft kéint weidergoen?

Dir wësst, dass ech  als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei eng Motioun eraginn hat, fir eng Tax anzeféieren op Bauterrain, dee laang Zäit net genotzt gëtt. All déi Membere vum deemolege Gemengerot, déi deemools präsent waren, haten dergéint gestëmmt.

*d'élèves a doublé en deux ans. Personne n'aurait pu le prévoir il y a sept ou huit ans. Le collège échevinal évalue la possibilité de recourir au Sonotron en attendant les locaux de la place Mandela.*
*L'augmentation de la fréquentation est liée à l'Aalt Stadhaus, mais aussi au nouveau directeur, qui est très dynamique. Roberto Traversini rappelle que le conseil communal a approuvé à l'unanimité une tâche à temps complet pour le directeur de l'école. Entretemps, le nombre d'élèves est passé de 300 à plus de 800.*
*Comme l'a dit M. Ruckert, la renommée de l'école dépasse les frontières. M. Diderich a raison de dire qu'il faut retenir par écrit les projets réalisés.*
*Roberto Traversini souligne à nouveau le fait que le directeur et les enseignants contribuent au succès de l'école.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à une modification budgétaire due à un oubli. Il s'agit de petites sommes pour des réparations.*
*Parallèlement, la commune économise 70 000 € ailleurs. Le budget reste donc équilibré.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à l'impôt foncier et à l'impôt commercial. Il propose de ne pas les modifier. Il rappelle qu'il y a deux ou trois ans, l'impôt sur les terrains à bâtir avait été augmenté fortement.*
*L'impôt commercial est fixé à 350 %.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'abstiendra pour l'impôt foncier, parce qu'il pense qu'il faut taxer davantage les immeubles vides et les terrains à bâtir.*
*En outre, une nouvelle taxe est nécessaire pour les objets restant vides pendant longtemps. Il signale qu'un tel immeuble se trouve en plein centre et qu'il a commencé à parler pour lui-même. Gary Diderich s'abstiendra en guise de respect.*

---

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que le bourgmestre ne veut pas faire évoluer les taxes en question pour le moment. Mais a-t-il réfléchi à ce qu'il compte faire à l'avenir?*

*Ali Ruckert rappelle qu'il a introduit une motion pour l'introduction d'une taxe sur les terrains à construire inutilisés. Tous les conseillers communaux ont voté contre à l'exception de M. Diderich, qui n'était pas là.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *est convaincu que M. Diderich aurait soutenu la motion.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *n'en sait rien.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *en est certain.*
*(Rires)*

**ALI RUCKERT (KPL)** *voudrait savoir ce que M. Traversini prévoit à l'avenir. Après tout, le programme de coalition mentionne une telle taxe même si M. Traversini a voté contre.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le collège échevinal ne voulait pas punir immédiatement les propriétaires, mais leur donner une chance grâce à l'AISK. Si l'agence immobilière sociale s'avère inefficace, il faudra étudier d'autres pistes.*
*La commission du logement recherche des alternatives. Les programmes électoraux pour les élections législatives contiennent aussi des mesures pour limiter la spéculation immobilière.*
*Pour le collège échevinal, rien n'a changé. Roberto Traversini demande un peu de temps pour voir ce que décidera le nouveau gouvernement. Autrement, la commune devra agir en ce qui concerne les bâtiments vides et qui ne sont pas destinés à la famille et aux enfants. Roberto Traversini connait tous ces arguments et sait qu'il s'agit de bêtises. Mais les mesures devront être cohérentes pour éviter des procès.*
*Roberto Traversini rappelle qu'au cours des trois dernières années, l'AISK a reçu cent objets. Mais il reste des immeubles pour lesquels les propriétaires demandent des prix impossibles. La commune devra intervenir.*
*(Votes)*

Den Här Diderich war net hei, wann ech mech richteg erënneren, wéi driwwer ofgestëmmt ginn ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Hien hätt awer bestëmmt mat Iech gestëmmt.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat weess ech nach net.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Oh dach.

(Gelaachs)

**ALI RUCKERT (KPL):**

Kéint Dir eis vläicht soen, wéi Der dat an Zukunft gesitt? Vu dass Der am Schäfferotsprogramm awer d'Méiglechkeet vun enger Tax an d'A faasst. Och wann Der dergéint gestëmmt hat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dir kënnt Iech bestëmmt drun erënneren, datt mer gesot haten, mir géifen am Moment dergéint stëmmen, well mer am Fong geholl d'Leit net direkt wollte bestrofen, well mer hinne wollten d'Chance ginn, se der AISK zur Verfügung ze stellen. Der Agence Immobilière Sociale Kordall. An Dir kënnt Iech bestëmmt och drun erënneren, datt mer gesot haten, wann dat an e puer Joer net gräift, datt mer eis selbstverständlech misste Pisten iwwerleeën.

Ech weess, datt eis Logementskommissioun ganz intensiv un Alternative schafft. Wann Dir d'Wahlprogrammer vun de jeeweilege Parteien, déi elo an d'Chamber kommen, kennt, wësst Der jo och ganz gutt, datt dat och drasteet. Et muss wierklech eppes geschéien op Spekulatiounsobjete respektiv Haiser an Appartementer, déi eidel stinn, fir Spekulatioun.

Mir sinn nach ëmmer därselwechter Meenung, datt een dat muss maachen. An dofir soen ech, gitt eis e bëssen Zäit. Datt mer vläicht zesumme mat der neier Regierung kucken. A wann net, datt mer hei an der Gemeng zesummen eppes kënne maachen, wou mer kënnen dorobber zréckgräifen, datt alles, wat wierklech eidel steet an net fir d'Kanner oder fir d'Famill ass… Mir kenne jo déi Argumenter, déi ëmmer erëmkommen, wat totale Quatsch ass. Dat wësse mer jo och. Mä datt mer do eppes zesumme maachen.

Mä et ass awer och esou, wann een eppes mécht, muss dat suedelfest sinn, fir wann een eis géif op d'Geriicht huelen. Mä et muss eppes gemaach ginn. Et muss een awer och niewendru soen, datt mer an de leschten dräi Joer bal Honnert Objeten erakritt hu fir an d'AISK.

Mä et sinn och nach Saachen do, wou d'Leit wierklech drop spekuléieren an en onméiglechе Präis froe fir am Fong geholl Ruinen. Do muss ee kënnen agräifen op alle Fall als Gemeng. Mir schaffen drun.

Da géife mer zum Vott kommen. Mir stëmme fir d'Éischt iwwert den Impôt foncier of.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 1 abstention de fixer le taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2019.*

Den Impôt commercial.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer le taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2019.*

Merci.

Actes et conventions. Mir haten d'leschte Kéier e Compromis, fir d'BIL-Gebai ze kafen. Haut läit eis den definitiven Akt vir – natierlech muss et nach vum Minister approuvéiert ginn –, fir den Immeuble ze kafen.

Et leeft drop eraus, datt mer dat Gebai emol gebrauche fir d'Büroe vum Centre médico. Da muss een an zwee oder dräi Joer kucken, wat een domadder mécht.

Wat ech vergiess hat, de Bankomat bleift bestoen. De Kontrakt mat der BIL leeft nach zwee Joer. Si lounen eis deen of. Soudass e Bankomat matzen am Zentrum ass. Dat nach dobäi gesot. Den Akt ass nach net a Locatioun. Dee misste mer dann d'nächste Kéier an de Gemengerot bréngen.

Madamm Saeul.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre Schäfferot, d'Madamm ass net do. Si huet sech excuséiert.
Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, nom Compromis elo de Kafakt, wou d'Gemeng Déifferdeng d'Raimlechkeete vun der Interbank Lëtzebuerg S.A – dat heescht de Rez-de-Chaussée, den éischte Stack mat Kelleren an d'Archiven – op 16-18 an der Rue de Liberté keeft zu engem Präis, deen okay ass.

Um éischte Stack kéint een déi néideg Vergréisserunge vun eisem Office social virhuelen. Dëst fir de Service régional d'actions sociales, de SRAS. Bedéngt duerch deen neie Revis, gëtt de Staff vum SRAS 2018 ëm 2,5 Unitéiten, 2019 nach eng Kéier ëm 2,5 Unitéiten an 2020 ëm 1 Unitéit vergréissert. D'Demokratesch Partei ass awer net dofir, dass de SRAS fir ëmmer do bleift. Et soll transitoire sinn.

Mir sinn dofir, fir de Centre médico ze renovéieren. Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, ass dat schonn an der Maach oder virgesinn, no hannen auszebauen. Dës Méiglechkeet besteet, fir esou all Servicer relativ zum Office social an engem Gebai ze regruppéieren. Dëst wär méi homogen, wéi auswäerts ze goen.

Wat de Rez-de-Chaussée ugeet, hate mer schonn zur Diskussioun bruecht a proposéieren, d'Kreativindustrie an de Stadkär ze bréngen. Dat hei wär elo de Moment anzesprangen a sech als Stad den Extra un Attraktivitéit ze ginn a sech dem Succès vum 1535° unzebannen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'DP stëmmt dëse Kafakt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Madamm Saeul. Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Mir begréissen déi Acquisitioun. En plein Centre ass dat fir dee Präis eng flott Affär.

Ech wëll betounen – et war elo vläicht vergiess ginn ze soen – et ass jo just de Rez-de-Chaussée an den éischte Stack, wéi ech dat verstanen hunn?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Esou ass et.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Soudass et net dee ganzen Immeuble ass.

Mir betounen awer och, dass déi Bürosraim provisoresch zur Verfügung gestallt ginn op eng gewëssen Dauer. Duerno musse mer kucken, dermat eens ze ginn. Well mer sinn nach ëmmer der Meenung, dass och Geschäftsraim an den Zentrum gehéieren. A wéi ech vum Schäfferot gesot kritt hunn, wiere Kandidaten do, mä mer hunn eben elo déi Noutléisung mam Centre médical. An deem Sënn si mer ganz positiv, fir déi Affär elo emol esou lafen ze loossen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Jo, Här Muller, w.e.gl.

*Roberto Traversini rappelle que la dernière fois, le conseil communal a approuvé un compromis pour le bâtiment de la BIL. Aujourd'hui, il est question de l'acte définitif, qui devra ensuite être approuvé par le ministre.*
*Dans un premier temps, le collège échevinal veut utiliser les locaux pour le centre médicosocial.*
*La BIL louera le distributeur automatique de billets à la commune.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle que la Ville de Differdange acquiert les locaux d'Interbank Luxembourg SA dans l'avenue de la Liberté — le rez-de-chaussée, le premier étage, les caves et les archives — à un prix raisonnable. Le premier étage pourrait servir à agrandir l'office social. Dans le cadre du REVIS, le personnel du SRAS augmentera, en effet, de 2,5 unités en 2018 et 2019, et d'une unité en 2020.*
*Les démocrates ne souhaitent pas que le SRAS reste dans ce bâtiment pour toujours. Le centre médicosocial doit être rénové et agrandi. Ensuite, tous les services de l'office social pourront y être regroupés.*
*Pour ce qui est du rez-de-chaussée, les démocrates proposent de profiter du succès du 1535° et d'y implanter des acteurs de l'industrie créative. Cela permettrait d'augmenter l'attractivité de Differdange.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *salue cette acquisition en plein centre.*
*Il demande si seuls le premier étage et le rez-de-chaussée sont concernés.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il ne s'agit donc pas de tout l'immeuble.*
*Il souligne à son tour que les bureaux seront mis à disposition temporairement. En effet, le centre-ville a besoin de commerces. D'après le collège échevinal, il y a des candidats, mais le centre médicosocial représente une situation d'urgence.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répond que le compromis a déjà été approuvé. Il ne reviendra donc pas sur les détails.*
*Il soutient l'acquisition de bâtiments intéressants. Mais il faut un concept et c'est pourquoi il mentionne à nouveau la commission économique qui doit être créée. D'un côté, des locaux sont nécessaires pour les services communaux. Mais d'un autre, il vaudrait mieux attirer des commerces. Il faut donc un concept pour le centre-ville.*
*Erny Muller signale par ailleurs qu'il sera question tout à l'heure d'un contrat portant sur une nouvelle résidence en face du centre médicosocial. Cette résidence pourrait aussi accueillir des services et des magasins. Les négociations devraient commencer avant le début de la construction. Erny Muller rappelle qu'un accord avec le promoteur a été trouvé pour le service scolaire sur la place Nelson-Mandela.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à la vente de 150 a à la Société nationale d'habitation à bon marché au prix de 10 000 € l'are.*
*La commune ne va donc pas s'enrichir, mais cette vente permettra de construire 36 maisons unifamiliales et 24 appartements — en partie à louer — à un prix raisonnable.*
*Le PAP a été approuvé. Ensuite, la commune et la SNHBM se sont rendues chez le notaire. Il ne reste donc plus qu'à mettre le terrain à disposition.*
*Roberto Traversini rappelle que le projet remonte à quelques années.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souhaite prendre la parole, mais a appuyé sur le mauvais bouton.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *plaisante sur le fait qu'Erny Muller devrait pouvoir trouver le bouton rouge.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue l'entrée de ce projet dans sa phase finale. Il rappelle qu'au moins 60 % des logements seront subventionnables. Les habitants de Differdange se-*

**ERNY MULLER (LSAP):**

De Compromis hate mer jo scho gestëmmt. Deemools ware schonn Diskussioune gefouert ginn. Duerfir wëll ech elo net ze vill drop agoen.

Mir stinn nach ëmmer hannert där Iddi, wéi mer nach am Schäfferot waren, dass mer sollte Gebaier lounen oder kafen, déi interessant si fir d'Stad Déifferdeng.

Op där anerer Säit kënne mer eis awer och solidaresch erkläre mat deenen Aussoen, déi elo hei gemaach gi sinn. Ech héieren eraus an ech spieren dat ëmmer nach, dass dat Konzept – an duerfir wëll ech un d'Commission économique erënneren, dovun hu mer elo näischt héieren – elo eng wichteg an eng wierklech Prioritéit sollt ginn. Dass mer e Konzept kréien.

Et ass engersäits gutt, wéi hei gesot gëtt, dass Servicer do sinn. Da gëtt erëm gesot, et wär awer besser, et wäre Geschäfter do. Do muss e Gesamtkonzept fir eise Stadkär kommen. An ech wëll drun erënneren, datt mir herno nach e Kontrakt hunn, dee mer stëmmen, am Zesummenhang mat enger neier Residence, déi vis-à-vis vum Centre médicosocial kënnt.

An esou Iwwerleeunge kéint dat souguer mat afléissen. Do kéinten och vläicht Servicer kommen oder Geschäfter. An et wär elo de Moment, ier esou eppes gebaut gëtt, wou ee mat de Leit kéint negociéieren.

Ech wëll just drun erënneren, dass mer hei op der Plaz e flotten Arrangement fonnt hu fir eise Service scolaire mat deem Promoteur. Et besteet ëmmer erëm d'Méiglechkeet, wann een an Diskussiounen ageet, dass een herno zefridden draus eraus kënnt. Dat wollt ech just nach zousätzlech soen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz richteg. Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la vente du 21 septembre 2018 d'un immeuble en copropriété situé au lieudit «Avenue de la Liberté» à Differdange.*

Merci.

Deen nächste Punkt ass e Verkaf vun 150 Ar un d'Habitations à bon marché. Zu engem Präis vun 10.000 den Ar.

Dir gesitt, datt mer eis do net wäerte beräicheren als Gemeng, wat d'Suen ugeet. Mir wäerten eis awer beräicheren u bezuelbarer Wunnqualitéit. Well do si 36 Eefamilljenhaiser virgesinn a 24 Appartementer. An d'Appartementer sollen zum groussen Deel och als Mietvertrag erausgoen.

D'Habitations à bon marché waart ëmmer bis de PAP duerch ass. Dat hate mer jo duerchgeholl. Dat hate mer jo diskutéiert. Doropshi si mer zesumme bei den Notaire gaangen. An da wäerte mer hinnen den Terrain zur Verfügung stellen, wann der dat wëllt. Mir si frou, datt et endlech lass geet. Well dee Projet ass schonn e puer Joer al.

Da géif ech Iech d'Wuert ginn, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech drécken ëmmer dee falsche Knäppchen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dee Roude misst Der jo awer fannen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dee Roude misst ech normalerweis fannen, jo.
Mir si frou als LSAP, dass mer gesinn, dass dee Projet elo wierklech an déi lescht Phas geet. Wat eis besonnesch gutt gefält, wéi Der och scho gesot hutt, sinn d'Kritären. 60% musse subventionabel sinn. Mir hoffen, dass et der méi

ginn. Mä dat hänkt och vun de Clienten of.

A wat eis och besonnesch gefält, ass, dass d'Stad Déifferdeng e Wuert ka matschwätzen oder op d'mannst dass d'Bierger vun der Stad Déifferdeng consideréiert ginn an der Haaptsaach no engem gewëssene Schema, fir, wa se wëllen, do kënnen eng Wunneng ze kréien. Et ass schonn emol immens wichteg, dass esou Kritären direkt am Kontrakt stinn.

Wat allerdéngs net am Kontrakt steet, dass Mietwunnengen do entstinn. Dat ass elo eng Zouso. Mä et wär awer net schlecht gewiescht, wann dat och dra gestanen hätt.

Dann eng aner Saach. Wa mer gär hätten, dass et virugeet – elo kommen ech praktesch zur Exekutioun ganz kuerz – musse mer selbstverständlech nach weider Kritären entwéckelen. Dat ass engersäits d'Héichspannungsleitung an op där anerer Säit d'Ofwaassersystem, d'Kanalisatioun. An da kommen ech op den Terrain Lauterbännen ze schwätzen, deen niewendru läit, op der Käerjenger Strooss laanscht de Collé. An do ass meng Fro: Wéi ass et domadder?

Well do musse mer jo e PAP oder op d'mannst e Plan directeur hunn, dass mer gesinn, wou déi Systemer hikommen. Well wa mer dat alles net hunn, brauche mer net unzefänke mat bauen, well da gi mer eist Ofwaasser an eise Kanäl net lass. D'Héichspannungsleitung ass nach net esou prioritär. Mä ech huelen un, dass dat wahrscheinlech an engem Worf gemaach gëtt. Soudass dat awer zesummenhänkend Froe sinn.

Merci fir d'Äntwerten.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, als CSV begréisse mer, datt dëse Projet, dee schonn zimlech laang schleeft, lues a lues virukënnt an elo e grousse Schrëtt gemaach gëtt. Et gëtt vill an de soziale Wunnengsbau investéiert, wou déi Déifferdenger Bierger duerno zu abordabele Präisser hei zu Déifferdeng wunne bleiwen.

Et war eng Kéier eng Quartiersversammlung zu Nidderkuer. Do war d'Fro opgeworf ginn haaptsächlech aus der Noperschaft vu Leit déi aus der Cité de la Chiers fir en Accès. Sinn déi Pläng definitiv? Well do war jo ee Moment virgesinn, datt en Accès duerch d'Cité de la Chiers sollt kommen. Dat wollt ech just eng Kéier nofroen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Här Ruckert, wegl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei begréissen ech, dass déi Terraine vun der Gemeng un d'Société d'habitations à bon marché verkaaft ginn.

Et ass virdru gesot ginn, dat dauert scho laang. Et riskéiert och nach an Zukunft laang ze daueren. Et soll een de Leit elo net virmaachen, an zwee oder Joer hätte mer dat hannert eis. Dat kéint nach laang daueren. Mä am Prinzip ass et eng gutt Saach.

En Deel vun deene Wunnengen ass subventionéierte Wunnengsbau. Dat fanne mer ganz positiv. Et ass just schued, dass dat nëmmen drëpseweis ka geschéien an net an engem méi groussen Ëmfang.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert.
Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Och als Vertrieder vun déi Lénk begréissen ech, dass mer do elo weider-

*ront pris en considération pour obtenir un appartement.*
*Le contrat ne précise pas qu'il y aura aussi des appartements à louer.*
*Si la commune souhaite que ce projet avance vite, elle doit fixer d'autres critères, notamment en ce qui concerne la ligne à haute tension et le système des canalisations. Qu'en est-il du terrain Lauterbännen, qui se trouve à côté, sur la route de Käerjeng le long de Collé? Un plan directeur est nécessaire pour savoir quand y seront aménagés les deux systèmes. Sans eux, il est inutile de commencer à construire. Il est vrai que la ligne à haute tension est moins importante, mais Erny Muller suppose que les travaux seront réalisés en même temps.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue la réalisation de ce projet qui traine en longueur. Il s'agit d'un investissement de plus dans le logement social permettant aux Differdangeois de rester dans leur ville à un prix abordable.*
*Lors de la réunion d'information, la question de l'accès a été posée — notamment en passant par la Cité de la Chiers. Les plans sont-ils définitifs?*

**ALI RUCKERT (KPL)** *salue la vente de ces terrains communaux à la Société nationale d'habitations à bon marché.*
*Un conseiller a dit que le projet trainait en longueur. Inutile de mentir aux gens: il faudra encore patienter. Le projet ne sera pas prêt dans deux ans.*
*En tout cas, il s'agit d'un bon projet, où une partie des logements sont subventionnés. Il est juste dommage que ces projets soient ponctuels.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue à son tour ce projet. Il se demande pourquoi cela prend autant de temps. Quels sont les délais?*

*La deuxième question de Gary Diderich a été répondue en partie. Combien d'appartements à louer sont-ils prévus? Combien vont-ils être vendus? Gary Diderich se souvient qu'une proportion avait été fixée. En tout cas, il salue la construction d'appartements à louer.*
*M. Hartung a dit que ces logements seraient destinés aux Differdangeois. Gary Diderich n'y est pas contraire, mais doute que ce soit correct.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*salue le fait que la commune ait vendu ce terrain à petit prix. Cette partie du patrimoine communal va servir à construire des logements sociaux. Cela démontre l'engagement du collège échevinal et du conseil communal dans ce domaine. Une autre commune aurait peut-être préféré vendre le terrain quatre ou cinq fois plus cher et y faire construire des villas.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*confirme que le terrain aurait pu être vendu beaucoup plus cher.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*approuve la signature de l'acte de vente.*
*Il rappelle qu'il a longuement été question du PAP.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*ajoute que le PAP a été approuvé.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*concorde. Il souhaite mentionner cependant quelques aspects écologiques comme les couloirs verts du Prënzebierg au Haneboesch. Il espère qu'une solution sera trouvée pour tous les problèmes évoqués à l'époque.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*va répondre à quelques questions avant de donner la parole à M. Lesch.*
*Il constate qu'il ne faut pas être Differdangeois pour pouvoir bénéficier d'un logement. Mais des critères ont été fixés et Roberto Traversini trouve normal d'accorder la priorité aux habitants sur un terrain cédé par la commune. Differdange fait beaucoup dans le do-*

kommen. Et ass natierlech d'Fro, firwat dat esou laang dauert. Respektiv vu wéi engem Delai een elo ausgeet, dass dat weidergeet.

Eng aner Fro, déi ech nach wollt stellen, ass schonn zum Deel beäntwert ginn. Wivill Mietwunnenge wäerten dohinner kommen? Wivill vun deene wäerte verkaaft ginn? Do war emol rieds vun engem anere Ratio, wou dat ursprénglech geplangt ginn ass. Wat ech jo deemools begréisst hunn, dass mer op méi Mietwunnengen iwwerginn.

Den Här Hartung huet elo grad gesot, dat wär fir Déifferdenger. Also ech hunn näischt géint dat eent oder dat anert. Ech froe mech just, ob dat esou richteg ass, wann d'SNHBM sech just op d'Déifferdenger Bierger konzentréiert oder net, just fir déi Informatioun komplett ze hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ganz kuerz wëll ech mäi Pefferkär bäifügen. Éischtens ass et ze begréissen, dass mer hei elo en Terrain relativ bëlleg ewechginn – dat ass en Deel vum Gemengepatrimoine –, fir déi sozial Aufgab, déi mer hunn am Wunnengsbau, nozegoen. Dat ass en Engagement vun engem Gemengerot a vun engem Schäfferot, fir dass mer an déi Richtung schaffen.

Et hätt ee sech jo och kënnen een aneren Zeenario virstellen an enger anerer Gemeng, wou ee géif soen: „Ma et kommen nëmme Villaen dohinner a mer verkafen deen Terrain véier- bis fënnefmol méi deier".

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Op d'mannst.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Op d'mannst. Ech mengen, dat ass elo emol déi eng Saach vun engem Verkafsakt, wat ganz positiv ass, wat mer haut aktéieren.

Déi zweet Saach ass, ech wëll am Fong net op de PAP agoen, well mer jo ganz vill doriwwer diskutéiert hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

An ofgestëmmt.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

An ofgestëmmt hunn. Wou all déi Elementer dra waren, déi elo ernimmt si ginn. Ech wéilt nach déi Ëmweltaspekter mat derbäi fügen. D'Couloirs verts vum Prënzebierg erof an den Haneboesch, an esou virun.

Ech denken an hoffen, dass mer fir all déi Problemer, déi mer deemools evoquéiert haten, och eng Léisung fannen. Dozou kréie mer vläicht nach eng Äntwert herno hei um Dësch. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Ech beäntweren e puer Froen an da ginn ech dem Här Liesch d'Wuert.

Här Diderich, et mussen net Déifferdenger sinn. Dat si Kritären. Et kann een och hei schaffen. Mä ech fannen awer, datt wann d'Stad Déifferdeng een Terrain zur Verfügung stellt, et awer normal ass, datt eis Bierger a Biergerinnen, déi jonk Leit an déi, déi hei schaffen, Virrang hunn. Et kann net sinn, datt d'Stad Déifferdeng zënter Joerzéngte ganz vill am bezuelbare Wunnengsbau mécht, am soziale Wunnengsbau mécht, an eis Gemengen niewendrun net. Da muss och do d'Solidaritéit spillen. An ech fannen, datt mer eise Leit wierklech sollte Virrang loossen. A wa mer keng fannen, dann ass et esou.

Mir maachen net wéi aner Gemengen, déi Terraine just un dee verkafen, deen am meeschte bezilt. Da fannen ech déi

Kritären do nëmme richteg. Et ass net esou, datt een hei muss wunnen. Et kann een och hei schaffen. Et soll ee Liene mat Déifferdeng hunn, well d'Allgemengheet an d'Stad Déifferdeng leeën hei e risege Batz Geld op den Dësch. Dofir fannen ech déi Kritären exzellent.

Ufanks d'nächst Joer wäert de Bagger rullen. De PAP ass duerch. Mir wëssen, wat kënnt. A se si Proprietär vum Terrain. Wat de Kanal ubelaangt, erzielt Iech den Här Liesch, wéi dat wäert goen. An da kënne mer lassleeën. Da kënnen déi Wunnengen entstoen.

Virun e puer Wochen hätte mer scho kënnen eng Versammlung maachen, fir de Bierger dee ganze Projet virzestellen. Mä dat wollt ech net, well ech den Datum wollt ofwaarden. Soss wier erëm gesot ginn: „Si maachen erëm Reklamm vun eppes“.

Dat heescht, a ganz kuerzer Zäit wäert eng Biergerversammlung stattfannen, fir d'Kritären ze erklären, wéi een d'Demande soll maachen, fir Acquereur vun engem Haus, respektiv vun enger Mietwunneng ze ginn.

Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass, mengen ech, schonn alles gesot, ausser dem Kanal. Dir wësst, dass mer do, wou den neie CID hikënnt, am Gaang sinn, un den Aarbechten ze plangen. Do gëtt et e Plan directeur.

An der Stéchstrooss vum Rondpoint am Ausgang vun Nidderkuer – déi Stéchstrooss, déi do eropféiert –, ginn d'Aarbechten haut un. Dat heescht, mir sinn amgaangen, dat ze plangen. De Kanal gëtt eropgezu bis dohinner. Fir de Fonçage ënnert der Eisebunn erduerch hu mer den Devis schonn. Mir hunn nach keng Permission de voirie vun der CFL. Muer ass de Bagger nach net do. Mä dat leeft awer alles. Dat heescht, dat gëtt parallel gemaach. Mam Developpement vun deem Quartier vun der SNHBM gëtt och dee Fonçage gemaach an den Uschloss un de Kanal. Dat misst eigentlech parallel lafen, soudass déi Saache matenee fäerdeg ginn. Idem fir d'Héichspannungsleitung. Also déi Chantiere gi parallel zum Bau vun der SNHBM realiséiert.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch.

Här Diderich, ganz gären.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wëll just kloerstellen, dass ech guer näischt géint déi Kritären hunn. Ech hunn dat net hei gesinn. Dofir hunn ech nogefrot, opgrond vum Här Hartung senger Ausso. Ech begréissen déi Kritären, sou wéi se do stinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Okay. Merci.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver la vente du 26 septembre 2018 de 3 parcelles d’une superficie totale de 150,73 a aux lieudits «Zwischen Lanterbaennen», «Route de Pétange» et «Hinterst Lanterbann» à Niederkorn.*

Merci.

Deen nächste Punkt ass d’Constitutioun vu enger Servitude. Här Liesch, kënnt Der eis dozou Erklärunge ginn. Et ass wahrscheinlech dat, wou den Här Muller virdrun drop ugespillt huet. Dee grousse Projet an der Grousstrooss.

Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Hei an der Konventioun geet et ëm e klengt Stéck Passage, wou mer dee Quartier Terrasses de la ville verbannen uewe mat der Vëlospist. Wéi um Plang markéiert, dréit et ëm 100 Euro fir déi

*maine social depuis des décennies contrairement à ses communes voisines. Par conséquent, il faut donner la priorité aux Differdangeois. Et tant pis, si on n’en trouve pas. D’autres communes se contentent de vendre au plus offrant. En plus, il n’est pas nécessaire de vivre à Differdange, mais d’avoir un lien avec la ville. La commune y remet de sa poche. Les critères sont donc excellents.*
*Les travaux vont commencer au début de l’année prochaine.*
*M. Liesch va répondre à la question concernant le canal.*
*Roberto Traversini aurait pu organiser une réunion d’information il y a quelques semaines pour présenter le projet, mais il y a renoncé, car on l’aurait accusé de faire de la publicité avant les élections. Cette réunion aura lieu prochainement pour expliquer les critères et les modalités.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *revient sur la question du canal. Il rappelle qu’un plan directeur a été réalisé là, où sera aménagé le nouveau CID. Les travaux dans l’impasse à la sortie de Niederkorn commencent aujourd’hui.*
*Pour ce qui est du fonçage sous la voie ferrée, le collège échevinal a demandé un devis. Mais il manque encore la permission de voirie des CFL. Le fonçage, le raccordement au canal et l’aménagement de la ligne à haute tension devraient se faire simultanément.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *n’a rien contre les critères proposés. Mais il n’a pas trouvé d’informations dans le dossier. C’est pourquoi il a posé la question.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à la constitution d’une servitude.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu’il s’agit de relier les Terrasses de la Ville à la piste cyclable.*

*La remarque faite par M. Muller tout à l'heure est pertinente. Le centre médicosocial doit être rénové. Mais il est évident que les services ne peuvent pas être relocalisés n'importe où, car ils sont en contact constant avec la population. Le mieux serait de recourir aux surfaces de bureau de l'autre côté de la rue. Le collège échevinal est en attente d'une offre de prix pour une acquisition ou une location. La situation est donc semblable à celle du service scolaire. Mais Georges Liesch répète que le prix doit être correct. Il sera donc à nouveau question prochainement de ce dossier au sein du conseil communal.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de la mise en place de la servitude. Masi cela ne signifie-t-il pas que la commune sera responsable de la sécurité, de l'éclairage et du nettoyage du passage?*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen admet qu'il se trompe peut-être.*
*(Interruption)*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que l'acte stipule que les copropriétaires sont responsables du chemin en question. La commune dispose du droit de passage, mais c'est tout. Le chemin peut donc être emprunté par n'importe qui même si la commune n'en est pas propriétaire.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention pour l'installation d'une mBox. Il croit se souvenir qu'elle a déjà été inaugurée.*
*(Rires)*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *le confirme. C'était dans le cadre de la semaine de la mobilité.*

Konventioun ze maache mat Lithopark, dass mer eng Servitude op deem Wee behalen, fir déi Connectiounen ze maachen.

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, wa mer scho beim Sujet sinn, fir op dem Här Muller seng Remarque ze äntweren. Natierlech ass déi Remarque ganz pertinent. Mir sinn a Gespréicher mam Bauhär, fir déi Bürossurfacen, déi do nach solle gebaut ginn. Dat läit jo op der Hand. Wa mer op där enger Säit de Centre médico hunn, wou mer wëssen, wa mer an eng Renovéierung investéieren, dass mer déi Leit, déi do sinn, erauskréien an dass déi Leit permanent a Kontakt si mat eise Bierger. Also kënne mer se net egal wou hisetzen. Am idealste wär et, wa mer se kéinten déi aner Säit vun der Strooss an enger neier Bürossurface integréieren.

Mir waarden elo nach op eng Präisoffer, wat dat eis géif kaschten, wa mer dat géife kafen oder lounen. Déi zwou Optioune sinn op. Déi Gespréicher lafen. Déi Büroe sinn elo esou geplangt, dass se eigentlech ënnerdeelbar wäre fir all Besoin, wéi mir se kéinte gebrauchen.

Esou ähnlech, wéi mer dat mam Schoulservice gemaach hunn, wéi Der gesot hutt, kéint ee sech dat hei virstellen. Mä de Präis muss awer och stëmmen, dass mer et kënnen an de Gemengerot bréngen, ouni dass der eis de Kapp ofrappt. Dorobber waarde mer eigentlech just nach. An da bréngen mer deen Dossier zréck.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Jo, Här Schwachtgen, Dir däerft.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech begréissen déi Saach, dass mer e Passage dorobber kréien. Mä bedeit dat net, wa mer d'Servitude kréien, dass mer dann och fir d'Securitéit, fir d'Beliichtung a fir d'Botze vun där Servitude zoustänneg sinn? Ech denke schonn. An dann denken ech, da misste mer eis och dofir asetzen.

(Ënnerbriechung)

Et ka vläicht ee mech beléieren. Mä et ass einfach d'Fro…

(Ënnerbriechung)

Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Wéi am Akt steet, sinn am Fong d'Koproprietären zoustänneg, fir dee Wee an der Rei ze halen, deen een och net däerf blockéieren.

Fir eis falen do elo keng weider Chargen un. Mir hu just den Droit de passage, wann een esou wëll. Eis Leit däerfen do eriwwergoen, ouni een ze froen, obwuel mer net Proprietär sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la constitution de servitude du 21 septembre 2018 au lieudit «Grand-rue» à Differdange.*

Dat nächst ass eng Konventioun fir eng Installatioun vun enger mBox.

Här Liesch, ech mengen, mir hunn déi schonn ageweit. Ass et déi?

(Gelaachs)

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dat ass richteg. Mir hunn déi ageweit am Kader vun der Semaine de la mobilité. Ech wëll vun dëser Plaz aus als Éischt der Gemeng Schëffleng Merci soen, well do kënnt déi mBox hier. Déi mBox, déi zu Déifferdeng steet, hu mer

der Gemeng Schëffleng ofkaaft. Bei hirer Gemeng gi gréisser Aarbechte gemaach an déi mBox huet mussen ewech. Déi louch an hirem Atelier. A vu dass mer gutt Relatiounen hu mat der Gemeng Schëffleng, hu mer si gefrot, ob mer déi net kéinte kréien. Wann hire Chantier fäerdeg ass, kréie si eng nei.

Och e grousse Merci un eise Service technique, deen déi mBox an enger Rekordzäit net nëmme siche war an opgeriicht huet, mä se och erëm an d'Rei gesat huet. Well déi hat awer e bësse gelidden. Se war voller Téitschen a Schréipsen. Eis Leit hunn déi wierklech an enger Rekordzäit erëm hiergestallt. Well si steet jo quasi an der Entrée en ville. A si gesäit aus wéi nei. Dat ass eise Service technique doënnen, deen déi super Aarbecht geleescht huet.

Wat mer net fäerdeg kritt hun – dat war net méiglech an där kuerzer Zäit – ass am Fong déi ganz Elektronik bannen an der mBox. Dat heescht den Zougang ass nach net ganz fäerdeg. Do haten nach e puer Kabele gefeelt. Dat misst awer elo drop an dru sinn, dass dat och fäerdeg gëtt. Doräms dréit dës Konventioun hei.

An der Konventioun steet, wee fir wat zoustänneg ass. Mir sinn zoustänneg fir d'Alentouren an den Ënnerhalt vun der mBox. An de Verkéiersverbond iwwerhëlt all d'Chargen, wat d'Elektronik ugeet, de System vun der M-Kaart, de Lecteur dovunner, souwéi d'Geliits an d'Maintenance bannen an der mBox. Dat geet op d'Käschte vum Verkéiersverbond. Doriwwer dréit dës Konventioun.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci.

Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Eng kleng Fro. Dat huet den Här Liesch eis elo net gesot. Wat ass den ongeféiere Käschtepunkt vun deem ganze Projet fir d'Gemeng? Sécherlech ass jiddwereen dofir. Mä dat wär interessant ze wëssen.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn net alles zesummegerechent. De Kaf, mengen ech, war ëm déi 12.000 Euro, déi mer bezuelt hu fir déi Occasiouns-mBox. Wann net souguer manner. An dann e bëssen eppes dobäi…

(Ënnerbriechung)

Nee 15.000. Also 12.000 fir de Kaf. Wann een nach e bësse ronderëm rechent, wäerte mer bei 15.000 Euro iergendwou sinn. Ech hu keen Total vun allem gemaach. Mä et dréit sech ongeféier an deem Beräich.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Madamm Richartz.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Ech hat mech och e bësse preparéiert iwwert d'mBox, wou ech och op der Aweiung war. Den Här Liesch huet zwar schonn alles gesot. Mir fannen et natierlech eng gutt Saach. Firwat steet se no bei der Gare?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Gare ass zwar e grousst Wuert.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Jo, beim Schapp oder wéi? Dass d'Leit kënnen hire Vëlo do ofstellen an da gemittlech mam Zuch enzwousch fueren an erëmkommen. An de Vëlo ass geséchert.

Mir hunn déi mBox vun der Schëfflenger Gemeng. An eise Betrib huet déi an d'Rei gesat. Déi gesäit wierklech aus wéi nei. A mir wënsche vill Succès. Merci.

*Georges Liesch profite de l'occasion pour remercier la commune de Schifflange, qui a vendu cette mBox à Differdange à la suite de travaux. Dès que le chantier sera terminé, Schifflange en recevra une nouvelle. Georges Liesch remercie aussi le service technique, qui a réussi en un temps record à aller chercher la mBox, à la remettre en état et à l'installer. Elle se trouve à l'entrée en ville et semble quasiment neuve. Malheureusement, il n'a pas été possible de la mettre en marche en aussi peu de temps. Il manquait quelques câbles.*
*La convention règle les responsabilités. La commune s'occupera des alentours et de l'entretien de la mBox, et le «Verkéiersverbond» des charges, de l'électronique, du lecteur mKaart, de l'éclairage et de la maintenance.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que M. Liesch n'a pas précisé à combien se montent les frais pour la commune.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *n'a pas fait tous les calculs. L'acquisition a couté plus ou moins 12 000 €.*
*(Interruption)*
*Georges Liesch suppose que le total devrait atteindre quelque 15 000 €.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *a assisté à l'inauguration de la mBox. M. Liesch a fourni toutes les explications. La mBox se trouve près de la gare.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *trouve que parler de «gare» est exagéré.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *ajoute que les gens peuvent déposer leurs vélos dans la mBox et prendre le train.*
*La commune a acheté la mBox de Schifflange. Les services l'ont remise en état et elle est comme neuve.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *plaisante sur le fait que la mBox est plus grande que la gare de Differdange. Tout est dit.*
*(Rires)*
*Ali Ruckert demande s'il y a de nouvelles informations concernant la gare.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue l'aménagement de la mBox. Il se souvient qu'une fois, il a laissé son vélo dans l'abri. Il a ensuite été forcé de le faire réparer.*
*Le nouvel abri est plus sûr. La mBox est, quant à elle, encore mieux. Les gens se demandent comment elle fonctionne et si elle est gratuite. Gary Diderich explique qu'il faut payer une caution. Il invite les gens à en profiter.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *a oublié de préciser que la mBox dispose d'une surveillance vidéo.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *constate que la surveillance vidéo n'est pas encore une normalité à Differdange.*
*(Rires et discussions)*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *demande s'il est prévu d'installer d'autres mBox dans la commune. Existe-t-il un concept? Des synergies sont-elles prévues avec les CFL et le système FLEX?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *salue l'installation de la mBox.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Madamm Richartz. Den Här Ruckert, wegl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, d'Stéchwuert ass gefall. Mir hunn elo eng mBox. Déi ass méi grouss wéi eng Gare zu Déifferdeng.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent, Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dofir wollt ech Iech einfach froen…

(Gelaachs)

Gëtt et do nach keen neie Moment am Zesummenhang mat den Diskussioune mat der CFL, ob eng Gare kënnt oder net?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech begréissen déi mBox. Ech muss soen, ech hat mech eng Kéier getraut, mäi Vëlo ënnert deen aneren Ënnerstand ze setzen. Duerno konnt ech en an d'Vëlosgeschäft ginn. Souguer déi Plaz ass elo méi sécher, well do keen Ënnerstand méi ass.

Well ech nach ëmmer keng mBox-Kaart hunn, war ech d'leschte Kéier forcéiert, de Vëlo do ze parken. Mä dës Kéier hunn ech en net mussen an d'Vëlosgeschäft ginn.

Fir déi zwou Plazen ass et am Fong eng Opwäertung. Dat eent ass e bësse méi flexibel. Et kann een och ouni Kaart maachen. Ass elo erëm e bësse méi sécher. An d'mBox selwer ass nach vill méi sécher. Et si scho Leit, déi nogefrot hunn, wéi dat leeft. Ob een do eppes muss bezuelen. Et ass just eng Kautioun, déi ee muss bezuelen, fir eben déi Ofsécherung ze hunn. Ech invitéieren d'Leit, deen Exercice eng Kéier ze maachen an dovunner ze profitéieren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, Madamm Richartz, Dir hat eppes vergiess.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Jo, ech hat eppes vergiess. Natierlech ass d'mBox mat enger Kamera iwwerwaacht.

(Ënnerbriechung)

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Esou natierlech ass d'Kamera hei zu Déifferdeng dann awer net.

(Gelaachs an Diskussiounen)

Här Goffinet, Dir hutt d'Wuert gefrot.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech hu just eng Fro. Déi mBoxen, ass virgesinn, fir déi och op aner Plazen ze installéieren duerch d'ganz Gemeng? Gëtt et do e Konzept? Oder mat der Eisebunn, mam Flex-System, mat den Autoen… Ass dorunner geduecht ginn, fir dat Ganzt zesummen ze verbannen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli. Dir hutt d'Wuert gefrot.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech si frou, datt mer en Doheem hu fir d'Vëloen. Dat schéngt mer eng gutt Saach ze sinn, déi mBoxen. Dat ass dee richtege Wee. Wéi der wësst, hate mer allzäite schonn aner Saachen, déi mer gemaach hunn, déi net esou vun de Leit

mat Vëloe benotzt gi sinn. Dat gesi mer an eisem Parkhaus zu Uewerkuer. Vill ze vill kompliz éiert, vill ze vill deier an net fir Vëloen tragbar. Déi Evolutioun, fir eng mBox heihinner ze maachen, fanne mer ganz gutt. Dat soll een an der ganzer Gemeng ausbauen.

An deemselwechte Kontext wéilt ech den Här Liesch froen, wéi et elo endlech mat deem Vëloswee zwëschen Nidderkuer an Déifferdeng weidergeet. Ech weess, dat wier scho laang fäerdeg, wa mir eis drëm gekëmmert hätten. Mä dat fänkt elo un, e Baart ze kréien. Ech mengen, mir setzen elo eng mBox dohinner fir d'Vëloen. An ech géif et awer ganz wichteg fannen, wa mer déi geféierlech Strooss fir d'Vëlosfuerer… Dat ass d'Liberté zwëschen Déifferdeng an Nidderkuer. Dir wësst alleguerten, vu wat ech schwätzen.

Ech weess net, wéi d'Evolutioun do ass. Mä ech wollt de Schäfferot emol froen, awéiwäit een do weiderkomm ass, datt mer endlech dee Vëloswee kréien. Wa mer dat virdru gewosst hätten, hätte mer e selwer gemaach. De Stat hat eis deemools gesot, mir géifen esou vill Prozent kréien, fir en ze maachen. Mä et fänkt awer elo un, e Baart ze kréien. Ech weess net, wat dorun esou komplizéiert ass, fir dee Vëloswee op Nidderkuer fäerdeg ze maachen. Dofir wollt ech emol froen, wou mer do dru sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli.

Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mir vun der CSV begréissen déi mBox, déi op enger zentraler Plaz beim Zuch läit. Wou ee sech nëmme fir 20 Euro ka beim Verkéiersverbond umellen, fir säi Vëlo sécher ënnerdaach ze stellen.

Eng Fro ass mer scho beäntwert ginn. Mir wollten och wëssen, wat esou eng mBox d'Gemeng ongeféier kascht.

Wann ech richteg gesinn hunn – et kann awer sinn, dass ech mech iren –, zu Uewerkuer op der Gare, ass dat eng mBox oder net?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Do ass eng.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Wiem gehéiert déi? Ass dat der CFL oder der Gemeng hir?

Dat waren eis Froen. Mir stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech wollt just eng Ergänzung maachen. Ech schléisse mech dem Här Tempels un. Ech kann och confirméieren, datt d'Aweiung scho war. Ech war och do.

Wat ganz flott ass bei där mBox hei zu Déifferdeng, se ass bei der Gare, wou den Zuch stoe bleift. Dat ass natierlech eng ganz gutt Plaz net nëmme fir déi Leit, déi zu Déifferdeng eppes wëlle maachen a mam Vëlo wëllen op Déifferdeng kommen, mä och fir déi Leit, déi herno den Zuch wëllen huelen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Da géife mer zu den Äntwerte kommen.

Här Ruckert, dat war keng schlecht. Am Fong geholl ass d'mBox méi komfortabel wéi déi Plaz uewen op der Gare. Dir hutt vollkomme Recht. A mir wäerten eis net ginn. Et ass vläicht dowéinst, datt ech d'Wuert net kritt hat, wou mer d'Uewerkuerer Gare ageweit haten. Well genau dat hat ech dem Minister gesot an och dem Direkter

*Il rappelle que d'autres systèmes, comme celui du parking d'Oberkorn, sont peu utilisés parce qu'ils sont trop compliqués et trop chers. Il estime qu'il faut installer plus de mBox à Differdange.*
*Il profite de l'occasion pour demander à M. Liesch où en est la piste cyclable entre Niederkorn et Differdange. Ce projet traine en longueur.*
*Il constate que l'avenue de la Liberté entre Differdange et Niederkorn est dangereuse pour les cyclistes. C'est pourquoi la piste cyclable serait importante. La commune aurait mieux fait de la réaliser elle-même. Fred Bertinelli ne comprend pas pourquoi ce projet est tellement compliqué.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *salue à son tour l'installation de la mBox dans le centre, à proximité du train. Pour l'utiliser, il suffit de s'inscrire pour vingt euros auprès du Verkéiersverbond.*
*Guy Tempels voulait connaitre le prix pour la commune, mais M. Liesch a déjà répondu à cette question.*
*Il se demande s'il n'y a pas aussi une mBox à la gare d'Oberkorn.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *voudrait savoir si elle appartient aux CFL ou à la commune.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *s'associe aux paroles de M. Tempels. Il apprécie le fait que la mBox se trouve à proximité de la gare. Elle sera utile non seulement pour ceux qui se rendent dans le centre-ville, mais aussi pour ceux qui veulent prendre le train.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *félicite M. Ruckert pour sa remarque. La mBox est effectivement plus confortable que la gare. Le collège échevinal ne va pas cesser de demander une gare. Roberto Traversini se demande si ce n'est pas la raison pour laquelle on ne l'a pas laissé parler lors de l'inauguration de la gare d'Oberkorn. Car l'arrêt des CFL de Differdange est tout sauf une gare. Roberto Traver-*

*sini espère que les promesses seront maintenues. La situation actuelle est inacceptable.*
*Le collège échevinal veut faire de Differdange une ville des vélos. Il reste du pain sur la planche.*
*La commune essaie de rendre le site devant l'entrée en ville plus agréable. Le pont doit être agrandi, mais cela prendra encore quelques années. En attendant, le collège échevinal recherche des solutions créatives pour que les gens qui se rendent au centre commercial aient envie de traverser la rue et aller ensuite dans le centre-ville. Roberto Traversini propose d'y réfléchir ensemble avec le conseil communal et suggère l'aménagement d'une gare provisoire.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *a déjà répondu à la question des couts.*
*Pour ce qui est de la piste cyclable, il constate qu'elle serait terminée si la commune s'en était occupée elle-même. Mais l'État a promis de la financer à 100 % et il était difficile de dire non. En plus, le collège échevinal ne savait pas que cela aurait duré autant. La situation est lamentable. L'appel d'offres a eu lieu. Georges Liesch suppose donc que les travaux devraient commencer bientôt. Il espère que ce sera le cas après l'hiver. Il suffirait de passer par l'ancienne gare de Differdange pour atteindre Niederkorn. Georges Liesch attend une réponse avec impatience. Il espère pouvoir fournir un calendrier aux conseillers communaux prochainement.*
*Une mBox se trouve à la gare d'Oberkorn. Les CFL en installent dans toutes les nouvelles gares. Parallèlement, les communes peuvent collaborer avec les CFL pour en aménager dans l'espace urbain à condition de les payer. Dans ce cas, le «Verkéiersverbond» prend les frais de gestion du système en charge.*
*Normalement, les CFL financent les mBox, mais à Differdange, c'est la commune qui a pris les frais à sa charge. Le collège échevinal a proposé aux CFL de l'aménager à proximité de l'arrêt de train.*
*M<sup>me</sup> Richartz a signalé la présence de caméras. Cela fait partie du concept, car plusieurs vélos ont dis-*

vun der CFL, datt et net kéint sinn, datt d'Stad Déifferdeng esou eng Plaz hätt. Well „Gare“ kann een dat net nennen. A si hunn eis do versprach, datt dat elo ganz schnell géif an Ugréff geholl ginn. An da kucke mer, ob dat esou ass.

Et ass eng Zoumuddung fir déi Leit, déi den Zuch huelen. A mir wäerte selbstverständlech andauernd dru bleiwen, fir eng anstänneg Gare zu Déifferdeng ze kréien.

Mat de Vëloe wäerte mer versichen, an deenen nächste Joren aus Déifferdeng eng Vëlosstad ze maachen, wéi dat viru Jore war. Et ass nach vill Aarbecht. Mä mir schaffen drun.

Mir kréien elo dräi flott Plazen. Eng virun d'Entrée en ville. An do si mer amgaangen, drun ze schaffen, fir déi e bësse méi frëndlech anzeriichten. Dir wësst, datt déi Bréck eng Kéier wäert méi grouss gemaach ginn. Mä dat wäert och nach e puer Joren daueren, bis dat souwäit ass. A bis dohinner si mer wierklech am Gaang, kreativ Iwwerleeungen ze maachen, wat mer mat deene flotte Plaze virdru maachen, datt d'Leit – wéinstens déi, déi an dee grousse Supermarché ginn – emol den Zoch hunn, eriwwerzekommen. A wa se schonn emol eriwwer komm sinn, si se net méi wäit vun eisem Zentrum. Dorunner schaffe mer ganz intensiv.

An deenen nächste Wochen a Méint kënne mer da vläicht eppes zesummen am Gemengerot maachen. Firwat net eng flott provisoresch Gare dohinner maachen. Do ass der Fantasie keng Grenze gesat. Mir sollen eis do wierklech eppes Flottes afale loossen.

Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Et sinn e puer Saache gefrot ginn. Käschtepunkt hat ech drop geäntwert.

De Vëloswee, Här Bertinelli. Dir wësst, mir haten eis am leschte Schäfferot zesummen dofir agesat, dass do eppes geschitt. An hätte mer et selwer gemaach, wär e sécher fäerdeg. Dir hutt ganz richteg gesot, wann ee vum Stat gesot kritt, dass se 100% dovun iwwerhuelen, ass et schwéier Nee ze soen. Mir woussten deemools net, dass dat esou laang géif daueren. Soss hätte mer vläicht op déi Sue verzicht. Well dat hei ass wierklech awer e bësse lamentabel, muss ech soen, fir dee Chantier.

Mäi leschte Wëssensstand ass, dass Ausschreiwunge waren. Dat ass jo schonn emol gutt. Wann d'Ausschreiwunge gelaf sinn, misst jo eigentlech geschwënn den Zouschlag kommen an d'Aarbechte misste kënnen ugoen.

Ech hoffen, dass dat esou ass. Ech kann awer gär nach eng Kéier nohaken an nofroen an Iech oder de Gemengerot informéieren, ob mer e verbindlechen Timing kréien, wéini dat gemaach gëtt. Et wär natierlech immens begréissenswäert, wann et fir déi nächst Saison géif geschéien. Also nom Wanter.

Dee Passage, dat si keng Dausend Meter. Mir schwätzen hei vun 200 oder 250 Meter, fir lénks a riets ze verbannen. Da kéint ee bei där aler Déifferdenger Gare eroffueren an da wär een eigentlech zu Nidderkuer. Dat wär jo scho schéin.

Dat anert Stéck, mengen ech, ass och gutt. Mä dat hei Stéck, wat Dir och gemengt hutt, waarde mer wierklech sehnsüchteg drop. Ech ginn nach eng Kéier hannendrun an ech hoffen, dass ech en Timing kréien, deen ech Iech da ka presentéieren. Dat zum Stand vum Vëloswee.

Zu den mBoxen. Zu Uewerkuer ass eng mBox. Et ass eng virgesinn op där neier Gare. D'CFL geet jo op de Wee, bei hiren neie Garen eng mBox ëmmer direkt ze installéiere bei der Gare selwer. Doriwwer eraus kann een als Gemeng mat hinnen zesumme schaffen, fir esou mBoxen am urbane Raum opzestellen, wa mer elo eng Plaz hätten, wou mer géife soen, do géif och gutt eng mBox stoen. Da musse mir se allerdéngs kafen a bezuelen. An de Verkéiersverbond géif dann d'Fraisen iwwerhuele fir d'Gerance vum System.

Normalerweis bezilt d'CFL jo d'mBox. Just an dësem Fall hei zu Déifferdeng, ass dat net esou gewiescht. Déi hu mer selwer bezuelt. An et ass och eis Plaz. An dësem Fall hu mer der CFL ugebueden, dat direkt bei der Gare ze maachen. Oder bei där Plaz, wou den Zuch

stoe bleift. Dat gefält mer einfach besser wéi den Numm Gare.

D'Madamm Richartz sot, dass do Kameraen dra sinn. Dat ass effektiv esou an hirem Konzept, dass se gemierkt hunn, dass trotzdeem, dass Leit nëmme mat enger Kaart kënnen erakommen, awer do emol Vëloe verschwonne sinn. Futti gemaach ginn, si se net, mä si hate Problemer domat, dass Vëloe verschwonne waren. Dofir hu se decidéiert, an den mBoxen, also an der Enceinte bannendran, Kameraen ze maachen, déi also net op den ëffentleche Raum filmen, mä nëmme bannendran. Op déi Manéier konnte si effektiv och een erwëschen, dee wierklech massiv Vëloe geklaut huet. Do hunn ech dann awer kee Problem dermat. Och wann ech kee Frënd si vu Kameraiwwerwaachung. Hei geet et jo ëm en zouene Raum, wou nëmme Leit eraginn, déi wierklech eppes dobanne verluer hunn. Domadder hunn ech elo kee Problem, dass och hei bei eis eng Kamera an der mBox ass.

Vun där mBox, Här Diderich, kann ee scho profitéieren. Och wann de System vun der Elektronik nach net do ass. Déi Paart ass net zougespaart. Do kann ee säi Vëlo schonn era setzen. Da steet en ënnerdaach. Dat geet.

Ech géif och wëlle vun der Geleeënheet profitéieren, fir Reklamm ze maachen, dass d'Leit sech esou eng mKaart huelen. Well déi mKaart ass net nëmme fir d'mBox gutt. Mat där mKaart kann ee sech hei op der Gemeng direkt de Vël'OK drop maache loossen. Esou kann ee vun deene sämtleche Vëloe profitéieren, déi am ganze Süde verdeelt stinn.

En plus, wann een déi Demande gemaach huet, kann een direkt um Flex vun der CFL deelhuelen. Dir wësst, direkt vis-à-vis op 100 Meter, steet eng Flex-Statioun vun der CFL mat zwee Autoen. Een Elektroauto an ee Verbrennungsmotor de Moment. Wou een also en Auto loune kann, wann een emol en Auto brauch. Och dat geet mat där Kaart. Déi Kaart ass polyvalent asetzbar.

Wann een esou eng Kaart huet, kann ee Villes maachen a punkto Mobilitéit. An et kann een – dat hat ech elo bal vergiess – och Zuch fueren domat. Et kann ee jo och seng Zuchticketen drop maachen. Dat alles ass an där Kaart dran. Eigentlech kann ee mat där Kaart seng ganz Mobilitéit gestalten hei zu Lëtzebuerg, ouni mussen op e Privatauto zréckzegräifen. Et ass en Ëmdenken am Kapp. Mä virun allem muss een d'Kaart am Portmonni hunn.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent.

Mir géifen zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention relative à la gestion d'une installation mBox à Differdange-Gare.*

---

Merci.

Dann e klengen Avenant zur Bibliothéik. Här Mangen, gitt Der eis d'Erklärungen, wegl?

---

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Et ass net vill ze erklären. Laut der Europagesetzgebung vum Mee dëst Joer, muss een d'Donnéeë vun de Privatleit an de Fichiere respektéieren. Och déi, déi an der Bibliothéik ugewannt ginn, souwuel national wéi lokal. Datt mer ons do un d'Gesetz mussen halen. Méi ass et net.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Madamm Rausch-Brassel.

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn eng Fro zu der Bibliothéik. Ech hu gesot kritt, an der Bibliothéik kéint ee Spiller spillen um Computer mat Waffen. An ech wollt einfach froen: Ginn déi online gespillt? Sinn déi Spiller an der Bibliothéik verfügbar.

---

*paru malgré le fait qu'on ne puisse accéder aux mBox qu'avec une carte. Les caméras ont permis aux CFL d'arrêter quelqu'un qui volait les vélos en masse. Georges Liesch n'est pas un ami des caméras de surveillance, mais ici, il s'agit d'un espace clos où seules les personnes autorisées ont le droit d'entrer.*
*La mBox est déjà en activité, même si le système électronique n'est pas encore fonctionnel. La porte est ouverte.*
*Georges Liesch profite de l'occasion pour conseiller aux gens de se procurer une mKaart. Celle-ci n'est pas seulement utile pour les mBox, mais aussi pour Vël'OK et pour FLEX. L'échevin rappelle qu'une station FLEX avec une voiture électrique et une voiture à combustion se trouve à cent mètres de la mBox. Bref, la carte est polyvalente puisqu'elle permet aussi de prendre le train et de gérer sa mobilité au Luxembourg sans recourir à la voiture.*
*(Vote)*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à un avenant à la bibliothèque.*

---

**ROBERT MANGEN (CSV)** *rappelle que les données des particuliers doivent être protégées comme le stipule la nouvelle loi européenne. La bibliothèque doit s'y tenir.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *a entendu dire qu'à la bibliothèque, il était possible de jouer à des jeux électroniques avec des armes. Est-ce vrai?*

*Elle sait bien que M. Mangen n'est pas l'échevin responsable de la bibliothèque, mais elle se demande si une surveillance quelconque est assurée.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal devra se renseigner.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que chaque association doit gérer les données privées de manière responsable. La directive européenne vise avant tout les grandes entreprises gérant les réseaux sociaux ou les boutiques en ligne, mais tout le monde doit la respecter.*
*Les fonctionnaires et les employés doivent être capables de gérer les données des clients de manière confidentielle. Bien entendu, les échanges entre les services doivent fonctionner, comme ici entre la bibliothèque de Differdange et la bibliothèque nationale.*
*Jerry Hartung approuvera la convention.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *explique que l'avenant permet d'actualiser la convention entre la bibliothèque municipale et le réseau des bibliothèques luxembourgeoises. Il y est notamment question des obligations des bibliothèques en rapport avec la directive européenne pour la protection des données personnelles.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat portant sur la Villa Hadir, qui est occupée par des services scolaires de l'État.*

Ech weess, Här Mangen, Dir sidd elo net den direkten Adressat. Ech wollt d'Fro just stellen. Ass do iergendeng Surveillance virgesi vu Responsabele vun der Bibliothéik? Oder wéi gëtt dat do gehandhaabt? Ech wollt d'Fro just opwerfen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat no an da soe mer Iech Bescheed. Dat wär net esou gutt.

Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, all Associatioun huet eng gewësse Responsabilitéit, fir mat den Donnéeën, déi se kréien, sief et op informatescher Basis oder all anerer Natur, richteg ëmzegoen. Dës Direktiv koum an éischter Linn wéinst de grousse Konzerner, déi sozial Netzwierker bedreiwen oder Online-Butteker, déi eben net ëmmer esou vertrauensvoll mat deenen Donnéeën ëmgaange sinn. Dës Direktiv gëllt elo fir jiddwereen. Wat gutt ass.

Et ass wichteg, datt d'Fonctionnairen an d'Employée wëssen, vertraulech mat den Donnéeë vun de Bierger, oder besser gesot vun de Clienten, ëmzegoen. Wat op de Gemengen u sech jo och schonn ëmmer de Fall war.

Natierlech soll weiderhin den Informatiounsaustausch tëscht den ëffentleche Servicer klappen, wou et ebe Sënn mécht. An dësem Fall tëscht der Déifferdenger Bibliothéik an der Nationalbibliothéik fir e bessere Service um Client. Duerfir stëmme mer dës Konventioun mat Jo.
Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mat dësem Avenant aktualiséiere mer d'Konventioun zwëschen der ëffentlecher Bibliothéik vun der Gemeng Déifferdeng an dem Reseau vun de lëtzebuergeschen Nationalbibliothéiken. Ech widderhuelen: Geméiss dem EU-Reglement vum Mee dëses Joers, wéi den Här Mangen gesot huet, relativ zur Sécherheet vun de Leit, wat mat hire perséinlechen Donnéeë gehandhaabt gëtt an/oder weidervermëttelt gëtt.

Als weider Mise à jour an dësem Avenant fanne mer och d'Obligatioune vun der Bibliothèque nationale an der Stad Déifferdeng zu deem Thema. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Keng Wuertmeldung méi? Da géife mer zum Vott kommen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Et sinn der e puer eraus.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et geet just duer.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention avec la Bibliothèque nationale de Luxembourg.*

Merci.

Da komme mer zum Kontrakt vun eiser Villa Hadir. Déi ass erëm bewunnt. Gott sei Dank. Do si gréisstendeels d'Servicer vum Stat dran. Den Enseignement an d'Schoul.

Dee Kontrakt ass opgestallt wéi all d'Kontrakter. De Loyer ass e bësse méi héich wéi üblech. Dat ass, well mer ver-

schidde Saachen zesummen hunn: d'Kitchenetten, d'Versammlungsraim…

Mir hunn eis mam Stat op e Präis gëeenegt vu 6.750 Euro. Dobäi kommen all Mount Chargë vun 1.100 Euro. Dee Kontrakt leeft emol bis 2021. Duerno kucke mer, wéi et weidergeet. Domadder ass all Büro, all Metercarré an der Villa Hadir besat. Dat war jo eng Angscht, et géif kee méi wëllen op Déifferdeng kommen.

Madamm Richartz.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

De Gerant vun der Wiertschaft huet gesot, hien hätt wëlles, am Keller e Sall anzeriichte fir Versammlunge fir d'Déifferdenger Veräiner. Ass do eppes méi Konkretes?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat huet elo net direkt eppes mam Bail ze dinn.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

D'Gebai gehéiert der Stad Déifferdeng. Wann een eppes do wëll maachen, muss een eis jo emol vläicht fir d'Éischt froen.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Ah.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da muss ee kucken, ob et am Keller iwwerhaapt méiglech ass. Do gëtt et Contrainten.

(Ënnerbriechung duerch den Här Diderich)

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Huet hien dat scho gefrot?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir hunn op alle Fall nach näischt Schrëftleches erakritt.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Aha.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Wann een do ee Patt drénke geet, kritt ee vill gezielt.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat geet jo awer net duer, fir e Keller als Versammlungsraum ëmzebauen.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et ass gär geschitt. Sidd Der awer mam Bail averstanen?

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dann ass et gutt. Merci, Madamm Richartz. Jo, Här Muller.

*Le loyer est un peu plus élevé que d'habitude, car il comprend aussi l'utilisation de la kitchenette et des locaux de réunion. Le loyer se monte à 6750 €, plus les charges à hauteur de 1100 €. Le contrat porte jusqu'à 2021.*
*Désormais, tous les bureaux de la Villa Hadir sont occupés. Certains craignaient pourtant que personne ne veuille plus venir à Differdange.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *a entendu dire que le gérant de la brasserie voulait aménager une salle dans la cave pour les réunions des associations differdangeoises. Le collège échevinal a-t-il des informations concrètes?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que cela n'a rien à voir avec le contrat de bail.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *répond que non.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le bâtiment appartient à la Ville de Differdange. Par conséquent, il faut son accord pour d'éventuelles transformations. Il ajoute qu'il faut voir si c'est possible. Il y a des contraintes.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *voudrait savoir si une demande a été introduite.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que la commune n'a reçu aucune demande écrite. Mais quand on va prendre un verre dans cette brasserie, on apprend beaucoup de choses. Cela ne suffit cependant pas pour transformer une cave en salle de réunions.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *remercie M. Traversini pour les informations.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *lui demande si elle est d'accord avec le contrat de bail.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *répond que oui.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue le bail. Certains craignaient que la Villa Hadir ne se vide.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *confirme avoir lu quelque chose de ce style.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que la Villa Hadir ne risque pas de se vider prochainement. Il rappelle cependant que des travaux ont été réalisés.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *précise qu'ils sont inclus dans le bail.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *le sait bien. Il a eu l'occasion de visiter les locaux. Il se demande combien de personnes travaillent dans la Villa Hadir.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il y en a beaucoup. Il va s'informer du chiffre exact.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *salue l'arrivée de services du ministère à Differdange. Le DP approuvera le contrat de bail.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *signale que le service scolaire et la direction scolaire se trouvent sur des sites différents. Le bail porte sur trois ans. Est-il prévu de rapprocher ces deux services par la suite? Cela leur permettrait de communiquer plus facilement.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Tempels s'il fait allusion au service scolaire de la commune.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *répond que oui.*

**ERNY MULLER (LSAP):**

Selbstverständlech begréisse mir als LSAP dee Bail. Et war ee Moment gefaart ginn, d'Villa Hadir géif eidel gelooss ginn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Dat hate mer gelies.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat hate mer eng Kéier gelies. Dat war awer Gott sei Dank net de Fall. An ech mengen, dass dat nach soubal net de Fall wäert sinn, dass déi eidel ass.

Allerdéngs muss ech soen, mir hunn och Aarbechten do gemaach.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Déi sinn am Bail.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Déi si selbstverständlech mat dran. Ech wollt dat awer soen. Wéi mer dat ëmmer maachen, iwwregens.

Ech hunn déi Raimlechkeete gesinn. Sengerzäit war ech nach e bësse mat deenen Aarbechte beschäftegt. Dat ass alles OK esou.

Elo reng der Form hallwer, wär et interessant ze wëssen, wivill Leit, well mer dat jo ëmmer an Aarbechtsplazen ausdrécken, an der Villa Hadir beschäftegt sinn. Dat wäerten der ëmmerhin eng ganz Partie sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat wäerten der ganz vill sinn. Ech kucken dat no an da soen ech Iech Bescheed, Här Muller.

Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Mir als DP begréissen natierlech och, datt de Ministère mat enger Rei vu Servicer hei op Déifferdeng kënnt. Mir stëmmen dee Bail mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci.

Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech hunn eng Fro. De Service scolaire ass jo op enger anerer Plaz wéi d'Direktioun vun der Schoul. Et si jo zwou Plazen. Dee Bail leeft elo op 3 Joer. Ass herno virgesinn, déi zwee Servicer méi no beieneen ze kréien op eng Plaz? Esou kéinte se besser matenee kommunizéieren. Ass dat virgesinn?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mengt Dir eise Service scolaire?

**GUY TEMPELS (CSV):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nee. Eise Service scolaire ass virgesinn, op d'Place Nelson Mandela ze kommen. Dat hei, wat de Ministère huet, huet alles haaptsächlech mat senge Ressorten ze dinn, wat an de Schoulen ass. Mir hunn en eegestännege Service. Mä ech weess awer, datt se extrem gutt matenee schaffen a fonctionnéieren.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mä et ass elo net virgesinn, datt déi zwee Servicer sollten zesummekom-

men. Ech weess emol, datt de Ministère amgaangen ass, een oder zwee Stäck am neien Héichhaus ze kafe fir seng Servicer, déi elo nach am Centre médico zu Péiteng sinn, hei zu Déifferdeng ze regruppéieren.

Eis Servicer wäerten net zesumme mat de Servicer vum Stat regruppéiert ginn. Dat verhënnert awer net, datt se extrem gutt matenee schaffen.

### GUY TEMPELS (CSV):

Merci.

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gär geschitt.

Här Schwachtgen.

### FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

De Projet Villa Hadir ass eng Erfollegsmeldung, wann ee bedenkt, dass mer éischtens emol do e bedeitende Patrimoine geschützt a valoriséiert hunn.

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

### FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat ass e Punkt, dee mer eis sollten… Ech weess net… An de Masterpläng wäert dat dra sinn. Dass déi och lues a lues ganz gräifen. Dat heescht, eng Ubannung un déi futur Parkingen, wann ech vum Science Center schwätzen, eventuell dorunner, dass och d'verkéierstechnesch Situatioun vum Parking do geléist gëtt. A mat enger gudder Ubannung un den Zentrum.

Ech fannen dat eng formidabel Saach. Ech denken, d'Propretéit ronderëm dat Gebai misst méi gefleegt ginn an Zukunft. Mer musse kucken, wat fir Moyenen, dass do sinn a wat fir Flichten deen een oder deen anere Bedreiwer doranner huet mat de Poubellen hannenaus.

Déi aner Geschicht ass, dass do flott Versammlungsraim dra sinn. Wann déi elo net integral vum Stat genotzt ginn, wär et denkbar, dass eis Gemengeservicer dovunner profitéiere kéinten, fir do Versammlunge vu Kommissiounen eventuell ze halen an Zukunft?

Ech soen Iech Merci. De Projet ass ganz positiv.

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Et ass net virgesinn. Déi gi jo net nëmme vum Stat benotzt, déi Versammlungsraim. D'Revue ass och nach dran. Déi sinn zesummen am Gebai. An déi schaffen och alt owes redaktionell. Ech ka mer net virstellen, datt dat eng gutt Mëschung wier.

Mir hunn e puer Plazen, déi iwwregens net esou vill genotzt ginn. Am Kriepesenhaus hu mer eng Plaz, wou d'Veräiner sech kënnen treffen. Mir sinn och amgaang, ze iwwerleeën, fir an där neier Hal zu Nidderkuer an Uewerkuer Versammlungsraim ze kréien, déi och accessibel si mat engem Rollstull. Domat hu mer och nach e puer Problemer an eise Gebaier.

Mir géifen dann zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail de locaux dans la Villa Hadir.*

Merci.

Deen nächste Punkt si Contrat-de-bailen an Avenanten. Et sinn der, déi bannena plënneren. Et sinn der, déi nei bäikommen.

Dir hutt de Bericht bäileie vun eise Kandidaten. Och de Rapport vum Comité de sélection, wat si dovunner halen. Et sinn der véier Stéck. Deen een ass um drëtte Stack am Bâtiment C. Deen aneren ass um Rez-de-Chaussée am Bâtiment A.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*rappelle que le service scolaire emménagera sur la place Nelson-Mandela. Les services du ministère s'occupent d'autres ressorts. Cependant, ils collaborent.*
*(Interruption)*
*Roberto Traversini explique qu'il n'y a pas de rapprochement des services prévu. En revanche, il sait que le ministère est en train d'acheter un ou deux étages dans la tour pour y accueillir des services se trouvant actuellement dans le centre médical de Pétange. Mais les services communaux ne seront pas regroupés avec ceux de l'État.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*constate que la Villa Hadir constitue un véritable succès puisqu'elle a permis à la commune de valoriser son patrimoine.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*est du même avis.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*ajoute qu'il faut prévoir un raccordement aux futurs parkings. Il pense notamment au Science Center et au centre-ville. Il suppose que cela est prévu dans les plans directeurs.*
*Il trouve par ailleurs que des efforts restent à faire concernant la propreté autour du bâtiment. Quels sont les devoirs des différents exploitants pour ce qui est par exemple des poubelles?*
*Frenz Schwachtgen sait qu'il y a de belles salles de réunion dans la Villa Hadir. Si elles ne sont pas toutes utilisées par l'État, les services communaux et les commissions devraient pouvoir en profiter.*
*En tout cas, Frenz Schwachtgen salue le projet.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*rappelle que les salles en question sont aussi utilisées par d'autres entreprises comme Revue.*
*Il signale en revanche qu'il y a des salles dans la maison Krieps. Le collège échevinal réfléchit aussi à l'aménagement de salles de réunion accessibles aux personnes en fauteuil roulant dans les halls de Niederkorn et d'Oberkorn.*
*(Vote)*

*Roberto Traversini passe à des contrats de bail et des avenants.*
*Les conseillers communaux disposent de la liste des candidats et du rapport du comité de sélection.*
*Le premier locataire emménagera au troisième étage du bâtiment C, le deuxième au rez-de-chaussée du bâtiment A. Doghouse a besoin de plus de place, car ils ont décroché un gros contrat. L'avenant à leur contrat de bail porte sur un an. Via Media déménage, car ils ont besoin de plus de place.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que le rapport est explicite, mais que seuls deux experts sur trois étaient présents. Est-ce le minimum? Autrement, le comité ne peut pas travailler comme la commune le souhaite.*
*Les socialistes s'abstiendront comme de coutume. Erny Muller espère que la situation se débloquera.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Muller si les socialistes s'abstiendront pour les quatre contrats. Ils pourraient alors être votés en bloc.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux règlements temporaires de circulation. Il y en a un paquet.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que deux règlements ont été ajoutés hier. Il y en a beaucoup, ce qui montre que de nombreux travaux ont lieu dans la commune. Il s'agit essentiellement de rénovations de façades.*
*Si les conseillers communaux ont des questions, Georges Liesch essaiera d'y répondre. Il ne sert à rien d'entrer dans les détails.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *signale que les deux nouveaux règlements concernent le n° 21 de la rue de l'École à Niederkorn du 27 octobre au 3 novembre et le n° 31 de la Grand-rue à Differdange du 16 au 26 octobre.*
*(Vote)*

Doghouse hunn elo e groussen Optrag kritt. Dofir brauche si kuerzfristeg ganz vill Plaz. Si kréien en Avenant fir ee Joer. Déi sinn och scho méi laang dran.

A Via Media plënnert an eng aner Box, well se aner Plaz brauchen.

Mir kënnen eenzel driwwer ofstëmmen oder se zesummen huelen. Dat ass, wéi der wëllt.

Jo, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Fir d'Éischt emol zum Bericht. Wéi ëmmer erëm ganz explizit. Ech hu gesinn, dass zwee vun dräi vun deenen Experte präsent waren. Do ass meng Fro: Ass dat de Minimum, wat mer soen, all Kéiers wann esou eng Selektioun gemaach gëtt, dass op d'mannst zwee vun dräi mussen do sinn? Well soss kann dat awer net grad esou fruchten, wéi mer eis dat virstellen.

Wéi ech déi leschte Kéier scho gesot hat, ass dat e Fortschrëtt. Mä ech soen awer och, mir enthalen eis nach bis auf Weideres. Mir hoffen, dass mer déi Situatioun eng Kéier deblockéiert kréien.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Enthaalt Dir Iech bei deene véier, Här Muller? Ma da kéinte mer en bloc ofstëmmen. Wann der dermat averstane sidd? OK.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 abstentions d'approuver le contrat de bail et les avenants relatifs au 1535° Creative Hub avec Doghouse Films SARL, la société Einfühlung, la société LEA.SCHROEDER et la société Via Media Production.*

Villmools Merci. Da géife mer zu de Règlements temporaires de circulation kommen, Här Liesch. Dat sinn der e Koup. An ech mengen, mir hunn der och nach gëschter gemailt kritt.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, ganz richteg. Ech wollt drop opmierksam maachen, datt gëschter nach e Mail komm ass mat zwee oder dräi Reglementer. Zwee, mengen ech, sinn der bäikomm. Et sinn der ëmmer vill. Dat heescht, et gëtt vill an der Gemeng geschafft.

Dir gesitt jo haaptsächlech wat et ass. Et sinn entweder Fassaden oder wann een eng Benne virun d'Dier gesat kritt, well een a sengem Haus schafft, wat renovéiert gëtt. Dir gesitt all déi eenzel Saachen.

Dofir géif ech soen, wann eng Fro zu engem Reglement wär, stellt se an da probéieren ech dorop ze äntweren. Se elo een nom aneren duerchzegoen, brauche mer net onbedéngt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Madamm Richartz, w.e.gl.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Déi zwee, déi bäikoumen, dat ass zu Nidderkuer an der rue de l'École, d'Maison 41. Do ass vum 27. Oktober bis den 3. November Chantier. An dat anert ass zu Déifferdeng an der Grousstrooss beim Haus 31 vum 16. bis de 26. Oktober Chantier. Déi si bäikomm gëschter. Déi stinn net hei.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Richartz, fir d'Präzisiounen. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Merci. Da soen ech iech Merci. Dat heescht, déi ëffentlech Sitzung ass op alle Fall ofgeschloss. Et waren nach Froen ugemellt.

Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech hunn eng Fro.

Eng Partie Geschäftsleit hunn eis kontaktéiert betreffend dem neie Parkkonzept. Et däerf ee jo zu Déifferdeng eng hallef Stonn gratis parken. Eemol moies an eemol mëttes. Wann een awer elo eng hallef Stonn gratis geparkt huet an dann trotzdeem wëll bezuelen, fir weider däerfe stoen ze bleiwen, geet dat anscheinend net méi.

Wann ech also an der Apdikt war an duerno awer nach ongeplangt bei de Metzler wëll erasprangen, kann ech duerch déi gratis hallef Stonn net méi zousätzlech ageheien, fir mäin Auto däerfen e bësse méi laang stoe loossen. Dat hu Geschäftsleit mer gesot. (Ënnerbriechung)

Nach eng zweet Remarque.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Schwätzt Dir weider. Dir alleng hutt d'Wuert, Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci.

Nach eng zweet Remarque. Déi maximal annerhallef Stonn, wou een den Auto am Déifferdenger Zentrum däerf stoe loossen, geet net duer. Zum Beispill, wann ee bei den Dokter muss. Ech denken do haaptsächlech u méi al oder schwaach Leit, déi net esou mobil sinn a sech nëmme schwiereg kënnen deplacéieren oder och u Leit mat klenge Kanner. Deen dote System schiedegt déi kleng Geschäfter.

En anert Beispill, dat ech schonn hei genannt hat beim Vott, ass, wann ech elo als Adulte zwou Stonne Solfège am Kulturzentrum hunn. Dann däerf ech mäin Auto awer just maximal 90 Minutten um Parking stoen hunn. Dat mécht am Fong kee Sënn.

Gëtt un Adaptatiounen oder Verbesserunge vum System geschafft oder geduecht?

Merci. Dat war et schonn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir déi Fro.

Mir sinn amgaangen. Et héiert een Saache lénks a riets. Mir hunn nach leschte Mëttwoch driwwer geschwat. Mir wäerten eng Biergerversammlung maachen, fir nach eng Kéier driwwer ze schwätzen.

Et si Saachen, déi wahrscheinlech net richteg verstane gi sinn. Et si Saachen, déi net esou fonctionnéieren, wéi se sollten. Den Här Liesch wäert drop agoen. Wat op alle Fall kloer ass, ass, dass mer d'Haaptzil erreecht hunn, datt emol erëm Parkplazen am Dag fräi sinn. Elo muss ee kucken: Geet et duer? Geet et net duer? Mä d'Haaptzil, datt d'Leit awer kënne bei de Metzler goen, bei de Bäcker goen oder soss eppes hei maachen, wou een an der Zäit keng Parkplaz méi fonnt huet, ass emol erreecht.

Et ass net perfekt. Mir mussen do u verschiddene Schrauwen dréien. Och fir déi Leit, déi hei zu Déifferdeng schaffen. Et ginn der ëmmer méi. Mir si jo net daf op engem Ouer. Mir si jo net do, fir d'Leit rosen ze maachen. Mä mir sinn dofir do, fir zesumme mat iech ze kucken, datt d'Attraktivitéit an eisem Stadzentrum bleift.

Här Liesch, et sinn e puer Saache gesot ginn. Dat ass awer net esou, wéi gesot gëtt. A wann et esou wär, wär et net gutt.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, dat ass richteg. Zu der éischter Remarque vum Här Meisch. Dat ass net esou. Et ass richteg, dass ee moies eng hallef Stonn gratis a mëttes eng hallef Stonn gratis huet. Mä d'Limitatioun ass op der Durée vun annerhallwer

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux questions.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *a été contacté par les commerçants à cause du nouveau concept de stationnement. Il rappelle que l'on peut se garer gratuitement une demi-heure le matin et une demi-heure l'après-midi. Mais apparemment, après cette demi-heure, il n'est pas possible de payer pour stationner plus longtemps. On ne peut donc pas décider spontanément de rester plus longtemps dans le centre.* *(Interruption)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que seul M. Meisch a la parole.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *remercie le bourgmestre.*
*Il ajoute qu'on ne peut se garer qu'une heure et demie au maximum dans le centre-ville. Or ce n'est pas suffisant si l'on veut par exemple aller chez le médecin. François Meisch pense notamment aux personnes faibles, qui ont du mal à se déplacer ou avec des enfants. Les petits commerces souffrent du nouveau système. Un autre exemple concerne ceux qui ont deux heures de solfège à l'école de musique. Ils ne peuvent se garer que 90 minutes, ce qui n'a pas de sens.*
*Le collège échevinal prévoit-il des améliorations?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *sait que l'on parle beaucoup du nouveau système de stationnement. Le collège échevinal prévoit d'organiser une réunion d'information. Roberto Traversini pense que tout n'a pas été bien compris. Certaines choses ne fonctionnent probablement pas comme il faut. Mais l'objectif principal a été atteint: il y a des places de stationnement libres en cours de journée dans le centre-ville. Il reste à voir si elles suffisent. Roberto Traversini se rend compte que tout n'est pas parfait. Il sait que les personnes travaillant à Differdange se plaignent. Le collège échevinal n'est pas sourd et son objectif n'est pas d'irriter les gens.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que l'on peut stationner gratuitement une demi-heure le matin et une demi-heure le soir. Mais la durée de stationnement maximale est d'une heure et demie.*
*Georges Liesch avoue ne pas avoir testé ce scénario. Mais les services lui ont expliqué que ce qui dit M. Meisch n'est pas correct. Par conséquent, si M. Meisch a raison, il faudrait apporter des modifications au système. Si l'on se gare une demi-heure gratuitement, on doit pouvoir stationner plus longtemps si on le souhaite.*
*(Interruption de M. Meisch)*
*Georges Liesch en a aussi entendu parler. Il va tester lui-même ce cas de figure pour en avoir le cœur net. Il peut s'agir d'une erreur de programmation.*
*M. Meisch estime qu'une heure et demie de stationnement ne suffit pas. C'est difficile à dire, car pour une épicerie, une boucherie ou une pâtisserie, cela devrait suffire. Mais la situation est différente, si l'on se rend chez le médecin et la salle d'attente est pleine. Cependant, il existe d'autres solutions: le parking du contournement, le parking de Cactus, le futur parking de la Grand-rue, le parking de la rue de l'Hôpital…*
*Comme l'a dit le bourgmestre, le règlement n'est pas gravé dans la pierre. Le collège échevinal est disposé à l'améliorer. Il se concerte avec les employeurs pour savoir comment résoudre les problèmes. L'objectif est de soutenir les employeurs sans pour autant chambouler le système permettant de disposer de places de stationnement dans le centre-ville. Il s'agit d'éviter que les automobilistes ne fassent 27 fois le tour du centre pour trouver une place avant de se rendre dans une autre commune. Quelle que soit la solution, l'objectif doit rester le même.*
*Le collège échevinal va expliquer une nouvelle fois le système et essayer de trouver une solution aux problèmes. Si le système doit être adapté, ce sera fait.*

Stonn. Dat heescht, wann een erëmkënnt, huet een nach ëmmer Zäit iwwreg.

Ech kann dat gären eng Kéier nokontrolléieren. Ech muss éierlech soen, dass ech deen Zeenario selwer net getest hunn. Duerfir kann ech just soen, wat eis Servicer soen. Déi soen, dat wär net esou. Ech ginn awer trotzdeem emol eng Kéier selwer kontrolléieren a kucken. Wann et esou wier, géife mer et änneren. Well dat war net de Sënn vun der Saach. De Sënn war, annerhallef Stonn moies ze hunn an annerhallef Stonn mëttes ze hunn. An eben all Kéiers déi hallef Stonn gratis. Et war net esou, dass wann een déi hallef Stonn gratis hëlt, dann duerno iwwerhaapt net méi géif e Parkticket kréien. Dat war net am Sënn vum Reglement.

(Ënnerbriechung duerch den Här Meisch)

Jo, ech hat dat och schonn héieren. Ech hat eis Servicer du gefrot. A si hu mer du confirméiert, et wär net esou. Ech mengen, ech gi selwer probéieren an da kréie mer Gewëssheet. Ech kann Iech awer soen, dass wann et esou wär, ass et e Programmatiounsfeeler. Da musse mer deen natierlech behiewen.

Déi annerhallef Stonn, sot Dir, geet net duer. Dat ass natierlech ëmmer schwéier ze soen. Ech géif soen, fir de Gros vun de Saache muss et duergoen. Well op där enger Säit sot Der jo fir d'Geschäfter. Fir d'Geschäfter – dozou zielen ech emol déi méi klassesch Geschäfter, wou een eppes kafe geet wéi eng Epicerie, e Bäcker, e Metzler an esou weider –, geet et duer. Och fir an d'Apdikt ze goen, geet et duer. Wann een elo bei den Dokter geet an de Wartesall ass voll, ass et natierlech e bëssen en aneren Zeenario. Mä dann hu mer jo an Déifferdeng nach aner Méiglechkeeten, wou een e bësse méi laang ka parken an déi och net allze wäit ewech sinn.

Et gëtt de Parking Contournement, wann een an deem Eck iergendwou ass. Et gëtt de Parking beim Cactus, ouni elo hei Reklamm wëllen ze maachen. Do ass och e Parking, wann ee vun deem Eck an Déifferdeng ass. A mir kréien – deen ass nach net do – e grousse Parking an d'Groussstrooss, wou een och méi laang parke kann.

An der Groussstrooss ass am Moment schonn e klenge Parking an an der Rue de l'Hôpital och, déi payant sinn, wou ee méi laang ka stoen. Et gëtt deemno Alternativen. Och hei uewe bei der Gemengeplaz, kann ee méi laang stoen.

Wéi den Här Buergermeeschter seet, mir hunn dat Reglement hei gemaach – mir hunn dat och gesot gehat, wéi mer d'Reglement virgestallt hunn – an dat ass net a Steen gemeesselt. Wa mer mierken, dass e Feintuning muss gemaach ginn no lénks oder no riets, maache mer dat.

Mir sinn a Gespréich mat de Patronen, déi Leit hei astellen an déi eis Saache soen, wou mer am Gaang sinn, ze iwwerleeën, wéi mer dat kënne léisen. Mir hu scho verschidde Modeller ausgerechent. Mir gi mat hinnen op e Wee, fir d'Mobilitéit zu Déifferdeng ze änneren, ouni awer eis Kär-Iwwerleeung op d'Kopp ze geheien. Nämlech, mir wëllen, dass an Déifferdeng zumindest am Zentrum d'Parkplazen dréien, dass een eng Parkplaz fënnt. Dass een net muss 27-mol ronderëmfueren an awer keng Parkplaz fënnt an da schlussendlech seet, ech ginn an eng aner Gemeng akafen. Dat wëlle mer net. Dat Zil musse mer eis ëmmer virun Aen halen, egal u wat fir enger Schrauf mer dréien, dass mer dat awer ëmmer nach behalen.

Mä fir all déi aner Saachen, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, maache mer eng Biergerversammlung, fir nach eng Kéier e puer Saachen ze erklären an de Bols ze fille bei de Leit, wat déi konkret Punkte sinn, wou et happert a mat wat fir enge Léisungen een et ka maachen, ouni de System iwwer Bord ze geheien. Dat maache mer. An da komme mer mat Adaptatiounen, wa se néideg sinn, hei an de Gemengerot.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, d'Meenung vun der LSAP kennt jiddwereen. Fir eis ass dat premeditéiert. Et hätt een d'Konzept misste bis zum Enn duerch-

denken, wann ee seng Parkingen all färdeg huet.

Wat d'Kuerzzäitparken ugeet, si mer am viregte Schäfferot op de Wee gaangen, fir déi Parkingen ausserhalb der Stad ze maachen, wou een eng Véierelsstonn ka stoe fir bei de Bäcker, bei de Metzler an déi kuerz Saachen. Dat huet och formidabel geklappt. Déi Parkingen op deenen zwou Plazen, wou mer se hunn, klappe formidabel, wou d'Leit akafe ginn.

Mir fannen, datt déi Zäit fir dat anert am Zentrum e bëssen onglécklech ass an net esou fonctionnéiert, well d'Alternativen nach net do sinn. Dat Parkhaus um Contournement entsteet. Ech wëll drop opmierksam maachen, datt déi lescht Nisch och elo zougaangen ass an datt den Auchan elo seng Parkingen zougemaach huet a payant mécht.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Vu wéini un?

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Well elo Barrièren dra sinn. Dat war d'Alternativ, wou d'Leit geflücht sinn, well een do gratis stoung. Munchmol hu si dat gemierkt, wou keen am Geschäft war an d'Parkingen ënnena ware voll. Dat ware lauter Leit, déi schaffe gaange sinn oder an den Zentrum komm sinn. Déi Alternativ ass elo zou. Dat kënnt elo nach dobäi.

Ech mengen, datt een dat Ganzt nach eng Kéier sollt op de Leescht huelen, nach eng Kéier driwwer kucken an no Possibilitéite sichen, déi machbar wieren. Well dat do kënnt eise Geschäftsleit am Zentrum net grad zu Paass. Soudatt mer aner Méiglechkeete kréien. Wann Alternative genuch do sinn, ass dat machbar. Mä déi sinn de Moment nach net do. Ech hunn dat e bësse verfréit fonnt.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Madamm Rausch-Brassel Christiane.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen an Dir Hären, Här Buergermeeschter, ech hunn d'lescht Woch verschiddene Kolleegen, Gemengeconseillere gesot, wat ee feststellt. Am Zentrum vun Déifferdeng si mëttlerweil Parkplazen. Dat war net ëmmer de Fall, kann ech soen. Ech wunnen do.

Dat anert, wat ech soe wëll, Här Bertinelli, ass déi Iddi, d'Autoen aus dem Zentrum ze kréien a Parkplazen ze hu fir déi Leit, déi wëllen akafen. Well mer jo ëmmer de Problem hunn am Zentrum. Ech wëll just zwou Saachen erwänen. Virun zwanzeg Joer hunn ech an der Stad Schoul gehalen. Virun zwanzeg Joer sinn ech schonn aus der Schoul um Lampertsbierg gelaf an aner Proffen och, fir hire Parkticket anzegeheien. Ech schaffen an der Stad. An entweder ginn ech an e Parkhaus parken, wou ech 15 bis 20 Euro den Dag bezuelen oder ech ginn op de Glacis. A wann net, fueren ech mam Zuch. Well et an anere Stied och keng aner Méiglechkeete méi gëtt.

Ech wëll Déifferdeng net schlecht rieden, wat dee Parksystem do ugeet. Well wann een ënnerwee ass an et brauch een eng Parkplaz, bezilt een, egal wou een ass.

(Ënnerbriechung)

An et gëtt der hei zu Déifferdeng an alle Richtungen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hat eng Fro ugemellt.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *estime que le point de vue des socialistes est connu. Le collège échevinal aurait dû mettre en place le concept une fois les parkings terminés.*
*Fred Bertinelli rappelle que le collège échevinal précédent a aménagé des emplacements limités à un quart d'heure en dehors du centre pour permettre aux gens d'aller chez le boulanger ou le boucher. Cela fonctionne parfaitement.*
*Dans le centre-ville, la limitation du temps de stationnement ne fonctionne pas comme il faut parce que les alternatives ne sont pas encore là. Le parking du contournement n'est pas encore construit et Auchan va fermer ses parkings et les rendre payants.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à partir de quand.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que des barrières ont été installées. Parfois, on remarquait que le parking d'Auchan était plein alors qu'il n'y avait personne dans le centre commercial. Il s'agissait des voitures de gens travaillant à Differdange. Dorénavant, ce ne sera plus possible.*
*Fred Bertinelli estime qu'il faut revoir le système, car il n'aide pas les commerçants du centre. Il faut d'abord prévoir des alternatives.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *peut confirmer que désormais, il y a des places de stationnement dans le centre-ville. Elle y habite.*
*L'autre point important consiste à sortir les voitures du centre-ville pour qu'il y ait des places pour les clients des magasins. Il y a vingt ans, Christiane Brassel-Rausch enseignait à Luxembourg-ville. Elle était obligée de sortir de l'école et de courir au Limpertsberg pour prendre des tickets de stationnement. Quelqu'un qui travaille à Luxembourg-ville a trois possibilités: soit il paye 15 € ou 20 € par jour dans un parking, soit il se gare au Glacis, soit il prend le train.*
*C'est pourquoi Christiane Brassel-Rausch ne veut pas dire du mal du système differdangeois. Peu importe où on se trouve, il faut payer pour se garer.*
*(Interruption)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ne comprend pas bien si une discussion est censée être menée au sujet des parkings. En tout cas, il ne s'y est pas préparé puisqu'il s'agissait d'une simple question de M. Meisch.*
*Gary Diderich peut-il poser sa question ou bien la discussion va-t-elle se poursuivre?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *confirme qu'une question a été posée et en principe, il laisse tout le monde s'exprimer. Les conseillers communaux ayant pris la parole ont réagi à la question de M. Meisch. Si M. Diderich a quelque chose à dire à ce sujet, il n'a qu'à le faire. Roberto Traversini compte lui aussi s'exprimer à ce sujet. Ensuite, Gary Diderich pourra poser sa question. Le bourgmestre suppose que M. Meisch est content d'avoir obtenu toutes ces réponses.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *répond qu'il en est extrêmement content.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande qu'on lui cite une ville dans laquelle on peut se garer gratuitement pendant une demi-heure.*
*(Interruption)*
*Roberto Traversini estime que le système est important pour les commerçants. Le collège échevinal ne va pas céder parce que trois personnes crient. Il ne s'agit pas de renflouer les caisses communales —, peu importe le nombre de fois que cela est répété et écrit. Il s'agit de maintenir le centre-ville en vie.*
*Au cours des prochaines années, le collège échevinal essaiera de sortir davantage encore les voitures du centre-ville. Le centre doit appartenir aux habitants, aux enfants, aux cyclistes… On doit pouvoir s'y déplacer sans craindre de se faire renverser par une voiture.*
*Un centre-ville ne peut survivre que si l'on s'y sent à l'aise ou en sécurité.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rétorque qu'il n'a jamais parlé d'argent dans son intervention. Il n'a parlé que du système. Mais il aurait peut-être répondu la même chose.*
*(Rires)*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech weess elo net, ob mir hei eng Diskussioun féieren zu engem Punkt, deen net um Ordre du jour steet, well dorop sinn ech net preparéiert. Et war eng Fro vum Här Meisch. Ech wollt elo klären, ob ech meng Fro ka stellen, déi ech ugemellt hunn oder ob mer elo nach bei enger Diskussioun sinn, déi net virgesi war.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et war eng Fro gestallt ginn. Jiddwereen huet d'Wuert dozou gefrot, Här Diderich. Dir wësst ganz genau, datt ech am Prinzip jiddwereen ausschwätze loossen a jiddwerengem d'Wuert ginn. Si hunn op déi Fro vum Här Meisch reagéiert. Selbstverständlech, wann Der gär eppes dozou sot, kënnt Der och dozou schwätzen. D'Conseilleren hunn zum Thema geschwat an ech wäert och nach zum Thema schwätzen. An da kritt Der ganz gär d'Wuert, fir Är Fro ze stellen. An den Här Meisch ass bestëmmt extrem glécklech, datt en all déi Äntwerten op seng Fro kritt huet. Ass et net esou, Här Meisch?

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Extrem glécklech.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nennt mer eng Stad am Süden oder net am Süden, wou een eng Stonn matzen am Zentrum fir näischt parke kann? Nennt mer eng Stad, wou een eng hallef Stonn fir näischt parke kann?

(Ënnerbriechung)

Nee. Ech mengen, datt et wichteg ass fir eis Geschäftswelt. An ech mengen net, datt mir op dee Prinzip wäerte goen, well dräi Leit hei ufänke mat jäizen.

Ech widderhuelen: Et geet net drëm, fir d'Keess vun der Stad Déifferdeng ze fëllen. Dorëms geet et absolutt net. Och wa verschidde Leit dat schreiwen a soen. An nach eng Kéier: Dir kënnt et zéngmol schreiwen, wéi der wëllt. Dir kënnt et honnertmol soen, wéi der wëllt. Et geet net drëms, d'Keess vun der Gemeng opzefëllen. Et geet drëm, d'Liewen an der Stad ze behalen.

Mir wäerten an deenen nächste Joren, wann der de Koalitiounsaccord gutt gelies hutt, nach versichen, d'Autoe méi aus dem Zentrum ze kréien. Mir mussen den Zentrum erëm de Bierger, de Kanner, de Leit an de Vëloe ginn. Mir brauchen en Zentrum, wou ee sech ka beweegen, ouni ze fäerten, datt ee vum Auto iwwerrannt kënnt.

Dofir wäerte mer kucken, fir d'Autoen nach méi aus dem Zentrum ze kréien a verschidden aner Parkinge vläicht erëm vu 50 Cents op gratis ze maachen. En Zentrum ka just liewen, wann ee sech wuelfillt a wann ee sech sécher fillt, fir zu Fouss vun enger Plaz op déi aner ze kommen.

Här Diderich, Dir wëllt eng Fro stellen.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hat mat kengem Wuert a menger Fro d'Suen erwähnt. Ech hu vum System geschwat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et war awer gutt gesot, Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Jo. Ech hätt vläicht eppes anescht geäntwert.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, Dir hutt d'Wuert.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hunn eng Fro iwwert den Nardecchiastipp, souzesoen. Deen ass jo zwë-

sche Suessemer an Déifferdenger Terrain. Dee gëtt am Moment ofgedroen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt froen, awéiwäit mir do agebonne sinn als Gemeng. An ob do eppes virgesinn ass. Deen Tipp ass vis-à-vis vum Ronnebierg, wou een net 100% weess, wat do ëmmer higetippt ginn ass. Ass do eppes virgesinn, wann een do Saache géif entdecken, déi net dohinner gehéieren, wéi dann interveneiert gëtt? Wat dann do gemaach gëtt? Gëtt dat e bësse kontrolléiert? Superviséiert? A si mer do als Gemeng agebonnen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn dem Här Liesch d'Wuert. Mir haten do selbstverständlech e Kommodo, wéi dat alles muss gemaach ginn. Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Mir ware vun Ufank un agebonnen un d'Aarbechten. Schonn an der Planungsphas goufen x Varianten ausgeschafft, wéi een deen Nardecchia-Stëbs kéint vum Bierg kréien. Mir waren do vun Ufank u matagebonnen, no wéi engen Zeenarien dat sollt oflafen, a wéi engem Timing, dat sollt oflafen an och wéi dat sollt weidergoen. Dat heescht, an de Projet ware mer vun Ufank u matagebonnen.

Elo bei der Exekutioun si mer just esou wäit agebonnen, dass mer d'Rapporte kréien, wat an d'Decharge gefouert gëtt. Wéi bei all Buedembewegungen, musse Pabeiere virleien, wat um Camion ass a wou et higefouert gëtt. Souwäit ech awer an Erënnerung hunn, mä dat ass awer och schonn e bësse méi laang hier, sinn deemools Sondagë gemaach gi vun de Matièren, déi do waren. Also deen Nardecchia-Stëbs. Do war néierens rieds gaangen, dass do aner Stoffer gewiescht wären, wéi Dir elo vermutt, dass vum Ronnebierg eventuell Saache vläicht op déi Säit getippt goufen.

Den Accès war deemools e ganz aneren. Ech soen dat elo emol e bësse pauschal, mä vu dass de Ronnebierg jo fir jiddwereen op war, hat jo keen Interêt, fir eppes lénks oder riets an de Bësch ze tippen. Well et konnt een et eigentlech ganz normal op de Ronnebierg bréngen. Déi gréisste Sauereie sinn am Ronnebierg. Ech mengen net, dass do eppes aneschters ze fannen ass. Wann do awer elo eppes géif fonnt ginn, mengen ech, mussen déi Leit sur place reagéieren an da géife mer et am Rapport vläicht liesen. Mä fir de Rescht si mer als Gemeng ganz agebonnen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

De Stëbs selwer geet jo op d'Décharge historique?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, dee geet op d'Décharge historique, fir dass dee sech mam Klärschlamm bënnt, deen do läit. Et ass e Material, wat de Klärschlamm bënnt. Soudass doraus eng verfestegt Matière entsteet. Dat ass d'Zil dovunner, dass déi LDAC-Klärschlämm, déi do leien, déi jo bulliméisseg sinn, am Fong verfestegt ginn, duerch den Nardecchia-Stëbs.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Trajet war mat der Gemeng Suessem a mat eis ofgeschwat ginn. D'Haaptiddi war deemools an eng aner Richtung ze fueren. An do si mer eis awer eens ginn, datt et a Richtung Decharge geet, déi aner Säit.

Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hunn eng kleng Zousazfro un den Här Liesch. Souwäit ech weess ware mer mam Trajet net d'accord, datt se géifen iwwert d'Camionspist Déifferdeng fueren. Mëttlerweil begéinen ech awer ëmmer méi oft Camionen an Autoen, déi iwwer deen Trajet fueren an

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *a une question quant à la décharge Nardecchia située sur le territoire des communes de Differdange et de Sanem.*
*Il rappelle qu'elle se trouve en face du Ronnebierg et que l'on ne sait pas forcément ce qui y a été déversé. Qu'est-il prévu de faire si on y trouve des déchets qui ne devraient pas s'y trouver? Des contrôles sont-ils effectués? Que fait la commune?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il existe un commodo fixant ce qui doit être fait.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que la commune a été concertée dès le départ. Il existe de nombreuses variantes pour se débarrasser de la poussière en question. La Ville de Differdange a pris part à la planification du projet dès le départ. Actuellement, elle reçoit des rapports de ce qui est déversé dans la décharge.*
*À l'époque, on a aussi vérifié quels matériaux se trouvaient dans la décharge, mais on n'y a rien trouvé qui n'aurait pas dû y être. De toute façon, le Ronnebierg était ouvert à tout le monde. Par conséquent, toutes les saloperies y étaient déversées librement. Personne n'avait intérêt à déverser des déchets dans la forêt. Dans le cas contraire, cela devrait figurer dans le rapport.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si la poussière est déversée sur la décharge historique.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que oui. La poussière se lie à la boue d'épuration pour créer un matériau solide.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le trajet a été décidé avec la commune de Sanem.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *croit savoir que la commune ne voulait pas que l'on passe par la piste de camions de Differdange. Or il y voit de nombreux camions et de nombreuses voitures. Il explique alors aux chauffeurs qu'ils doivent passer par la barrière.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *réplique que la barrière est fermée.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rétorque qu'elle ne l'était pas. Il voit toujours plein de véhicules sur ce site. (Interruption)*
*Fred Bertinelli précise qu'il s'agit de camions et de voitures.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal vérifiera cela.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répète qu'ils ne doivent pas passer par cette route.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *raconte qu'une fois, il a suivi les camions, car la situation est dangereuse. Il trouve que les camionneurs roulent trop vite. Les gens qui se promènent à cet endroit ont surement peur.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond qu'ils roulent en direction de Belvaux.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *précise qu'ils passent par Belvaux pour ressortir à Oberkorn derrière le pont des chemins de fer.*
*Comme l'a dit M. Bertinelli, ils passent par la piste de camions pour arriver à la décharge Nardecchia. Il s'agit de 100 ou 150 m.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répète que le collège échevinal vérifiera cela.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *informe le conseil communal que le syndicat intercommunal du SIDOR se réunira le 8 octobre.*
*Les bénéfices pour 2018 devraient se monter à 42 millions d'euros. Le SIDOR n'augmentera pas ses tarifs en 2019.*
*Ali Ruckert tenait à en informer le conseil communal avant un éventuel débat sur l'augmentation des taxes.*
*(Rires)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *plaisante sur le fait qu'à l'avenir, la commune se fera représenter par M. Ruckert dans tous les syndicats. Il rappelle que l'année dernière déjà, la commune s'était vu rembour-*

net grad lues. Ech probéieren dann ëmmer ze soen, datt se mussen iwwert d'Barrière fueren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Déi ass zou.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Déi war net zou, déi ganz Zäit. Déi war op. Ech gi relativ vill dohin. Do kommen oft Gefierer entgéint. Do misst een intervenéiere vläicht beim Fierschter.

(Ënnerbriechung)

Autoen a Camionen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat no.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Datt se net iwwert deen dote Wee fueren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat war och just eng Fro vum Här Diderich. Mir wäerten déi awer nach beschwätzen, Här Diderich.

Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech war wéini eng Kéier deene Camionen eemol nogefuer, well et fir d'Leit mëttlerweil ugefaangen huet, geféierlech ze ginn, déi dorop spadséiere ginn. Déi kommen do esou schnell erofgefuer. Menger Meenung no ze schnell. Do komme sechs Camionen hannerteneen à plein tube. Leit déi do spadséiere ginn, déi mussen Angscht hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mä déi fueren awer Richtung Bieles.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Déi kommen iwwer Bieles, fir uewen hannert der Uewerkuerer Eisebunnsbréck eraus ze kommen. Mä déi komme relativ schnell do erof.

Zum Fred senger Fro, déi fueren en Deel iwwert d'Camionspist, bis se op där Plaz sinn, fir op den Nardecchiastipp ze kommen. Dat ass eng kuerz Streck. Dat sinn 100 oder 150 Meter.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat no. Den Här Liesch seet eis d'nächste Kéier Bescheed.

Här Ruckert, ganz gären.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech wollt am Fong dem Gemengerot eng Informatioun ginn. Den 8. Oktober hat den interkommunale Syndikat SIDOR, wou ech d'Gemeng Déifferdeng vertrieden, eng Sitzung. An do ass festgehale ginn, dass viraussiichtlech fir d'Joer 2018 e Gewënn vun 42 Milliounen Euro gemaach gëtt. An dass d'Tariffer vum SIDOR fir 2019 net erhéicht ginn. Ech wollt dat awer hei matdeelen, dass de Gemengerot doriwwer am Bild ass, wann eventuell iwwer Taxenerhéijungen diskutéiert gëtt.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, ech mengen, an Zukunft schécke mer Iech an all d'Syndikater. D'lescht Joer hu mer e puer Milliounen erëmkritt. Dëst Joer maache mer e Benefice. Ech froe mech, wéi Der dat maacht.

Op alle Fall villmools Merci, Här Ruckert, fir déi Informatioun. Dat ass natierlech gutt ze héieren. A mir wäerten d'nächst Joer dann d'Poubellen net an d'Luucht setzen.

Merci un déi zwee vun den Zeitungen. Déi nächst Sitzung ass am November, wann ech mech net iren.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

An da komme mer zu der Netëffentlecher.

*ser quelques millions. Comment M. Ruckert fait-il?*
*Roberto Traversini remercie M. Ruckert pour l'information. Le collège échevinal n'augmentera pas les taxes sur les poubelles l'année prochaine.*
*La prochaine séance du conseil communal aura lieu en novembre.*

# Seniorefuesbal




11/03/2019 ♡ 15h - 19h

Hall polyvalent La Chiers

Entrée: 5€

★ E flotte Kado fir de schéinste Bok! ★

Organiséiert vun:

Ville de Differdange
Commission des seniors

clubsenior Pollerzebierg

SERVIOR
Servior Niederkorn